Au cours des débats sont intervenus des représentants du monde politique, scientifique, militaire et industriel. Il faut noter aussi que notre collègue, M. Charles Goerens, a également pris la parole en tant que rapporteur sur le point «PESD: développements politiques».

À l'issue du colloque l'Assemblée a adopté le message susmentionné qui s'adresse aux Chefs d'État et de gouvernement et qui sera transmis à M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, à M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, à M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Défense, et à M. Nicolas Schmit, Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration.

5. Par lettre du 30 janvier 2007 le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre des Députés le texte des documents adoptés au cours de la période de session du 11 au 14 décembre 2006:

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion, au nom de la Communauté européenne, d'un arrangement entre la Communauté européenne, la République d'Islande et le Royaume de Norvège sur les modalités de la participation de ces États aux activités de l'Agence européenne pour la gestion de la coopération opérationnelle aux frontières extérieures des États membres de l'Union européenne;

- résolution sur le programme législatif et de travail de la Commission pour 2007;

- résolution sur le sommet UE-Russie qui s'est tenu à Helsinki le 24 novembre 2006;

- résolution sur la communication de la Commission sur la stratégie d'élargissement et les principaux défis 2006-2007;

- résolution sur les aspects institutionnels de la capacité de l'Union européenne à intégrer de nouveaux États membres;

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion de l'accord entre la Communauté européenne et la République du Paraguay sur certains aspects des services aériens;

- position sur la proposition de décision du Conseil autorisant la conclusion de l'accord visant à reconduire et modifier l'accord relatif aux activités de recherche et de développement dans le domaine des systèmes de fabrication intelligents entre la Communauté européenne et l'Australie, le Canada, les pays AELE de Norvège et de Suisse, la Corée, le Japon et les États-Unis d'Amérique;

- recommandation à l'intention du Conseil sur l'évolution des négociations sur la décision-cadre sur la protection des données dans le cadre de la coopération policière et judiciaire en matière pénale;

- déclaration écrite sur les substances actives en pharmacie (ayant recueilli les signatures de la majorité des membres qui composent le Parlement).

Par lettre du 7 février 2007 il lui a encore fait parvenir le texte des documents adoptés au cours de la période de session du 15 au 18 janvier 2007:

- position sur le projet de décision du Conseil concernant la conclusion de l'accord modifiant l'accord de partenariat entre les membres du groupe des États d'Afrique, des Caraïbes et du Pacifique, d'une part, et la Communauté européenne et ses États membres, d'autre part, signé à Cotonou le 23 juin 2000;

- résolution sur les septième et huitième rapports annuels du Conseil, présentés conformément au point 8 du dispositif opérationnel du Code de conduite de l'Union européenne en matière d'exportation d'armements;

- résolution sur le programme d'action européen pour la sécurité routière - bilan à mi-parcours.

## 2. 5672 - Proposition de révision de l'article 9, alinéa 1<sup>er</sup> de la Constitution

### 5673 - Proposition de révision portant création d'un article 32bis nouveau de la Constitution

#### Déclaration de recevabilité

An hîrer Réunioun vum 8. Februar huet sech d'Presidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vun zwou Propositions de révision de la Constitution ausgeschwat. Et handelt sech ëm de Virschlag 5672 vum honorabelen Här Meyers iwwert den Artikel 9 vun der Verfassung an de Virschlag 5673 vum honorabelen Här Bodry iwwert d'Schaffung vun engem neien Artikel 32bis.

Schléisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Presidentekonferenz un?

#### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

## 3. Rôle des affaires

Op Ufro vun der Regierung huet d'Presidentekonferenz sech ebenfalls derfir ausgeschwat, de Projet de règlement grand-ducal 5081 iwwer eng finanziell Bâihëllef beim Energiespuere vum Rôle ze strächen, well en an der Zwëschenzäit géigestandslos ginn ass.

Ass d'Chamber heimat averstanen?

#### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

## 4. Ordre du jour

Wat den Ordre du jour vun dëser Woch ubelaangt, krut Der dee matgedeelt.

Mir hunn haut de Mëtteg:

- fir d'éischt de Projet de loi iwwert d'Organismes de placement collectif;

- dann eng Froestonn un d'Regierung;

- duerno hu mer de Projet iwwert d'Duerchsiche vum de Gefierer

- a schlussendlech eng Question avec débat vum Här Goerens iwwert de Sëtz vum Europaparlament zu Stroossbuerg.

Mar steet op eisem Ordre du jour:

- en Ofkommen tëschent den AKP-Länner an der Europäescher Unioun;

- de Projet de loi iwwert d'Cours de formation professionnelle

- a schlussendlech nach Ännerungsvirschléi vun eisem interne Reglement.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

#### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

#### (Interruptions)

Den Här Wagner fir d'éischt, dann den Här Mehlen. Här Wagner!

## 5. Dépôt d'une proposition de loi

))) **M. Carlo Wagner (DP)**.- Här President, ech wollt mer erlaben, fir eng Proposition de loi ze déposieren.

Här President, Dir Damm an Dir Hären, och wa mer dëst Joer vun de klimatesche Konditiounen hei am Land relativ verwinnt gi sinn, esou hu mer dach awer genau déi lescht Woch en Donneschdeg gesinn, wéi am Eislek Schnéi gefall ass, dass et do zu enger ganzer Rei vun Accidenter komm ass, dass och Autoen, déi mat Summerneuen équipéiert waren, a Camionen d'Stroosse blockéiert hunn, esou dass ech doropshi wëll eng Proposition de loi maache modifiant l'article 17bis de la loi du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques.

Et geet hei net drëm, fir d'Leit ze obligéieren, fir Wanterpneuë mussen opzeleeën, mä déi Proposition de loi hei orientéiert sech un der Däitscher Gesetzgebung.

- Proposition de loi N°5682 portant modification de la loi du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques

Ech soen Iech Merci.

))) **Plusieurs voix**.- Très bien!

))) **M. le Président**.- Merci, Här Wagner. Déi Proposition de loi kënn an d'Presidentekonferenz, fir datt mer kucken, ob se recevabel ass. Duerno muss d'Chamber dat bestätegen, an da geet se un déi zoustänneg Gremië weider.

Den honorabelen Här Mehlen.

## 6. Dépôt d'une motion par M. Robert Mehlen

))) **M. Robert Mehlen (ADR)**.- Merci, Här President. Ech froen d'Wuert fir eng deelweis Modification de l'ordre du jour ze maachen, an deem Sënn, datt ech wëlles hunn Iech eng Motioun eranzebréngen, an zwar eng Motioun, déi sech un de Premierminister riicht. Mäi Fraktiounskolleeg Gast Gibéryen an ech hu mam Datum vum 4.8.2006, wéi dat villt Gespréich ëm de Gréngewald war, eng schrëftlech Question un de Statsminister gericht, fir alle Rumeuren en Enn ze setzen a Kloerheet an där ganzer Diskussioun ze schafen.

Dir, Här President, schéckt regelméisseg e Rappel eraus, datt déi Froen, déi en suspens sinn, misse beäntwert ginn. Dat hei ass nach déi eenzeg aus där viregter Sessioun, obschonn datt d'Reglement dem Minister seet, wann hie sech net an der Lag gesäit am Délai ze äntweren, da kann hie mat Indikatioun vun den Ursachen en Délai supplémentaire ufroen.

Et kënn einfach keng Äntwert. D'Rappellé ginn eraus an et geschitt näischt. De Statsminister ignoréiert einfach d'Chamberreglement. Hien ignoréiert d'Rappellé vum President vun dëser Chamber, an duerfir fanne mir, mir sollen där Ignorance do net méi weider nokucken. D'Chamber soll hien opfuere, hie soll wann ech gelift schrëftlech äntweren.

Ech erënnere mech drun, datt de Statsminister, wéi hie Statsminister ginn ass, heihinner komm ass an ugekënnegt huet, hie géif regelméisseg hei engem Deputéierte wëlle Froe stelle kommen. Mir wäred scho frou, Här President, wann hien op déi schrëftlech Froen, déi d'Deputéierten him stellen, an deem Délai géif äntweren, deen eist Reglement virschreift. Ech hunn zwar nëmmen eng Ennerschrëft ënnert der Motioun, mä do kommen der nach no.

#### Motion

La Chambre des Députés,

- considérant que la question parlementaire N°1220 du 04.08.2006 des Députés Robert Mehlen et Gast Gibéryen concernant «Trans-actions entre domaine de l'État et domaine de la Cour grand-ducale - Grünwald», adressée à Monsieur le Premier Ministre, est restée sans réponse jusqu'à ce jour;

- considérant que le Règlement de la Chambre des Députés, stipulant dans son article 76 (3) que: «Si le Ministre compétent n'est pas en mesure de fournir sa réponse dans le délai prescrit, il en informe le Président de la Chambre tout en indiquant et les raisons d'empêchement et la date probable de la réponse» n'a pas été respecté;

- considérant que les nombreux rappels de Monsieur le Président de la Chambre des Députés, adressés à Monsieur le Premier Ministre ont été ignorés jusqu'à ce jour;

- considérant que ce comportement envers les représentants du peuple n'est pas digne d'un Chef de Gouvernement;

invite le Premier Ministre

- à se conformer au Règlement de la Chambre des Députés, et

- à répondre par écrit dans les meilleurs délais à la question parlementaire N°1220.

(s.) Robert Mehlen.

))) **M. le Président**.- Merci, Här Mehlen. Mir wäert gesinn, wéini mer déi Motioun do op den Ordre du jour huelen.

Den Här Minister Frieden freet d'Wuert.

))) **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice**.- Här President, ech géif gären am Numm vun der Regierung soen, datt et absolut net stëmmt, datt d'Regierung respektiv de Statsminister géif d'Chamber hei net respektéieren, andeem hie Froe géif esou bewosst net beäntweren. Déi Fro, déi net beäntwert ginn ass, an op déi den Här Mehlen Referenz mécht, nämlech déi vu sämtlechen historeschen Transaktiounen betreffend de Gréngewald, huet an de Statsminister eng enorm Aarbecht vun Nofuerschung mat sech gezunn. Et ass heiansdo net méiglech an deem Délai, deen am Reglement steet, bei esou enger Zort Fro déi Äntwerten ze fannen.

Ech weess, datt déi Aarbechte quasi ofgeschloss sinn, esou datt déi Äntwert elo kann an d'Chamber kommen. Mä et ass net einfach, wann ee muss an Zäiten nosiche goen, wou dat net alles onbedéngt mat deenen nämlechte modernen Instrumenter klaséiert ginn ass, wéi dat haut de Fall ass. Do wéinst muss dat méi laang daueren.

Ech wëll hei ausdrécklech soen, datt et a kengem Moment de Wëlle vum Statsminister war, einfach aus Mangel u Respekt virum Parlament - well de Géigendeel ass de Fall - déi Fro net ze beäntweren. Duerfir wäert déi Äntwert kuerzfristeg kommen. Mä d'Ursache waren, wéi gesot, gréisser Recherchen, déi dat verlaangt huet.

))) **M. le Président**.- D'Madame Flesch huet d'Wuert gefrot. Zu wat, Madame Flesch?

))) **Mme Colette Flesch (DP)**.- Jo, Här President, zu där dote Fro après Ministre. De Minister huet eng Explikatioun ginn, déi mer net wëlle vun der Hand weisen. Nach verstinn ech net, woufir de Statsminister net Gebrauch gemaach huet vun deenen Dispositiounen, déi an onsem Chamberreglement sinn, dass hien en Délai supplémentaire gefrot huet an d'Ursachen ugefouert huet, woufir hien ee Besoin hätt un deem Délai supplémentaire. Also, toute lettre mérite réponse et toute question mérite réponse, même si elle est temporaire, transitoire et intérimaire!

))) **Une voix**.- Très bien!

))) **M. le Président**.- Also, ech kennen d'Problematik vun där doter spezifischer Question parlementaire. Ech hunn den Dossier awer net auswenneg am Kapp, wat alles geschitt ass. Ech weess, dass ech Rappelé gemaach hat, mä ech denken, dass d'Regierung ugefrot huet. Madame Flesch, dat, wat Dir...



**(Interruption)**

Ass an dëser Affär keen Délai supplémentaire ugefrot ginn? Mir checken dat no, well normalerweis soubal d'Regierung mierkt - an heiansdo wunnert et eis, datt et esou fréi kënn - datt se net kann am Délai äntweren, kréie mer awer d'Demande fir Prorogation de délai. Ech kucken dat direkt no, an ech soen lech wat dann d'Äntwert war.

Sou! Mir kommen elo zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg. Den honorabelen Här Thiel ass Rapporteur vum Projet de loi iwwert d'Organismes de placement collectif. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

## 7. 5616 - Projet de loi relative aux fonds d'investissement spécialisés et portant

**- modification de la loi modifiée du 20 décembre 2002 relative aux organismes de placement collectif**

**- modification de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée**

### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

» **M. Lucien Thiel** (CSV), rapporteur.- Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, de Projet, iwwert dee mer haut ze befannen hunn, ass wuel schonn eleng dofir eppes Besonnesches, well et sech ausnahmsweis emol net eng Kéier ëm d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv handelt. Dës Kéier ass et Hausmaacherkascht.

Doriwwer eraus ass de Projet gläich an duebeler Hinsicht vu Bedeutung: Engersäits verbreedert hien den Aktiounsradius vun eiser Finanzplaz, déi jo net ganz onschëlleg un eisem Wuelstand ass, an anerersäits knäpft de Projet erfreescherweis un déi Innovationstraditioun un, mat där déiselwech Finanzplaz grouss an erfolgräich ginn ass.

Här President, ronn een Drëttel vun eisem Finanzgeschäft geet haut op de Kont vun den Investmentfongen. Mir hunn elo ëm déi 2.300 OPCen - dat ass den technesche Begrëff, Organismes de Placement Collectif - bei eis domiciliéiert, déi gutt 1.800 Milliarden Euro verwalten, also net grad eng Klenggeheet, well dat ass ëmmerhin dat 200facht vun eisem Statsbudget oder 60-mol dat, wat an engem Joer an deem Land erschafft gëtt.

Et geet bei deemem Projet drëm, d'Fongen an en neie gesetzleche Kostüm ze kleeden. Natierlech een, an deem se nach besser ausgesinn an domat nach méi attraktiv fir d'Clientë ronderëm d'Welt ginn.

Iwwert dës direkt a vierdergrënneg Bedeutung eraus, kënn dem Projet awer och eng méi generell Bedeutung zou, well et sech emol erëm eng Kéier ëm eng regelrecht gesetzlech Offensiv handelt, mat där mir versichen, d'Virleeferroll an engem bestëmmte Beräich ze iwwerhuelen an eis virun der Konkurrenz ze positionéieren. Déi decidéiert Virgehensweis - op Neilëtzebuergesch géif een dat wuel nennen: déi proaktiv Démarche - huet eis Finanzplaz an der Vergaangenheet méi wéi eng Kéier no vir bruecht a bleift och op Weideres eent vun hiren Erfolgsrezepten.

Dat bescht Beispill fir déi Zort vun offensiver Strategie huet jo grad d'Fongenindustrie geliwert, andeem mir bekanntlech d'Nummer zwee weltwäit an d'Nummer eent an Europa sinn. Wa mir deemools net virun d'Kar gelaf wären, wéi mer 1988 virun allen aneren déi Direktiv ëmgesat hunn, déi den europäesche Pass fir d'OPCen agefouert huet, da wärem mir haut net do, wou mer sinn. Wéi ee gesäit, et rentéiert sech nun eben, wann ee virun deenen aneren op ass.

Dat Gesetz vun 1988, dat sech allgemeng mat den Investmentfonge befaasst, gouf 1991 duerch en anert compléiert, dat sech nëmmen op déi sougenannt institutionell Uleeër bezunn huet, also op professionell Verméigensverwalter am Optrag vun

Institutionen, wéi zum Beispill d'Gestionnaire vun Assurancen oder vu Pensiounsfongen. D'Gesetz vun 1988 gouf 2002 duerch eng nei Versioun ersat, a seng Lafdauer gouf deemools op den 13. Februar 2007 limitéiert. Kuckt op Äre Kalenner!

Wann awer elo d'Gesetz vun 1991 fir déi institutionell Uleeër sech streckeweis op dat vun 1988 berëfft, fanne mir eis an der Situation erëm, datt och dat Gesetz vun 1991 op den Dag genee vun haut un net méi géllt an dofir et héich Zäit ass, datt et ersat gëtt. Dat Ganzt gesäit elo vläicht e bësse verwuerelt aus, mä eigentlech geet et blouss ëm zwou verschidde Saachen aus darselwechter Famill, nämlech ëm zwou Zorten Investmentfongen.

D'Gesetz vun 2002, mat deem déi sougenannt UCITS-3-Direktiv ëmgesat gouf - ech entschëllege mech: UCITS ass den englesche Begrëff vun OPC an heescht Undertakings for Collective Investment in Transferable Securities; also fir einfach Saachen och heiansdo komplizéiert auszedrücken -, also dat Gesetz, dat UCITS-Gesetz vun 2002, dat d'Basisgesetz vun 1988 ofgeléist huet, ass méi op de Regelfall fokusséiert, dat heescht op den normalen Investor, dee seng Erspuerner a Fongen uleet an den domat am Prinzip engem oder méi Fongeverwalter seng Suen uvertraut.

Et läit dofir op der Hand, datt an deem Gesetz d'Gewicht op d'Protektioun vun Uleeër, also vum Konsument an deemem Fall geluecht gouf, an dat wuel zu Recht, well et kënn nach ewell haut souguer vill ze dacks vir, datt Klengspuerer vu Finanzjongleuren iwwert den Dësch gezu ginn, déi hinne phomeenal Revenuë versprochen, ouni se op där anerer Säit op d'Risiken hinzewiesen, déi eventuell mat deem versprachene Bommesgeschäft verbonne sinn.

Nieft dem Gesetz iwwert déi sougenannt Publikumsfongen, also déi Fonge fir den Normalstierflechen, hate mir vun 1991 un do dat extra Gesetz fir institutionell Uleeër, eben dat Gesetz, dat mir haut duerch en neit ofléisen. Et huet sech vun deem normale Fongegesetz haaptsächlech do duerch ënnerscheet, datt et den institutionellen Investisseuren eege Regele fir hir Investmentaktivitéit ginn huet, déi dem Ëmstand, datt et sech hei ëm Profien handelt, Rechnung gedroen hunn.

Mat der Zäit ass de gesetzleche Kostüm vun 1991 deenen institutionellen Acteuren awer ze kleng an ze eng ginn, wéi déi sëllech nei Investmentméiglechkeeten, déi derbannst entstanen waren, net méi esou richtig dra gepasst hunn. Dofir, an och well dat aalt Gesetz souwisou, wéi gesot, ausgelaf wär, ass dunn decidéiert ginn, en neit ze maachen, dat allen heitegen Ufuerderunge gerecht gëtt an dat zu engem gudden Deel och schonn dat virewechhëlt, wat d'Bréisseler Kommissioun kierzlech an engem Wäissbuch uklänge gelooss huet, nämlech en neie Reglements-kader fir déi Fongen, déi fir d'Profie reservéiert sinn.

Wat ännert dann elo dat neit Gesetz par rapport zu deem alen? Éischters féiert et eng nei Notion un, déi vum Investisseur averti, déi deen alen an e bëssen enke Begrëff vum institutionellen Uleeër ofléist. Zweetens erweidert d'Gesetz d'Lëscht vun de Produkter, déi fir déi avertéiert Uleeër reservéiert sinn an déi vun elo un d'Etikett Fonds d'Investissement Spécialisés, an der Ofkierzung FIS, kréien. An drëtten mécht d'Gesetz den Encadrement an d'Kontroll fir d'Profien e bësse méi labber, fir datt déi méi Spillraum an hirer Aktivitéit hunn.

Aus deem alen, enk gefaasste Begrëff vum Investisseur institutionell gëtt also elo en Investisseur averti, woumat d'Dier e gutt Stéck méi wäit opgeet. Elo sinn et net nëmmen méi déi Uleeër, déi als Firma oder als soss eng Institution untrieden, déi Zougang zu deem reservéierte Fongebereich hunn. Et geet duer, datt ee sech als Averti deklaréiert an op d'mannst 125.000 Euro am Grapp huet, fir unzeleeën, a schonns steet engem d'Dier zu deem exklusive FIS-Club op. A wann een déi 125.000 Euro net sollt hunn, da kann ee sech nach ewell zu deem Club zielen, well ersatzweis kann e Finanzprofi, wéi zum Beispill eng Bank, engem certifiéieren, datt een déi néideg Viraussetzung matbréngt, fir als Investisseur averti gëllen ze kënnen.

Eemol dobannen an deem sélectë Club, steet engem d'ganz Fongepalett op. Ugefaange bei den Immobiliefongen, déi neiendéngs ëmmer méi gefrot sinn, iwwert déi Private-Equity-Fongen, déi den däitsche Vizekanzler, den Här Müntefering, emol eng Kéier als verfroossen Heespräenger verdäwelt huet, bis zu den alternative Fongen, mat un hirer Spëtzt deene berüchtigten Hedge-Fongen, déi de Finanzsüchtger an och souguer de Finanzpolitiker uechtert d'Welt esou vill Kappzerbrieches maachen,

well si se net esou richtig an de Grëff kréien.

Dat ass deen ee Virdeel vum Investisseur averti, datt hie seng Suen egal wou uleeën an domat quasi onbegrenzt spekuléiere kann.

Deen anere Virdeel besteet doran, datt hien dat zimlech ongehënnert maache kann, well seng Aktivitéit am Ënnerscheed zu där vum normalen Uleeër vill manner streng vun der zoustänneger Autoritéit, an eisem Fall ass dat d'CSSF, d'Commission de Surveillance du Secteur Financier, regléiert a kontrolléiert ass.

Iergendwéi mécht dat jo och Sënn. Wann net jiddereen, mä nuren deen, deen als Investisseur averti qualifizéiert ass, an e spezialiséierte Fong investéieren däerf, da muss ee jo dovun ausgoen, datt déi Zort vun Uleeër weess, op wat si sech aléisst. Am Contraire zum normalen Uleeër, bei deem d'Gesetz den Akzent op d'Protektioun vum Client leet, ass eisen Investisseur averti opgrond vu sengem Statut censéiert, sech voll Rechenschaft iwwert d'Risiken ofzeleeën, déi hien ageet, esou datt hien net och nach muss extra protegéiert ginn, vu datt hie jo fir sech selwer handelt.

Am Contraire zum normalen Investisseur, deen an der Regel e professionellen Intermediaire aspaant, géif dat schliesslech jo dorop erauslaffen, datt eisen Investisseur averti sech viru sengen eegene Feelentscheidungungen schütze wëilt.

An deemselwechte Gedankegank versteet een dann och, firwat d'Opsicht vum Finanzsektor manner streng Kritäre bei de spezialiséierte Fongen uleet, wéi am Normalen. Sou kann zum Beispill e FIS-Fong, wa mer se dann elo esou nennen, direkt aktiv ginn ouni de Sege vun der CSSF ofwaarden ze mussen, an déi Responsabel vun esou engem Fong brauchen och kee speziellen Agrément wéi hir Kollege vun de Publikumsfongen. D'VNI, déi berühmt Valeur Net de d'Inventaire, muss net publizéiert ginn, an d'Responsabilitéit vun der Banque depositeaire, déi et zwar nach ëmmer gëtt, déi geet net esou wäit wéi am Fall vun engem normale Fong.

Dat méi labbert Regelwierk mécht dat Ganzt natierlech méi flexibel, an dofir och méi attraktiv fir déi Professionell, déi sech an deemem Beräich breetmaache wëllen. A well dervun ausgaange gëtt, datt et net un Interessente fir déi spezialiséiert Fonge feelen dierft, ass dann och derfir gesuert ginn, datt de Kader esou attraktiv wéi méiglech gëtt.

Dat géllt och fir de steuerleche Beräich, well wéi all OPC ass och de Fonds d'investissement spécialisé vun der Kierperschaftssteuer ausgeholl an ënnerläit just der Taxe d'abonnement, déi an deemem spezielle Fall ganz niddereg, nämlech bei 0,01% - oder d'Spezialiste soen, bei engem Basic point -, ugesat ginn ass, derbannst déi normal OPC-Sätz bei 0,05% leien.

Et muss sech allerdéngs elo erweisen, ob dee generéierte Steiertaux - den Taxe d'abonnements-Taux - duergeet, fir datt déi sëlliche potenziell Clienten de Wee op Lëtzebuerg fannen. Et ass gemengt ginn, et hätt ee sollen e Plaffong virgesinn, wéi en zum Beispill bei den neie Familljenholdinge geplangt ass, well d'Montanten, ëm déi et hei kéint goen, esou grouss ze gi versprechen, datt eng no uewen oppen Taxe d'abonnement sech als Handicap erausstelle kéint. D'Finanzkommissioun huet duerfir virgeschloen, et sollt een emol fir d'éischt Erfahrung sammelen an ofwaarden, an dann eventuell och d'Besteuerung vun de Fonds spécialisés an déi méi global Iwwerleeungen abezéien, déi d'Regierung sech virgeholl huet, fir d'Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie nach ze verbesseren.

Mat deemem Gesetz, Här President, dat, wéi gesot, vun haut un a Kraaft wäert sinn, well soss déi 200 institutionell Fongen, déi mer schonn hunn, ouni gesetzlech Basis wieren, verbreedere mir d'Palett vun eise Finanzprodukter, an domat och d'Aktiounsfeld vun eiser Finanzplaz. Doduerch, datt mir en extrae Status fir déi méi sophistiquéiert Investmentfongen aféieren an dës nei Aktivitéit mat engem eegene Regelwierk encadréieren, dat wäitgehend dem Maart entgéintkënn, verbreedere mir alt erëm eng Kéier de Spektrum vun eiser Finanzplaz; an dat ouni, datt mir vun enger EU-Direktiv derzou uegale géifen. Déi Direktiv wäert wuel och eng Kéier kommen, mä bis dohinner hu mir alt erëm eng Kéier d'Nues vir a kënnen mat e bësse Chance de Schmant fir eis ofschäffen.

Dat ass dann och, nieft der Erweiterung vun der Operatiounsplattform vun eiser Finanzplaz, deen aneren erfreeschen Aspekt vun deemem Gesetz. Mir beweisen eis an dem Rescht vun der Welt, datt mir nach net

verléiert hunn am richtige Moment mat deene richtige Produkter ze kommen. Eng Tugend, där mir och zu engem gudden Deel de Succès vun eiser Finanzplaz verdanken, an déi mir hoffentlech widerhin héichhale wäerten. Och dofir empfielt d'Finanzkommissioun der Chamber dëst Gesetz ze stëmmen. D'CSV-Fraktioun wäert där Invitatioun op jidde Fall nokommen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix** - Très bien!

» **M. le Président**.- Merci, Här Thiel. Éischte Riedner ass den honorabelen Här Meisch.

### Discussion générale

» **M. Claude Meisch** (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, erlaabt mer fir d'alleréisch, datt ech dem Rapporteur, dem Lucien Thiel, villmools Merci soen an him félicitéiere fir säi Rapport. Hien huet eis an d'Technicalities - wéi hien et géif nennen - vun deemem Gesetzesprojet agefouert, wéi hie gesot huet: Et geet hei ëm eng nei Regelung fir Organismes de placement collectif, awer net fir se allegueren, nämlech ganz besonnesch fir déi, déi fir institutionell Uleeër geduecht sinn.

Mat deemem Gesetz faasse mer jo dee Krees vun den institutionellen Uleeër méi breet, mat der neier Definitioun vum Investisseur averti, dat heescht, déi eigentlech verstéiert wéi et op dem Marché fonctionnéiert, déi d'Regele kennen, déi d'Gewunnecht hunn, déi den Know-how hunn, wou mer dann eng ganz Rei vun anere Garde-fouen, déi och fir den Einzelnen - fir eis zum Beispill, wa mer géifen eist Geld placéiere goen - noutwendeg a wichtig sinn, brauchen, fir deen Einzelnen ze schützen. Déi brauchen mer bei deene Leit, déi d'Profie sinn an deem doten Domän, net an deem dote Mooss.

### (M. Henri Grethen prend la Présidence)

Mir stellen awer och fest, datt, obschonn och da bei de Profien eng ganz Rei vu Leit sinn, déi d'Erfahrung hu mat deenen dote Finanzinstrumenter ze handelen, datt awer och déi ganz oft op sougenannten OPCen zréckgräifen, obscho si och selwer kéinten direkt an déi eng oder aner Aktivaen investéieren. Mä si wëllen iwwert deen dote Wee vun den OPCen ganz besonnesch op d'Erfahrung, op de Savoir-faire am Domän vun enger professioneller Gestiou zréckgräifen. Dat huet sech am Laf vun deene vergangene Jore jo gewisen, well mer och ëmmer gemierkt hunn, datt mer eben net nëmme bei de private Clienten, mä och bei den institutionelle Clientë ganz oft den Drang hunn, fir an OPCen ze investéieren.

Mat deemem Gesetz gëtt d'Bandbreet an déi esou OPCen investéiere kënnen, déi da fir Investisseuren avertis gëllen, méi grouss gemaach. Et gëtt also do méi Flexibilitéit gelooss. De Contrôle an d'Obligatioun ginn erfrogesat, well mer ebe kënnen dovunner ausgoen, datt déi Leit, déi dann an deem doten Domän aktiv sinn, den Domän kennen, an datt mer net all Garde-fou mussen duebel esou héich zéie wéi bei deenen aneren.

Si gi favoriséiert, wat ze begrëissen ass, well den Taux vun der Taxe d'abonnement extrem niddereg ugesat ginn ass - wéi de Rapporteur richtig bemierkt huet - mat 0,01%, woubäi mer jo aner OPCen mat 0,05% Taxe d'abonnement hei am Land besteieren. Dat ass eng Richtung, déi ee ka begrëissen, datt een eenzel Finanzproduiten eraushëlt, déi ee manner besteiert, fir do och e Coup de départ ze ginn, fir déi Instrumenter méi interessant ze maache fir d'Investisseuren hei am Land an och déi kritesch Mass beieneenzekréien, fir do eng grouss Capacitéit hei op der Finanzplaz opbauen ze kënnen.

Op där anerer Säit huet d'Finanzkommissioun awer net zu Onrecht d'Fro opgeworf, ob een net misst iwwer e Plaffonnement nodenken, well grad wann et sech ëm institutionell Uleeër, ëm Investisseuren avertis, handelt, dann och ganz grouss Montanten investéiert ginn, esou datt dann awer herno zum Schluss - och wa mer dovunner 0,01% huelen - e ganz, ganz bedeutende Montant derbäi erauskënn, deen un d'Taxe d'abonnement misst bezuelt ginn. A well mer jo awer nach ëmmer a Konkurrenz zu anere Plaze stinn, déi d'Notioun vun der Taxe d'abonnement net an deem dote Sënn kennen, ob een net misst iwwerleeën fir op d'mannst e Plaffong anzeféieren.

D'Proposition vun der Finanzkommissioun bleift eigentlech hannert deem zréck, wat d'Regierung jo och schonn annoncéiert huet, mä am mëndleche Rapport huet de Rapporteur awer nach eng Kéier ganz richtig dorobber higewisen, datt d'Regierung sech jo bereet erkläert huet d'Besteuerung vun de Betriber, ganz besonnesch awer och



déi Besteuerung, déi wichteg ass, déi de Kader setzt fir eis Finanzplaz, ze iwwerdenken, fir ze kucke wou mer kënnen Efforté maachen, fir nees méi kompetitiv - virun allem zu anere Finanzplazen an Europa - ze ginn.

Sou solle mer net nëmmen elo kucke wéi sech hei ganz spezifesch fir d'Fonds spéciaux déi dote Steierregelung sech bewähre wäert, oder wou mer fir dëse spezifische Punkt mussen herno nach eng kéier nohaken, mä mer solle generell dobäi bleiwen, datt mer d'Besteuerung op eiser Finanzplaz eng kéier ënnert d'Lupp wäerten huelen; an dozu gehéiert ebe ganz besonnesch d'Taxe d'abonnement. Eng Taxe d'abonnement, déi sech jo ganz favorabel am Laf vun deene leschte Joren entwéckelt huet.

Ech wëll dann einfach nach eng kéier drun erënneren, datt fir de Budget 2006 450 Milliounen Recetten ageschriwwen waren; am Endeffekt wäerte mer awer iwwert d'Taxe d'abonnement fir 2006 reell Recetté vu ronn 600 Milliounen erakritt hunn. Och fir d'Joer 2007 gi mer dann - méi bescheiden - vun erëm eng kéier 550 Milliounen aus. Et gesäit een awer, datt mer am Laf vun deene leschte Joren do substanzuell méi héich Montanten erakritt hunn.

Et war jo awer och ëmmer eng Politik, déi hei am Haus gedeelt ginn ass, déi hei am Land gemaach ginn ass, fir ze soen: Mir kucken, datt mer iwwert d'Durée datselwecht iwwert den Niveau vun der Taxe d'abonnement erakréien, an dann awer lues a lues mat den Tauxé kënnen erofgoen, fir ebe méi Volume kënnen ze maachen, an datt de Stat awer herno nach ëmmer datselwecht als Recette ka verbuchen.

Dann huet den Här Rapporteur och op en Ernstand higewisen, deen awer e bësse gelungen ass, nämlech datt mer haut e Gesetz hei stëmme, dat den 13. Februar 2007 - wéi et an deem entsprecheden Artikel 78 vum Projet de loi steet - a Kraaft soll trieden. A wa mer op de Kalenner kucken, dann ass dat ganz genau haut. Mir wësse jo och, wat elo nach alles muss a Bewegung gesat gi vun deem Moment un, wou mer hei gestëmmt hunn, bis da wierklech zur Publikation, bis zur Entrée en vigueur vun deem Gesetzestext.

Do muss quasi sämtlech Institutionen nach emol hei am Land zesummekommen, fir datt mer dat dote Gesetz dann och wierklech a Kraaft triede loosse, fir datt déi Insécurité juridique, déi hei am Raum stoung, awer esou minim bleift wéi et iergendwéi nëmme geet.

Mir mengen, datt, wann een éischerter vun doheem aus fortieft, da kënnst een och herno mat Zäit op sengem Zil un, an da brauch een net zum Schluss ze rennen an ze kucken, datt een op de Gas muss drécken, fir iergendwéi nach mat Zäiten iwwert d'Zillinn ze fueren. A mat Sécherheet wär et och bei deem Projet de loi besser gewiescht, mer wäeren dës le départ an engem Zäitraum gewiescht, an engem Timing gewiescht, dee rasonnabel gewiescht wär.

Ech mengen elo net, datt et der Chamber unzelaaschte wär, datt mer hei wierklech herno op dem Dag selwer, wou d'Gesetz soll a Kraaft trieden, d'Gesetz och eréischt kënnen stëmme. Wann ee bedenkt, datt de Statsrot den 30. Januar 2007 säin Avis geschriwwen huet an d'Chamberskommission de 6. Februar säi Rapport ofgeseht huet a mer haut wéi gesot den 13. Februar 2007 sinn, dann ass et net dëst Haus, dat d'Responsabilitéit dovunner dréit, mä da sinn et anerer.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Merci, Här Meisch. Nächsten ageschriwwene Riedner ass d'Madame Mutsch. Madame Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Lydia Mutsch (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Fongenindustrie spillt fir eis national Ekonomie eng wesentlech Roll, dat ass gewosst. Eis Finanzplaz ass net nëmmen eng vun deene bedeidendste Finanzplazen op der Welt, mä si ass virun allem am Beräich vun den Investmentfongen d'Nummer eent an Europa an d'Nummer zwee an der Welt - direkt hannert den USA.

Déi lescht Etüd vum Comité pour le Développement de la Place financière iwwert den Impakt vun der Finanzplaz op d'Lëtzebuurger Ekonomie kënnst zur Konkusioun, dass de Secteur vun den OPCen hei zu Lëtzebuerg ronn 5% vum nationale Revenu, 3% vum Emploi an net manner wéi 11% vun de Steierrecetté generéiert. Dat ass net näischt.

Et ass deemno evident, dass mer all Intérêt drun hunn, fir eise legislative Kader esou auszubauen a permanent unzepassen,

dass dëse Secteur sech hei zu Lëtzebuerg weiderentwéckelen a sech der Konkurrenz vis-à-vis behaapte kann.

De Projet 5616 iwwert d'Spezialfongen, wéi se an Zukunft heesche wäerten, mécht eiser Finanzplaz dës nei Entwécklungsméiglechkeeten an engem spezielle Segment vun de Fongenindustrien op, andeems en eng Rei Verbesserunge vis-à-vis vum Gesetz vun 1991 bréngt; nottamment andeems en de Krees vun de potenziellen Investisseure vergréissert a sech domat un eng nei respektiv zousätzlech Clientèle adresséiert.

An Zukunft kënnen net nëmmen institutionell Investisseuren, mä och déi sougenannten Investisseuren avertis, wéi et hei scho gesot ginn ass, an e spezialiséierte Fong investéieren. Et sinn dat professioneller oder elo aner aiséiert Privatclients, déi schrëftlech mussen deklaréieren, dass se genuch vun der Matière kennen, fir hir Fongen en connaissance de cause an esou Finanzinstrumenter ze investéieren.

Ëmgedrängt bleift de kleng Spuerer protegéiert, well d'Fonds d'investissement spécialisés, iwwert déi mer haut schwätzen, fir de Grand public heimadder net viséiert sinn.

Vum Inhaltlechen ofgesinn ass et och erfreelech, dass dëst Gesetz iwwert d'Spezialfongen, vun e puer Definitiounen ofgesinn, en autonoomt Gesetz gëtt, also ouni Renvoi op aner Gesetze auskënnt. Dat ass eng legislativ Virgoensweis, déi fir Transparenz suert an déi mer eigentlech a villen anere Beräicher méi systematesch missten uwennen.

Et ass gewosst, datt eis Finanzplaz ënner engem enorme Konkurrenzdruck steet. D'Finanzplaz wéi zum Beispill Dublin hu sech Lëtzebuerg als Virbild geholl, fir hire Banken- a Finanzsecteur auszubauen an d'Fiscalitéit spillt natierlech an deem Kontext eng ganz wichteg Roll.

Et ass also novollzéierbar, dass déi interesséiert Secteuren, d'Investmentfongen an hir Interessevertriedungen, mat Nodrock intervenéieren, fir dass d'Steierlaascht reduzéiert gëtt op deem Gebitt. Gemengt ass hei virun allem d'Abonnementstax, déi op deene spezialiséierte Fongen am Prinzip 0,01% bedréit.

Eleng schonn aus budgetäre Considérations eraus ass et natierlech net wünschenswäert, fir elo liichtfankeg Steiererliichterunge fir eenzel Wirtschaftssektoren ze decidéieren. Duerfir misst een den Déchet fiscal an den Impakt op d'Fongenindustrie fir d'éischt emol ganz genau a ganz prezis analyséieren.

Méi sennvoll ass et, d'Fro vun der Besteuerung vun den Investmentfongen net isoléiert ze kucken, mä se am Kader vun der Upassung vun eise Steierregime an engem Gesamtapproche unzegoen, esou wéi d'Regierung dat och wëlles huet. An dat ass och gutt esou.

Ofschléissend wéilt ech dem Rapporteur Merci soe fir säi gewinn gudd schrëftlechen a mündleche Rapport, an domat och den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet mat op de Wee ginn.

**Plusieurs voix.** - Très bien!

**M. le Président.** - Merci, Madame Mutsch. Nächste Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och meng Félicitatioun un de Rapporteur, deen d'Matière kennt a souguer an nächster Zäit op engem grouse Meeting hei vun der Finanzplaz doriwwer referéiere wäert.

Mä et ass scho wichteg, datt mer dëse Projet de loi haut zur Diskussioun kréien, well mer gemierkt hunn, datt et am Ausland Bewegung gi sinn, wou och Spezialfonge bestinn: an Däitschland, an Irland an op anere Konkurrentemäert. Esou datt mer en fait déi bestehend Fonds dédiés, déi fir institutionell Investisseure reservéiert waren, elo e bessen oppäppelen an e bësseleche méi attraktiv maache fir eng etlech aner Investisseuren.

Ech mengen, et ass eng gutt Evolutioun, déi do gemaach gëtt, well mer net vergiessen därefen, datt mer an engem permanente Konkurrenzkampf sinn, an datt den Investisseur, deen op eng Finanzplaz goen oder mat enger Bank schaffe wëllt, kuckt: Wéi kréien ech main Invest gemaach? Wou ass dat am beschten ofgeséichert? Wou sinn d'Regelen net ze vill restriktiv, fir menge Risiken entspreched kënnen mä Verméigen ze verwalten?

Et ass kloer, datt een all Sécherheete muss abauwe fir de kleng Spuerer, deen een Deal vu sengen Erspuerner uleet an enger

Sicav, an enger OPC. Mä et ass awer och gradesou kloer, dass een där Persoun, déi een haut an deem neie Gesetz elo den Investisseur averti nennt, e bësseleche méi Latitudé gëtt.

Nach gesinn ech, datt den Investisseur averti haut deen ass, dee wéinstens 125.000 Euro kann opbréngen. E kann och souguer manner opbréngen, da muss e just nach iergendwéi e Beweis kréien, e Certificat kréie vu senger Bank, datt en awer souguer bei engem méi klengem Montant kann op déi nei Form vu Spezialfongen opbauen, fir seng Fortune ze verwalten.

Et ass also eng positiv Evolutioun, wou mer ons nees erëm areien an déi ganz Propositionen, déi et soss op anere Finanzplaze gëtt, an duerfir wäert och d'ADR deemem Gesetzesprojet zoustëmme.

E lescht Wuert nach zu der Prozedur. Ech muss effektiv soen, datt mer dës kéier bal e Rekord schloen. Ech mengen, dat hate mer nach net. Mir stëmme elo kuerz viru véier Auer e Gesetzesprojet of. Dann um hallwer fënnef oder fënnef Auer kënnst de Conseil d'État zesummen. Da muss héchstwahrscheinlech eng Stonn duerno de Grand-Duc ënnerschreien. An da muss dat Ganzt och nach haut am Mémorial publizéiert ginn.

**(Interruptions)**

Ech muss effektiv soen, datt do d'Regierung an d'Chamber eppes fäerdegbruecht hunn, dat ass, datt mer héchstwahrscheinlech an d'Guinnessbuch vun de Rekorde wäerten agoen iwwert d'Rapiditéit vun engem Gesetzesprojet.

**(Interruptions)**

**M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Den Här Bausch huet d'Wuert gefrot.

**M. François Bausch (DÉ GRÉNG).** - Här President, ech wollt soen, datt ech dem Rapporteur och wëll félicitéieren fir dee Rapport. An et ass och vun eiser Säit aus näischt méi bäizefügen. Mir wäerten dat Gesetz hei stëmme.

Ech muss awer elo just soen: Dem Här Henckes säin Oprétt hei huet mech e bessen iwwerrascht, well ech an der Finanzkommission - weder, wéi de Rapport ugeholl ginn ass, nach virun - den Här Henckes héieren hunn, sech gréisser zu Wuert mellen zu deem Projet de loi an zu där dote Problematik, esou datt dat mech e bessen erstaunt, wann een dann an der Kommission...

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Dat ass jo kee Virwurf.

**M. François Bausch (DÉ GRÉNG).** - Här Henckes, Dir hutt gesot, Dir géift hei och der Chamber félicitéieren. Dir hutt gemaach, wéi wann Dir do ausgeklamert wäert. An Dir hutt am Fong op all déi aner hei mam Fanger...

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Neen, neen! Mir alleguerten, mengen ech, hunn hei eng Noutsituatioun. An duerfir fannen ech dat ganz gutt, wat do geschitt.

**M. François Bausch (DÉ GRÉNG).** - Här President!

**(Interruption)**

**M. le Président.** - Ech mengen dat Ganzt berout op engem...

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - ..., datt et elo muss geschéien.

**M. le Président.** - Ech ginn dem Här Henckes Akt, dass dat op engem Malentendu do berout, dem Här Bausch seng Interventioun.

**(Hilarité)**

**M. Gast Gibéryen (ADR).** - Den Här Bausch huet och nach vläicht eppes zum Projet ze soen?

**M. François Bausch (DÉ GRÉNG).** - Neen. Här President, ech stelle just fest, den Här Henckes war net oft do an der Finanzkommission.

**M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Ech sinn net Member vun der Finanzkommission...

**(Interruptions)**

**M. Gast Gibéryen (ADR).** - ...dem Här Bausch, dass ech bei eis Member vun der Finanzkommission sinn.

**M. le Président.** - Also, d'ADR war vertrauden.

**(Hilarité)**

D'Riednerlescht ass elo ofgeschloss. D'Regierung huet d'Wuert. Här Minister Frieden.

**M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Här President, mat deemem Gesetz maache mer e wichtige Schrëtt fir eng weider Diversifikatioun vun der Finanzplaz. Mir verbesseren de juristesche Kader vun der Finanzplaz, a virun allem och den internationale Leadership, deen d'Finanzplaz a ville Beräicher huet; och dee vun de Fongen. Duerfir sinn ech frou, datt dat Gesetz heibannen op esou eng breet Zoustëmmung fällt. Ech soen dem Rapporteur, dem honorabelen Här Lucien Thiel, an den anere Kollege vun der Finanzkommission Merci, datt se dee Projet hei esou konstruktiv begleet hunn.

An eisen Aen entwéckelt sech eng Finanzplaz nëmmen dynamesch, wann d'Politik proaktiv uerdentlech Rahmbedingungen schafft. Dat hu mer ëmmer erëm gemaach, an dat maache mer och haut. Heiduerch wäerten nei zousätzlech Méiglechkeeten op der Finanzplaz entsto. An et ass nëmme wann déi Méiglechkeeten op der Finanzplaz entstinn, datt eis Ekonomie - well d'Finanzplaz ass ee vun den Haaptpillere vun der Ekonomie - weider déi Recetté ka generéieren, mat deene mer hei am Land ganz vill verschidde Beräicher vun der Politik kënnen bedéngen. An duerfir ass et esou wichteg, datt mer hei un engem Strang zéien.

**(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)**

Duerfir mengen ech och, datt een an der Revisioun vun der Fiscalitéit ganz gutt muss oppassen, wat een an deem Beräich mécht. Scho viru Joren ass gesot ginn, datt, wa mer d'Taxe d'abonnement net géife reduzéieren, da géif de Risque bestoen, datt d'Investitionsfongen net méi laang géife bestoen. Et muss ee selbstverständlech ëmmer d'Konkurrenzfähigkeit am A behalen - kucke wat d'Nopere maachen -; et muss ee sech awer och net nëmmen drop beschränke fuerderungen erbäizebréngen, déi zu Reduktiounen vu Steiere féieren.

Ech wëll hei soen, datt eleng den Droit d'apport, dee gefrot ginn ass bei de Budgetdebatten ofzeschaffen, d'lescht Joer eng honnert Milliounen Euro erabruecht huet, an d'Taxe d'abonnement vun de Fonge 618 Milliounen Euro erabruecht huet, wat béides ganz volatile Steiere sinn, wou een also och net dervun ausgoe kann, datt déi nächst Joren deen nämlechte Montant erakënn.

Ech wëll och nach hei soen, datt dat ganz considéabel Montanté sinn, an datt, wann een aus Konkurrenzfähigkeit grënn esou Steieren réajustéiert, voire diminuéiert, een also och muss kucken, wou een aner Ressourcé ka fannen, fir deen Ausfall, deen een op der Recettésäit huet, anesch kënnen ze kompenséieren. Duerfir, mengen ech, ass et richtig, datt een dat an engem Gesamtpak muss kucken; net eng Steiermoosnam niewent där anerer, mä all Steiermoosnamen zesummen. A virun allem muss een dat och vum Aspekt vun den öffentleche Finanzen kucken.

Ech si frou, datt dank där Politik, déi mer gemaach hunn, an dank enger gudder Situation op de Bourssen, effektiv eleng am Joer 2006 150 Milliounen iwwert d'Steier, déi d'Investitionsfonge bezuelt hunn, méi erakomm sinn, wéi der am Budget virgesi waren. Mä erënnert Iech drun, datt mer 2001 och gradesou en Abroch hate bei der Taxe d'abonnement, well op den internationale Bourssen d'Geschäfte no ënnen tendéiert hunn. Et ass also eng Steuer, déi wesentlech dervun ofhänkt wat an der Welt geschitt. Duerfir kann een domadder keng durabel Politik maachen, mä et ass ee frou wann een déi Suen huet.

E lescht Wuert zu der Prozedur. Ech wëll hei just rappéléieren, datt et dach eng vun de Stärkte vun deem Land ass, datt mer och op der Finanzplaz - a grad do - et fäerdeg bréngen och séier kënnen gesetzgeberesch tätég ze ginn. Ech hunn elo grad nogekuckt: Dee Projet ass den 29. September 2006 hei an der Chamber déposéiert ginn.

A véier an engem hallwe Mount, mengen ech, muss mer et an deem Land fäerdeg bréngen d'Gesetze ze aviséieren, ze diskutéieren, ze änneren, ze stëmme. Ech menge souguer, datt eng vun de Stärkte vun eise Land an der Zukunft muss dra leien, datt mer



nach vill méi séier kënne Projeten ausschafen - dat géllt also och fir d'Regierung -, aviséieren, diskutéieren, a besonnesch där Projeten, déi, wéi et sech hei erausstellt, dach awer e ganz breede Secours an der Chamber fannen. Duerfir sinn ech dankbar.

Ech wëll och soen, datt souguer wann dat Gesetz haut net géif a Kraaft trieden, dann hätten trotzdem d'Dispositions transitoires vum Gesetz vum 2002 iwwert d'OPCen eng lwwergangsléisung virgesinn. Nach ass et besser dat Gesetz trëtt direkt a Kraaft. Ech muss einfach soen: Mech freet et, datt mer an engem Land wunnen, wou et fäerdeg ze bréngen ass, wann dat Gesetz de Mëtten hei gestëmmt ass, et och den Owend an de Mémorial ze bréngen. Firwat muss mer et dann ëmmer als eppes Exceptionnelles emfannen, wann et laang dauert?

Ech fannen dat normal. Et soll esou sinn, datt mer kënne schnell handeln. An deen, dee schnell handelt, dat ass deen, deem d'Zukunft gehéiert. Ech hätt gären, datt mer an der Finanzplaz eng Leadership-Position behalen. An dese Projet erlaabt eis et deem Wee e Schratt méi nozokommen.

Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dese Projet de loi.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi ass uegheoll mat 60 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstention.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes (par M. Marcel Oberweis), François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par M. François Maroldt), Laurent Mosar (par M. Patrick Santer), Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel (par M. John Castegnaro), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Ben Fayot), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par Mme Lydie Err);*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen elo zum nächste Punkt vum eisem Ordre du jour vun haut. Dat ass d'Froestonn un d'Regierung. D'Deputéierten hunn zwou Minutten Zäit, fir hir Fro ze stellen. D'Regierung huet véier Minutten Zäit, fir dorobber ze äntweren. D'Froe kommen ofwiesselnd vu Majoritéit an Opposition. D'Madame Flesch, déi scho laang op hir Fro waart, kënnt als Zweet drun, well d'Opposition als Zweet drukënnt. D'Madame Arendt mat hirer Fro un de Minister vun der Gesondheet iwwert de Kampf géint den Tubak ass als Éischt drun.

» **M. Henri Grethen (DP).** - Deen ass dach gewonnen.

» **M. le Président.** - Dat ass net gesot, Här Grethen; op jidde Fall net bei jiddfer Eenzelnem.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - D'Asammele vun den Zigarettstëmp virun der Dier huet 200 Aarbechtsplaze geschafen, ass dat dann näischt?

» **M. le Président.** - Sou! D'Madame Arendt huet d'Wuert!

## 8. Heure de questions au Gouvernement

**- Question N°153 du 13 février 2007 de Madame Nancy Arendt relative à la lutte antitabac, adressée à Monsieur le Ministre de la Santé**

» **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Här President, den 30. Januar 2007 huet d'EU-Kommissioun ee Gréngbuch uegheoll mam Titel: «Vers une Europe sans fumée de tabac». Heiduerch soll eng öffentlech Debatt an allen EU-Memberstate frësch lancéiert ginn, fir ze kucken op wéi eng Manéier een am beschten déi Zone weiderbréngen kann, wou net gefëmmt däerf ginn.

„Bréssel géint de bloen Damp“, an de Wand huet och an Europa gedréint, steet am „Wort“ vum 31. Januar, andeem se op eng Deklaratioun vum zyprotesche Gesondheetskommisär Markos Kyprianou aginn, dee fir d'Gesondheet an der Europäescher Unioun zoustänneg ass. Den Här Kyprianou huet bei deser Geleeënheet drun erënnert, datt an der EU all Joer duerch d'Passivfëmme méi wéi 79.000 Erwuessemer stierwen. Domadder ass d'Passivfëmmen eng vun den heefegsten Ursaache fir vermeidbar Stierwesfäll a Krankheeten an der Europäescher Unioun.

Senger Meenung no soll et e Fëmmverbuet op allen Aarbechtsplazen an deene 27 Memberstate ginn. Hie weist drop hin, datt ee jo beispillsweis d'europäesch Richtlinn zum Gesondheetsschutz op der Aarbechtsplaz esou ännere kéint, datt och déi muss geschützt ginn, déi an de Caféen, Restauranten an Diskoe schaffen. Et gëtt och vun der Kommissioun betount, datt Bréssel den Zigarettendamp an d'Richtlinn vun de geféierleche Stoffen ophuele kéint. Dat hätt och verbindlech Konsequenzen. Den Trend, fir géint den Tubak virzegoen, ass also och an Europa ukomm an ass net méi ze stoppen, well eng rezent Eurobarometer-Émfro beleet, datt 80% vun den EU-Bierger fir e Fëmmverbuet op der Aarbechtsplaz an an allen zouenen öffentlechen Aariichtunge sinn.

Well mir jo ze deene Länner gehéieren, déi zënter dem leschte Joer en Antitabaksgesetz hunn, an den 19. Januar 2007 e Règlement grand-ducal ofgeseht hunn, dat virschreift wéi ee seng Raimlechkeeten ëmbaue muss, fir datt do däerf gefëmmt ginn, a wat och bestëmmt mat engem gréisseren Investissement verbonnen ass, wollt ech folgend Froen un den Här Minister stellen:

Wéi vill Restaurateuren hunn iwwerhaupt esou ee Fumoir uegheoll? An ass et net gutt méiglech, datt an engem oder zwee Joer op europäeschem Plang entschloss gëtt d'Fëmmen och an dese Fumoiere ze verbidden, an datt eis Restaurateuren...

» **M. le Président.** - Kuerz, Madame Arendt.

» **Mme Nancy Arendt (CSV).** - Jo, ech sinn direkt fäerdeg. Si hate mer am Ufank e puer Sekonne geholl. Et ass meng lescht Fro.

...riskéieren, datt se sech och elo absolut ëmso an déi Onkäschte geheien? Ass an nächster Zukunft mat esou enger EU-Richtlinn ze rechnen, déi nach weider Moosname fir de Schutz virum Passivfëmme virgesäit?

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Arendt. Den zoustänneg Gesondheitsminister, den Här Mars Di Bartolomeo, huet d'Wuert.

» **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass effektiv richteg, dass d'Kommissioun e Gréngbuch erausginn huet, wou se d'Memberlänner invitéiert am Kampf géint d'Schiedlechkeet vum Tubak verstärkt aktiv ze ginn.

Ech wëll der Madame Arendt just soen, dass e Gréngbuch eigentlech just en Theesepabeier vun der Kommissioun ass a selbstverständlech nach keng Rechtskraaft huet. D'Gréngbuch, d'Wäissbuch, d'Konklusiounen, d'Aschaltung vum Conseil, dem Europaparlament si weider Etappen, esou dass net ze erwaarden ass, dass innerhalb vu kuerzer Zäit eng Direktiv oder e Règlement géif kommen un europäesche Plang, dat a sämtleche Länner den Tubak a sämt-

lechen öffentleche Gebaier géif verbidden. Dat just zu de Fakten.

Richtig ass, dass nient Lëtzebuerg eng Rei vu Länner Décisioune geholl hunn, fir dem Tubak Grenzen ze setzen. Bei eis ass dat zënter dem 5. September de Fall. D'Madame Arendt weess sécher och, dass an deem Gesetz, wat d'Chamber gestëmmt huet virun e puer Méint, déi Exception mēiglech ass a Restauranten, déi sech Équipementer ueeën, Émbauarbechte maachen, fir dann lessen a Fëmme kënnen zesummenzemaachen, ënner ganz strikte Konditiounen.

Dir wësst, dass ech dofir kritiséiert gi sinn, dass dat Règlement ganz strikt ausgefall ass. Ech mengen, dat war awer am Sënn vum Gesetzgeber, dass een net duerch d'Hannerdier dat erëm soll ofschafen, wat een duerch déi viischt Dier agefouert huet. D'Regel ass also ganz kloer, an dat heescht: An de Restaurant wéi a ganz villen anere Gebailechkeeten gëtt net gefëmmt.

Dee Règlement grand-ducal ass an der Zwëschenzäit vum Conseil d'État aviséiert, vum Regierungsrat verofscheet, an d'Konditioune si wéi gesot ganz strikt.

Dir hutt gefrot, wéi vill Demanden dass ageerecht gi sinn: Et sinn der eng 50, déi erakomm sinn. Dir hutt mech och gefrot, ob et unzérode wär, fir déi doten Investissementer ze maachen, wou een awer misst domadder rechnen, dass an deenen nächste Jore vläicht net onbedéngt iwwert d'Europäesch Kommissioun, mä vläicht iwwert d'Lëtzebuurger Parlament méi strikt Décisioune kéinte kommen, ob et sech géif rentéieren, fir dat doten ze maachen. Ech soen lech meng éierlech Meenung. Ech géif kengem roden, esou héich Investitioune ze maachen, fir an Ausnahmefäll Leit ze erlaben a Restauranten ze fëmmen.

Ech mengen, d'Lëtzebuurger an déi Leit, déi hei zu Lëtzebuerg iesse ginn, hu sech relativ gutt mat deem Gesetz ausenanergesat a respektéieren et och wäitgehend. Ech mengen, et wär e falscht Signal, wann een an déi dote Richtung géif goen, mä et kann ee keen dovunner ofhalen, well et gesetlech a reglementaresch och esou gewünscht war vun der Chamber.

Ech géif dovunner ofroden, dat ëmsou méi well een, wann een e Fumoir wëllt - dat heescht just eng Plaz, wou een, deen onbedéngt eng Zigarett wëllt fëmmen, sech kann zréckzéien ouni Service an ouni näischt -, een dat ouni gréisseren Opwand ka maachen, also esou eng grouss Prozedur net noutwendeg ass.

Vu dass d'Madame Arendt mer déi dote Fro gestallt huet, wëll ech hir soen, dass um Terrain ganz vill Bewegung ass, dass an de Schoulen dat ganz gutt geet, dass an der Zwëschenzäit och um Aarbechtsmaart munches bougéiert, an ech mer selbstverständlech och géif wënschen - ech si rezent an engem Bréif erëm dorop ugeschwat ginn -, dass hei an der Chamber datselwecht Signal géif kommen, ier e Règlement verofscheet ginn ass, an dass d'Chamber sech géif als dampfräi Zon erklären.

Villmools Merci fir d'Virgalt, an ech gi se weider un de President vun der Chamber.

**(Interruptions)**

» **M. le Président.** - Här Minister, ech kann lech ganz berouegen, wat d'Chamber ubelaangt. Ech wäert a 14 Deeg dem Büro vun der Chamber proposéieren, dass mer kee Gebrauch vun deenen Dispositiounen wäerte maachen, déi an deem Règlement virgesi sinn, notament wat d'öffentlech Gebaier ubelaangt, an datt an der Chamber all Raimlechkeeten, déi et hei am Parlament gëtt, sief et Büeroen, sief et d'Parlament hei selwer, eng rauchfräi Zon sinn, datt hei am Gebai net däerf gefëmmt ginn.

**(Interruptions diverses)**

» **Une voix.** - Abee merci, ech wëll awer nach gär a mengem Büro fëmmen!

» **Une autre voix.** - An d'Regierung?

» **M. le Président.** - Ech wëll lech soen, datt ech dem Büro déi Propositioun maache wäert, an dann ass et um Büro, fir ze decidéieren. Dir wësst, datt ech an engem éische Stadium och net op där Linn war, mä ech fannen, wa mer eis Reglementer ginn a Gesetzter ginn, da solle mer eis och un se halen.

De Minister huet virdu geschwat vun Hannerdieren a vu Lächer, déi ee sech kann opmaachen oder ënner Émstänn opmécht. Ech fannen net, dass mir als éischt Institutioun vum Land dat sollte maachen, an deementspriedend sinn ech dofir, datt an deem Haus hei net méi gefëmmt gëtt.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Dat gesot...

**(Interruption)**

Selbstverständlech, dat, wat fir eis zielt, zielt an alleréischer Linn och fir d'Regierung.

Da kënnt déi nächst Fro, dat ass déi vun der honorabeler Madame Flesch un d'Madame Minister vun der Famill iwwert den Accouchement anonyme. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

**- Question N°154 du 24 octobre 2006 de Madame Colette Flesch relative à l'accouchement anonyme, adressée à la Ministre de la Famille et de l'Intégration**

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Här President, Madame Minister, Dir wonnert lech vläicht, datt just ech eng Fro stellen iwwert den Accouchement anonyme, well ech war den Auteur vun der Proposition de loi, déi derzou geféiert huet, dass 1975 den Artikel 57 Alinea 3 an de Code civil ageschriwwen ginn ass iwwert den Accouchement anonyme.

Woufir? Deemoools ass gemengt gi vu Gynécologuen an Obstréticienë souwuel wéi vu Fraenorganisatiounen, déi Mesure, déi a Frankräich bestanen huet, wär e Moyen, Avortementen ze vermeiden an d'Adoptioun ze vereinfachen. Nun hunn awer d'Iddien an der Gesellschaft sech geännert, an haut gi mer dovun aus, dass d'Kanner e Recht hunn - wann och net onbegrenzt - ze wëssen, wien hir Parents biologiques sinn.

Den Artikel 7.1. vun der Convention internationale relative aux Droits de l'Enfant vum 20. November 1989 gesäit vir, an ech zitieren: «L'enfant a, dans la mesure du possible, le droit de connaître ses parents et d'être élevé par eux.»

Déi Konventioun ass vu Lëtzebuerg approvéiert ginn duerch d'Gesetz vum 20. Dezember 1993 mat enger Partie Reserven an notament enger Reserv relativ dem Accouchement anonyme.

1998 huet de Comité des droits de l'enfant dorop higewisen, dass an deem Mooss, wou déi Reserv géif bestoen, Lëtzebuerg de Kanner, déi par accouchement anonyme gebuere sinn, d'Recht géif oferkennen, souwäit méiglech hir biologesch Elteren ze kennen.

D'Chamber huet de 26. Oktober 1998 eng Motioun uegheoll, déi weidergeleet ginn ass un d'Commission consultative d'Éthique, an déi huet och recommandéiert, et soll een dem Wonsch vun der Konventioun nokommen.

Meng Fro un d'Ministes ass: Huet si wëlles, dem Avis vun der Commission consultative d'Éthique Rechnung ze droen? Wa Jo, wéini an ënner wat fir enger Form?

Huet se och wëlles Initiativen ze huelen en matière d'anonymat a senger Restriktioun am Kader vun der Procréation médicale assistée?

» **M. le Président.** - Merci, Madame Flesch. D'Madame Marie-Josée Jacobs, Ministesch vun der Famill, huet d'Wuert.

» **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et hat e bèsse gedauert, bis mer dozou komm sinn iwwert déi Fro hei kënnen ze diskutéieren.

Ech wonnere mech iwwerhaupt net, Madame Flesch, firwat datt Dir déi Fro sollt stellen, well ech denken, datt et eppes ass, wat jo eigentlech jiddferree kann interesséieren an och jiddferree ka motivéieren. Duerfir ass et sougutt Äert Recht, fir dat doten ze froen, wéi soss iergendengem säint, an duerfir brauch ech mech och net ze wonneren.

Är Fro, déi Der stellt, ass fir mech eigentlech eppes, wou ech zënter enger Rei vun Zäit och hannru sinn a mer doriwwer och Gedanke maachen. A virun net allze laanger Zäit hunn ech och nach vun deeneselwechte Fraendokteren a vun deenen Hiwannen, déi déi Zäit do waren, gesot kritt, datt een net dierft op de Wee goe vun der net anonymen Adoptioun.

Ech sinn awer der Meenung, esou wéi Dir och an och esou wéi d'Commission consultative d'Éthique, de Kannerrechtscomité an den Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand, datt ee misst kucken, datt een Indikatioune géif kréien. Et ass och an deem Sënn, dass mer amgaange sinn ze kucken, wéi een dat ka maachen.

Mir hunn och mat der Commission consultative d'Éthique selwer Kontakt, awer net nëmmen iwwert déi dote Froen, mä méi generell iwwert d'Adoptiounen, well et fir mech eng vun deene sensibelste Froen ass, déi et iwwerhaupt gëtt - alles, wat mat Adoptiounen zesummenhängt. An do mengen ech ewell, datt et wichteg wier, datt een och deen do-



ten Aspekt géif behandelen, also ze soen: An enger limitierter Oplag mussen d'Kanner d'Recht kréie gewuer ze ginn, wien datt se sinn.

Wann een dat mécht beim Accouchement anonyme, dann ass et fir mech kloer, dass een et och muss maache bei der Procréation médicalement assistée, well et gétt kee Grond, firwat datt déi eng Kanner solle Rechter hunn, fir ze wëssen, wien datt se sinn, an aner Kanner dat Recht net kéinten hunn.

Vun dohier gesäit een och déi Komplexitéit vun där anerer Fro, déi hei gestallt gi war vum Här Meisch, och ze gesinn, wat den Här Frieden an ech dozou géife soen. Et sinn eng ganz Rei vu Froen, déi gekläert musse ginn, fir ze wëssen, op wat datt een alles muss äntwerten, bis een och weess, ob een e Gesetz muss hunn, a wéi ee Gesetz dat da brauch, a wat dann alles domadder beäntwert gi muss.

Mä fir et nach eng Kéier ze soen: Ech sinn en faveur vun enger gewësser Fräigab vun Indikatiounen nom Modell vun de Fransouen, fir datt d'Kanner kënnen eng Kéier novollzéien, wou hir Eltere sinn, wéinstens wien hir Mamm ass. Well wann ee weess, wat fir eng Dramaen et si fir verschidde Kanner, datt se net wëssen, vu wou datt se kommen, dann, mengen ech, versteet een an da muss een och kënnen d'Mammen iwwerzeegt kréien, datt se Indikatiounen zréckloossen, fir datt hir Kanner eng Kéier kënnen erausfannen, wien si sinn.

Ech wëll just soen, well et ëmmer interessant ass och ze héieren, wéi vill esou Fäll datt et nach zu Lëtzebuerg gétt: Mir haten am Joer 2000 véier Accouchements anonymes. Ech war eigentlech erstaunt, well ech gemengt hat, dat géif et iwwerhaupt net méi ginn. 2001 och véier, 2002 zwee, 2003 dräi, 2004 sech, 2005 zwee, 2006 dräi a fir d'Joer 2007 sinn et ewell zwee Accouchements anonymes, déi gemaach gi sinn.

Dat ass elo nach net, datt déi Kanner onbedéngt scho fréi sinn. D'Mammen hu jo dann dräi Méint Zäit fir et sech ze iwwerleeën, ob se dann d'Kand fréi gi fir d'Adoptioun oder net. Mä, wéi gesot, ech war terribel iwwerrascht. Ech hu gemengt, an eiser Zäit géif et dat vläicht emol nach eng Kéier ginn, mä net datt et der esou vill sinn.

Mir hunn d'lescht Joer 70 nei Dossieren opgemaach iwwer Adoptiounen. Et sinn d'lescht Joer 45 Adoptiounen, déi realiséiert goufen op internationalem Plang, dräi op Lëtzebuerger Plang. Mir hu fënnf Servicer, déi sech ëm d'Adoptioun këmmen. A mir hunn och do elo e Service agericht, dee Post-Adoptioun heescht, fir och deenen Eltere respektiv och deene Kanner, déi adoptéiert goufen, ze hëllef, well een awer gesäit, datt sech an eenzelne Fäll Froe stellen, déi et an enger anerer Relatioun eigentlech net gétt.

Ech denken, datt mer och eng Kéier d'Geleeënheet kréien, eis nach iwwerhaupt e bësse méi laang Zäit iwwert déi séier komplex Matière vun den Adoptiounen hei ze ënnerhalen an och ze kucken, wat een alles an deenen nächste Joren do nach verbessere kann.

Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Minister. Mir kommen dann zur Fro vum honorabelen Här Negri un den Här Bauteminister iwwert d'Sécherheet vun den Autobunntunnellen, et plus particulièrement à l'aménagement d'une plate-forme d'atterrissage pour hélicoptères au «Markusberg». Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

- **Question N°155 du 12 février 2007 de Monsieur Roger Negri relative à la sécurité des tunnels des autoroutes en général et plus particulièrement à l'aménagement d'une plate-forme d'atterrissage pour hélicoptères au «Markusberg», adressée à Monsieur le Ministre des Travaux publics**

» **M. Roger Negri (LSAP).** - Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, aus Sécherheetsgrënn am Fall vun Accidenter huet de Bauteminister de 24. Abrëll 2006 sech an der Budgetskontrollkommission den Accord gi gelooss, fir uewen um Markusberg-Tunnel op der Saar-autobunn e Poste médical avancé mat enger Plattform fir Helikoptere fir e Käschtepunkt vun 1,15 Milliounen Euro op de Budget vun den Nationalstroossen aménagéieren ze kënnen.

Et héiert een, esou nach d'lescht Woch op RTL, dass oft um Markusberg-Tunnel geschafft gétt. Dofir wollt ech de Minister froen, ob déi Helikopter-Plattform schonn esou wäit aménagéiert ass, well jo dréngen-

den Handlungsbedarf aus Sécherheetsgrënn virgedroe gouf. Dat Ganzt selbstverständlech am Respekt vun der Soumissiounsprozedur.

An deem Kader wollt ech och just nach derbäi froen, ob och Helikopter-Plattformen bei den Tunnelen vun der Nordstrooss virgesi sinn, zesummen natierlech mat deenen optimale Sécherheetsmoosnamen, déi do virgeschriwwen sinn.

Ech soen lech Merci fir Är Äntwert.

» **M. le Président.** - Merci, Här Negri. Den Här Claude Wiseler, Minister zoustänneg fir d'öffentlech Bauten, huet d'Wuert.

» **M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.** - Merci, Här President. Dee Sujet vun der Sécherheet an den Tunnelen ass jo e Sujet, deen an der leschter Zäit vill an der Diskussioun war, well mer ganz genau domat amgang sinn, am Kader vun der Transpositioun vun europäeschen Direktiven. E Gesetzesprojet hu mer ausgeschafft, deen an der Chamber virun e puer Wochen déposiert ginn ass. An datselwecht ass och gemaach gi fir e Règlement d'application, dat och d'Sécherheet vu sämtlechen Tunnelen, notament déi op den transeuropäesche Strecken, fixéiere soll.

Et ass och décidéiert gi vun der Regierung, datt net nëmmen déi Tunnelen, déi um Réseau transeuropéen sinn, wéi de Markusberg an d'Tranchee couverte de Mondorf, sollen deene Kritären entsprechen, mä all déi aner Tunnelen, déi mer hunn an déi mer och an Zukunft wäerten opmaachen, wéi de Mierscher Tunnel, deen en service ass, de Gousseler Bierg, de Grouft, de Stafelter an de Micheville, fir datt mer hei am Land mat enger Sécherheetsnorm an den Tunnelen kënnen fueren. Well et ass jo egal, ob se elo op deem Réseau transeuropéen sinn oder net: D'Sécherheet ass dat, wat priméiert.

Mir hunn dann och an deem Kader vun der Sécherheet an den Tunnelen, wa mer déi elo scho kucke mat enger Direktiv, déi mer nach net en place gesat hunn - de Gesetzesprojet ass déposiert -, mä wa mer kucken op wat fir engem Standard mer haut scho sinn, da gesäit een, datt mer op deene meeschten, op enger ganzer Rei Punkten dee Standard, deen als Minimum an der Direktiv virgeschriwwen ass, schonn iwwerschreiden.

Mir hu Ventilatiounssystemer, Détection d'incendie, Surveillance vidéo, Détection automatique d'incident et de fumée, Galerie zwéischent den Tüben, extra Extensivsystemer mat héijer Capacitéit, Haut-parleuren an den Tunnelen a Radiotransmissionssystemer och elo scho fonctiounsfäeg agebaut.

Wat da méi prezis déi Fro ugeet, wat d'Plattform oder de Poste médical avancé ugeet, do muss ech soen, datt dee Sujet net eng Obligatioun vun der Direktiv en tant que telle ass, mä et ass esou, datt mer un d'Sécherheet vun deenen eenzelnen Tunnelen dru ginn, andeem mer Plan-d'interventione kucken, wéi mer am Noutfall Interventionen an deenen Tunnelen kënnen maachen a wéi dann déi Interventionen am beschte kënnen oflafen. Esou ee Plang ass elo fir all Tunnel an Optrag ginn.

Mir wäerten och deen, dee vum Markusberg do ass, komplett frësch kucken, op Basis och vun där neier Gesetzgebung an där neier Reglementatioun, déi kënnt, zesumme mat den Administratiounen des Services de secours. Esou eng Réunion wäert nach dës Woch stattfannen. Zesummen awer och mat deem neien Agent de sécurité, dee säit e puer Wochen am Amt ass, an och mat der ITM, déi an e puer Méint d'Autorité de contrôle wäert ginn, dann, wann dat Gesetz gestëmmt ass.

An deem Iwwerschaaf vum Plan de sécurité wäerten dann och d'genau Besoinë vun esou engem Poste médical avancé dra sinn. Well e Poste médical avancé, dat ass net eppes Standardes, wat een dohinner setzt. Dat besteet aus enger ganzer Rei Donnéeën, déi ee kann op der Plaz ubrëngen, déi ee ka bei den Tunnel setzen. An et muss ee genau kucken am Fonctionnement, am Sécherheetsplang, wéi, wat, wou op wat fir eng Plaz muss hikommen. Dat kënnt eraus bei der Iwwerschaaf vum Plan d'intervention, an op Basis dovunner wäerte mer dann och dat, wat mer brauchen, bei den Tunnel bauen.

Et muss ee wëssen, datt mer 2007, no Autorisatioun an der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire, och en Article spécial agesat hunn, fir dat do ze bauen, deen dann och alimentéiert gétt, well en ass non limitatif et sans distinction d'exercice, wa mer genau de Präis fixéiert hunn, wat esou e Poste médical eis wäert kaschten.

Voilà. Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister Wiseler. Dann d'Fro vum honorabelen Här Ben Fayot un de Wirtschaftsminister iwwert d'Conseilen «Énergie» an «Environnement».

(**Interruption**)

Den Här Wirtschaftsminister Krecké huet d'Wuert gefrot.

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - Ech wollt froen, Här President, ob Dir domat d'accord wiert, dass d'Fro vum Här Kox direkt no där vum Här Fayot kënnt? Da kënnt ech se zesumme beäntwerten, well et geet zweemol sensiblement ëm deeselwechte Sujet.

» **M. le Président.** - Ech muss soen, entschëllegt, Här Fayot, mä ech hunn den Här Adam hei iwwersprongen. Deen hat eng Fro un d'Éducatiounsministesch. Mä mir kënnen awer och direkt déi zwou Froe mateneen evakuéieren, wann Dir domat d'accord sidd.

(**Interruptions**)

Et kënnt op datselwecht eraus. Här Fayot, bleift hei, an direkt den Här Kox, an dann äntwert den Här Wirtschaftsminister Krecké...

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - ...op déi zwee.

» **M. le Président.** - ...op déi zwou Froen.

- **Question N°157 du 12 février 2007 de Monsieur Ben Fayot relative aux Conseils «Énergie» et «Environnement» du 15 respectivement 20 février 2007 et plus particulièrement sur les divergences qui existent entre les États membres sur les objectifs à atteindre jusqu'en 2020, adressée à Monsieur le Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur**

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, ech weess net, ob et op datselwecht erauskënnt, mä op jidde Fall soen ech dem Här Adam da Merci,...

» **M. le Président.** - Wat d'Zäit ugeet, op jidde Fall.

(**Hilarité**)

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - ...dass hie mer de Virtrétt iwwerléisst. Ech sinn allerdéngs net extra presséiert.

Här President, de Conseil européen vum 8. an 9. März, dee soll sech mat Energie- a Klimapolitik ofginn. An dofir ginn zwee Conseile vun «Environnement» a vun «Énergie» organiséiert. Dee vun «Énergie» de 15. Februar, also iwwermuer, an dee vun «Environnement» den 20. Februar. An et schéngt, wéi wann déi 27 Memberlänner iwwert deen Energiepak, deen d'Kommissioun virgeluecht huet viru kuerzem, relativ zerstridde wäeren.

Et gétt Divergenzen iwwert den Objektiv, wat d'Parts de marché ugeet fir Énergies renouvelables an och fir zum Beispill d'Parts vu Biocarburants. Et schéngt wéi wa relativ Eenegkeet wär iwwert den Objektiv fir Énergies renouvelables vun 20% Parts de marché, bei de Biocarburants vun 10% Parts de marché. Et schéngt awer och, dass et net kloer ass, wie fir en Objectif contraignant ass oder wien éischerter fir méi en indikativen Objektiv ass.

An étant donné déi Wichtigkeet vun där Ausenannersetzung och en vue vum Conseil européen, wou et jo soll méiglech sinn, e ganz staarkt Zeeche fir d'Länner an och fir ganz Europa ze ginn, fir d'Énergies renouvelables an de Biocarburant ze förderen, wollt ech den Här Minister froen, éischters emol, wéi d'Lëtzebuerger Positioun op deem Plang wär? An zweetens, ob hie mengt do géifen se am Conseil des Ministres en Accord fannen.

Merci.

» **M. le Président.** - Den Här Kox dann och un den Här Minister Krecké, iwwert den nächste Ministerrot «Énergie».

- **Question N°159 du 13 février 2007 de Monsieur Henri Kox relative à la position du Luxembourg lors du prochain Conseil des Ministres de l'Énergie, adressée à Monsieur le Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur**

» **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Bon, ech fueren dann direkt do weider, insbesondere wat d'erneierbar Energien ubelaangt. Mir wëssen, dass et do eng Direktiv gétt, déi

den erneierbaren Energien d'Prioritéit gétt. A speziell dat steet och zur Debatt, inwiefern d'Prioritéit weiderhin an enger EU-Richtlinn Ënnerstützung vu Lëtzebuerg fannen. Mir wëssen alleguer, wa mer de Klimawandel aktiv wëllen ugoen, musse mer d'erneierbar Energië vill méi offensiv ënnerstützen.

Eng zweet Fro, déi och ëmmer an deem Zesammenhang gestallt gétt, an déi och international kontrovers diskutéiert gétt, dat sinn déi CO<sub>2</sub>-aarm Technologien. Do besonnesch ëmmer erëm d'Atomenergie, déi do opgespillt gétt an an de Raum gehäit gétt. Ech wär frou, wa Lëtzebuerg och zu Bréissel méi eng offensiv Anti-Atompolitik géif bedriewen, a wa besonnesch Éisträich an Irland, déi an de Schrëften ëmmer erëm als Anti-Atomlänner optrieden, e bësse méi Ënnerstützung géife fannen.

Besonnesch, well den Ëmweltminister sech ganz staark ausschwätzt géint d'Atomenergie, ënner anerem - nozeliesen, dobausse läit d'Zeitung nach - iwwert d'Lëtzebuerger Gemengen, wou nach eng Kéier vum Lucien Lux drop higewise gétt, ech zitëiere just ganz kuerz: «Lucien Lux a rappelé l'opposition du Gouvernement en la matière et a clairement mis en garde contre le risque inhérent à cette technologie.» Ech wär frou, wann zu Bréissel och déi positiv Aktioun géif Ënnerstützung fannen, an eng aktiv Anti-Atompolitik bedriwwen géif ginn.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Kox. Den Här Minister Jeannot Krecké.

» **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et sinn e puer Punkten, déi op deem Energie-Conseil zur Debatt stinn. Deen éischten ass effektiv dee vu Post-Kyoto, wou gefrot ginn ass, fir gegebenfalls 30% ze maachen, wann nach anerer matmaachen. Dat solle mer probéieren. Dat heescht, mir solle probéiere vill aner Länner, an zwar all déi Haaptacturen, mat an d'Boot ze kréien. Well jiddferree weess, wa mer dat net fäerdeg bréngen, da si vill Efforten, déi mir maachen, ech wëll net soen onnëtz, mä da bréngen se net dat wat mer eis erhoffen. Duerfir soll dat dat éischt Zil sinn.

Doropshin ass gefrot ginn, ob mer mat 20% wéilten d'accord sinn. Vu dass mer gesot hunn, mir wéilte bei Kyoto eng offensiv Politik bedriewen, wäert d'Lëtzebuerger Regierung och Jo soen zu deenen 20%, an awer e puer Mäen hannendrun hänken. Mä eng Rei Mechanisme mussen iwwerkuckt ginn. Mir hunn am Moment eng Rei Mechanismen a Berechnung. Ech hunn dat deemools schonn eng Kéier hei erkläert, wéi mer déi Energiedebatt haten; ech ginn net nach eng Kéier drop an. Do hat ech e puer Beispiller opgezielt, wou een einfach seet: Esou kann et net fonctionnéieren.

Et muss eng Approche «Marché intérieur» kommen, dat heescht, och eng Approche européenne kommen, dass een déi Ziler als Europa erfüllt. Mä - ech ginn elo dat lescht Beispill, wat ech héieren hunn -, wann Arcelor zu Léck eppes zomécht a si mécht et a Flandern op, da geet dat net. Da ka se net hiren Allocationsdénge mathuelen, scho guer net ze schwätzen, dass se se op Reims mathéit.

Duerfir, do ass awer iergendeppes an de Mechanismen; an där Beispiller ginn et jo vill, ech wäert där net nach bréngen. Déi musse geännert ginn, well soss klappt dat do hannen a vir net, a mir kréie Schwieregkeeten, fir der Industrie dat do ze explizéieren, an och de Leit. Duerfir hu mer gesot: Jo, mir si mat d'accord, fir an déi Richtung ze goen. Eng Rei Berechnungsmechanismen, eng Rei Flexibilitäten, déi einfach absurd sinn an näischt bréngen fir de Gesamt-paquet, well se jo näischt un der Situatioun änneren, mussen och geännert ginn.

Wat d'Atomenergie ubelaangt, huet déi Regierung hei an hirem Regierungsprogramm eng Positioun geholl; an dat ass nach ëmmer déiselwecht. Ech gesinn och net an, firwat dass mer dorunner eppes änneren sollen. Mir hunn net wëllen an déi Richtung ze goe fir Atomenergie ze produzéieren. Mir wëllen och näischt esou eppes bevirzéien. Mä mir wëssen awer och allegueren hei an deem Sall, dass mer elo emol nach an ab-



sehbarer Zäit wahrscheinlech Energie - a fir net ze soen elektresch Energie - eben hunn, wou nach e gudden Deel Atomstrom ass. Jee nodeem a wat fir Länner, dass ee geet, kann dat sinn tëschent 25, 50, a bis 70%.

Wat d'Efficacité énergétique ubelaangt, do sinn och déi 20% gefrot. Do wollt ech dem Här Fayot soen: De Problem ass e bëssen deen, dass Lëtzebuerg ze enger ganzer Rei Saache ka Jo soen, an dass et och Prioritéiten drop setzt, mä et sinn eng Rei Saachen, bei deene mir net wäerte soen: Et muss contraignant sinn. Ech ginn lech e Beispill: D'Énergies renouvelables sinn, à ne pas douter, eng absolut Prioritéit. Dat wëlle mer maachen, mä mir weisen awer drop hin, dass Lëtzebuerg duerch seng Geographie, duerch säin Territoire, duerch seng Topographie virun allem, duerch eng ganz Rei Elementer net op e Potenzial kennt, wou mir kënnen soen: 20%.

Duerfir si mir och net fir dat Contraignant. Mir sinn dofir dat Zil ze errechen, europawäit, mä mir kënnen jo net soen, Europa muss 20% errechen, wa mer wëssen, dass Préconclusionen aus enger Potenzialstudie soen, dass mer maximal op 8,9% kënnen kommen. Dat setzt viraus, dass mer alles ausnutzen, wat mer hunn. Da kënnen mer awer zu dësem Zäitpunkt also net soen: Europa muss 20% maachen, an direkt hannendrun: Mä mir maachen awer héchstens 8%, well méi ass net dran.

Den Ëmweltminister huet jo schon drop higewisen, dass hien elo wëllt all Kéiers dann anescht verfuere, wa sech Ëmweltstandarden an Energie-renouvelable-Moossname géigeniwwer stinn, dass hien do wa méiglech d'Faveure géif den Énergies renouvelables ginn. Mir wëllen dat Potenzial voll ausschöpfen.

Iwwregens sinn et fénnef Länner, déi am Moment gesot hu si wäere fir contraignant Mesuren. 15 Länner sinn net fir contraignant Mesuren. Déi aner siwen hu sech nach net expriméiert. A meeschtendeels ass et aus deeneselwechte Grënn. Et ass natierlech, dass Eisträch dat vill méi licht ka soen, bei där Topographie. Déi huele Waasserkraaft, mä mir hunn déi Méiglechkeet net. An et ass nëmmen aus der Waasserkraaft an aus der Wandenergie, wou een - loosse mer soen - ganz vill erauskritt, wat bei eis awer net vill gräift.

Wat mir duerfir gären hätten, dass mir dat um Niveau vun der Biomass probéieren, well mir méi Méiglechkeeten hunn déi voll ausnutzen. A mir wäerte plädéieren, dass hei nom Marché intérieur gekuckt gëtt. Dat heescht, wa mir elo net méi Wandenergie kënnen zu Lëtzebuerg maache wéi dat wat an eiser Potenzialstudie erauskënn, dass mir da kucken, ob mir mat engem anere Land kënnen eng Wandmillen, mettons, zu Ostend oprichten, an dass déi eis certifiéiert gëtt. Mir géifen se finanzéieren an et wier ons, mä dass se eis awer och ugerechent gëtt.

Fir dee Mechanismus plädéiere mer, well mer der Meenung sinn, et gëtt ee Marché intérieur, mä da muss deen och fir esou Saache spillen. Da kënnen net territorial Elementer spillen, wann een e Marché intérieur huet. An et kann een net vun engem Land verlaangen et soll 20% maachen, wann 8% méi oder wéineger de Maximum sinn, dee mer iwwerhaupt an eisem Potenzial eraushuele kënnen.

En anert Beispill ass dat vun de Biocarburants, wou eis Positioun déiselwecht wäert sinn. Ech wëll lech nëmmen ze bedenke ginn: Wa mir hei zu Lëtzebuerg all Surfaceagricolen, déi fir Uelechplanze kënnen genotzt ginn, géifen ausnutzen, da komme mir op 2%. Da kënnen mir jo awer net decément op Bréssel goen a soen: Mir maachen zwar nëmme maximal 2% - dat ass d'Potential, dat mir hunn -, mä Dir sollt awer kucken 10% ronn ze kréien. Ech mengen, dat wier jo net verstänneg.

Mir wëllen eng Prioritéit doraus maachen. Ech hunn lech hei schon eng Kéier erzielt, wat d'Problemer vun de Biocarburants sinn: Éischtens ass et net evident - do steet am Moment Expert géint Expert -, ob de Gesamtbilan wierklech esou gutt ass wéi gesot gëtt; zweetens, d'Fro vun de Monokulturen; an drëttens, déi praktesch Froen hei zu Lëtzebuerg.

Well dat muss ee jo mëschen. Also, kënnen mir nëmmen Accordé mat Ausländer hunn,

et sief da mir sinn elo d'accord, dass hei zu Lëtzebuerg all Liter, dee verkaaft gëtt - an de Gros vun de Litere gëtt direkt op d'Tankstelle gefouert a gëtt net zwëschegeleiert -, zwëschegeleiert a gemëscht gëtt. Well Der kennt lech jo virstellen, wa mir elo soen: Mir hätte gären 3,5% dran, an d'Belsch mëscht nëmmen 2%, an d'Hollänner - ech weess net - maache 4%, da gi mir natierlech bei d'Hollänner. Mä wann d'Hollänner och nëmmen 2% maachen, da kann ech lech elo scho soen, da bréngt mir et net ronn 3,5% ze hunn. Esou dass mir duerch eng Rei Saache Constrainten hunn. Mä et ass eng Prioritéit. Mir wäerten dat och esou ausdrécken.

Fir de Rescht sinn et nach e puer Froen, déi oppe bleiwen. Ob mir fir de Régulateur européien sinn, dat ass nämlech och eng Fro. Do si mir net derfir. Mir si fir eng besser Zesummenaarbecht vun deenen eenzelnen Acteuren, well dat riskéiert soss erëm en europäesche Waasserkapp ze ginn. Duerfir hu mir gesot: Et wier besser, et géif een eng contraignant gutt Zesummenaarbecht kréien tëschent deenen eenzelnen Acteuren.

Da gëtt vun der Kommissioun gefrot: deen „Unbundling“ um Niveau vun de Propriétéitsverhältnissen vun de Réseauen. Do si mir och net der Meenung, dass dat eng gutt Léisung ass. Et ass eng Léisung fir déi ganz grouss Opérateuren. Et ass eng dramatesch Léisung fir déi kleng regional - a mir sinn nach wie vor regional Opérateuren -, esou dass mir der Meenung sinn, dass mer solle kucken hei zu Lëtzebuerg - an dat sinn ech amgaangen ze maachen - d'Réseauen all zesummenzeschleissen a se ënner öffentlech Kontroll ze kréien.

Mir gesinn zwar alles vir, fir den „Unbundling“ och kloer kënnen ze maachen - dat heescht, et ass alles virgesinn -, mä mir sinn net der Meenung, dass een dat direkt soll maachen, well déi Gesellschaften, déi am kommerzielle Betrib sinn, hu jo keen Hannerland, déi hu jo näischt, mat deem se Sue bei eis kënnte léine goen, well am Fong geholl d'Valeur vun där Entreprise sonner Zweifel an allem leien, wat Réseau sinn. Da kënnen déi emol keng Sue léine goen, fir eppes ze maachen.

Duerfir si mer der Meenung, bei klengen Opérateure soll een dat net maachen. Mä, wann et misst geschéien, hu mer d'Méiglechkeet, fir et ze maachen.

Mir hunn och keng Produktioun. Et sinn aner, déi hu Réseau a Produktioun. Déi kënnen de Réseau ofscheiden, dann hu se Produktiounselementer, wat physisch gräifbar Immobilisatione sinn, mat deenen se sech kënnen op anere Punkte refinanzéieren. Dat ass fir eis Acteuren hei zu Lëtzebuerg bei kengem de Fall, wann hien de Réseau ofgeschnidde kritt.

Duerfir si mer der Meenung, dass déi kleng Opérateuren dat net solle maachen. Mä mir hunn awer kee Problem, wann dat bei deene grouse geschitt, well déi aner Méiglechkeeten hunn. Mä zu dësem Zäitpunkt si mer net der Meenung, dass den „Unbundling“ vun „Ownership“ soll kommen. Mä mir maachen et hei zu Lëtzebuerg esou, dass en an öffentlecher Hand ass.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Déi nächst Fro ass d'Fro 156 vum Här Claude Adam un d'Madame Erziehungsminister iwwert d'Chargés d'éducation. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

**- Question N°156 du 12 février 2007 de Monsieur Claude Adam relative à l'arrêt prononcé par la Cour administrative sur la relation de travail qui existe entre un chargé d'éducation et l'État, adressée à la Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle**

» **M. Claude Adam (DÉI GRÉNG).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, den 30. Januar 2007 huet d'Cour administrative definitiv tranchéiert, dat et net méi däerf sinn, dass de Patron Stat, an dësem Fall de Ministère de l'Éducation nationale, Aarbechtskontrakter op Durée déterminée däerf ausstellen, déi iwwer 24 Méint erausginn oder méi wéi zwee Mol erneiert ginn.

Et géif eis interesséieren, wéi d'Auswierkung vun dëser Décisioun fir d'Chargé am Primaire wieren. Et gëtt jo elo schon ähnlech Gerichtsuertheeler och hei, a mir mengen, dass dat net nëmme just ee Problem vun de Gemengen ass.

Mat schéiner Regelméissegkeet geet eng Circulaire ministérielle - déi einstweilen lescht am Juni 2006 - un d'Gemengen, mat der Direktiv, dass all Posten, deen net vun engem Schoulmeeschter oder enger Léierin

mat Brevet besat ass, muss publizéiert ginn. Dobäi gëtt sech op d'Gesetz vum 25. Juli 2002 oder de Règlement grand-ducal vum 16. Abrëll 2003 beruff. All Chargé de cours, deen déi Circulaire ministérielle eescht geholl huet an eventuell en neie beruffleche Wee gesicht huet, all Gemengeresponsabel an all Schoulspekter, déi déi Circulaire respektéiert hunn, si vum Ministère schlecht guidéiert ginn.

Wéi eng Konsequenzen huet déi Jurisprudenz fir de Primaire? Wéi eng Posté mussen dann elo 2007 publizéiert ginn? Ass dee Problem do iwwerhaupt vun de Gemengen ze léisen? Oder misst net hei de Stat seng Responsabilitéit iwwerhuelen, dem Chargé de cours e Kontrakt ubidden an déi Posté regional géréieren?

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Adam. Madame Minister, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Här President, ech hätt léiwer gehat, wann den Här Adam mer déi Fro e bësse méi spéit gestallt hätt; net am Dag, mä an der Zäit, well mer net méi spéit wéi nächste Freideg an der Regierung wäerten e längeren Échange hunn iwwert d'Reaktiounen an déi Aktiounen, déi d'Regierung wëllt ënnerhuelen als Äntwert op d'Décisioun vun der Cour.

(**Interruption**)

Jo, duerfir schéngt et mir kloer.

Ech wëll awer trotzdeem prezisieren, dass dee prezise Fall, op dee mer eis beruffen, e Chargé d'éducation aus engem Lycée ass, also een, deen e Kontrakt mam Stat huet, an net mat enger Gemeng, an dass d'Situation bei de Gemengen natierlech nach méi komplizéiert ass wéi beim Stat, well do gëtt et jo verschidde Statuten, souwäit ech informéiert sinn: Déi eng hunn einfach e Kontrakt à durée déterminée; da gëtt et Leit, déi als Employés privés bei Gemengen agestellt sinn; an et si Gemengen, déi hu Leit als Employés communaux agestellt. An dee Statut vum Employé privé gëtt et zum Beispill beim Stat net.

Duerfir ass déi Situation vill méi komplizéiert, wéi dass ech se kënn haut eleng a menger eenzeger Kompetenz als Educatiounsminister beäntwerten. An duerfir géif ech lech bieden, e bësse Gedold ze hunn, bis mer eis an der Regierung doriwuer mam Innenminister a mam Minister vun der Fonction publique concertéiert hunn. Mir sinn amgaang, dorunner ze schaffen.

Dat Eenzegt, wat ech weess, ass, dass et fir eis elo direkt als Konsequenz huet, dass mir natierlech dee Jugement vun der Cour elo unhuelen. An dat heescht, dass déi Person, déi elo e Contrat à durée déterminée hat, hire Contrat elo verwandelt kritt huet an e Contrat à durée indéterminée.

Mir diskutéieren dann iwwert d'Application générale, an haaptsächlech muss mer diskutéieren, wéi mer elo widerfuere, well dat do léist vläicht d'Situation vu 520 Chargéen, déi et de Moment an der Lëtzebuerg postprimaire Schoul gëtt - woubäi et mir awer wichteg ass ze soen, dass dat näischt an hirem Stonnzuel ännert. Dat si jo ganz verschidde Situationen. Déi eng hu vill Stonnen, aner hunn der wéineg. Et ännert just drun, dass se elo fest agestellt sinn. A wat d'Fro betrëfft, wéi mer da mat de Gemengen an och fir d'Zukunft wäerte widerfuere, wär ech dankbar, wann Dir mer déi Fro dann an enger gewësser Zäit nach eng Kéier kéint stellen.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Minister. Nächste Froesteller ass den Här Xavier Bettel. Den Här Bettel stellt eng Fro un de Kooperatiounsminister an den Aarbechtsminister iwwert d'Sozialbäitrag vun deene Leit, déi um Gebitt vun der Kooperatioun tätég sinn. Här Bettel, Dir hutt d'Wuert.

**- Question N°158 du 12 février 2007 de Monsieur Xavier Bettel relative aux cotisations sociales des coopérants, adressée à Monsieur le Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire et à Monsieur le Ministre du Travail et de l'Emploi**

» **M. Xavier Bettel (DP).** - Merci, Här President. Ech mengen, Dir hutt scho bal meng Fro gestallt.

(**Hilarité**)

Am Fong huet d'Gesetz...

» **M. le Président.** - Här Bettel, ech hunn net Är Fro gestallt. Ech hu just d'Chamber informéiert iwwer wat Dir wëllt eng Fro stellen.

» **M. Xavier Bettel (DP).** - En effet, Här President, esou wéi Dir et elo just gesot hutt, d'Gesetz vum 6. Januar 1996 iwwert d'Kooperatioun an den Développement gesäit a sengem Artikel 30 vir: «Les cotisations de sécurité sociale dues pour la durée de la mission de coopération sont à charge de l'État. Elles sont payées au Centre commun de la Sécurité sociale par l'organisation non gouvernementale et remboursées à celle-ci par l'État sur présentation des pièces justificatives.»

Dat heescht, bis am Dezember 2006 hunn d'ONGe bei deene Leit, déi se an d'Kooperatioun geschéckt hunn, d'Part Salarié an d'Part Employeur vun der Regierung bezuelt kritt. Elo ass et esou, dass den 13. Dezember 2006 e Bréif komm ass vum Ministère, deen zu deenen ONGe gesot huet, dass dëst Gesetz bis elo schlecht interpretéiert gi wär an dass de Stat nëmme géif d'Cotisation sociale au titre de l'employeur an net au titre de l'employé iwwerhuelen. Dat huet bei verschidde ONGen dann och fir Inquiétude gesuergt.

Dowéinst géif ech gären de Minister froen, firwat déi Interpretatioun elo 2006 geännert gëtt - et waren elo zéng Joer während deenen de Prinzip esou war -, an ob déi Interpretatioun och elo definitiv wär.

Wat sinn d'Konsequenze fir d'Coopéranten, déi elo um Terrain schaffen, an ass och envisageabel, dass eng ONG à titre rétroactif dës Cotisation sociale op de Salaire vum Coopérant dann elo rechne muss?

» **M. le Président.** - Merci, Här Bettel. Dir hutt gesinn, meng Introduktioun war net esou komplett wéi Är Fro. Den Här Kooperatiounsminister huet d'Wuert.

» **M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, contrairement zu deem, wat den Här Bettel gesot huet, war d'Praxis an der Kooperatioun keng uniform Praxis, an dat scho säit zéng Joer, wéi mer bericht gëtt.

Et sinn eng Rei ONGen, déi dee Remboursement do gefrot hunn, an en och kritt hunn. Et sinn eng Rei ONGen, déi en net gefrot hunn an en och net kritt hunn. Meng Servicer hu sech mat där Fro auserneegeat an hu probéiert dat ze uniformiséieren. A si hunn dann eng Interpretatioun zréckbehalen an déi och matgedeelt, fir dass dat an Zukunft uniform wär, well ech mengen, dass et normal wär, wann dat géif uniformiséiert ginn.

Ech krut entre-temps e Bréif, respektiv meng Servicer, vum Cercle des ONG, deen sech doriwuer beklot. Mir kruten awer och e Mail vun enger ONG, déi sech iwwert de Cercle des ONG beklot, well deen där anerer Meenung ass.

Dir gesitt also, dass déi Interpretatiounen do an all Richtung ginn. Meng Servicer hu sech d'Méi gemaach, fir eng zréckbebehalen. Ech si bereet doriwuer ze schwätzen. Et sinn éischt Gesprécher geplangt mam Groupe de travail ONG dëse Freideg. Et gëtt och de Comité interministériel domadder befaasst. An da berichten ech lech iwwert déi definitiv Léisung. Ech sinn iwwerzeegt, dass mer do eng fannen. Wat ech elo scho kann ausschleissen, dat ass, dass ierendeng Retroactivitéit do zum Droe kéim.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. An deem Mooss, wou den Här Bettel sech och un den Aarbechtsminister gewannt hat, sollt den Aarbechtsminister eppes zu där Äntwert vu sengem Kolleeg bäizedroen hunn, géif ech him elo d'Wuert ginn.

» **M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi.** - Also, ech si gewinnt, dass d'Leit sech ganz oft u mech wenen, och wann et net meng Kompetenz ass. Wann den Här Bettel mer elo erkläert, wéi wäit meng Kompetenz geet, an dass déi méi grouss ass wéi déi, déi déi vum Aarbechtsminister ass, dann äntweren ech him drop: Mä am Prinzip huet hei den Aarbechtsminister keng Kompetenz an deem doten Dossier, well et geet ëm d'Kooperatioun, et geet ëm Leit, deenen hire Patron de Stat ass, an et geet ëm d'Sécurité sociale.

» **M. le Président.** - Här Minister, Dir sollt lech glécklech schätzen, wann d'Deputéierten der Meenung sinn, Dir wiert fir esou viles kompetent.

(**Hilarité**)

» **M. Xavier Bettel (DP).** - Elo sinn ech ganz enttäuscht, Här President!

(**Hilarité**)

» **M. le Président.** - Mir kommen elo zur Fro 160 vun der Madame Brasseur un de



Kulturminister an un de Bauteminister iwert déi nei Gebailechkeete fir d'Nationalarchiven. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

**- Question N°160 du 12 février 2007 de Madame Anne Brasseur relative à l'ouverture de nouveaux bâtiments abritant les Archives nationales, adressée à Monsieur le Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche et à Monsieur le Ministre des Travaux publics**

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, 2004 ass e Projet de loi am Mee déposiert ginn, fir nei Gebaier fir d'Archives nationales ze bauen, wat jo och wierklech kee Muttwëll ass. An dunn ass eng Question parlementaire den 2. Februar 2006 gestallt ginn, also just virun engem Joer, wéi et mat deem Projet wier. Do huet d'Madame Statssekretär vun der Kultur geäntwert, aus Contraintes budgétaires géif dee Projet nach eng Kéier gekuckt ginn a remaniéiert ginn. An et géifen transitoire Solutiounen elo fonnt ginn, an dofir géif e Groupe de travail agesat ginn, fir ze kucken, wéi dann d'Archiven elo besser kéinten organiséiert ginn, ouni dass een direkt dat nei Gebai baut.

Ech war awer paff, wéi ech de Site vum Ministère de la Culture gekuckt hunn. Énner „Archives nationales“ kann ee gesinn, do steet „un nouveau bâtiment en 2007“, mat enger Foto vun der Maquette derbäi. Do gesäit et also esou aus, wéi wann dat Gebai elo 2007 scho géif stoen. Or, dat ass jo awer net de Fall.

Dofir wollt ech froen, ob de Minister net drun denkt, dass dee Site awer nei gemaach gëtt an déi Informatioun, déi sécherlech jo awer net méi richtig ass a scho laang net méi richtig ass, redresséiert gëtt.

Mä ech wollt awer och doriwwer eraus froen: Wéi ass et mat deem Projet? Gëtt den esou duerchgefouert, wéi et 2004 virgesi war? Oder sinn elo nei Erkenntnisser komm? De Site vu Belval, gëtt dee bäibehalen? Wann net, ass en anere Site virgesinn?

A virun allem géif mech interesséieren, wat dann déi Léisunge wieren, vun där d'Madame Statssekretär an hirer Äntwert den 2. Februar 2006 geschwat huet. Léisungen, déi e Groupe de travail ausgeschafft huet, fir dass, en attendant bis en nei Gebai kënn, d'Archive besser fonctionnéieren. Ech weess, dass eng Léisung hei ënnert dem Parking fonnt ginn ass. Ech weess och, dass am Postgebai eng Léisung fonnt ginn ass. Mä dat ka jo awer nëmme provisoire sinn. An et ass schwierig ënnert deene Konditiounen ze schaffen.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Brasseur. Ech ginn dann dem Här Bauteminister Claude Wiseler als Éischt d'Wuert, en attendant vläicht, dass de Kulturminister och wéilt Stellung zu där Fro huelen.

**(Hilarité)**

» **M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.** - Merci, Här President. Op d'Äntwert vun deene puer Froen, déi d'Madame Brasseur gestallt huet, schéngt et mer evident, dass den Internetsite mat deenen Datume muss eng Kéier liicht iwwerschafft ginn.

Wat awer elo den Inhalt vun der Fro selwer ugeet, do wëll ech soen, dass effektiv dee Groupe de travail, deen agesat gi war, wou mer och op Basis vun der Question parlementaire, déi virun engem Joer gestallt ginn ass, drop opmierksam gemaach haten, seng Aarbechten ofgeschloss huet an datt en och am Oktober 2006 d'Konklusioun vun deenen Aarbechten un de Fonds Belval weidergerech huet.

D'Konklusiounen vun deenen Aarbechte sinn, dass inhaltlech dat Ganzt nach eng Kéier iwwerschafft ginn ass an datt eng Proposition gemaach ginn ass, fir déi Archiven an dräi Phasen ze maachen. Dovunner géif déi éischt Phas 20.000 m<sup>2</sup> Stockagefläch betreffen a 5.000 m<sup>2</sup> Service-Surface. An da fir auszubauen zwou Phasen hannendrun, vu 5.000 m<sup>2</sup> jiddfer Phas. Dat heescht maximal nach 10.000 m<sup>2</sup>, déi een da ka virgesinn do bäizebauen, wann d'Besoiné sech da stellen. Zurzäit hu mer gesinn, dass déi Besoinen do sinn.

Dat Zweet, wat gemaach ginn ass, dat ass, dass déi ganz Programmation, déi op Belval ofgewéckelt gi soll, selbstverständlech an dee Concours d'architecture d'urbanisme eragesat ginn ass, deen elo fir de Site ausgeschriwwen ginn ass, deen elo och amgang ass ze lafen, an d'Projeten zu deem Concours, déi si fir den 30. März 2007 eranzeginn. De Jury soll d'Resultater bis zum 15. Mee 2007 - esou gesäit de Programm et vir - präisginn.

Do gesi mer da wéi genau d'Implantation a wéi de Phasage vun deenen eenzelne Saachen zesumme mat aneren Etablissements, déi jo nach op deemselwechte Site wäerten entsto, wéi d'Uni Lëtzebuerg, wéi dat wäert dann an engem kohärenten Ensemble, och an engem Zäitplang gemaach ginn. Dofir ass et elo haut schwéier, de genauen Zäitplang dovunner elo schonn ze soen. Et kann een awer soen, dass fir d'Aarbecht, déi muss gemaach gi fir d'Opstellung vun engem APS/APD, sechs Méint wäerte betruucht ginn; dass déi Aarbecht, déi parlamentaresch a Regierungsaarbecht, déi mer ze maachen hunn, néng Méint ronn wäert an Usproch huelen - dat sinn Erfahrungswäerter -; dass d'Exekutioun an d'Ordre-de-soumissionen och néng Méint, an d'Bauphas zwëschen zwee an dräi Joer wäert sinn.

Dat hänkt awer dann dovunner of, wéi mer de Phasage vum ganze Bau maachen, vun all deem, wat elo an deenen nächste véier, fënnf Joer wäert um Site Belval entsto. An dat ass jo enorm, enorm vill.

Also de 15. Mee 2007 wäerten do, wat de Phasage ugeet, méi prezis Äntwerte kommen, wéi d'urbanistescht Konzept zu Belval soll sinn. Dat war et elo fir main Deal; an dann nach fir deen zweeten Deal vun der Fro, den Här Biltgen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister Wiseler. Ech ginn dann dem Här Minister Biltgen a senger Eegenschaft als Kulturminister d'Wuert, och wann hien als Aarbechtsminister hei net kompetent ass.

» **M. François Biltgen, Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.** - Tjo, an ech sinn nach eng Kéier net kompetent. Ech ka mech de Mëtteg eigentlech nëmme freeën iwwert dat groust Vertrauen, wat d'DP-Deputéierten a mech hunn, well si stelle mir lauter Froen, just net déi, déi mat menger Kompetenz eppes ze dinn hunn.

Well, Madame Brasseur, Dir waart warscheinlech net esou aktiv present d'lescht Joer, wëll ech lech drop opmierksam maachen, dass et zënter engem Joer kee Kulturminister méi gëtt, mä eng Kulturstatssekretärin. Leider kann d'Kulturstatssekretärin, wéi se dat der Chamber matgedeeelt huet, haut net hei sinn, esou dass ech och eigentlech net kéint äntweren, well ech hunn och keng Delegation vun der Kulturstatssekretärin, fir lech drop ze äntweren. Dat wat ech lech dann elo äntweren, dat maachen ech dann ënnert dem Contrôle vun der Kulturstatssekretärin, déi de Lëtzebuurger Kino op der Berlinale zu Berlin - do gehéiert d'Berlinale eigentlech hin - vertritt.

Ech wëll soen, dass et en Dossier ass, zu deem Der hei Stellung huet, dee mech extrem interesséiert, well ech extrem interesséiert sinn un der Cité des Sciences op Belval. A wann deen urspréngleche Projet vun den Archiven als architekturele Projet zréckgestallt gouf, dann hat dat och eppes domat ze dinn, dass en extrem deier an extrem grouss war, well en hätt missen an engem Stéck operéiert ginn.

A mir sinn eis dunn eens ginn, déi verschidden Haiser - dat war zu enger Zäit wou et effektiv nach e Kulturminister gouf -, dass mer sollen en neie Projet maachen, wéi de Claude Wiseler dat elo erkläert huet, fir och do kënne méi kleng ëmmer erëm unzebauen. Well d'Iddi ass nach wie vor richtig, dass ee soll d'Archiven op laang Zäit plangen an net nëmme eleng maachen.

Wat elo déi aktuell Froen ubelaangt, wëll ech soen, dass effektiv - de Claude Wiseler sot dat schonn - um Internetsite vum Kulturministère dat stoung. Dat, mengen ech, ass scho geännert. Dat ass e Lapsus, deen heiansdo virkënt.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Neen, et steet nach ëmmer hei.

» **M. François Biltgen, Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.** - Da gëtt et haut de Mëtteg geännert. Ech wäert dann och selwer dat änneren. Obwuel ech keng Kompetenz dofir hunn, maachen ech dat.

**(Hilarité)**

Da wëll ech soen, dass, wat déi aktuell Solutiounen...

**(Interruption)**

Neen, mä ech si mer bewosst, dass dat e wichtige Problem ass, ech bekëmmere mech selwer drëm.

Ech wëll da soen zu deenen aktuelle Solutiounen, déi envisagéiert sinn, do ass et esou, dass deen Aarbechtsgrupp, deen déi verschidden Haiser agesat hunn, amgang ass, zwou Iddien ze studéieren. Déi éischt ass déi, dass de Geschichtsmusée, deen

eng Annex huet an den Archiven, nämlech um Späicher vun den Archiven, deemächst déi Saachen eraushëlt aus där Annex, esou dass do d'Archive méi Plaz kréien op där aktueller Plaz, an dass versicht gëtt iwwert de Wee vun der Commission des loyers, fir ze kucken d'Archiven an den ale Comptoir pharmaceutique ze logéieren.

**(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)**

Dat huet de Virdeel, dass e ganz no ass zum Gebai vun der Post, op dat Der virdrun och effektiv agaange sidd, wou elo schonn d'Mikrofilmer sinn, ënner anerem, vun den Archiven. Esou dass mer, en attendant déi 48 Méint, wéi de Claude Wiseler gesot huet, do versiche Léisungen ze fannen, fir den Archiven et ze erlaben uerdentlech ze schafen.

» **M. le Président.** - 48 Méint, Här Minister, Dir waart eng Minutt an 48 Sekonnen iwwert d'Zäit.

Madame Brasseur!

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Här President, ech wollt just, wann Der erlaabt, eng Remarque maachen zu deem, wat den Här Biltgen gesot huet. Hien hat gemengt, ech wier d'lescht Joer net esou aktiv gewiescht. Dat ass seng Appréciation, déi hie mécht. Ech kann dat net esou constatéieren.

Ech si frou, dass den Här Biltgen, obwuel hie keng Kompetenz méi huet, esou laang konnt op eng Fro äntweren, an dass hie mer Äntwerten op meng Fro ginn huet. Ech sinn och frou, dass hie sech selwer drëm këmmert, dass deenen Internetsite elo geännert gëtt. Ech huelen un, dass dat awer nach ënner senger Kompetenz dropstoe koum.

**(Hilarité)**

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Sou, domadder hu mer déi Fro definitiv ofgeschloss a mir kommen zur leschter Fro. Dat ass déi vum honorablem Här Claude Meisch un den Här Minister zoustänneg fir de Wunnensbau iwwert de Pacte «Logement». Här Meisch!

**- Question N°161 du 13 février de Monsieur Claude Meisch relative au Pacte «Logement», adressée à Monsieur le Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement**

» **M. Claude Meisch (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt eng Fro un de Wunnensbauminister stellen - an des Kéier ginn och gären zou, dass den Här Biltgen wierklech net dee richtige Mann ass, fir heirobber ze äntweren.

Virun zwou Wochen huet d'Regierung de Pacte «Logement» virgestallt. E Pakt, wou jo eng ganz Rei vu Mesuren dra virgesi sinn, fir der Evolutioun vun de Baupräscher no uewen entgéintzewierken, fir ze kucken, dass mer à moyen terme esou vill gebaut kréien hei am Land, wéi wierklech gebraucht gëtt, dass d'Offer där grousser Demande um Wunnensmaart ka gerecht ginn. Énner anerem sinn do jo eng ganz Rei vun eenzelne Pactes pour le logement mat den eenzelne Gemenge virgesinn.

Do ass gesot ginn, et wäere 35 Gemengen interesséiert gewiescht, an et wär och an déi Richtung, wou géif higeschafft ginn, dass wierklech dee Pakt mat de Gemenge géif derzou féieren, dass d'Gemenge méi proaktiv géife ginn op hirem Territoire, dass se déi eenzel Acteuren, siefen se öffentlecher oder privater Natur, géifen ënnerstëtzen, wa Wunnensbauprojet solle geplangt oder sollte wëlle realiséiert ginn op hirem Territoire.

Elo huet awer an engem Interview de Fraktiounspräsident vun der CSV, de Michel Wolter, leschte Freideg an der Wochenzeitung „Lëtzebuurger Land“ gesot, hie géif eigentlech schätzen, dass nëmme zwielef Gemengen insgesamt a Fro kéimen, fir dee Pacte «Logement» do matzemaachen, dass se de Poids hätten, dass se déi Konditiounen, déi an deem Pacte «Logement» un d'Gemenge géife gestallt ginn, kéinten erfüllen.

Sollt dat de Fall sinn, da kann een natierlech dervunner ausgoen, dass op där anerer Säit den Impakt, deen herno iwwert dee ganze Programm wierklech um Terrain derbäi géif ëmgesat ginn, nämlech dass d'Präscher gebremst géife ginn, dass vill méi gebaut géif ginn, dass deen deemspriechend dann och méi geréng wär.

Ech wollt duerfir de Wunnensbauminister froen, ob hien d'Meenung vun Michel Wolter deelt, dass effektiv nëmme un déi zwielef Gemenge kéinten bei deem Pakt do matmaachen, an ob hien net meng Aschätzung deelt, dass dat derzou géif féieren, dass herno de Gesamtimpakt vum Pacte «Logement» awer staark hypothéquéiert wär.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Meisch. Den Här Minister Fernand Boden huet d'Wuert.

» **M. Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kéint des Fro mat engem Wuert beäntweren: Neen! Da wär den Här Meisch net ganz zefridde mat där Äntwert. Ech muss awer och soen, dass déi Fro hei net grad e ganz positive Geescht vu sengem Auteur beweist, fir konstruktiv a positiv matzewierken, fir déi Problematik vum Wunnensbau gemeinsam a konstruktiv unzegeen. A wann ech den Här Meisch net schonn a senger anerer Qualitéit als Déifferdenger Buergermeeschter erlieft hätt, géif ech wierklech u sengem gudden Willen zwiwelen, well ech froe mech, wat dat Gestéppel vun där Fro hei soll.

**(Interruption)**

Doduerch gëtt net eng eenzeg Wunneng weider hei zu Lëtzebuerg gebaut! Dir hutt selwer drop higewisen, dass ech virun dräi Woche bei dräi Chamberskommissiounen war, dass ech do an de groussen Zich de Wunnensbaupaket an de Wunnensbaupakt - wat zwou verschidde Saache sinn - virgestallt hunn, an ech och deemools gesot hunn, dass ech op e groussen Intérêt vun de Gemenge géif stoussen, fir mat der Regierung e Wunnensbaupakt ofzeschléissen.

Deemools hätte sech 28 Gemenge scho spontan bereet erkläert mat eis Diskussiounen a Verhandlungen unzefänken; souguer éier de Projet de loi am Detail bekannt war. An nodeem dat Gesetz prinzipiell vum Regierungsrot guttgeheescht an och der Öffentlechkeet virgestallt ginn ass - viru 14 Deeg war dat de Fall -, sinn et elo 35 Gemengen, déi mat eis Kontakt opgeholl hunn, déi also bereet sinn hir Verantwortung ze iwwerhuelen, déi bereet si mam Stat a mat de Privatpromoteuren zesummen de Wunnensbau unzekuerbelen, a fir e Revirement ze kréien op der Präisfront, virun allem vun de Baulandpräisser.

Vun deene 35 Gemenge sinn et 23 IVL-Gemengen; also déi grouss Majoritéit. Dat beweist och, dass dat wat mer jo gären hätten, dass IVL-Gemenge solle prioritär Wunnenge schafen, och de Fall ass. Des 35 Gemenge representéieren iwwerengens méi wéi 57% vun der Gesamtbevölkerung.

Ech wëll och soen, dass ënnert deene 35 Gemengen an deenen 23 IVL-Gemengen och déi Déifferdenger Gemeng derbäi ass, mat där iwwerhaapt eis Leit haut amgaange sinn zesummenzeschaffen, fir esou e Pakt virzubereeden. Also, ech si frou, dass do eng konstruktiv Zesummenaarbecht besteet. Ech sinn och iwwerzeegt, dass nach vill aner Gemenge wäerten derzoustoussen. Ech denken och, dass mer gemeinsam mat deene Gemengen déi néideg Signaler setze kënnen, fir dass de Wunnensbau soll weider ugekuerbelt ginn an d'Präscher sollen ëmgedréint ginn.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domadder ass dese Punkt vun eisem Ordre du jour ofgeschloss. Mir kommen zum nächste Punkt, dass ass d'Diskussioun iwwert de Projet iwwert d'Duerchsiche vun de Gefierer. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Patrick Santer.

## 9. 5522 - Projet de loi portant réglementation de la fouille de véhicules

**Rapport de la Commission juridique**

» **M. Patrick Santer (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beim Projet de loi 5522 handelt et sech ëm eng ganz heikel Matière, wou et drëms geet - wéi esou dacks am Strofrecht - zwee a priori kontradiktoresch Prinzipien mateneen ze verbannen: Op där enger Säit dofir ze suergen, dass d'stroferechtlech Enquêtes effektiv sinn, fir den Täter vun enger Strofdofft ze iwwerféieren an ze bestrofen; an op där



anerer Sâit dofir ze suergen, datt d'Grondrechter vun alle Bierger genügend beschützt ginn.

Bei der Duerchsuechung vun engem Auto, engem Camion, engem Motorrad läit dës scheinbar Kontradiktioun op der Hand. Déi Gefierer ze duerchsichen, gehéiert zwar zu enger effikasser polizeilecher Aarbecht, mä et geet och dréms d'Privatsphär, de privaten Eegentum an d'Bewegungsfräiheete vu jiddferengem ze schützen. Dobäi kënn nach, datt an dëser Matière eng Rechtson-sécherheet besteet, déi et gëllt aus der Welt ze schafen.

Am Code d'Instruction criminelle steet nämlech näischt iwwert d'Duerchsueche vu Gefierer; Fouille de véhicules, wéi dat esou heescht. Niewebäi gesot, hu mer an der Commission juridique den Terme «Fouille de véhicules» benotzt, wéi dat och vum Statsrot proposéiert gouf, an net dee vu «Visite de véhicules», wéi vun der Regierung virgeschloen, well hei grondsätzlech Duerchsuechungen an net iwwerflächlech Visité méiglech ginn.

Also, am Code d'Instruction criminelle steet näischt iwwert dëse Sujet. Et befanne sech zwar spezifesche Regelen am Drogengesetz vun 1973 an am Douanesgesetz vun 1963, mä hei handelt et sech ëm secteurspezifesche Regelen.

D'Rechtson-sécherheet gëtt nach méi schlëmm, wann ee sech d'Jurisprudenz ukuckt. Ass den Auto mam Domizil, wou een, ausser am flagrant délit, en Hausduerchsuechungsbehehl vun engem Untersuchungsriichter brauch, gläichzestellen? Jo, ass d'Äntwert an zwee Fäll, nämlech wann den Auto an enger Garage steet, oder wann et sech ëm eng Caravane oder e Camping-car handelt.

Mä wéi ass et an deenen anere Fäll, wann den Auto fiert oder parkt? A Frankräich an an der Belsch, éier déi zwee Länner sech spezifesche Regele ginn hunn, war d'Äntwert, datt den Auto net mam Domizil gläichzestelle wär. Dat hunn déi iewescht Geriichter a Frankräich an an der Belsch esou beschloss.

Zu Lëtzebuerg hunn d'Geriichter eng ganz aner Approche, a si hunn, ausser am flagrant délit, Duerchsuechungen vu Gefierer ouni Mandat vun engem Untersuchungsriichter systematesch annulléiert. Der Lëtzebuurger Jurisprudenz no ass den Auto d'Extenssioun vum Domizil, nom Motto: „My home is my castle.“ My home is my car. An ëmgedréint.

#### (Interruption)

Dës Jurisprudenz an de Fait, datt et eng wichteg Matière ass, souwuel vum Standpunkt vun de Justizautoritéite wéi vun deem vun de Grondrechter, hunn dozou gefouert, datt duerch de Projet de loi 5522 kloer Regele fir Duerchsuechungen vu Gefierer elo am Code d'Instruction criminelle festgehale ginn.

De Statsrot huet a sengem Avis eng ganz Rëtsch vu Kritiken an och e puer Opposition-formellë gemaach. Mir hunn all dës Virschléi vum Statsrot iwwerholl, mat enger ganz klenger grammatikalescher Ännerung. Am Wesentleche woren dem Statsrot seng Kritiken op de Schutz vun de Grondrechter an der praktescher Ausleeung vum Projet de loi begrënt.

De Projet de loi gesäit zwee Fäll vir, wou Gefierer duerchsicht kënnen ginn: Éischtens, wann Indizië virleien, datt eng Strofdot be- gaange gouf; an zweetens, op Réquisitioun vum Procureur d'État, deen esou Operatioune fir eng gewëssen Zäit an op bestëmmte Plazen ordonnéiert. De Projet de loi hat nach eng drëtt Méiglechkeet virgesinn, an zwar wann et dréms gaange wier Autoen - Gefierer - ze duerchsichen, ech zitieren: «pour prévenir une atteinte grave à la sécurité des personnes et des biens». Op Proposition vum Statsrot, deen der Meenung wor, dës drëtt Situatioun géif sech seelen an der Praxis erfännen, hu mer dës Méiglechkeet aus dem Projet de loi gestrach.

Fir elo ganz kuerz op déi zwou Méiglechkeeten zrëckzekommen: Déi éischt besteet, wann Indizië virleien, datt de Fuierer oder d'Passagéier vun engem Gefier eng Strofdot, e Crime oder en Délit begaangen hunn, oder versicht hunn ze begoen. En Officier de police judiciaire kann dann den Auto

duerchsichen. Wann et sech erausstellt, datt schon en Untersuchungsriichter mat där Strofdot befaasst ass, da muss deen doriwuer informéiert ginn.

D'Duerchsuechung fënn a Presenz vum Fuierer oder vum Propriétaire statt. Wann deen net do sollt sinn, da muss eng Genehmigung vum Procureur d'État virleien. E Procès-verbal gëtt erstallt, wou d'Detailer vun der Duerchsuechung festgehale ginn, wien dës Duerchsuechung duerchgefouert huet, aus wellechem Grund, wat fir een Auto et war, an esou weider. De Propriétaire oder de Chauffeur vum Gefier kritt eng Kopie vun deem Procès-verbal.

Den Auto oder d'Géigestänn, déi sech doranner befannen an déi d'Strofdot erméiglecht hunn oder déi der Enquête kënnen behëlleflech sinn oder déi confisquéiert kënnen ginn, kënnen vum Officier de police judiciaire saiséiert ginn. Heivunner gëtt och e Procès-verbal gemaach.

Am zweete Fall kann de Procureur d'État fir eng bestëmmten Zäitspan - 24 Stonnen, déi och erneiert kënnen ginn - an op bestëmmte Plazen Autosduerchsuechungen ordonnéieren, fir gewësse Strofdoten opzeklären. Bei deene Strofdoten handelt et sech entweder ëm schro Fäll wéi Terrorismus, Geiselnahm, Criminalité organisée, oder Doten, déi méi dacks an onse Géigende stattfannen, wéi Déifstal, Recel oder Drogenhandel.

Déiselwech Regelen iwwert d'Saisie, déi ech virdrun erläutere hunn, sinn hei och applicabel. D'Duerchsuechung muss hei och nach eng Kéier a Presenz vum Chauffeur oder vum Propriétaire gemaach ginn, oder, wann déi net do sinn, op Autorisation vum Procureur. E Procès-verbal gëtt och gemaach, wann eng Strofdot - et muss net déi sinn, déi an der Réquisitioun vum Procureur d'État drasteet - virläit, wann de Propriétaire oder de Chauffeur et verlaangt, oder wa se net géigewäerteg sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wann Autosduerchsuechungen noutwendeg sinn, da sollen se och gemaach ginn. Mä d'Aschränkung vum der d'Privatsphär oder dem Eegentumsrecht vum Bierger mussen op dat Noutwendegst begrenzt ginn. D'Justizautoritéiten an d'Polizei kréien hei kee Persilschäin, fir alles ze maachen. Kloer Regelen, akloer Rechter a Rechtssécherheet ginn hei geschafen.

An esou gesäit een och, dass déi zwee Prinzipien, déi a priori inkompatibel sinn - d'Effikassitéit vun der Procédure pénale au sens large du terme an de Respekt vun de Grondrechter - matenee kënnen an Aklang bruecht ginn.

D'Kommissioun huet dëse verännerte Projet de loi an deen dozougehierende Rapport de 24. Januar 2007 unanime guttgeheescht, an d'CSV-Fraktioun wäert datselwech maachen.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Santer. Dann huet den honorabelen Här Bodry d'Wuert.

#### Discussion générale

» **M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëse Projet de loi schreift sech an an d'Beméiung vun dëser Regierung de Polizei- an de Justizorganer déi néideg legal Instrumenter ze ginn, fir wirksam, méi wirksam vläicht wéi dat haut an alle Fäll méiglech ass, bei der Verbiechensbekämpfung kënnen virzegoen.

Ech erënnere an dësem Zesammenhang och un d'Gesetz vum 25. August 2006 iwwert d'Empreintes génétiques, dat eng ähnlech Zilsetzung hat. An et sinn och eng ganz Rëtsch vun anere Projeten do, déi sech an déiselwech Iwwerleeungen eraschreien.

D'Noutwendegkeet, fir dëst Gesetz ze maachen, ergëtt sech aus der Jurisprudenz, aus der Interpretation, déi eis Geriichter gemaach hu vun deene bestehenden Texter, déi d'Perquisitioune uginn, vun deenen se eng strikt Interpretation gemaach hunn, an also, wéi de Rapporteur ganz richtig ervirgehewen huet, hei eigentlech d'Konzept vum Schutz vum Domicile, vum Wunnsätz iwwerholl hunn an dee spezielle Beräich, wou Duerchsuechungen an Autoen duerchgefouert ginn. Se sinn esou eigentlech zur Konklusioun komm, dass d'Polizei keng esou Duerchsuechunge ka virhuelen, et sief dann, si géif op ausdrëcklechen Uerder vun de Justizorganer hin handelen.

Nu wësse mer awer, dass et Fäll gëtt, wou am Sënn vun der Opklärung vu Strofdoten et noutwendeg ass, dass esou Duerchsuechungen vun Autoen mussen kënnen duerchgefouert ginn. Dat däreft selbsterständlech kee Fräischäin gi fir eis Polizeiorganer a muss also ganz kloer gesetzelch enca-

dréiert bliwen. An haut hu mer zwee esou Fäll, déi duerch Spezialgesetzter geregelt sinn, d'Gesetz iwwert d'Douane respektiv iwwert d'Drogebekämpfung, wou kloer festgeluecht ass ënner wat fir enge Bedéngungen, bei wat fir enge Prozeduren esou Duerchsuechungen vun Autoen kënnen duerchgefouert ginn.

Hei geet et drëm, net déi doten zwee Gesetzter ëmzeänneren, déi bleiwe voll a Kraaft, mä et geet iwwert deen heite Text drëm, fir och an aneren Hypotheese kloer festzelleen, ënner wat fir enge Konditioune, ënner wat fir enge Prozeduren Autoen vun de Polizeiautoritéiten duerchsicht kënnen ginn. Dat däreft net vum Gutdünke vun deem eenzelne Polizist ofhänken, mä dat muss also ganz kloer an enger restriktiver a preziser Rumm geschéien.

Déi éischt Fro, déi een sech also stelle muss, ass: Ass dat heite Gesetz néideg? An déi Ausféierungen, déi ech virdrun gemaach hunn, loosse eis als LSAP-Fraktioun zur Konklusioun kommen, dass esou e Gesetz sécherlech néideg ass, duerch déi Interpretation, déi eis Geriichter vun de bestehenden Texter gemaach hunn, fir méi Rechtssécherheet ze kréien, awer och fir a Fäll, wou et noutwendeg ass, d'Opklärung vun Infraktiounen ze erliichtere an iwwert deen dote Wee also Beweismëttele kënnen ze kréien, déi hieb- a stëchfest sinn an déi et dann och erméiglechen e Stroftäter ze iwwerféieren.

Déi zweet Fro, déi ech awer direkt hannendrunhänken, nodeem mer op déi éischt Fro positiv geäntwert hunn an d'Noutwendegkeet vun enger Gesetzgebung unerkannt hunn, ass déi: Geléngt et dësem Gesetz en akzeptabelt Gläichgewicht hierzustellen tëschent dem Recht op Sécherheet op där enger Sâit, der Verbiechensbekämpfung also, an awer de Fräiheete vun deem Einzelnen, dem Schutz vun der Privatsphär, an dem Recht sech fräi ze déplacéieren?

Ass den Text hei eigentlech konform zu eiser Verfassung, déi eng ganz Rëtsch vu Grondrechter festhält? Ass en och konform zu eenzelnen Artikelen, notament dem Artikel 8 vun der Europäescher Mënschenrechtskonventioun?

Dat sinn déi Froen, déi mer eis mussen als Chamber stellen. Dat sinn och déi Froen, déi sech notament de Statsrot a sengem Avis gestallt huet, well et jo kloer ass, dass déi Aschränkung vu Fräiheeten, déi ee bei der Verbiechensbekämpfung a besonnesch bei der Opklärung vu Strofdoten a Kaf huele muss, an engem Verhältnis mussen stoen, engem gesonde Verhältnis mussen stoen zu deem Zil vu méi Sécherheet, wat een erreche wëllt.

Wann ech elo den ursprüngeleche Regierungstext kucken, da muss een do nuancéieren. Deen ass wäit gaangen. Dat muss ech soen. Deen ass méi wäit gaange wéi de franséische Modell, vun deem e selwer ugëtt, dass e sech dorunner inspiréiert hätt, fir déi Fro vun den Duerchsuechungen vun Autoen ze regelen. An et ass och ganz kloer, dass an den Ae vun eiser Fraktioun dee Regierungstext ze wäit an eenzelne Punkte gaangen ass.

Mir deelen do ganz kloer éischter d'Positione vum Statsrot, deen an engem ganz gudden Avis, dat wëll ech hei ervirsträchen, sech wierklech am Detail mat deenen eenzelnen Dispositionen auserneegeesat huet, och ëmmer erëm d'Relatioun hiergestallt huet mat de franséischen Texter, an och gekuckt huet, wat d'Lëtzebuurger Praxis ass an deem ganze Beräich, an dann eng ganz Rëtsch vun Textpropositione gemaach huet, déi jo vun der Kommissioun - an dat freet mech - eigentlech integral iwwerholl gi sinn.

Et kann ee soen, dass am Fong de Statsrot hei de Regierungstext frëschgeschriwwen huet a ganz wesentleche Punkten, ouni awer d'Stoussrichtung vun der Regierung a Fro ze stellen; dat wëll ech awer gradesou soen. Ech mengen déi ursprüngelech Zilsetzung, déi am Regierungstext war, ass och elo nach ëmmer am Text mat dran, mä mir sinn awer der Meenung, wann een d'Texter matenee vergläicht, dass deen Text vum Statsrot, dee mer elo praktesch dann och hei ofstëmmen, well d'juristesche Kommissioun sech deem ralliéiert huet, liicht méi restriktiv ass, wat d'Méiglechkeete vun Autosfouillen ugeet, virun allem awer méi prezis ass an och op eenzelne Punkten zousätzlech Garantië fir de Bierger gëtt.

Ech mengen, et ass schon nützlich, dass rappeliert ginn ass, a mir deelen déi Iwwerleeung, dass een net däreft eng Konfusioun maachen, wat d'Polizeiaarbecht ugeet, tëschent der Police administrative an der Police judiciaire.

Police administrative, esou wéi se am Gesetz iwwert d'Polizei och definéiert ass, do geet et ëm d'Verhënnerung vu Strofdoten, a

bei der Police judiciaire, do geet et ëm d'Opklärung vu Strofdoten. An et ass an där zweeter Hypotheese, wann et ëm d'Opklärung vu Strofdote geet, wou selbsterständlech muss kënnen op d'Duerchsueche vun Autoen zrëckgegraff ginn, wa gewësse Konditioune erfëllt sinn.

Mir sinn also der Meenung, dass mat deem Text, deen elo virläit, op där enger Sâit d'Aktivitéit vun de Polizeikräften erliichtert gëtt par rapport zur Rechtssituatioun, wéi mer se haut hunn, wou also d'Gefor, dass et nach an Zukunft zu Annulatione kënn vu Beweismëttele, déi ee sech erschaaft huet iwwert d'Duerchsueche vun Autoen, geréng ass; selbsterständlech, wann d'Polizeiorganer sech un déi nei Regelen halen. Dass op där anerer Sâit, nieft där Vereinfachung vun der Polizeiaarbecht, awer och déi néideg Garde-fouen an den Text mat agebaut ginn, fir ze verhënneren, dass et do zu engem iwwerméissegen Agrëff an d'Privatsphär vun deem Einzelne ka kommen.

Et ass also an eisen Ae kloer, dass mat deem heiten Text Lëtzebuerg net zu engem Polizeistat gëtt, mä dass mer e Rechtsstat bliwen, awer e wierhafte Rechtsstat, deen net virun der Kriminalitéit kapituléiert, mä dee sech moderniséiert an dee sech och déi néideg rechtlech Mëttele gëtt, fir kënnen Strofdoten ze verhënneren, respektiv besser opzeklären.

Op deem dote Wee wäert och d'LSAP-Fraktioun dës Regierung weider begleeten, wa se et fäerdeg bréngt, dass dës Effortë fir d'Instrumenter, fir méi Sécherheet ze errechen, net op Käschte gi vun de Grundfräiheete vun Einzelnen.

Dat ass bis elo bei kengem Text geschitt, a mir wäerte selbsterständlech gemeinsam oppassen, dass dat och an Zukunft net wäert anescht sinn.

Mir wëssen, dass dat oft eng ganz schwierige Gratwanderung ass, fir déi zwee Ziler vu Mënscherechter op där enger Sâit a méi Sécherheet op där anerer Sâit an Aklang ze bréngen. Mir wëssen och, dass d'Gefor gross ass, dass een emol kéint an en autoritäre Sécherheitsstat ofrutschen. An et muss ee jo soen, dass déi Diskussiounen och international ëmmer erëm weiderginn.

Wann ech elo d'Diskussioun an Däitschland kucke mam Här Schäuble sengen neie Virstéiss, wat d'Iwwerwaachungen ugeet, an d'Méiglechkeete vun der Polizei ugeet, fir a gewësse Beräicher kënnen eranzegoen, da geet dat schon zimlech wäit. E schreift sech do sécherlech zu engem gudden Deel och an d'Politik vu senger Virgänger an an en entwéckelt se weider.

An net zu Onrecht, mengen ech, ginn déi dote Froen awer an der Öffentlechkeet breet diskutéiert, well ee muss Suerg droen, wéi gesot, dass een an deem heite Fall net dee Schratt mécht, dee vläicht géif ze wäit féieren.

» **M. le Président.** - Här Bodry, erlaabt Der eng Zwëschefro vun der Madame Flesch?

» **M. Alex Bodry (LSAP).** - Selbsterständlech.

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Ech hunn lech mat ganz grousser Opmerksameket nogelauschert an ech sinn lech dankbar fir Är Aussoen. Ech froen lech awer: Wéi konnt et sinn, dass den Text, deen ons virgeluecht ginn ass, esou iwwer Bord gaangen ass an dee wor, dee mer an der Commission juridique hu misse verbesseren? Wéi wor dat méiglech?

» **M. Alex Bodry (LSAP).** - Dat ass déi Fro, déi ech mer och stellen.

#### (Hilarité)

Ech kann do keng Äntwert drop ginn.

» **Une voix.** - Aha!

» **M. Alex Bodry (LSAP).** - Ech hunn awer guer kee Problem ze soen, dass dat hei, mengen ech, deen Text ass, dee gutt ass, dee wichteg ass, deen - dat wëll ech och soen - net alles op d'Kopp wërft, wat d'Regierung am ursprüngelechen Text stoen hat, mä deen awer déi néideg Präzisiounen...

#### (Interruption)

» **M. le Président.** - Här Bettel, hutt Dir eng Äntwert op déi zwou Froen?

#### (Hilarité)

» **M. Alex Bodry (LSAP).** - Den Här Bettel huet eng Äntwert op alles. An dat ass säi Problem, mengen ech!

#### (Interruptions)

» **M. le Président.** - Kommt, loosse mer beim Sujet bliwen. De Sujet ass net den Här Bettel, mä deen heite Projet.



» **M. Alex Bodry** (LSAP). - Op jidde Fall, ech war eigentlech zum Schluss komm, ier d'Madame Flesch mer déi Fro do gestallt huet. Ech mengen also, dass mer weider do mussen oppassen.

Op där anerer Säit därefer mer net stoe bleiwen. Ech hat schon d'Geleechenheet dat hei virzedroen, dass mer u sech eis mussen och an eisen Instrumenter, wéi mer op Sécherheetsfroe reagieren, deem upassen, wat vun Onsicherheit eigentlech besteet. Dass mer also do mussen eis Texter adaptieren, dass mer se mussen weiderentwéckelen, fir och wierklech kënne schnell a wirksam ze reagieren.

Op där anerer Säit mussen mer awer ëmmer déi permanent Suerg hunn - an ech mengen, dass déi eigentlech jiddfereen hei am Haus an och an der Regierung huet -, fir dass mer net dee Schrott maachen, deen ze wäit géif féieren an deen am Endeffekt dee fragilen Équilibre téschent individuelle Rechter a Sécherheet definitiv géif zu Broch bréngen.

An deem Sënn freeën ech mech, hei den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu deem neien Text anzubringen.

Merci.

» **Une voix**. - Très bien.

» **M. le Président**. - Merci, Här Bodry. Den honorabelen Här Braz huet elo d'Wuert.

» **M. Félix Braz** (DÉI GRÉNG). - Merci, Här President. Déi gréng Fraktioun bréngt och d'Zoustëmmung zu deem Text, deen do virläit. Mir soen och dem Rapporteur Merci fir säi kuerzen a präzise Bericht.

Meng Bewonnerung gëllt dem Här Bodry, deen hei iwwer eng länger Zäit et fäerdeg bruecht huet ze erklären, dass de Projet elo immens gutt wär an dass awer net esou vill geännert hätt.

Här Bodry, d'Madame Flesch huet lech mat hirer Zwëschefro schon dahingehend interrogiert, wéi ech elo wäert behaupten: Den Text huet komplett geännert!

Dat Eenzegt, wat net geännert huet, ass, dass d'Regierung wëlles hat en Text ze maachen, dee Fouillen an den Autoe reglementéiert. An elo hu mer en Text, dee Fouillen an den Autoe reglementéiert. An deem Sënn ass et net schifgaang.

Wat de Contenu betrëfft, ass awer net méi villes vun deem dran, wat am Ufank draustoung. Et wär jo elo llicht sech mam Justizminister eleng auserneezenesetzen, mä dat hei ass en Text vun der ganzer Regierung, vun deenen zwou Parteien, déi an der Regierung sinn: vun der CSV a vun der LSAP. Ech muss mech awer och wonneren, wéi et méiglech ass, dass esou en Text déi interfraktionell Hürd kann huelen, wou jo awer eng ganz Rei Leit, Här Bodry, dobäi si vun der LSAP, deenen déi Saachen hei och wichteg sinn.

An dat mannt, wat ee ka soen, ass, dass deen Text, wéi e vun der Regierung presentéiert gi war, e ganz schlechten Text war, ganz einfach well e wäit iwwer d'Zil erausgeschoss hat. En huet dat, wat noutwendeg war, allègrement dépasséiert. Deen Text hätt et praktesch all Agent vun der Police à tout moment erlaabt eng Perquisitioun an engem Auto ze maachen.

Dass dat noutwendeg ass, dat wësse mer. Et gëtt jo Matière, de Rapporteur huet et erwähnt: den Drogeberäich, den Douanesberäich, wou et elo scho rechtens ass. Et ginn och soss eng Rei Fouillé gemaach, déi dann zwar an der Regel annulléiert gi sinn, mä et ass e Besoin do, fir och am Auto kënne Fouillen ze maachen.

Mir sinn net méi wéi frou, dass et endlech reglementéiert ginn ass, well dat setzt erëm eng Kéier den Abusén an de perséinlechen Interpretatiounen vun Agenten en Enn an domat ass elo kloer, wat geet, a virun allem, wat net geet.

Den Text vun der Regierung awer war een, an et ass ee vu villen - hei hu mer eis jo u Frankräich inspiréiert, ënnert dem Androck vun der Lutte antiterroriste; esou ass e jo och a Frankräich zu engem groussen Deel begrënt gewiescht, deen Text, dee mer praktesch ofgeschriwwen hunn -, wou d'Suerg no Opklärung an no Sécherheet, besonnesch där prophylaktescher, bestoung. Ech liesen lech den Text nach eng Kéier vir, wéi en am initiale Projet stoung. Do sollt et duergoen, dass en Agent, an dat huet emol net missen en Officier de la PJ sinn, et huet am Text gestanen: «un indice» - emol net e Faisceau d'indices! - «faisant présumer qu'un délit», wat och ëmmer fir een Délit dat sollt sinn, dat géng duergoen, fir eng Fouille an engem Auto ze maachen.

Bei der Lecture vun esou engem Saz mussen zumindes dräi rout Luuchten ugoen, a

mir fannen et nach ëmmer absolut verwonnerlech an iergendwéi och e bësse beängschtegend, dass et méiglech ass, dass esou en Text eng Rei vun administrativen a politeschen Hürde kann huelen, bis en tatsächlech déposéiert gëtt an da beim Statsrot lant.

Vun dëser Plaz aus dem Statsrot e grouss Merci, well deen Job, dee si gemaach hunn, ass een exzellenten, an haut kënne mer eigentlech den Text vun Statsrot eent zu eent votieren. Et ass en neien Text, et ass en neie Projet, en huet d'Nummer behalen. En huet datselwecht Zil verfollegt, mä fir de Recht ass et en neie Projet. A wann ee gehässeg wär, géif ee soen, den Här Mores wär elo eisen neie Justizminister, well dee war elo en charge fir déi Texter do ze maachen.

Mä eigentlech ass et keng Matière, iwwert déi mer wëllen de Geck maachen, well mer wierklech mengen, dass deen Text der Regierung an dem Justizminister - mä, wéi gesot, et sinn zwou Partner an der Regierung - awer misst ze denke ginn an dass se sech eng Kéier d'Fro no bannen och stellen, mat wéi engem Geescht, mat wéi enger Attitud, mat wéi engen Absichten esou Texter verfaasst ginn.

A vläicht - mä dat muss Dir eis beäntweren, ob Der dozou bereet sidd oder net - wier et de Moment, fir eng kleng Introspektioun am Ministère ze maachen, fir dass esou Texter an Zukunft guer net méi bis hei op den Dësch kommen!

Ech soen lech Merci.

» **Une voix**. - Très bien.

» **M. le Président**. - Merci, Här Braz. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Henckes.

» **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR). - Här President, direkt aganks gesot, d'ADR wäert och dëse Gesetzesprojet stëmmen.

Et ass wichteg, dass mer e Projet de loi hunn, deen endlech mat enger Situatioun remédiéiert, wou et konnt sinn, dass eng Persoun, déi en Delikt gemaach hat, wou Objeten, déi zu enger Kommissioun vun Delikt saiséiert gi woren, wou op eng Kéier déi ganz Saisie annulléiert ginn ass an de Schëllegen da fräigesprach gouf.

Dat ass eppes, wat dobausse ganz schwéier verständlech ass, mä wat awer eng vun de Spillregelen ass, déi et am Droit pénal gëtt. Et muss prezis Texter sinn, jiddfalls esou muss wéi nëmme méiglech, well wann een dat ze vill large handhaabt, da sinn all méiglech Abusén dran. A mir gesinn, dass och doduerjer an der Praxis de Spillraum ganz kloer festgeluecht gi muss.

Ech stelle fest, dass den initiale Projet vun der Regierung amendéiert ginn ass, an ech wollt och soen, dass déi Amendementer, déi virgeholl gi sinn, ons Zoustëmmung fannen, well se eng etlech Prezisioune matbréngen, déi néideg sinn, och wat d'Prozedur ugeet, den Déroulement an d'Konditiounen, ënner welchen iwwerhaapt esou eng Saisie ka gemaach ginn. Dat gëtt ganz kloer e Kader, wat erlaabt ass, wéini et erlaabt ass a wéi et vir sech ze goen huet. Nach bleiwen awer, och souguer beim Text, dee mer hei virleien hunn, eng etlech Problemer, déi heiansdo zu Diskussiounen wäerte féieren.

Ech wëll nëmme den Artikel 48-10, Paragraph 5 huelen, wou gesot gëtt: «Toute fois, la visite des véhicules spécialement aménagés à usage d'habitation et effectivement utilisés comme résidence ne peut être faite que conformément aux dispositions relatives aux perquisitions et visites domiciliaires.»

Wann also beispillsweis eng Fouille gemaach gëtt vun Autoen op der Strooss an et kënnt e Mobile home dohinner, da wäert sech d'Fro misse gestallt ginn: Ass dat nun eng Residenz oder net? Bei de Forainé gëtt dat schon eng flott Debatt. Et schéngt mer och kloer ze sinn, dass zum Beispill hei op dësem Gebitt d'Remorquë bien entendu kënne fouilléiert ginn, mä ob et bei enger Caravane och nach geet, dat wäert nees eng Kéier kënne zu e puer Debatten Ulass ginn.

Et gesäit een also, dass et u sech kloer ass wéi den Text ass, mä nach muss een hei festhalen, dass d'Debatt sech wäert drëm dréinen, ob dat eng Residenz ass oder net. An ech wënsche mer och, dass heiansdo den Affekot nach déi eng oder déi aner Diskussioun wäert doriwwer féieren.

» **M. Patrick Santer** (CSV), rapporteur. - Här Henckes, wann Dir déi Fro an der Kommissioun gestallt hätt, hätte mer och doriwwer kënne schwätzen an Dir hätt vläicht en Début de réponse am Rapport kritt. Well awer déi Fro an der Kommissioun net ugeschwat ginn ass, steet och näischt am Rapport doriwwer.

» **M. Jacques-Yves Henckes** (ADR). - Ech maache jo kee Reproche. Ech mengen, dass hei ass déi beschtméiglechste Formulierung. Ech wëll just nëmme weisen, dass ech och nach déi aner Texter kann esou interpretieren, an ech mengen et ass jo och de Beruff vun Affekot, fir heiansdo deen een oder deen aner Text awer nach kënne ze interpretieren.

(Interruptions)

Ech gesinn - an Dir wäert och gesinn -, dass een där Saachen do nach e puer kann an Texter fannen. Et ass kloer, dass et och muss eng gewësse Latitude ginn, well et soss kann zu deenen Abusé kommen, déi mer justement wollte verhënnern. Mä et ass kloer, dass et iwwerall eng etlech Grauzone ginn, a wou et och noutwendeg ass, dass Gerichter kënne déi eng oder déi aner Prezisioun bréngen.

Dat gesot, nach eng Kéier, ass et noutwendeg, dass mer esou ee Gesetz hunn an dofir wäert och d'ADR dëst Gesetz stëmmen.

» **M. le Président**. - Merci, Här Henckes. D'Wuert huet elo den Här Jaerling.

» **M. Aly Jaerling** (Indépendant). - Merci, Här President. Ech mengen, wann een nach ni en Auto hat an och ni ee wäert kréien, dann ass et einfach, dësem Gesetz zoustëmmen.

Mä aus den Diskussiounen hunn ech awer eraushéiere wéi wichtig, dass et ass, dass hei endlech d'Interpretatioun net méi de Gerichter soll iwwerlooss ginn.

Well et ass jo net nëmme dat heite Gesetz, wou am Fong d'Jugen an d'Affekote spéider Jurisprudenz maache fir e Gesetz ze interpretieren, et ass jo net nëmme an dësem Gesetz esou, et ass jo a ville Gesetzer esou an dofir ass et wichteg, wann au fur et à mesure awer ëmmer erëm gekuckt gëtt, dass esou juristesche Viden awer riichtgebéit ginn. An hei ass eben ee Beispill dovun, wou versicht gëtt engersäits de Bierger ze schützen an anerersäits awer den Autoritéiten d'Méiglechkeet ze ginn, fir anzegräife wou et noutwendeg ass.

Mä wat mech e bëssen erstaunt, dass ass, dass elo d'Diskussioun geet iwwert de Regierungstext an iwwert den Text, dee mer elo hei virleien hunn. Et schéngt mer esou, wéi wa sech hei e bëssen opgereegt géif ginn, well elo awer déi institutionell Gremie vun der Chamber funktionéiert hunn, hir Aarbecht gemaach hunn an dann am Fong aus engem Text, dee virloung an deen se amendéiert hunn, dat Beschte ze maachen. Dat ass dat, wat elo hei virläit. An dofir erstaunt et mech e bëssen, dass dann elo hei doraus soll e Politikum gemaach ginn.

Ech mengen, dass ass jo awer de But. Also vun un, dass ech hei sinn, hunn ech et awer esou verstanen, ech versti jo net ëmmer alles, mä hei hunn ech et awer esou verstanen, dass et de But vun de Kommissiounen, vun Statsrot a vun den Avisé vun de Beruffschamberen am Fong ass, fir en Text esou ze maachen, dass en hei ka virgeluecht ginn, dass et e Konsens ass, dass jidderee kann deem zoustëmmen.

Ech wéilt et wäert ëmmer esou, dass d'Kommissiounen hir Aarbechte géife maachen, besonnesch am Aarbechts- a Sozialrecht. Wat hätte mer dann eng herrlech Welt. Wat kréiche mer da jo hei Texter, wou d'ganz Land domat zefridde wär. A kuckt emol, mir kéinte souguer vläicht e Statut unique kréien, wou jiddereen domat d'accord wär.

» **M. le Président**. - Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Colette Flesch. Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Colette Flesch** (DP). - Här President, léif Kollegen a Kolleginnen, sécher muss een am Domän vun der Duerchsichtung vun Autoen an anere Gefierer léigféieren. Dës Duerchsichtung ass vu kenger allgemenger Dispositioun vum Code d'Instruction criminelle zu dësem Zäitpunkt geregelt an och - wéi dat scho gesot ginn ass - huet d'Jurisprudenz am Laf vun de Joren evoluéiert. Wa fréier eng Autosduerchsichtung net mat enger Hausduerchsichtung gläichgestallt ginn ass, esou huet d'Jurisprudenz an de leschten zéng Joer geännert an e vill zitieren Arrêt huet festgehalten, dass esou eng Duerchsichtung «constitue une mesure d'instruction et est réservée à la recherche des preuves. Elle ne fait point partie des investigations qui sont destinées à découvrir des faits.»

Ech sinn dem Här Bodry dankbar fir seng Aussoen, deen d'Diskussioun, déi mer haut hei féieren, an de richtege Kontext gesat huet, an ech wäert dem Här Jaerling och elo erkläere woufir dëse Projet an dës Diskussioun e Politikum sinn.

De Projet de loi, deen de 16. Dezember 2005 vum Här Justizminister déposéiert gouf, wor geprägt vun enger bersuergerreegender Approche sécuritaire. Am Kloeertext wor mat deem Projet den «délit de sale gueule», wéi een a Frankräich seet, virprogramméiert.

Wann ee bei deem Text vun der Regierung bliwwer wär, dann hätt d'Polizei kënne egal wien, egal wou an egal wéini unhalen a säin Auto duerchsichen. En eidelen Auto hätt kënne opgebrach ginn an iergendeen, deen duerch Zoufall dee Moment op der Strooss wor, hätt kënne opgeruff ginn Zeien ze spillen, ouni dass e sech hätt misse ausweisen. Alles dat hätt kënne geschéien ouni Mandat judiciaire an e Procès-verbal hätt nëmme an dräi Fäll misse geschriwwen ginn: Wann eng Infarktioon constatéiert gi wär; wann de Fuereer oder de Propriétaire vum Auto et gefrot hätt, oder wann den Auto duerchsicht gi wär, wa weder Fuereer nach Propriétaire dobäi woren.

Här President, ech froen lech als Jurist: Wou si mir mat esou engem Text a wou wäert mir hikomm? Et muss ee sech wierklech froe wéi esou de Conseil de Gouvernement a besonnesch d'Ministere vun der LSAP esou engem Text konnten hiren Aval ginn. Ech froen: Wou war den Här Asselborn mat senger Spréch, d'Madame Delvaux mat hiren Uspréch, den Här Krecké mat sengem Engagement, den Här Di Bartolomeo mat sengem Enthusiasmus, den Här Lux mat senger Ongedold an den Här Schmit mat der Charte des Droits fondamentaux vun der Europäescher Unioun, wéi dee Projet de loi vun der Regierung ugeholl gouf?

» **Plusieurs voix**. - Très bien.

(Interruptions)

» **M. Luc Frieden**, Ministre de la Justice. - Si waren all op menger Säit.

» **Mme Colette Flesch** (DP). - Ausser den Dérapagen à l'égard vun der Liberté individuelle a vum Droit de propriété am Text vun der Regierung, a vun der Disproportionalité vun de Mesuren, déi hei virgeschloen woren am Verglach zum Sécherheetszil, wat ze errechen ass, erkenne mer weider am ursprünglechen Text vun der Regierung och eng Tendenz, déi sech schéngt am Justizministère breetzemaachen: Et gëtt sech op en auslänneschen Text beruff - an dësem Fall e franséischen -, mä et ännert een en esou wéi de Conseil d'Etat gesot huet: «On y apporte des changements fondamentaux.» Et ännert een en also wäitgehend, andeem een - wéi zum Beispill beim ADN-Gesetz geschitt - d'Sanktioune méi streng mécht oder - wéi bei dësem Projet - d'Konditiounen erliichtert, ënnert deenen d'Polizei ka virgoen.

An anere Wieder, Här President: Beim Schafe vun engem Polizeistat steet den Här Frieden riets vum Här Sarkozy.

» **Une voix**. - Aha!

» **Mme Colette Flesch** (DP). - Gott sei Dank huet de Conseil d'Etat d'Handbrems gezunn. An enger klorer an doduerch vernichtender Sprooch mat enger Schäerft an enger Sévéritéit, déi mer net oft beim Conseil d'Etat gesinn, huet hien den Text vun der Regierung auserneegeholl; notamment den ursprünglechen Artikel 48-9, dee vum Statsrot op bal véier Säiten enger incisiver Kritik ënnerworf gouf. De Statsrot huet déi Kritik mat folgende Wieder geëndegt, ech zitieren: «Au vu des développements qui précèdent, le Conseil d'Etat estime que le projet sous avis contient certaines atteintes aux libertés qui ne sont pas contrebalancées par des garanties corrélatives suffisantes.» An hien huet weider eng Opposition formelle ugemellt.

Gott sei Dank, Här President, woren d'Kollegen aus der Majoritéit an der Chamber méi verstänneg wéi d'Regierung. Si hunn d'Kritik vum Statsrot ugeholl an hu sech sengen Texter ralliiert. Dofir wëll ech hinnen oprichteg Merci soen, se awer bieden dem Justizminister un d'Häer ze leeën, hie soll ons an Zukunft keng esou Texter méi virleeën.

Am Text, wéi en elo vun der Commission juridique virgeluecht gëtt, geet et drëm - wat ëmmer hätt misse sinn - d'Fouille de véhi-



cules am Lëtzebuurger Recht ze reglementéieren - wat bis elo, wéi gesot, net allgemeng de Fall wor -, also eng gréisser Sécurité juridique ze schafen am Kader vun där Aktioun vun der Police a vun der Justice, an d'Interesse vum Einzelne géint Excès de pouvoir ze schützen.

Dem Rapporteur Patrick Santer wëll ech ganz besonnesch Merci soen, well hien huet ganz vun Ufank u vun der Diskussioun erkannt, dass et de sécher Wee wär op de Wee vum Statsrot ze goen. Mir hunn net brauche vill ze insistéieren. D'Kollegen an der Kommissioun haten also d'Excès vum verleien Text kloer erkannt. De Rapporteur huet och den Text am Detail analyséiert; ganz besonnesch ausféierlech a sengem schrëftleche Rapport. Ech wëll also net alleguerten déi Iwwerleeungen hei widerhuelen.

Här President, an deem Mooss, wou de Projet de loi, wéi en elo vun der Commission juridique proposéiert ass, den Observatioun vum Conseil d'État Rechnung dréit beim Intitulé vum Projet, bei der Numérotatioun vun den Artikelen a bei der Suppressioun vum alen Artikel 48-11 a vum Artikel II, en och Rechnung dréit an deem Mooss, wou den Text vum Conseil d'État iwwerholl gëtt, a beim alen Artikel 48-9, deen elo den Artikel 48-10 gëtt, a beim alen Artikel 48-10, deen den Artikel 48-11 gëtt, also den Text vum Conseil d'État ageschriwwen gëtt, ass désen Text, wéi den Här Braz virdu gesot huet, en neie Projet. Dofir, Här President, kann d'DP-Fraktioun deem Text hiren Accord ginn. A mir wäerten den Text, wéi en elo virläit, stëmmen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Flesch. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss. D'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Minister fir d'Justiz Luc Frieden.

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Här President, ech froe mech, ob ech zu deem Text soll schwätzen, well d'Chamber jo der Meenung ass et wär en neien Text an et wär hiren Text. Ech freeë mech doriwwer, dass d'Chamber deen Text, deen elo virläit, esou breet stëmmt. An ech hu mer, wéi ech an där leschter Véierelstonn nogelauschtert hunn, d'Fro gestallt, wéi gär een am Fong muss Politik maachen a sech fir Fräiheet a Sécherheet asetzen, fir sech dee Sammelsurium vun onjustifizéierte Kritiken, déi hei komm sinn, par rapport zu engem gutt duerchduchten Text, deen a laange Sitzungen...

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Deen ass vum Conseil d'État komm.

» **M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.** - Ech kommen dorobber, Madame Flesch.

...mat de Parqueten, mat der Police a selbstverständlech mat mir selwer, deen d'politesch Verantwortung doriwwer dréit, ausgeschafft ginn ass.

Ech wëll hei soen, dass et jo am Fong méi einfach gewiescht wär, ech hätt dat gemaach wéi an deene Regierung virdu, an deenen ech zum Deel war, wou et iwwerhaupt keng Reglementatioun iwwert d'Duerchsuechung vun Autoe ginn ass. Dat war an der Regierung virdu esou, dat war an där do virdu esou, an trotzdeem sinn Duerchsuechunge gemaach ginn.

Wann ech wollt eng Gesetzgebung an deem dote Beräich maachen, dann ass et, well ech ebe justement wollt, dass ënner klore Konditiounen, déi vum Gesetzgeber festgeluecht ginn, d'Autoe kënnen duerchsicht ginn. Dat eleng ass e Renforcement vun de Grondfräiheete vun deenen d'Bierger an deem Land solle profitéieren.

Zweetens war a bleift meng Suerg, an onafhängeg vun all deene Kritiken, déi hei vu verschiddene Säiten zu Onrecht gemaach gi sinn, dass, wann een an der Kriminalitéitsbekämpfung am Sënn vu méi Sécherheet an domadder méi Fräiheet fir d'Bierger wëllt weiderkommen, da muss een och der Police eng Rei Mëttele ginn, fir dass se kann eng Rei Saache maachen. An et waren déi, déi mer an eisem Projet de loi agesat hunn. Hätt een hei op Är Proposition gewaart, da wär dat héchstwahrscheinlech e vill méi diluëierten Text, wéi deen, deen elo erauskomm ass.

Zu kengem Moment, mengen ech, dierf een hei d'Impressioun opkomme loosse, wéi wann den Auto mat der Wunneng gläichzestelle wär. An et ass fir mech e wesentlechen Ënnerschied, ob e Polizist aus guddem Grond, wann en Indiz do ass, an en Auto erakuckt, oder ob hien an eng Privatwunneng erageet. Duerfir mengen ech, dass et am Fong net vill Argumenter gëtt, fir ze vill staark Restriktiounen zu der Aarbecht vun der Police an deem Beräich kënnen ze maachen.

Ech fannen, dass et eng nobel Pflicht fir d'Regierung ass, déi eestëmmege hannert deem Text stoung a steet. An et ass eng nobel Pflicht fir deen, dee fir d'bannescht Sécherheet hei am Land zoustänneg ass - an dat ass an dëser Regierung de Justizminister -, fir d'Texter esou ze maachen, dass d'Police hiren Aufgaben, déi se huet, kann nogoen. Dass déi Texter mussen an engem Équilibre stoe mat de Grondrechter vun de Bierger, dass schéngt mer kloer, an dat war och am éischten Text assuréiert.

Ech wäert op jidde Fall net déi Meenungen deelen, déi de Statsrot huet. De Statsrot kann eng Meenung hunn, oder verschidde Membere vum Statsrot kënnen eng Meenung hunn, ech deelen déi keineswegs op deem Punkt, deen do genannt ginn ass. Net d'Membere vum Statsrot si gewielt; déi, déi an der Regierung an an der Chamber sëtzen, si gewielt. Jiddfere ka seng Meenung hunn. Ech deelen déi dote Meenung net. Ech respektéieren se. Ech respektéieren se voll a ganz. Ech deelen se net. D'Kriminalitéitsbekämpfung haut verlaangt en anert Engagement wéi viru 15 Joer.

Mir kämpfen all Dag mat neie Phenomeener, wou mer musse kucke wéi mer am Gläichgewicht vu Sécherheet a Fräiheet der Police déi Instrumenter kënnen ginn, fir dass d'Kriminalitéit hei am Land net wüsst. An all Kéiers wann ech bei verschiddene Phenomeener mierken, dass se wüsst, da sinn ech traureg, a mer mussen eis iwwerleeën, wat mer kënnen besser maachen. Dëst Gesetz geet an déi Richtung.

Ech si frou, dass och dee verbesserten Text, deen d'Chamber stëmmt, op d'mannst der Police méi Méiglechkeete gëtt, fir dass mer och bei der Duerchsuechung vun Autoe déi Elementer fannen, déi eis an der Kriminalitéitsbekämpfung hëllef. Ech fannen deenen Text e gudden Text, en équilibréierten Text. Ech kéint deenen Text stëmmen.

Ech si just net d'accord, dass deenen aneren Text eng massiv Aschränkung vun de Grondfräiheete gewiescht wär. Ech respektéieren, dass net jiddfereen déi Meenung huet, mä duerfir gëtt et, Gott sei Dank, ënnerschiddlech Meenungen an der Politik. Ech wär frou, wann all déi dobaussen emol géifen deen een Text niewent deenen anere leeën, mä Parquetsleit schwätzen, mat Judge-d'instructioné schwätzen, da géif deen Débat héchstwahrscheinlech eng aner Natur kréien.

Mä et ass héchstwahrscheinlech esou an der Politik, dass ee muss fir seng Iddië kämpfen, fir dass se och duerchkommen. Ech sinn op jidde Fall dankbar, dass deen Text, deen elo virläit, d'Philosophie vun der Regierung deelt, an dass en hei esou eng breet Majoritéit féint. Duerfir soen ech och dem honorabelen Här Santer Merci, deen dat op eng wéi ëmmer professionell, konstruktiv Aart a Weis an der Commission juridique an heibanne begleet huet.

Keen Text maachen ass d'Solution de facilité. Et kritt ee keng Kritik! Mä domadder bekämpft een net d'Kriminalitéit. Ech wäert weider Texter maachen, déi deem Zil vu Sécherheet a Fräiheet, déi Hand an Hand ginn, méi no wäerte kommen.

Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5522.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi ass eestëmmege uegholl mat 60 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupt, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par Mme Martine Stein-Mergen), Laurent Mosar (par M. Patrick Santer), Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M.*

*Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Roland Schreiner), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

**(Assentiment)**

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen elo zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass d'Question avec débat vum honorabelen Här Goerens iwwert de Sëtz vum Europaparlament zu Stroossbuerg. Den Här Goerens huet fënnf Minuten Zäit an der Regierung stinn zéng Minuten Zäit zou. Här Goerens, Dir hutt d'Wuert.

## 10. Question avec débat N°13 de M. Charles Goerens relative au siège du Parlement européen à Strasbourg

» **M. Charles Goerens (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech werfen déi Fro hei op, well viru kuerzem huet deen nei gewielte President vun der EVP-Fraktioun zu Stroossbuerg am Parlament an enger Pressekonferenz Äusserunge gemaach, déi zumindest kuriéis schéngen. Nämlech op d'Fro, wéi et mam Siège vum Europaparlament zu Stroossbuerg wär, hätt den Här Daul geäntwert, jo, et kéint een den Traité opmaachen, an och wär e bereet, fir mat sech doriwwer schwätzen ze loosse, an en revanche kéint ee jo zum Beispill, wa Stroossbuerg géing de Sëtz vum Europaparlament verléieren, iwwer Kompensatiounen nodenken. An amplaz vum Europaparlament kéint een zum Beispill d'Cour de Justice des Communautés européennes kréien oder d'Banque européenne d'Investissement.

Dozou sinn e puer Saachen ze soen. Mir wëssen alleguer, éischtens, dass d'Europaparlament - c'est une vérité de La Palice - op dräi Standuerter verdeelt ass. Mir wëssen och, dass Stroossbuerg a Lëtzebuerg en objektiven Intérêt drun hunn, fir an där do Fro zesammenzehalen, well si waren ëmmer déi, déi vun deenen Attacken, déi en faveur vu Bréissel agéiert hunn, am meeschte menacéiert waren.

Wat een och erstaunt, dat ass, dass dat vum Här Daul kéint, dee jo awer Elsässer ass, an notamment och misst mat där dote Fiber reagéieren. Mä enfin, dat ass sengem perséinleche Choix iwwerlooss. Mir fannen et jiddéifalls komesch, dass deen, deen awer dru gehalen ass, fir normalerweis de Regierungen, den Institutiounen op d'Fanger ze klappen, esou lichtfankeg mat den Traitéen ëmgeet.

Ech fannen, dass mer dat net kënnen reaktiounslos hinuelen. Déi successiv Regierungen, säit mer keng Debatte méi an öffentleche Sitzungen zu Lëtzebuerg am Europaparlament hunn, hu sech alleguer agesat, fir dass mer sollten déi rechtlech Aktivitéiten hei zu Lëtzebuerg behalen. D'Generalsekretariat ass jo nach zu engem groussen Deel zu Lëtzebuerg ugesiedelt. An ech fannen, wann een en déi Stroossbuurger Acquisé wackele geet, da kommen déi Lëtzebuurger och en d'Wibbelen. Ech fannen, dat wär net gutt.

Duerfir wollt ech d'Regierung froen, wat se gedenkt ze maachen, fir dem Här Daul do Paroli ze halen, wéi een dat ka paréieren.

Ech hätt déi Fro am Fong net opgeworf, well Attaqué géint Stroossbuerg a Lëtzebuerg héiert een all Dag, mä hei handelt et sech ëm e Fraktiounspresident, a wann déi eppes soen, dat huet och en anert Gewicht, wéi wann een, deen net an deem dote Rang steet, schwätzt.

Duerfir wollt ech d'Regierung opfuere, Stellung ze huelen zu deenen Äusserunge vum Här Daul, déi ech, wéi gesot, fir et minimal auszedrécken, ganz kuriéis fannen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. D'Wuert huet elo den delegéierten Ausseminister Nicolas Schmit.

» **M. Nicolas Schmit, Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir wësst, dass staark Spréch iwwert d'Siège nëmscht Neies sinn. Mir hunn där och an der Vergaangenheet kannt, an déi Aussoe vum Här Daul oder Här „Dol“ - dat hânt do vun of, wéi een dat wëllt prononcéieren - schreiw sech och an déi gutt Traditioun an.

Elo muss ech awer dobäi soen, dass een déi Aussoen an de Kontext setze muss. An de Kontext ass deen, dass et am Europäesche Parlament eng grouss Initiativ gouf - an ech muss dobäi soen, dass déi Initiativ besonnesch vun der liberaler Fraktioun ausgaangen ass am Europäesche Parlament, ënner anerem vun däitsche Membere vun där Fraktioun, influente Membere vun där Fraktioun,...

**(Interruption)**

...ënnerstëtzt vu schwedesche Liberalen an aneren -, fir Ënnerschréfte duerch ganz Europa sichen ze goen, fir hei u sech de Siège vum Europaparlament, deen zum Deel zu Stroossbuerg ass - mir wëssen alleguer, déi meescht Sessioun vum Europaparlament sinn zu Stroossbuerg -, op Bréissel ze transferéieren an domat, wéi si dat dann ausdrécken, dem Wanderzirkus en Enn ze maachen.

Ech war während der Présidence jo ganz oft am Europaparlament, an ech hu mer oft missen eng Remarque unhéiere vun engem liberalen däitschen Deputéierten, deen ech elo net hei wëll nennen, mä deen aus enger grousser liberaler Famill kënnt, deen all Kéier, wann en ugefaangen huet mat schwätzen, gesot huet, et wär e Skandal, dass hie misst zu Stroossbuerg iwwerhaupt als Europadeputéierte schwätzen. Dat ass also de Kontext, an deem den Här Daul seng Deklaratioun gemaach huet.

An ech kréie gesot, mä ech war net bei deem Gespréich dobäi, oder bei deenen Aussoen dobäi, dass den Här Daul dat op eng éischer ironesch Aart a Weis gesot huet, e bësse par l'absurde raisonnéiert huet am Sënn: Majo, wann Der hei ufänt iwwer Stroossbuerg ze diskutéieren, da muss mer iwwer all Siège diskutéieren.

Bon, ech war net dobäi, mä op jidde Fall ass dem Här Daul gesot ginn, dass dat Aussoe sinn, déi kengem notzen, déi souwiesou laansch d'Realitéit a besonnesch laansch d'juristesche Réalitéit, wéi Dir dat jo och scho gesot hutt, lafen, an duerfir vu kengem gréisser politeschen Intérêt sinn. Ech hunn d'ailleurs net héieren, dass den Här Daul dat weider nach kommentéiert hätt. Deen nämlechte Message ass och dem Här Pöttering gi ginn, besonnesch, wéi e viru kuerzem hei zu Lëtzebuerg war.

E kuerzt Wuert, fir ze soen, wat am Beräich Siège ass. Éischtens, den Här Daul kéint all Dag fuerderen, dass deen ee Siège no do hiiget an deen aneren no do hin. D'juristesche Situatioun ass kloer. An ech géing soen, déi ass relativ gutt bétonéiert, well d'Siège ginn net vum Europaparlament décidéiert, ginn och net vun engem Virsätzenden, souguer wann et déi gréisste politesche Fraktioun am Europaparlament ass, décidéiert. Si gi vun den États membres, dass heescht vun de Regierungen, à l'unanimité décidéiert. A mir wëssen alleguer, bei 27 Eng Unanimitéit ze fanne fir all Siège, well dat géif jo heeschen, dass mer dee ganze Volet vun de Siège géingen opmaachen: Bonne chance!

Mir brauche scho Méint, voire Joren, fir fir iergendeng Agence ze decidéieren, wou se soll higoen. An Dir kennt jo den Appetit vun deenen neie Länner, déi bis elo natierlech net vill Siège hunn. An duerfir wäert jiddfereen extrem prudent sinn, fir iwwerhaupt esou en delikate Sujet opzemaachen.

Néanmoins, ech mengen, mir hunn d'Recht op eiser Säit. D'Siège souwuel vun der Cour de Justice, vum Tribunal, mä awer och natierlech vum Sekretariat vum Parlament, d'Siège vun der Banque européenne d'Investissement, de Siège vun der Cour des Comptes, de Siège vun enger Rei vu Services vun der Kommissioun, déi sinn iwwert de Protokoll vum Traité vum Amsterdam vun 1997 hei zu Lëtzebuerg fixéiert a kënnen nëmmen à l'unanimité - dat heescht zu 27 hautdësdays - geännert oder ëmgestouss ginn.

Ech sinn awer d'accord, dass mer mussen, Här Goerens, vigilant bleiwen. Vigilant, well mer wëllen natierlech dee Siège net nëmmen incontestabel halen, mä dat, ëm wat et geet, dass ass, dass eigentlech eng Diskussioun ni soll opkommen. An ech muss och soen, dass iwwert de Siège hei zu Lëtzebuerg keng Diskussioun opkënn an och bis ewell déi Institutiounen hei zu Lëtzebuerg gutt funktionéieren.

Mir wëssen hei zu Lëtzebuerg ganz genau, wéi wichteg de Siège fir d'Stad ass, wéi



wichtig de Siège fir d'Lëtzebuurger Land ass, mat 10.000 Fonctionnaires an hire Familljen. Mir waren iwwregens deen éischte Siège vun der Europäescher - deemools - Communautéit, der Communautéit vu Kuel an Eisen, vun der CEECA. A mir hunn eigentlech duerch dee Siège, géing ech soen, eng international Visibilitéit kritt, wou dobäi en plus nach eng Rei vu wirtschaftlechen Intéren eigentlech net ze kuerz komm sinn.

Ech dierf soen, datt de Siège dozou bäigedroen huet aus der Stad Lëtzebuerg, enger sympathescher, regionaler Capitale, eng wierklech international Capitale ze maachen, an och bäigehollef huet, eist Land an deem Sënn ze moderniséieren.

Natierlech heescht dat, datt mer Obligatiounen hunn. Mir mussen investéieren, an dat geschitt. Ech mengen, wann een emol iwwert de Kierchberg gefuer ass - wat lech jo alleguer wahrscheinlech relativ oft passéiert -, da gesäit ee wéi d'Cour de Justice hei zu Lëtzebuerg ausbaut, wéi d'Banque européenne d'Investissement en neit Gebai baut, datt de Parlement européen, dee jo besonnesch hei viséiert ass, well jo de Sekretariat vum Parlement européen hei zu Lëtzebuerg ass, säit e puer Méint e Kontrakt énnerschrivven huet fir en neit Gebai, wou all seng Servicer hei zu Lëtzebuerg sollen

hébergéiert ginn. Dat nämlecht trëfft zou fir d'Cour des Comptes. An d'Kommissioun, mat där si mer an Diskussioun fir e komplett neit Gebai ze bauen am Joer 2012, fir den aktuellen „Jean Monnet“ ze remplacéieren.

Dobäi kënnt d'École européenne - zweet École européenne -, déi natierlech absolut eng Wichtigkeet huet, fir de Siège hei zu Lëtzebuerg weider ze consolidéieren an och eigentlech d'Conditions de travail vun deene Leit, déi hei zu Lëtzebuerg fir Europa schaffen, esou favorabel ze maachen, wéi dat sech als Land, wat eben de Privileg huet, e Siège ze hunn, gehéiert.

Ech mengen also, et soll een esou Aussoen net dramatiséieren. Mä mir mussen einfach beweisen, datt mir weider eng dynamesch Stad sinn, eng vun de Capitalé vun Europa, an dann, déi kleng Commentairen, déi muss een natierlech contréieren, mä et soll ee se net ze vill dramatesch huelen.

Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Minister.

» M. Charles Goerens (DP). - Här Président, ganz kuerz.

Den Här Schmit seet natierlech zu Recht, datt och an anere Fraktiounen, wéi an der

EVP, Attaquë geridde gi géint d'Acquisé vu Stroosbuerg a vu Lëtzebuerg; hien huet och déi Liberal do opgezeechent.

Ech kann lech jiddefalls soen, souwäit wéi ech kann zréckblécken ass vun de Lëtzebuurger Liberalen an där doter Fraktioun keen Eenzege mat deem d'accord gewiescht, wat do geschitt ass.

Mir ass allerdéngs opgefall, wéi Der vun deenen anere Fraktiounen Leit opgezielt hutt, déi Problemer hu mat deenen Acquisen a mat där rechtlecher Situatioun, Der vergiess hutt och Är eege Fraktioun, nämlech d'sozialistesche Fraktioun, ze erwähnen; mä dat just niewebäi.

Ech halen awer fest...

(Interruptions diverses)

Meng Frëndschaft zum Här Schmit ass esou zolidd, datt hien déi Remarque do muss verdroen a ka verdroen.

(Interruption)

Dat Zweet, wat ech wollt soen: Wann den Här Daul dat do an enger erheiterter Stëmmung gesot huet - dat kann ech net wëssen, ech hunn déi Circonstance net kannt; mä ëmmerhin war dat do der internationaler Press eng Meldung wäert a besonnesch

d'Agence Europe ass jo awer net dofir bekannt, dass se nëmme just géif Humpegesprécher relatéieren.

An duerfir halen ech et mat deem, wat Dir och gesot hutt: Et muss ee vigilant bliwen, well et ass ze vill investéiert ginn, politesch an och materiell, an de Siège vu Lëtzebuerg, fir esou Reaktiounen einfach mat lénks ofzeweisen.

Ech soen lech villmools Merci.

» Plusieurs voix. - Très bien.

» M. le Président. - Merci, Här Goerens. Domat si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtten um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.44 heures)

## Mercredi, 14 février 2007

Présidence: M. Lucien Weiler, Président  
M. Jos Scheuer, Vice-Président • M. Henri Grethen, Vice-Président

### Ordre du jour

- 5609 - Projet de loi portant approbation
  - de l'Accord modifiant l'Accord de partenariat entre les membres du groupe des États d'Afrique, des Caraïbes et du Pacifique, d'une part, et la Communauté européenne et ses États membres, d'autre part, signé à Cotonou, le 23 juin 2000;
  - de l'Acte final, signé à Luxembourg, le 25 juin 2005;
  - de l'Accord interne entre les représentants des gouvernements des États membres, réunis au sein du Conseil, modifiant l'Accord interne du 18 septembre 2000 relatif aux mesures à prendre et aux procédures à suivre pour la mise en œuvre de l'Accord de partenariat ACP-CE, signé à Luxembourg, le 10 avril 2006;
  - de l'Accord interne entre les représentants des gouvernements des États membres, réunis au sein du Conseil, relatif au financement des aides de la Communauté au titre du cadre financier pluriannuel pour la période 2008-2013 conformément à l'Accord de partenariat ACP-CE et à l'affectation des aides financières destinées aux pays et territoires d'outre-mer auxquels s'appliquent les dispositions de la quatrième partie du traité CE, signé à Bruxelles, le 17 juillet 2006  
(Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
- 5593 - Projet de loi portant
  - organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue;
  - création d'une aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation  
(Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle - Discussion générale - Vote et dispense du second vote constitutionnel - Motion)
- 5671 - Propositions de modification du Règlement de la Chambre des Députés  
(Rapport de la Commission du Règlement - Discussion générale - Vote)
- Dépôt d'une motion  
(Vote)

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Lucien Lux et Jean-Louis Schiltz, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

» M. le Président. - D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

» M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire. - Neen, Här Président.

» M. le Président. - Da komme mer, Dir Dammen an Dir Hären, direkt zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëtteg, dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5609, en Ofkommen tëschent den ACP-Länner an de Länner vun der Europäescher Unioun. Et si bis elo ageschriwwen: déi Häre Goerens, Angel, Huss an Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet

de loi, den honorabelen Här Laurent Mosar. Här Mosar!

### 1. 5609 - Projet de loi portant approbation

- de l'Accord modifiant l'Accord de partenariat entre les membres du groupe des États d'Afrique, des Caraïbes et du Pacifique, d'une part, et la Communauté européenne et ses États membres, d'autre part, signé à Cotonou, le 23 juin 2000;

- de l'Acte final, signé à Luxembourg, le 25 juin 2005;

- de l'Accord interne entre les représentants des gouvernements des États membres, réunis au sein du Conseil, modifiant l'Accord interne du 18 septembre 2000 relatif aux mesures à prendre et aux procédures à suivre pour la mise en œuvre de l'Accord de partenariat ACP-CE, signé à Luxembourg, le 10 avril 2006;

- de l'Accord interne entre les représentants des gouvernements des États membres, réunis au sein du Conseil, relatif au financement des aides de la Communauté au titre du cadre financier pluriannuel pour la période 2008-2013 conformément à l'Accord de partenariat ACP-CE et à l'affectation des aides financières destinées aux pays et territoires d'outre-mer auxquels s'appliquent les dispositions de la quatrième partie du traité CE, signé à Bruxelles, le 17 juillet 2006

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

» M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur. - Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, am virleiende Projet de loi geet et ëm déi éischt Revisioun vum sougenannten Accord de Cotonou aus dem Joer 2000. Dësen

Accord de Cotonou, wéi Der alleguerte sécherlech wësst, baséiert op dem Acquis vun deene fënnef Konventiounen vu Lomé, déi zwëscht 1975 an 1995 adoptéiert gi sinn an déi a sech zu enger fundamentaler Reform vum Partenariat zwëscht der Europäescher Unioun an de sougenannten ACP-Länner gefouert hunn.

Erlaabt mer fir e bessert Verständnis lech nach eng Kéier déi Haaptpillere vun deem Accord an Erënnung ze ruffen:

Éischtens baséiert dësen Accord op enger globalpolitescher Dimensioun. Zweetens gesäit en eng participativ Approche vun deenen eenzelne Partner vun deem Accord vir. Drëttens baséiert en op enger strategescher Orientatioun, fir d'weltwäit Aarmut ze bekämpfen. Véiertens fixéiert en en neie Kader vu wirtschaftlecher a kommerzieller Kooperatioun. A fënneftens préconiséiert en eng Verbesserung vun der finanzieller Kooperatioun zwëscht de Partner iwwert de Wee vun enger Instrumentalisatioun vun den Investitiounshëllef.

Den Accord vu Cotonou ass iwwer eng Periode vun 20 Joer ofgeschloss, esou datt en am Joer 2020 op en Enn geet. Allerdéngs ass virgesinn, datt all fënnef Joer eng Revisioun vun deem Accord soll virgeholl ginn, op Base vun deenen Ännerungsvirschléi, déi vun deene verschiddene Partner zu deem Accord erakommen. Et ass dann och iwwert déi éischt Revisioun, wou mer haut an hei sollen diskutéieren.

Här Präsident, déi éischt Revisioun ass ënner lëtzebuergescher Présidence am Joer 2005 ënnerschrivwe ginn. Ech sinn dofir och besonnesch houfreg, lech dëse Projet haut virstellen, deen d'Ratifikatioun vum Accord de révision beinhalt. D'Diskussiounen iwwert dës Revisioun hunn am Februar 2004 ugefaangen, wou déi verschidde Parteien hir Ännerungsvirschléi eragin hunn. An déi formell Verhandlung s'inn dann am Mee 2004 lancéiert ginn, fir den 23. Februar 2005 definitiv, wéi scho virdu gesot, ënner lëtzebuergescher Présidence finaliséiert ze ginn.

Wat sinn elo déi wesentlech Ännerunge par rapport zum initialen Accord? De Kampf géint d'Aarmut steet natierlech nach ëmmer am Mëttelpunkt vun deem Accord, mat allerdéngs méi engem groussen Akzent op engem nohaltege Finanzement, op d'Sécherheet an och op de politeschen Dialog.

Wat elo, fir domadder unzefänken, déi politesch Dimensioun betrëfft, gesinn ech hei haaptsächlech véier Schwéierpunkten: Éischtens soll de politeschen Dialog virgefouert ginn zwëscht de Partner. An dëse politeschen Dialog baséiert op dräi Pillieren:



éischtens d'Mënscherechter, zweetens d'„good governments“ an dréttens de Rechtsstat. Laut deem ëmgeännerten Accord wäert et an Zukunft méiglech sinn, datt, wann eng vun de Parteien sech net un déi virgenannte Prinzipien hält, et zu enger Consultationsprozedur ka kommen, déi et soll erméiglechen, e systematesche politeschen Dialog ze garantéieren.

Zweet grouss Neierung am revidéierten Accord ass, datt eng Referenz gemaach gëtt op de Kampf géint d'Ausbreedung vun de Massevernichtungswaffen, deene sougenannten ADMen. Drétt grouss Neierung ass, datt souwuel am Préambule wéi am Text selwer eng Disposition iwwert de Fonctionnement vum Internationale Strofgerichtshaff drasteet. Déi véiert Neierung besteet doran, datt d'Noutwendegkeet ënnerstrach gëtt, wat eng besser Zesummenaarbecht vun deene verschidde Partner betrëfft an hirem Kampf géint den internationalen Terrorismus.

Wat elo d'Strategie vun der Entwécklungs- politik selwer betrëfft, sinn eng Rei zousätzlech Objektivier an den Accord ageschriwwen ginn, wéi d'Objectifs du Millénaire souwéi eng méi effizient Promotioun vum Kampf géint déi divers Sexualkrankheeten. Derniewent sollt et awer och an Zukunft zu enger verbesserter Ënnerstützung vun deene sougenannten ANEe kommen. Déi sollen op eng wesentlech méi einfach Aart a Weis un déi Finanzementer kommen, déi bis elo exklusiv de staatléchen Institutiounen virbehale waren.

Schlussendlech gëtt an deem Kapitel och nach eng Kéier d'Wichtigkeet vun der regionaler Kooperatioun ënnerstrach an eng Lanz gebrach, fir d'Informatiouns- an d'Kommunikationstechnologie méi effizient anzusetzen, am Kontext vun deene virgezeechente Strategien.

Eng lescht Bemierkung zu deem Kapitel ass, datt déi sougenannten ACP-Inselstate méi effizient sollen ënnerstëtzt ginn, wat déi wirtschaftlech an déi ekologesch Erausforderunge betrëfft, déi an deenen nächste Joren op des Länner zoukommen, dat ganz besonnesch am Kontext vum Klimaschutz.

Wat elo d'Kapitel iwwert d'Investitionsfacilitéiten ugeet, sinn haaptsächlech eng Rei vun Erlichterunge virgesinn, wat d'Konditiounen vun de Prêten ugeet an awer och d'Bonificatioun vun den Zënse vun dese Prêten an d'Rémunératioun vun de Banken, déi des Prêten accordéieren. Ech wëll hei net an den Detail vun dese Vereinfachungen agoen. Fir all déi Kolleeginnen a Kolleegen, déi heirunner ganz besonnesch interesséiert sinn, verweisen ech op mäi schrëftliche Rapport respektiv op de Projet de loi.

Dat lescht Kapitel ass dann dat vun der Gestiou vun deenen domadder zesummenhängende Prozeduren, wou jo och eng Rei Ännerungen zréckbehale ginn. Sou sollen an Zukunft déi verschidde Ressourcen op eng méi flexibel Aart a Weis accordéiert ginn, a ganz besonnesch sollen des Ressourcen a Krisen- a Konfliktsituatiounen méi effikass agesat ginn. Déi Kommissioun, déi am Accord festgeschriwwen ass, soll dann och d'Gestiou vun dese Ressourcen esou laang selwer maachen, bis et zu enger Normalisatioun vun der Situatioun an deene Krisesegebideer kéint.

Schlussendlech soll et dann och nach zu enger Reformulatioun vun de Fonctiounen vun deene verschidde Agente kommen, déi mat der Gestiou vun deene Ressourcé chargéiert gi sinn. An dat soll sech dann och an enger Vereinfachung vun de Prozeduren erëmfannen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst sinn a groussen Zich déi wesentlech Verbesserungen, déi um Original-Accord virgeholl gi sinn. Ech wollt awer vun der Geleeënheet profitéieren, och nach eng Kéier drun ze erënneren, datt d'Participatioun vu Lëtzebuerg am Fonds Européen de Développement, deem sougenannte FED, op 0,27% festgeluecht ginn ass, wat eng global Zomm vun 61.241.400 Euro iwwert déi nächst sechs Joer ausmécht, iwwert déi deen zéngte FED sech wäert belafen.

Erënnere wëllt ech drun, fir lech och de Verglach hei ze weisen, datt d'Kontributioun vun eisem Land um néngte FED, deen um Enn vun deem Joer ausleef, 40 Milliounen bedroen huet. Och hei also eng substanzuell Steigerung vun eiser Kontributioun.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, am Kader vun der Diskussioun vun deem Projet an der zoustänneger Kommissioun hu mer eis awer och nach méi laang a méi intensiv mat de wirtschaftlechen a ganz besonnesch den ekologeschen Erausforderungen, déi op d'ACP-Staten zoukommen, auserneegesat.

Wat eis als Kommissioun e bësselchen un deem revidéierten Accord stéiert - a mir si mat eise Kritiken do net eleng, well dé Statsrot huet a sengem Avis och dorobber higewisen -, ass, datt all déi Aktiounen, déi am Artikel 89 virgesi sinn, nëmme fir d'ACP-Inselstate sollen zielen an net fir déi Staaten insgesamt. Do ass et awer esou, datt souwuel déi wirtschaftlech wéi awer och ganz besonnesch déi ëmweltpolitesch Erausforderunge sech souwuel op déi eng wéi déi aner bezéien, och wann et eis alleguerter kloer dierft sinn, datt, wat den ëmweltpolitesche Plang betrëfft, sécherlech déi ACP-Inselstate méi exposéiert si wéi vläicht aner Staaten.

En zweete Problem, mat deem mer eis auserneegesat hunn, ass dee vun enger ganz enker Relatioun, déi besteet zwëschent dem Accord vu Cotonou, iwwert dee mer haut de Mëtteg diskutéieren, an dem Doha-Zyklus vun der Welthandelsorganisatioun.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.** - Fir d'Kommissioun ass et kloer, datt eng Rei vun deene Mesuren, déi am ëmgeännerten Accord vu Cotonou festgeschriwwen sinn, nëmme kënnen ëmgesat ginn, wann den Doha-Zyklus gläichzäiteg mat Succès an deenen nächste Méint kann ofgeschloss ginn.

E gutt Beispill heifir ass den Zougang vun deenen aarme Länner zu deene méi bëllege Medikamenter, dëst ganz besonnesch och am Kontext vum Kampf géint den Aids. Laut den Zuele vun der Weltgesundheitsorganisatioun ass et nach ëmmer déi traureg Realitéit, datt 77% vun den afrikanesche Länner keen Zougang zu dese méi präiswäerte Medikamenter hunn. Dëst ass fir d'Kolleeginnen an d'Kolleegen an och fir mech net nëmme absolut inakzeptabel, mä och onverständlech, wann all Dag honnerten, wann net dausende vu Mënsche stierwen, well den Zougang zu deene méi bëllege Medikamenter onméiglech ass.

Mäi Wonsch wär et dofir, datt um Niveau vun der EU-Kommissioun alles ënnerholl gëtt, déi verwuerelt Situatioun bei der Welthandelsorganisatioun esou ze hëllefen ze deblockéieren, datt zumindest den Zougang zu dese Medikamenter esou schnell wéi méiglech fir des ACP-State kéint garantéiert ginn.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.** - Mä och wat eng Rei vun anere gutt gemengte Mesurë betrëfft, ass et liewenswichtig fir d'ACP-Länner, datt se e wesentlech vereinfachten Zougang op déi europäesch an amerikanesch Mäert kréien. Sollt dat nämlech net de Fall sinn, Dir Dammen an Dir Hären, ass ze fäerten, datt en Deel vun deene Mesuren, déi ech lech virdu beschriwwen hunn, net wäerte kënnen ëmgesat ginn an am Stadium vum Wonschdenke vun eis alleguerter wäerte bleiwen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, domadder kommen ech och schonn zum Schluss. De Projet, dee mer haut hei stëmmen, ass e weidere wichtige Schrëtt am Kampf géint d'Aarmut weltwäit, an ech sinn dofir och ganz besonnesch frou, datt, wann Dir haut de Mëtteg dese Projet stëmmt, mir eent vun deenen éischte Länner sinn, wat dese revidéierten Accord ratifizéiert. Dëst géif dann och déi Virreideroll, déi eist Land um Niveau vun der Entwécklungs- politik konstant säit Jore spillt, nach eng Kéier ënnersträchen.

De Kampf géint d'Aarmut kann nëmme da gewonne ginn, wann all Partnerland an Zukunft déi Mesuren, déi am Accord vu Cotonou beschriwwen ginn an déi duerch dese revidéierten Accord ëmgeännert ginn, Schrëtt fir Schrëtt ëmsetzt, dëst am Dialog mat all deenen anere Partnerstaaten. Nëmme wa mer dat fäerdegbréngen, besteet eng Chance, datt mer da spéitstens 2020 zesumme kënnen feststellen, datt mer eng entscheidend Schluecht géint déi weltwäit Aarmut gewonnen hunn.

Dese Projet, Här President, ass awer och eminent wichtig fir d'Europäesch Union, well an Zäiten, wou vill vu Liberalisierung a Globalisierung geschwat gëtt, beweist des Accord nämlech, datt et och iwwer all des Diskussiounen an Europa vun der Generosität gëtt. Fir des Generosität huet awer säit Cotonou eppes fundamental geännert fir all déi ACP-Länner, nämlech datt

se vun der Europäescher Union net méi als Almosenempfänger, mä als gläichwäerteg Partner ugesi ginn, an dat Gesetz, wat mer haut hei stëmmen, soll des Partnerschaft nach ausbauen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. Laurent Mosar (CSV), rapporteur.** - An deem Sënn géif ech lech dann och alleguerter bieden, deem Projet eng méiglechst grouss Zoustëmmung ze ginn, an ech bréngen dofir och schonn direkt d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun.

Ech soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Mosar. Éischtens ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Charles Goerens. Här Goerens!

#### Discussion générale

» **M. Charles Goerens (DP).** - Merci, Här President. Ech kann do viruieren, wou den Här Mosar als Berichterstatter, deem ech iwwerengs wëll félicitéieren, opgehale huet, nämlech fir och den Accord vu menger Fraktioun ze bréngen. Den Accord zu dem éischte revidéierten Accord vu Cotonou féint eis Zoustëmmung, well et e Versuch wäert ass, fir d'Relatiounen vun Europa mat Afrika ze intensivéieren. Et ass e Versuch wäert, well Afrika steet virun Erausforderungen, déi gewaltig sinn an déi de Kontinent aus eegener Kraaft net selwer packt.

Dat mierke mer un der Lecture vun der Evolution vun de Millennium Development Goals, wou jo de Versuch gemaach ginn ass, fir bis 2015 d'Aarmut ëm d'Halschent ze reduzéieren. Déi allerwéinegst Länner an Afrika wäerten dat packen. Eent vun deene wéinege Länner, wat wahrscheinlech dat Zil erreeche wäert, dat ass Mosambik, mä déi allermeescht wäerten net an der Lag sinn, fir dat ze maachen.

Elo kann een zwou Lecturë vun där internationaler Situatioun hunn, a besonnesch vun der Entwécklung vun den afrikanesche Staaten. Déi eng, dat ass déi, déi mer an der Press ganz oft zur Kenntnis huelen: Eng Attitude misérabiliste vis-à-vis vun Afrika, wou ëmmer erëm gepocht gëtt op dee Stëllstand, Immobilismus, Réckschrëtt, woubäi awer oft iwwersi gëtt, datt ganz vill Entwécklungen an Afrika net richtig an hirer ganzer Importenz erfaasst ginn.

Ech denken zum Beispill un déi westafrikanesche Staaten, déi an enger Generatioun hir Populatioun verdräifacht hunn, déi och hire PIB praktesch verdräifacht hunn, déi also och hir Production alimentaire mat dräi multiplizéiert hunn. Wann een da just d'Resultater ramenéiert op d'Production alimentaire par tête d'habitant, dann huet een natierlech Resultater, déi vergläichbar mat deene sinn, déi mer an de 70er Joren haten. Dat ass jo awer ongerecht. Ëmmerhin ass awer d'Wirtschaftsleeschtung insgesamt, makroekonomesch gesinn, an deene Länner méi wéi verduebelt, praktesch verdräifacht ginn. Dat dierft een net iwwersinn, wann ee wëllt rapid Jugementer maachen iwwert d'Situatioun an deene Länner.

Den Här Mosar seet zu Recht, datt dee Rapport hei, jiddefalls esou géif ech en interpretéieren, e bësse méi Berechenbarkeet bréngt, andeems datt mer eng Enveloppe financière fixéiert hunn, déi ënner Lëtzebuerger Présidence négociéiert ginn ass, déi en fin de compte och zréckbehalt ginn ass an déi dann den afrikanesche Länner erlaabt, mat deem ganzen Instrumentarium eng Partie nei Weeër ze beschneiden, déi schonn am Accord vun 2000 ugeschnidde goufen.

Ee vun deenen ass d'Promotioun vun neien Acteuren, wou den Akzent op d'Promotion du secteur privé geluecht gëtt, wou den Akzent och op d'Promotioun vun der Société civile an Afrika selwer geluecht gëtt, wat indispensable Schrëtt sinn, fir virunzokommen, an och indispensable Efforté sinn, déi mussen ënnerholl ginn, fir datt Afrika endlech aus där Kritik erauskéint, si géife Liichtjoren hannert der Entwécklung vun hiren asiatesche Kolleegen hängen - wat och net ganz falsch ass, mä wat awer géif verdéngen, méi genee interpretéiert ze ginn.

Loosse mer och net vergiessen, datt d'Europäesch Union viru kuerzem hir Strategie fir Afrika entwéckelt huet, déi een an de groussen Zich kann deelen, wou natierlech, an zu Recht, den Akzent op d'Amélioratioun vun der Regierungsfäegkeet vun deene Länner, wat mer mat deem pompösen Term Gouvernance ëmmer beschreiwen, geluecht gëtt. Dat ass essenziell, well ouni d'Assomptioun duerch d'afrikanesche State vun hiren haapt Fonctiounen régaliennes, zum Beispill d'Förderung vun der Sécherheet oder d'Garantie vun der Sécherheet innerhalb an ausser-

halb vun de Grenzen, mécht ee keng Fortschrëtt.

Et gëtt an Afrika kee Fortschrëtt, wann een net Sécherheit huet. Et gëtt keng Entwécklung ouni Sécherheet an et gëtt keng Sécherheet ouni Entwécklung, an aus deem Cercle vicieux muss een erauskommen. Dee ganzen Instrumentarium, dee jo och nach verfeinert gëtt, an dee mer viru kuerzem och an der Commission des Affaires étrangères nach eng Kéier kommentéiert hunn, nämlech déi Facilitéiten, déi d'Europäesch Union och wëllt accordéieren, dräi Milliarden Euro, déi zousätzlech nach sollen investéiert ginn, fir d'Gouvernance an Afrika ze améioréieren, déi kënnen nëmme eis Zoustëmmung fannen.

Mir sinn elo hei an engem Kader, wou kooperéiert gëtt, wou Afrika eng Chance kritt, fir sech ze entwéckelen, an dat no enger relativ intelligenter Konditionalitéit. Virun zwee Jorzéngten hätte mer hei gestanen a gesot: Net amëschen an intern Ugeleeënheete vun afrikanesche Staaten oder vun anere Staaten! Well mir waren nach vill ze vill no bei der Kolonialzäit, an alles, wat een do a Form vu Konditiounen hätt kënnen opléischen, dat wär als en Affront ugesi ginn an et wär - deemools jiddefalls - net politically correct gewiescht.

Haut wär et éischter politically incorrect, wann een net géif op eng Partie Konditiounen insistéieren, an dierft ass et wichtig, datt een déi richteg Konditiounen beméit, fir kënnen ze kooperéieren. Déi Konditionalitéit dierft ni humiliant si fir d'Empfängerland. Et muss an engem Geescht vu Partenariat - dat kléngt elo banal -, mä et muss an engem Geescht vu Partenariat entwéckelt ginn. E Partenariat, deen natierlech ëmsou méi Chancen huet ze geléngen, wéi och déi Länner, d'Empfängerlänner, bereet sinn, sech un d'Ofmaachungen ze halen an och aus hirer eegener Kraaft alles ze maachen, fir kënnen déi Accorden do zum Droen ze bréngen.

Europa reecht d'Hand, an dat op enger Toile de fond, déi net einfach ass. Eenzel Elementer hunn ech elo schonn opgezielt. Eng aner a komplett nei Donne, déi 2000 fir den éischten Accord Cotonou négociéiert ginn ass, nach net an deem Ausmooss erkennbar war, ass d'Presenz vu China an Afrika. Eng Presenz, déi alles défiéiert, wat mer eis kënnen an der Entwécklungs- politik virstellen. En Engagement vu China an Afrika, dee sech praktesch ouni Konditionalitéit ofwéckelt. An doraus gëtt och erkennbar, wat de Geescht ass, mat deem Europa un d'Kooperatioun mat Afrika erugeet, a wat de Geescht ass, mat deem China un d'Kooperatioun mat Afrika erugeet.

D'chinesesch Aussepolitik ass ausschliesslech drop ausgeriicht, fir d'Rohstoffversuergung vu China ze sécheren, während Europa awer a senger Konditionalitéit eng Partie Valeure véhiculéiert, déi net des valeurs européennes sinn, mä des valeurs universelles. An dierft, mengen ech, muss ee bedéngungslos hannert deene Bedéngungen do stoen, déi mer an deem Kader zur Uwendung bréngen. Eng essenziell Démarche; mä et sinn zwou Démarchen, déi sech konkurréieren. A mir gesi jo wat fir eng Ravagen datt China amgang ass ze maachen, mat wat fir enger Wucht datt se do eruginn.

Viru kuerzem war jo och de President vu China an Afrika selwer. A wann ee schonn eleng den Itinéraire gesäit, deen en hat, dee géif praktesch keen europäesche Politiker huelen. Hie war am Simbabwe. Hie war am Sudan. Am Sudan, do, mengen ech, misst een natierlech och present sinn, fir ze kucken, ob déi Regierung net endlech kann zur Vernunft bruecht ginn.

Hie war awer och a Südafrika, wou hien drop higewies ginn ass, datt China sech awer och net alles kann erlaben um Kontinent. Do prallt hie Gott sei Dank och of un engem Selbstbewusstsein vun den Afrikaner, wat een nëmme ka begréissen a wat och zum Ausdrock kéint an deem Wëllen, fir Afrika nei Strukturen ze ginn an och den afrikanesche Kontinent institutionell ze restrukturéieren.

Ech schwätze vun der Union africaine, déi viru kuerzem zu Addis Abeba hire Sommet hat, hir Generalversammlung praktesch, kann ee soen, a wou et den Afrikaner emol jiddefalls gelongen ass, dat Allerschlëmmst ofzewieren, nämlech datt de President vun Sudan och President géif gi vun der Union africaine, wat am Fong soss näischt gewiescht wier, wéi de Bock zum Gärtner ze maachen.

Mam Sudan si mer op engem vun de ganz empfindleche Punkten um afrikanesche Kontinent, well de Sudan ass net nëmme e Land, de Sudan ass en hallwe Kontinent. Wann ee gesäit, wou Onrouen an deem Land net nëmme u Misär innerhalb vu senger Grenze kënnen provozéieren, mä och



nach iwwer seng Grenzen eraus, da kann een nëmmen hoffen, datt et do esou séier wéi méiglech zu enger Léisung kënnt.

Mä do si mer erëm eng Kéier mat China konfrontéiert, dat sech an deem Land och wéllt seng Uelechversuergung sécheren an dat dann natierlech och als Member vum UNO-Sécherheetsrot duerch d'Fanger kuckt, wa méi een haarden Toun soll ugeschloe gi vis-à-vis vum Sudan.

Hei weist d'Realpolitik sech wierklech mat hirer alldreckegster Fratz, wat een nëmme just zudéifst bedauere kann. Well mir kënnen awer net nokucken, datt an der allgemenger Indifferenz do honnertausende Leit mat hirem Liewe bezuelen, fir et emol ganz gelënd auszudrécken, an datt Milliounen vu Leit déplacéiert ginn.

Et si praktesch 60% vum der ganzer Bevölkerung am Darfur vum deem Konflikt ganz direkt betrafft, entweder duerch intern oder sech iwwert d'Grenze vollzéiend Déplacementer. Frae gi violéiert an de Campen, den ONGe gëtt et praktesch onméiglech gemaach an hirem Wierken, well déi verdammte Regierung zu Khartoum net amstand ass, hir Verantwortung ze iwwerhuelen an där alleréischter vun hire Fonctions régaliennes nozokommen, nämlech fir dozou bäizedroen, datt hir Bevölkerung geschützt gëtt!

Si kënnen dat natierlech och maachen, déi Irresponsabilitéit, well se wëssen, datt se vum UNO-Sécherheetsrot sech net vill kromm Fangere brauchen ze erwaarden. Well ee Land huet selwer Problemer mat sech: Dat ass Russland an Tschetschenien, déi jo och net grad sech do op eng exemplaire Manéier behuelen. An dat anert, China, denkt haaptsächlech un d'Sécherung vu senger Rohstoffversuergung.

Wann ech dat do soen, ass et net fir hei zu deem Bild vu Misérabilisme bäizedroen, dat ech am Ufank versicht hunn ze skizzéieren, mä einfach fir ze soen opgrond vu wat fir enge Schwieregkeeten ee muss d'Resultater an d'Beméiung vum den Afrikaner miesen. Déi Union africaine, iwwert déi gespéttelt gëtt, si hätt nëmme ganz médiocre Resultater ervirbruecht: Esou Kommentare fanne natierlech nëmme just Agang a ganz arrogant Haltungen.

Hu mir wierklech nach Ursoach, fir den Afrikaner grouss Lektoune ze halen, wëssend datt se sech vum engem Modell inspiréieren, vum engem europäesche Modell inspiréieren, och vum engem europäeschen institutionelle Modell inspiréieren, deen de Moment en panne ass, bei eis selwer? Mir hunn also Intérêt drun, fir mat e bèsse méi Demut un déi ganz Analys erunzegoen an dat alt emol zrëckzebehalen, wat um Niveau vum der Union africaine passéiert.

Ech fannen d'Iddi nach ëmmer begréifenswäert, datt se nei Weeër versicht hunn ze goen an och nach viru ginn, déi sech agréabel ënnerscheede vum där Farce, déi d'OUA, d'Organisation de l'Afrique Unie, an der Zäit duergestallt huet. Doduerch datt sech Afrika wéllt an deene verschiddene Regionen organiséieren, sech institutionaliséieren, fir Forces d'intervention rapides op d'Been ze stellen, déi à l'horizon 2008 oder 2010, wa meng Erënnerunge richteg sinn, sollen operationell sinn, maachen se am Fong a puncto Friddenssécherung näischt anescht wéi dat wat Europa selwer versicht huet an d'Wee ze leeden a wat och nach eng Operatioun ass, déi net ofgeschloss ass.

Wann ee weess, wat fir eng Virussetzung, datt mir hunn, bei alle budgetäre Schwieregkeeten, déi d'Länner kennen, da muss een awer och e bèsse méi nosiichteg sinn, wann d'Afrikaner net kënnen vum haut op muer dat do hikréien!

An da muss een och wëssen, datt een net vum der Afrikanescher Unioun kann erwaarden, datt si amstand ass, Konflikter ze schlichten op hirem eegene Kontinent, wa se net déi materiell a logistesche Moyenen huet, fir dat alles ze maachen. Wa mer da mengen, hir Resultater wiere médiocre a mir géifen domat dee ganzen institutionelle Prozess a Fro stellen, dann hu mer eis an der Analys géiert. Mir müssen op déi reell Ursoachen zrëckkommen.

Déi Wett op d'Zukunft kann Afrika nëmme just gewannen, wa se eng Partie Défi mateneen an Ugréiff huelen. Deen institutionellen hunn ech elo grad erwähnt. Deen ekonomeschen hunn ech just gestraift. Mä ech wollt awer zum Ofschluss nach eppes soen iwwert d'Accords de partenariat économique, déi och virgesi sinn an deem Cotonou-Accord.

Déi sollen dozou bäizedroen, datt d'afrikanesche Staten sech wirtschaftlech désenclavéieren, méi Zougang, e besseren Zougang an e bessert Abréngen an d'Weltökonomie fannen. Dat ass e fromme Wunsch. An ech

mengen och, datt déi Deadline vum 2008, wou déi Accords de partenariat économique sollen ofgeschloss sinn, fir meng Begrëffer jiddedfalls terribel optimistesche ass. Ech ka mer net virstellen, datt déi Verhandlungen, déi elo lafe mat den afrikanesche Regiounen, déi sech regruppéiert hunn, fir kënnen mat der Europäescher Unioun ze négociéieren, fir dann zu Accorden ze kommen, déi sollen dee Gesamtaccord mat der Europäescher Unioun ersetzen, datt déi bis dohinner fäerdeg sinn. Ech mengen, an dëser Hisiicht wier et ubrecht, wann ee sech géif nom Prinzip orientéieren: Il faut se hâter lentement.

De Minister huet selwer schonn drop higewisen, a mir sinn eng ganz Rei an dësem Haus, déi hien doranner och ënnerstëtzen, datt een awer, wann een d'Kompetitioun opmécht, muss kucken, datt et och e Minimum vu Chancgläichheet gëtt téschent deenen eenzelne Compétiteuren. Wann ee gesäit, datt zum Beispill am Secteur vum Agrarhandel d'Produktivitéitsdifferenzen téschent dem Sahel an der Europäescher Unioun vum 1 bis zu 500 reechen, da gesi mer awer, datt dat keen eidelt Wuert ass fir ze soen, et muss een awer deenen doten e bèsse méi Chancé ginn, fir sech ze muscléieren an duerno vläicht zwar e virsiichtegen, mä méi e couragéierte Schrëtt a Richtung Ouverture sur l'économie mondiale ze riskéieren.

Dat alles ass den Objet vum där Négociation elo, déi extrem wichteg ass an déi - mir hoffe jiddedfalls als Demokratesch Partei - och de Stempel kritt, deen de Louis Michel hir wollt opdrécken, nämlech dee vum Accord de partenariat économique als Form vum engem Instrument de développement ze verstoen.

» M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Seet hien.

» M. Charles Goerens (DP).- Här Huss, wann Der an deem doten Domän net optimistesche sidd a wann Der net all Kéiers Är Imagination beméit, mä wann Der d'Bengele bei d'Tromm gehäit, da kritt Der ni eppes hin. Ech hunn emol eng Kéier hei, wéi ech nach an der Regierung war, gesot, d'Entwicklungsministern, dat sinn Don Quichotten, déi permanent récidivéieren. Well wann Der nom éischte Coup an d'Gette gitt, da versicht Der näischt méi. Mir sinn am Fong eng ganz Rei vum nützlechen Idioten, déi sech och sollen zu hirem Idiotendasein bekennen a kucken, datt se zu méi ginn.

» M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- Dat hëlleft den aarme Länner awer net vill.

» M. Charles Goerens (DP).- Oh dach, Här Huss! Et kann ee ganz vill hëlleften an et däréif een och net dat ënnerschloen, wat positiv ass un den Entwicklungen. Zum Beispill déi ganz Coopération transfrontalière, kleng Projeten, déi net vill kaschten, wou Ambulanz kënnen grenziwwerschreidend agesat ginn téschent Länner, déi a priori um Punkt sinn, fir matenee Krich ze féieren. Ech denken zum Beispill un d'Côte d'Ivoire an un de Burkina Faso. Dat fonctionnéiert do!

Ech denken u grenziwwerschreidend Kommunikatiounsméttel, déi zum Asaz kommen, zum Beispill Radio an Televisioun, och téschent Gruppen, déi a priori vum hiren Zentralregierung net encouragéiert ginn, fir dat ze maachen. Ech denken zum Beispill un déi Iddi, déi d'Afrikanescher Unioun opgedréift huet, fir dat do um ganze Kontinent duerchzebréngen: Ech denken un déi gemeinsam Analysen, déi gemaach ginn iwwert d'Situatioun um Sécherheetsplang. Ech denken un alleguer déi Versich, déi gemaach ginn, fir d'Stratégies de lutte contre la pauvreté an deenen eenzelne Länner operéieren. An ech denken och un déi Resultater, déi mer hunn. Wa mer viru fénnef Joer gesot hunn: Sida, null Chance, fir kënnen engem Afrikaner Accès ze ginn zu den Antirétroviraux, da muss mer awer haut gesinn, datt déi Analysen, déi deemools gemaach gi sinn, komplett falsch waren. Viru sechs Joer ass gesot ginn...

» M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).- 70% vum den Afrikaner hunn nach haut den Accès net. Dat sinn d'Zuele vum der Weltbank.

» M. Charles Goerens (DP).- Entschëllegt, Här Huss. Dir sidd schrecklech ongedéllig. Är Iddien, déi Der op deem dote Plang verdeedegt, si gradesou sympathesch wéi Är Ongedéll, déi mer de Moment schrecklech op d'Nerve geet. Dat soen ech lech an aller Frëndschaft.

(Hilarité)

Här President, wann ech dem Här Huss op deem dote Punkt just ka soen, datt den Optimismus sech lout, da wéll ech drun erënnere, datt et am Joer 2000 e puer Leit gouf - onverbesserlech Optimisten -, deenen heibannen awer och kee Mënsch eppes ge-

gleeft hätt. Déi hu gesot: Mir mussen kucken, datt mer elo - ech schwätze vum Joer 2000, wou de Präis vum engem Traitement vum engem Sida-Patient 10.000 Dollar pro Joer a pro Patient kascht huet - nawell de Sida-Patienten an Afrika den Accès zu deem dote Medikament erméiglechen. Firwat? Aus ethesche Grënn.

All Mënsch huet gesot: Ekonomesche an haushaltspolitesche ass dat do net ze vertrieben. Eng Partie Leit hunn och nach gesot, dont och eng ganz Rei vum Entwicklungsministern: Prévention d'abord, traitement d'accord. Déi hu sech alleguer géiert. Wéist Der firwat? Well wann ee wéllt an Afrika een iwwerzeegen en Aidstest maachen ze goen, wou ass dann deem säin Intérêt drun, fir dat ze maachen, wann en net déi geréngste Chance huet op Heelung? Also, wann en herno net déi geréngste Chance huet op en Zougang zu den Antirétroviraux, déi säi Liewe ëm fénnef, zéng Joer verlängere kënnen.

Wat ass geschitt, Här Huss? An Zäit vu sechs Joer ass de Präis net méi 10.000 Dollar, mä nach 150. En ass also duerch 70 dividéiert ginn. Déi, déi deemools optimistesche waren, haten also Recht. An ech hunn d'Hoffnung net opginn, datt dat wat am Fall vum Sida méiglech war, datt een dat och kann op eng ganz Partie aner Fäll iwwerdreien.

Et sinn och an Afrika eng Partie Iwwerleeungen do, déi an hirem Denke méi wäit ginn, wéi dat wat d'UNO „futéiert“ war am Joer 2005 an hirem neier Strategie zu Pabeier ze bréngen. Ech denken zum Beispill un d'Haltung: Wéi maache mer et, wann innerhalb vum der Grenze vum engem Land d'Leit geschlecht ginn? D'Afrikaner soen zum Beispill: Mir sinn zwar net fir de Prinzip vum der Non-indifférence, mä mir si fir de Prinzip vum der Non-indifférence.

Dat, wat mir haut praktizéieren vis-à-vis vum Darfur, dat grenzt scho bal un Indifférence. Wa mer emol op der Non-indifférence wieren, a mir géifen och emol versichen, diplomatesch - dat ass och éischter gesot, wéi gemaach - alleguer déi ze isoléieren, déi nëmme just hir eegen Intéréten an nëmme just hir eegen Opsecherung vum der Rohstoffliwwerung upellen, da wiere mer vläicht e bèsse méi wäit.

Ech war elo déviéiert ginn, Här President, duerch dem Här Huss seng pertinent Awänn. Well ech weess, datt mer enger Meenung sinn, wollt ech dat nach eng Kéier heimat ënnersträchen. Ech soen lech awer Merci fir Är Opmierksamkeet, an ech hoffen, datt deen Accord hei, deen och net onni Mérité vu Lëtzebuurger Säit zustane komm ass, datt deen eis hëlleft déi Wett op d'Zukunft, déi mer alleguer reklaméieren, ze gewannen.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Goerens. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Angel. Här Angel!

» M. Marc Angel (LSAP).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt fir d'éischt dem Laurent Mosar Merci soe fir säi gudden méndlechen a schrëftleche Rapport. Ech ginn also elo net méi op d'Zustanekomme vum den Accorden an, déi jo elo haut hei an enger iwwerschaffter Form virleien. Genau wéi viru véier Joer - am Juli 2002 - wäert meng Fraktioun och haut hei dese Modifikatiounen zustëmmen.

D'deklaréiert Zil vum der Partnerschaft téschent de 27 Länner vum der EU an deene 77 Afrika-, Karibik- a Pazifikstater ass natierlech de Kampf géint d'Aarmut. Den Artikel 1 vum Cotonou-Accord seet onmësverstandlech, dass d'Reduktioun a wa méiglech natierlech d'Éradicatioun vum der Aarmut am Méttelpunkt vum Accord stinn.

Et steet awer och dran, dass parallel dozou zwee aner Ziler mussen verfollegt ginn: d'nohaltig Entwécklung an d'Integratioun vum den ACP- oder AKP-Länner an d'Weltwirtschaft. Gefördert gi sollen dofir déi ekonomesch, kulturell a sozial Entwécklungen an den AKP-Staten. Op dës Manéier solle Friden a Sécherheet ënnerstëtzt ginn.

E weideren Aspekt, deen am Artikel 1 erwähnt gëtt - an deen, mengen ech, och enorm wichteg ass -, si stabil demokratesche Strukturen an deenen eenzelnen AKP-Länner. De Cotonou-Accord dréit deemno der Tatsaach Rechnung, dass d'Ursoache vum extremer Aarmut komplex a meeschensstruktureller Natur sinn. Fir dass d'Leit an engem sougenannten Dréttweltland eng Chance kréie kënnen, hir Situatioun dauerhaft ze verbesseren, müssen eng ganz Rei vu Konditiounen erfëllt sinn.

Wien eppes ännerer wéllt, muss op villen Niveaue - an dat gläichzäitig - usetzen. Gestärkt gi mussen souwuel déi staatlech Insti-

tutiounen wéi och d'Participatiounsméiglechkeete vum der Zivilgesellschaft. D'Korruptioun muss bekämpft ginn, an och d'Rechtstaatlechkeet muss renforcéiert ginn. Nëmme an engem halbwegs stabile politeschen Émfeld huet een och eng Chance Strategie fir eng flächendeckend Gesondheetsversuergung, Educatioun, Nahrungsmittelsécherheet an en Zougang zu properem Drénkwaasser ze entwéckelen an och ëmzesetzen.

All dës Aspekter ginn am Accord vu Cotonou ugeschwat an d'Modifikatiounen, zu deene mer haut eis Zoustëmmung ginn, verstäerke jo dës integriéiert Approche. Dës Approche ass luewenswäert.

Fir dass sech awer eppes verännert, muss ee sech prezis Ziler setzen. Et ass also an deem Kader richteg finanziell Hëllef u Konditiounen ze bannen. Dës Konditiounen muss een awer kritesch analyséieren, an eenzelner kann oder muss ee souguer a Fro stellen. Et ginn eng Rei Konditiounen, déi et iwwerhaupt emol méiglech maachen, dass finanziell Hëllef gräift. Sou notzt et net vill, Milliarden Euro fir AKP-Länner bereetstellen, wann e groussen Deel vum dese Länner net d'Strukturen hunn, déi se bräichten, fir dës Sue kënnen sënnavoll anzesetzen.

Esou kann een dëst illustréieren mat folgendem Beispill: Soulaang d'Fraen net emol iwwer elementar Rechter verfügen, a sexuell Gesondheet en Tabuthema ass, gëtt et och keng Chance d'Kannerstierflechkeet ze reduzéieren. Et ass deemno logesch, dass am Kader vum Cotonou-Accord d'Regierung vum den AKP-State sech verflachte musse ënner anerem esou Tabuen ze bekämpfen an d'Positionen vum de Fraen an der Gesellschaft ze verbesseren. Dëst Beispill hei heescht: politesche Konditionalitéit. An ech mengen, et ass wichteg dat vläicht nach eng Kéier ervirzesträchen.

Et gëtt aner Konditiounen, déi net eleng am Intérêt vum der Entwécklung vum den AKP-State sinn, mä déi och oder virun allem eis EU-Länner interesséieren. Dozou gehéiert zum Beispill de Kampf géint den Terrorismus. D'EU huet e kloren Interessi drun, dass d'AKP-Staten sech an dësem Beräich kooperativ verhalten. Am Prinzip misst dat och am Aklang mat der Politik vum den AKP-State sinn.

Et ass legitim Entwécklungsgelder u Bedingungen ze knüpfen, déi musse erfëllt ginn, fir dass d'Suen effikass kënnen agesat ginn. Et ass dofir och akzeptabel, dass am Kader vum esou engem groussen Kooperationsaccord Aspekter ugeschwat ginn, déi net direkt de Kampf géint d'Aarmut betreffen, mä indirekt domat zesammenhänken a fir all Bedeelegt wichteg sinn. Net akzeptabel ass et dogéint, Konditiounen un e Kooperationsaccord ze bannen, déi dem Haaptzil, dem Kampf géint d'Aarmut, entgéintlafen.

E wichtegen, wann net dee wichtegsten Deel vum Cotonou-Accord, vum deem ech bis elo nach net geschwat hunn, betrëfft d'Handelsbeziungen téschent der Europäescher Unioun an den AKP-Staten. Bis elo kruten a kréien och d'AKP-Staten nach Favere gemaach, déi zum Deel sollte kompenséieren, dass se net wettbewerbsfäeg sinn an hiren Undeel um Weltmarkt dofir immens kleng ass.

Et si grad déi favorabel Handelsbedingungen, déi den EU-Marché eesäitig fir Produiten aus den AKP-Staten opmaachen, déi an der Vergaangenheet d'Zesummenarbecht fir eis Partner esou attraktiv gemaach hunn. Leider steet esou eng préférentiel Behandlung am Géigesaz zu de Prinzipien vum der Welthandelsorganisatioun. Dass dës Favere nach net ganz ofgeschafft sinn, läit just dorun, dass mer eng Iwwergangsfrist vum der WTO zougestane kruten.

Émgesat gi soll dës Absicht mat Hëllef vum de sougenannten Accords de Partenariat Économique, kuerz APE genannt. Bei der Négociation vum dësen Accordé si mer awer am Timing hannendran; wat net verwonnerlech ass, wann ee sech bewusst mécht wat fir eng Problemer e liberalen Handelsaccord fir all déi AKP-Länner bedeit.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Oppe Mäert kënnen wuel fir en Entwécklungsland Virdeeler bréngen, mä nëmme dann, wann eng schrëttweis Liberaliséierung



zung deem tatsächleche Besoin vun deem Land Rechnung dréit a wann dat Land eng gewësse Kontroll iwwert dëse Prozess huet. Wann d'Liberaliséierung soll dozou bäidroen d'Aarmut ze reduzéieren, da muss de Rhythmus, an deem dëse Prozess virugeet, fir all Land individuell ugepasst sinn.

Déi Erfahrung hu mer jo och an der EU bei deene verschiddenen Erweiderunge gemaach. Och hei kënnen Länner, déi eng besser Startpositioun haten an déi fir de Bäitritt wierklech prett waren, besser a méi lüchtmächtig vun fréier Maart profitéieren wéi déi aner.

Wéi 2002 hei d'Randifizéierung vum Cotonou-Accord am Haus debattéiert ginn ass, huet den deemolege Kooperationsminister gemengt, dësen Accord wär eng Coquille vide. Et wär en Appel un all déi bedeelegt Acteuren, fir sech ze bewegen.

Am Kader vun den Négociatiounen iwwert d'APEn, also den Accords de Partenariat Économique, wou d'Damoklesschwert vun der WTO iwwert de Partner häng, ass d'EU amgaang sech ze bewegen.

Allerdéngs muss ee fäerten, dass si sech virun allem op d'WTO zou- a vun den erkläerten Ziler vum Cotonou-Accord ewechbeweegt.

Mä, wa mer d'Millennium Development Goals, d'Menscherechter an all déi héich Ziler, déi aus der Europäescher Unioun eng Wäertgemeinschaft maachen, eescht huelen, da kann et net sinn, dass mer eis AKP-Partner virun onléisbar Problemer stellen, nëmme well grad de WTO-Verfallsdatum ofleef.

Ganz konkret heescht dat, et ass de Januar 2008. Et geet hei net drëm, fir d'WTO schlechtzemaachen, mä och dëser Institution géifen e puer Reforme guttduen. A grad déi Partnerschaft zwëschen den AKP-Staten an der EU, déi jo awer iwwer 100 Länner verbënnt, kéint do nei Impulser ginn. Wann een d'Muechtverhältnissen mat bedenkt, da misst esou en Impuls ganz kloer vun der Europäescher Unioun a vun hire Memberstaaten ausgoen.

Als alleréisch wier eng Verlagerung vum Schwéierpunkt um Niveau an der EU-Kommission vläicht noutwendeg. Mir haten dëst Thema den 30. November an der aussepolitischen Kommission ugeschwat, wéi de Kommissär Louis Michel hei war. Hien huet gesot, dass säi Kolleg, de Kommissär Mandelson, fir dësen Dossier zoustänneg ass, mä dass hien, de Louis Michel, awer mat agebonne wär.

Ech sinn der Meinung, dass den Dossier vun den APEn ze vill oder bal nëmmen aus der Siicht vum Handel gesi gétt an net genuch aus der Siicht vum d'Entwicklungs-zesummenaarbecht. An d'uefër fannen ech och, dass de Louis Michel a seng Servicer net nëmmen agebonne solle sinn, mä e staarken Afloss op den Dossier APE solle kréien a richtungsweisend ginn.

De Louis Michel huet hei och gesot, wéi mer iwwert d'APEn geschwat hunn, dass eng wirtschaftlech Isolatioun vun den Entwicklungslänner an enger globaliséierter Welt néfaste Konsequenzen hätt. Weider huet hie gesot, an ech zitieren: «Il n'y a pas de développement durable sans développement économique. D'un autre côté il est vrai que ce qui manque le plus dans ces pays, c'est l'État. Libéraliser le marché, si l'État est absent, conduirait au drame.»

An ech mengen, et ass grad dëst Argument, wat mer Ansght mécht, wann ech kucken a wéi eng Richtung am Moment d'Verhandlungen iwwert d'APEn amgaang sinn. An ech mengen, do hu mer all eng Pflicht opzepasst.

Ech wollt ofschléisse mat engem Bréif, deen de Minister Schiltz un de Louis Michel geschriwwen huet no där Entrevue. Dat war elo am Januar 2007, wou hien op d'Négociatiounen ageet iwwert déi APEn a wou hie sech och Suerge mécht, dass déi Accordé sollen équitabel ginn, wou hien eng ganz Rei Problemer opwërf a wou hien och seet, dass hien am Kontakt mat senger Partner, den AKP-Länner, op verschidde Problemer opmierksam gemaach gétt. Ech wollt de Minister do just froen, ob de Kommissär him schonn eng Äntwert ginn huet a wat déi vläicht beinhalt.

An dann eng zweet Saach, déi ech nach wollt ervirsträchen, ass: Wann ee kritesch

Stimmen héiert iwwert déi Accords de partenariat économique, da kommen déi haaptsächlech vun den ONGen an och deelweis vun den Altermondialisten. An da gétt gesot: Jo, dat sinn déi eng do, Verschiddener dreemen do, déi hunn do eng ganz aner Vue, déi kennen d'Realitäten net. Mä ech wëll awer och soen, dass d'Politiker ganz wachsam musse sinn an och kritesch solle sinn.

Ech hunn dunn an der Kommissiounssitzung jo och verweisen op e Bericht vun der Assemblée nationale. An an där Assemblée nationale ass jo keng Majoritéit vun Här Bové senger Kollegen, mä do si Leit vun der UMP, vun der UDF a vum PS vertrueden. Déi hunn e ganz kritesche Rapport gemaach vun iwwer 310 Säiten iwwert d'Négociatiounen vun deenen Accords de partenariat économique. Do sinn Iddien dran, déi ee kann deelen, anerer net. Mä ech mengen, et soll een do wachsam sinn. Ech mengen, eise Minister a seng Kollegen am Ministerrot sollen do och der Kommissioun kritesch géigeniwwerstoen.

An d'uefër wär ech och frou vläicht nach ze héieren, wéi am Fong d'Attitud am Ministerrot, am Rot vun de Ministere vun der Kooperations ass zu deenen APEn, ob Dir do e bëssen Afloss hutt op d'Kommissioun. Oder wéi ass do Är Positioun?

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Angel. Den nächste Riedner ass den Här Huss. Här Huss, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Jean Huss (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 4. Juli 2004 hat dës Chamber no enger ganz kuerzer Debatt de Feu vert gi fir d'Approbativ vum sougenannten Accord de partenariat zwëschen der Europäescher Unioun an den AKP-Staten.

D'Madame Renée Wagener fir DÉI GRÉNG an den Här Urbany haten deemools net fir dësen Accord gestëmmt, mat der Hauptbeurteilung, viles an deene Cotonou-Accorden hätt mat enger wierklech fairer Partnerschaft nëmme ganz wéineg ze dinn. Si haten sech beim Vote awer just enthalten. An datselwecht wäerten déi Gréng och haut beim Vote maachen, obschonn, wann een eleng aus der Perspektiv vun den aarmen Tiers-Monde-Länner géif jugéieren, et och genuch Gréng géif ginn, fir géint d'Cotonou-Accordé vun 2000 an déi hei virleidend Modifikatiounen ze stëmmen.

Eis Aschätzung vun de Cotonou-Accorden a vun den aktuellen Evolutiounen an dësem Kontext ass nämlech méi wéi kritesch. Mä mir sinn eis bewusst, datt och en negative Vote haut an hei vun eiser Sait souwisou näischt méi un dësen Accordé géng änneren.

Dës Accorden zwëschen dem räiche Ris „Europäesch Unioun“ an dem aarmen Zwerg „AKP-Staten“ sinn nämlech net ganz fair, well als absolut schwächsten Deel waren d'AKP-State gezwongen, wa se iwwerhaapt nach Entwécklungsgelder wollte kréien, vill fir si negativ Bestëmmungen am Joer 2000 ze schlécken. Déi Accordé vu Cotonou sinn also net nëmme wäitgehend déséquilibréiert, si wäerten doriwwer eraus an eisen Aen net dozou bäidroen, de Welt-handel méi fair a méi gerecht ze maachen. Am Géigendeel!

Eng Rei vu Bestëmmungen aus deene Verträge, virun allem déi sougenannten Accords de partenariat économique, déi 2000 ënnert dem Drock vun der OMC, ënnert dem massiven Drock vun de westleche Multinationalen a vun den Apostele vum sougenannte Fräihandel an d'Cotonou-Accorden hu missen erageholl ginn, wäerten éischter dozou féieren, dass d'Kluft tëschent Superräichen aus dem räichen Norden der batter Aarmut am Süden nach weider wäert zouhuelen.

Vill Leit, Dir Dammen an Dir Hären, waren an deene vergaangenen een, zwee Joer erféiert an entsat, wéi se am Fernseh oder an den Zeitungen ëmmer méi heefeg dramatesch Biller gesinn hu vun Afrikaner a vun aner sougenannte Verdammter dieser Erde, wéi se de bekannte Schrëftsteller Frantz Fanon eng Keier genannt hat, vun dausenden an dausende vun Aarmutslüchtlingen a Migranten, déi virun Aarmut an Ennerentwécklung, virun Hunger, Krankheet an enger totaler Perspektivlosegkeet aus hiren Heemechtslänner fortgelaft sinn, oder iwwert d'Mier laanscht déi westafrikanesch Küst geflücht sinn. Dausenden, vun deenen der vill an der Wüst ennerwee verhungert oder erdiischtert sinn. Vun deenen der vill um Mier gekentert an erdrong sinn, Mënsche wéi mir, a woe een anerer vun hinne gesinn huet an de Stacheldréit vun den Enklaven, vun Ceuta a Melilla oder an Ofschiebela-

geren op de Kanaren a Spuenien oder a Süditalien.

Mir fäerten, Dir Dammen an Dir Hären, datt, och wann Europa sech nach méi verstärkt wéi bis elo zu enger Festung wëllt ausbauen, trotzdem de Stroom vun Elendsflüchtlingen aus dem Maghreb, aus dem südleche Mëttelmierraum an aus Afrika insgesamt net wäert ofhuelen. Am Géigendeel, e wäert an deenen nächste Joren nach weider zouhuelen, well all dës Regionen a well Afrika insgesamt keng wierklech seriö Entwécklungsperspektive gebuede ginn, net mat de Cotonou-Accorden, a scho guer net mat där dominéierender OMC-Politik, déi de Charakter vun de Cotonou-Accordé bestëmmt huet.

Eng kuerz Zwëschebemierkung just op dëser Plaz. Dës wéineg erbaulech Feststellungen, dës méi düster Zukunftsperspektiven an eis Kritiken, déi ech méi am Detail vis-à-vis vun de Cotonou-Accordé wäert virbréngen, riichte sech net géint déi Lëtzebuerger Entwécklungspolitik. Si riichte sech och net géint d'Persoun vum zoustännege Kooperationsminister hei am Land, dee sech och an eisen Ae positiv engagéiert. Mir wäerte jo am Fréijoer geschwënn op d'Lëtzebuerger Entwécklungspolitik hei am Haus méi genau ze schwätze kommen.

Eis Kritike riichte sech méi generell un d'Politik vun der Europäescher Unioun, un d'Politik vun der d'ärzäiteger EU-Kommission an un d'Adress vun der EU-Aussenhandelspolitik, déi ganz wéineg interesséiert ass un enger wierklech fairer a laangfristeg durabler Entwécklung vun Afrika, vun den AKP-Staten a vun de Länner vun Tiers-Monde insgesamt, mä déi virun allem interesséiert ass un de kuerzfristegen Expansionsméiglechkeete vun den europäesche multinationale Firmen, déi no bëllege Rohstoffquellen an och neien Ofsazmärchen an Afrika sichen.

De wierkleche Motor vun der europäescher Aussepolitik ass dës Aussenhandelspolitik am Déngsch vun de Multinationalen an déi europäesch Entwécklungspolitik - d'Kooperationspolitik -, déi zwar elo iwwert den zéngte FED-Programm finanziell soll mëttelfristeg méi Moyene kréien - ronn 22 Milliarden Euro -, mä dës europäesch Hëllef- an Entwécklungspolitik wäert net à même sinn, déi global wirtschaftlech, sozial an ekologesch Schied opzefänken, déi d'uefër déi neoliberal Handelspolitik vun der Europäescher Unioun, vun den USA a vun aneren Industriestaten, inklusiv China an Indien, amgaangen ass, sech iwwert d'OMC duerchzusetzen.

Dir Dammen an Dir Hären, schonns am 19. Jorhonnert, zur Zäit vun der europäescher Kolonialzäit, ass et e Rush gi vun de groussen europäeschen Nationalstaaten an hire kapitalisteschen Handelsgesellschaften, fir sech e méiglechst groust Stéck vum afrikanesche Kuch ofzeschneiden, fir u méiglechst vill a méiglechst bëlleg Rohstoff an Naturprodukter erunzekommen. Afrika ass fir Jorzéngten ausgeblut ginn a leit deelweis nach haut ënnert den entwécklungspolitesche Konsequenze vun dësem europäesche Kolonialismus, während emgéiert en Deel vum europäesche Wuelstand um Bockel a mam Blut vum Afrika opgebaut ginn ass.

Haut, zënter de leschte Joren, hu mer et mat engem ähnleche Phenomeen, mat engem ähnleche Rush op Afrika, op seng Buedemschätz a seng Naturprodukter ze dinn; woubäi haut - am Ennerscheed zum 19. Jorhonnert - an Afrika net nëmmen d'Europäer aktiv sinn, mä och d'USA, Japan, China an Indien. Vierdergrënneg geet et hinnen allegerter scheinbar nëmmen em d'Wuel, em d'Entwécklungschancen an em en Développement durable vu Afrika.

A Wierklechkeet geet et awer em déi afrikanesch Pétrolquellen, em afrikanesch Rohstoff wéi Uran, Bauxit, Koffer an esou virun. An et geet, wéi schonns gesot, em nei Ofsazmarché fir amerikanesche Kotteng oder Mais, fir chineseschen Textil, oder zum Beispill fir europäesch Mëllechpulver oder Fleisch, déi d'uefër d'Praxis vun onmoraleschen Dumpingpräisser déi lokal Produzenten a lokal Marchéen an den afrikaneschen State ruinéieren an Aarmut a Perspektivlosegkeet produzéieren. An et geet iwwert déi nei Fräihandelsbestëmmungen, déi vun de räichen Industriestaten iwwert d'OMC an d'Cotonou-Accorden erakomm sinn, dorëmmer, fir déi afrikanesch Marché rücksichtslos opzemaachen a schutzlos dem Fräihandel ze ennerwerfen.

Op dësen ökonomeschen Haaptaspekt vun dësen Accorden an hiren aktuelle Modifikatiounen wäert ech gläich zréckkommen, mä fir d'éischt e puer Bemierkunge just zu eenzelnen - ech soe bewusst „eenzelnen“ - méi positive Punkten an dëse Cotonou-Accorden.

Positiv ass sécherlech d'Vepflichtung vun AKP-Staten zu enger sougenannter Bonne gouvernance, zu Rechtsstaatlechkeet, zu fräie Wahlen, zu gläiche Rechter fir d'Fraen an esou virun. A positiv ass och d'Vepflichtung zur Abezéierung, zur Participatioun vun der Société civile, vun einheimischen ONGen, an d'Entwécklung an den Opbau vun dëse Länner; och wann eng positiv Ëmsetzung dovun nach net iwwerall genuch gelongen ass.

Iwwert d'Noutwendegkeet vun enger Bonne gouvernance kéint een allerdéngs och a munchen europäesche Länner selwer esou munches soen. Mä déi afrikanesch Staaten, mat Ausnahm vun e puer Diktaturen, hu jo virun e puer Joer mat der Grënnung vum NEPAD dës Erausforderung vun enger gudder Gouvernance a vum Kampf géint Korruptioun a Machtméissbrauch ëmmerhin an Ugrëff geholl. Si waarden nach just op méi technesch an administrativ Hëllef, fir dat ëmsetzen ze kënnen.

Dann ass et natierlech alles, mä net hëllef-räich, wann afrikanesch Staaten emgéiert, ënnert dem Zwang vu sougenannte Strukturpassungsprogrammer vum internationale Währungsfond, gezwonge ginn hir staatlech Administratiounen, hir öffentlech Servicer vu Santé, Transport, Energieversuergung, Educatioun an esou virun, do Personal ofzebauen, wéi dat a ville State geschitt ass. Ënnert dem Artikel 47 vum Cotonou-Accord vun 2000 ass d'Flicht vun der Respektéierung vun esou negative Strukturpassungsprogrammer iwwerregens verankert. Wat ass ausser dem Begrëff „Duebelmoral“ do ubruecht?

Dir Dammen an Dir Hären, op Drock - op positiven Drock, an dësem Fall - vun EU-Ënerhändler sinn an de Cotonou-Accorden och Bestëmmunge géint Waffenhändler a géint d'Proliferatioun vu Massevernichtungswaffen erakomm; wat een natierlech nëmme ka begréissen, well Afrika aus villen Ursaachen eraus - och aus Aarmutsursachen, aus ethnischen Ursaachen, aus reliösen Ursaachen oder aus dem Sträit em Rohstoff - ënner ville militäresche Konflikter leit.

Wichtig wiere wierklech och Mesuren am Kampf géint de Waffenhandel, géint d'Rekrutéierung vu Kannerzaldoten, géint Landminen an esou virun; obschonn et och do dann awer wichtig wier op d'Zuelen an op d'Ursaache vun dëse Waffen hinzeweisen a se ze ennerbannen. Déi Quelle leien haut zu engem groussen Deel bei auslännesche Waffenhändler oder Mafiosien.

Da sinn op Incitatioun vun der EU och Antiterrorbestëmmungen an d'Accordé vu Cotonou mat erageholl ginn. Och dat ass sécherlech begréissenswäert, well all Form vun Terrorismus an eisen Aen onmenschlech an ze veruerteelen ass. Esou hunn am September 2001 all verantwortlech Politiker weltwäit op dat vehementstent d'Al-Qaida-Attacken op New York veruerteelt, déi op engem eenzege Septemberdag méi wéi 3.000 Doudeger gefuerdert hunn. Dat ass wierklech Terror an Horror.

Mä, Dir Dammen an Dir Hären, deeselwechten 11. September, deeselwechten eenzege Dag vom 11. September sinn an Afrika an am Tiers-Monde 24.000 Leit un Hunger gestuerwen; iwwer 8.000 Kanner zum Beispill u Banaliteite wéi Duerchfall oder aneren heelbare Krankheeten, virun allem an Afrika! A keen Hunn, kee Statschef huet no dësen Doudegen, déi gradesou Mënsche waren, gekréint! An den 12. September, den 13. September an de 14. September an esou viru waren déi Zuelen ähnlech.

Meng Fro: Ass et just Terrorismus, wat den 11. September an den USA geschitt ass, oder ass et net och eng Form vu struktureller Gewalt a strukturellem Terrorismus, wann all Dag am Tiers-Monde - och am Cotonou-Beräich - gradesou vill a méi Kanner a Leit enner Krankheet an Hunger stierwen? „Jo“ also zu de Prinzipien vun enger Bonne gouvernance, mä dann awer op zwou Säiten; ganz staark „jo“ zu der Participatioun vun den ONGen an der Zivilgesellschaft; „jo“ zu den Antiproliferatiounsbestëmmungen, a „jo“ mat Aschränkungen och zu den Antiterrorbestëmmungen an dësen Accorden, esou wéi ech dat virun hei versicht hunn ze erklären.

Haaptproblematesch - a mer wäerte bei der Kooperationsdebatt nach eng Keier méi genau dorop mussen zréckkommen - am Kontext vun deenen neie sechs sougenannte regionalen Accords de partenariat économique an Afrika ass awer déi total Fräihandels- a Liberaliséierungsideologie, déi dësen neie sougenannte Partnerschaften soll zu Gronn leien, an déi haaptsächlech op d'Artikelen 34-4, 41, 46 a 47 aus dem 2000er Cotonou-Ofkommens berout. Laut dem éischten genannten Artikel verléieren d'AKP-Staten - ausser deelweis den absolut äerm-



ste vun hinnen - hir Préférences tarifaires non réciproques, déi se an de Lomé-Vertrag haten, an déi elo 2007 auslafen, an un d'OMC-Regelunge vum Fräihandel sollen ugepasst ginn.

Dat ass fir vill AKP-State jiddefalls en ekonomesch an e soziale Réckschrëtt. Am Cotonou-Vertrag vun 2000, deen och elo soll mat Modifikatiounen weidergefuert ginn, war et de Fräihandelsännerhändler vun der EU ënnert dem Stéchnuwer GATS an AGCS och gelongen, esou wéi am Uruguay-Round a bei der OMC, de Prinzip vun der Liberaliséierung vu Service- an Déngschtleeschungsmarchéen ze verankeren; am Intérêt natierlech vun de groussen europäeschen an amerikaneschen Déngschtleeschungsmultie vu Waasser-, Energie-, Banken-, Gesondheits- a Pharmabranchen an esou virun.

E Prinzip, géint dee sech net nëmmen d'AKP-Staten, mä d'Tiers-Monde-Staten insgesamt gewiert hunn, a sech bei den OMC-Verhandlungen weider dogéint wieren, well dat natierlech ganz kloer de schrittweisen Opbau vun eegene Servicecapacités onméiglech mécht. Si géifen op éiweg zu aarmen an zu renger Lieferante vun net verschaffte Rohstoffen an Naturprodukter ginn. Or, wien haut keng eegere Serviceleistungsindustrien, keng eegere Servicebetreiber, a sief et och nëmmen a Kollaboratioun a grouse Regiounen, kann opbauen - do ass d'Iddi vu méi regionale Partnerschaftskonzepter bei Cotonou net schlecht, déi ass souguer ze begréissen -, dee verpasst all ökonomesch Entwécklungschancen a bleift zréck als éiwegen Almosenempfänger fir Entwécklungshëllef.

Doriwwer eraus hunn déi meescht - dat muss een och do derbäisoen - Liberaliséierungs- a Privatisierungsprojeten zu Gonschte vun de westleche Multinationalen zënter 1980 dozou gefuert, dat déi bisheer Servicer an deene Länner am Beräich Waasser, Energie, Zuchverkéier an esou virun zu soziale Verschlechterunge fir déi betraffe Bevölkerung gefuert hunn, esou datt et op ville Plazen - net nëmmen a Latäin- a Südamerika - zum Opruff zu neie Renationaliséierung vun esou Servicer kënt. Ech verweisen op Argentinien, ech verweisen op Bolivien an esou virun. Trotz deenen negativen Erfahrungen, déi och vun der Weltbank an engem rezente Rapport confirméiert gi sinn, géllt ëmmer nach déiselwecht neoliberal Liberaliséierungs- a Privatisierungsideologie, déi also hei soll viru gefuert ginn.

Wat huet dat, wann een e realistesch Bilan vu bal 40 Joer internationaler Entwécklungshëllef mécht - well dat ass jo ugaang ufanks de 70er Joren -, den aarme Länner am Tiers-Monde, virun allem an Afrika, dann haut global gesi wierklech bruecht? Ofgesinn dovunner, dat ufanks de 70er Joren héich an helleg e Versprieche vun 0,7% vum PIB gemaach gouf; e Versprieche vun deem déi meescht räich Industriestaten aus Europa an den USA haut nach meilawäit ewech sinn. Ofgesinn och dovunner, dat vun den Entwécklungsgelder normalerweis am Duerchschnitt tëschent 40 a 60% iwwer Opträg un europäesch Firmen erëm eng kéier zréckfléissen. Ofgesinn dovunner weist en nuchterne Bilan, dat déi Entwécklungshëllef insgesamt deenen aarme Länner net ganz vill vun der Plaz gehollef huet.

Dat hänt awer net gréisstendeels um Prinzip vun der Entwécklungshëllef an un der Entwécklungshëllef selwer, mä et hänt do runner, datt et eng Rei vu vill méi schwéiergewiichtegen, aneren negative Facteure gétt, déi vill Entwécklungsefforten op där anerer Säit erëm zerstéieren.

Hei e puer vun deene Facteure just, op déi ech wéi gesot bei der Kooperatiounsdebat nach eng kéier wäert zréckkommen, an déi an totaler Inkohärenz stinn, am totale Widersproch sti mat deem, wat mer Entwécklungshëllef nennen - a Stéchnuwer just:

Éischtens, ech hat jo geschwat vun deene gebrachene Versprieche vun 0,7% selwer;

zweetens, de Passé colonial mat all senger strukturelle Konsequenzen;

drëtens, de wäitgehende Präisverfall fir d'Produkt an dem Tiers-Monde op de westlech dominéierte Bourssé vu London a vun New York an deene leschten 20 Joer. Beispiller gétt et genuch, souwuel fir Rohstoffe wéi fir Agrarprodukter - wann een emol vum Pétrol ofgesäit.

Véiertens, d'Agrexportsubventionen an d'Agardumpingpräisser vun der EU, vun den USA an och vun aneren, déi d'Produktioun an d'Vente vu villen Agrar- an Naturprodukten, ob Kotteng, Fleesch, Mëllech, ob Textil an esou virun an den AKP-Länner selwer, mä och op d'Nopeschmarchéen onméiglech maachen an déi déi lokal Produktioun ruinéieren, mat de Konsequenzen Aarbechtslosegkeet, Honger a Landflucht.

Fënneftens, de Poids vun der Dette, vun enger ongerechter Verschuldung, wou den Zënsendéngscht vun där Dette ëmmer méi grouss Proportionen vum Statsbudget vun deenen aarme Länner ausmécht, a wou an net wéinege Fäll dese Scholdendéngscht un déi multinational Banke vill méi ausmécht, wéi déi gesamt Entwécklungshëllef, déi déi State kréien.

Net nëmmen d'Tiers-Mondes-Länner selwer, och d'ONGE weltwäit a souguer eenzel Statsleit fuerderen an deene leschte Joren duerfir d'Annulatioun oder zumindest eng wäitgehend Reduktioun vun deenen Detten, fir iergendwéi deene Länner ze erlaben en Neufank ze starten. Mä leider huet sech bis haut, trotz alle ville schéine Rieden an Deklaratiounen, dorunner ganz wéineg geännert.

Sechstens, d'Liberaliséierungskonsequenzen am Tiers-Monde, vun deenen ech virdu scho geschwat hunn. Just zwou Zuelen an Zitater aus dem Rapport „Global economic Outlook 2000“ vun der Weltbank - d'Weltbank, déi jo net ka verdächtigt sinn, iergendwéi ONG, Attac oder gréng oder iergendeppes ze sinn.

Op Lëtzebuergesch iwwersat aus dem Engleschen:

Éischtens, d'Zuel vun de Leit weltwäit, déi mat manner wéi zwee Dollar den Dag muse liewen, ass zënter 1980 bal ëm 50% geklommen. An, seet d'Weltbank, dat war déi Zäit, zënter där am stäerkste liberaliséiert ginn ass.

An zweetens, aus engem Rapport vun der UNO vun 1999: An 59 Länner wier d'Duerchschnittsakommes 1999 méi niddreg gewiescht wéi 1980. D'Schéier tëschent Räich an Aarm geet vu Joer zu Joer ëmmer méi ausernee. An trotzdeem soll och laut Cotonou-Accordë weider liberaliséiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, op de siwente Punkt, nämlech d'Noutwendegkeet an de Cotonou-Accorden, fir d'Politik vun internationaler Währungsprogramm ze respektéieren, obschonn des Programm eng total Faillite sinn, wéll ech hei net méi agoen. Ech hat virdu schonn dorobber higewisen.

D'APEn an dese Vertrag, dat heescht, déi nei regional Accorden, Accords de partenariat économique, déi elo négociéiert an erstallt solle ginn, stellen déi europäesch Ænerhändler, ob et den Här Mandelson ass oder den Här Louis Michel, jiddefalls virun d'Fro, wat mat deenen APEn soll geschéien, wann se nach op sinn.

Solle wierklech éierlech Entwécklungspartnerschaften Entstoen? Oder bleibt et beim „business as usual“, woubäi dat Wuert Business an deem Fall hei senger reng kommerzieller Bedeitung géif entsprechen?

Mir fäerten op jiddfer Fall als Gréng, dass den Entwécklungs- a Kooperatiounskommissär Louis Michel do net vill wäert ze soe kréie par rapport zum Fräihandelskommissär Mandelson, dee knallhaart just d'Intérêt vun den europäeschen Export- a Serviceindustrië vertrëtt. Mir sinn do méi wéi skeptesch a mir wäerten eis duerfir och beim Vote enthalen.

Zum Schluss, Dir Dammen an Dir Hären, nach just eng kuerz Zousazbemierkung zum Développement durable a virun allem zum Klimawandel, wou et jo elo scho kloer ze si schéngt, dat grad och nach déi Ärmste vun deenen Aarmen am Süddeel vun eise Planéit am meeschte wäerten dorënner ze leide kréien: ënner Katastrophen, ënner Iwwerschwemmungen, Hëtze-katastrophen an dem Verdréchnu vu ganze Regiounen bis erop an de Mëttelmeerraum.

Ech woe mer net virzestellen, wann de Klimawandel ëmmer méi antrëtt an deenen nächste Jorzéngten, wat fir Biller mer dann un de Grenzen an un de Stacheldréit vun der Festung Europa wäerten ze gesi kréien a wat da wäert geschéien.

Déi räich State sinn an eisen Aen op jidde Fall gefuert hiren Egoismus, hiren onekologesche Konsumwahn an hir Après-nous-déluge-Mentalitéit ze iwwerdenken. Endlech ze iwwerdenken!

Mat deser Modifikatioun - domadder kommen ech zum Schluss - vun dese Cotonou-Accordë gétt dat an eisen Ae leider net gelescht, mä bei der Kooperatiounsdebat wäerte mer dann nach eng kéier Geleeënheet kréien, op all déi dote Saache méi genau a méi am Detail a mat vill méi Zuelen zréckzekommen.

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Huss. Den nächste Riedner ass den Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Merci, Här President. Den Accord vu

Cotonou vum Joer 2000 tëschent der Europäescher Unioun an den AKP-Staten huet eng Dauer vun 20 Joer an e gëtt all fënnef Joer revidéiert. A mer si frou an houfreg doriwwer, datt déi lescht Revisioun hei zu Lëtzebuerg konnt ënnerschriwwen ginn.

De Partenariat tëschent deem räichen Europa an deene méi aarmen AKP-Länner huet fënnef Dimensionen: eng politesch Dimension, d'Zesummenaarbecht mat den ONGen notament, de Kampf géint d'Aarmut, d'wirtschaftlech Zesummenaarbecht an och déi finanziell Zesummenaarbecht.

Wann ee vun der politescher Dimension schwätzt, dann ass et evident, datt een ënner anerem un d'bonne gouvernance denkt, un d'Menscherechter. An et gesäit een, datt et wichteg ass, datt mer esou eng Konditioun mat dragesat hunn, well et drëm geet, fir verschiddenen Abusën, déi mer an der Vergaangenheet kann hunn, entgéintzewierken, a fir och ganz kloer ze soen, datt mer ons distanzéiere vun deene Länner, wou d'Menscherechter net respektéiert ginn.

Mä et misst awer och heeschen, Här Minister, datt et noutwendeg ass, datt mer och hei an Europa verschidde Konsequenzen doraus zéien, wann op eng kéier d'bonne gouvernance hei an Europa net richtig klappt.

Ech wéll nuren ee Beispill huelen, dat ass dat, wat an der Côte d'Ivoire geschitt ass, wouhinne e Londoner Armateur säi Schëff geholl huet. Hie sollt dat zu Rotterdam dépolluëiere loosse. Well dat fënnef Milliounen Euro kascht huet, hie gesot, hie géint dat net maachen. An hien huet dunn d'Schëff an d'Côte d'Ivoire geschéckt, do huet hien et fir ganz bëleg Suen dann dépolluëiert kritt, mat deem Resultat, datt eng ganz Regioun polluéiert ginn ass an datt iwwer zéng Leit dohanne gestuerwe sinn, ouni vun deenen ze schwätzen, déi schwéier Gesondheetsschied dovugedroen hunn.

Ech sinn awer elo frou ze héieren, datt d'Gerichter reagéiert hunn an datt haut déi Firma zu 132 Milliounen Euro Dommages et intérêts condamnéiert ginn ass.

Ech mengen, et geet do dorëm, datt mer och dofir suergen, datt iwwerall, wou mer Gesetzer hunn, wou mer d'Méiglechkeeten hunn, iwwer Direktive beschlossfäeg ze ginn, wou mer aktiv solle ginn, datt mer do solle ganz staark dogéint kämpfen, datt Afrika ugesi gétt wéi den Dépotoir vun all méigleche Saachen, mat deene mer hei net wëlles hunn eppes ze maachen an déi mer ons dann do bëleg kënnen entsuerge loosse.

Deen anere Punkt, dee wichteg ass, dat ass, datt een och kuckt, datt Europa wëlles huet seng Entwécklungshëllef ze steigern, an dat am Kader vun den „Millennium Development Goals“, vun 33 Milliarden Euro am Joer 2003 op 84 Milliarden Euro am Joer 2015. Ech mengen, dat ass e gutt Zil, a Lëtzebuerg huet jo am Prozentsaz do nach méi wëlles.

Och do wollt ech soen, datt mir als ADR bien entendu hannerun där Politik vun der viregter Regierung an och vun deser Regierung stinn.

Nach stellt sech awer an deem Kontext e kleng Problem, deen ech hei évoquéiere wollt, dat ass de Fonctionnement vum Fonds européen de Développement. Do ass elo, wa meng Informatiounen richteg sinn, fir déi nächst sechs Joer e Betrag vun 22,7 Milliounen Euro virgesinn, deen deem Fong soll zoukommen. Mä et muss een awer och feststellen, datt an deem Fong elo eng 11 Milliarden Euro op der héijer Kant sinn - dat si wéinstens déi Donnéeën, déi ech hei an enger Resolutioun vun Europaparlament gesinn hunn. Dat ass eng Resolutioun hei (2006) 0112, an där d'Regierungen opgefuerdert ginn, ze kucken, ob net deem Fong sollt reforméiert ginn, fir méi effikass ze ginn a fir datt déi Suen och dohinne kommen, woufir se am Prinzip geduecht sinn.

Ech wollt duerfir froen, ob d'Regierung iwwert déi Problematik Bescheed weess an ob se och gedenkt déi eng oder déi aner Iddi schonn um Niveau vun de Reforme vläicht virzegesinn.

(**M. Lucien Weiler reprend la Présidence**)

Dann ass et och evident, datt dee ganzen Accord vu Cotonou, deen noutwendeg ass, awer och ganz oft an deem ganze Welthandel, dee mer kennen, heiansdo awer och e bësselchen do wéi een Exot wierkt. Woufir? Well verschidde Länner déiselwecht Wäerter, déi mir wichteg fannen, net respektéieren. Dat ass China. Dat ass Amerika, déi net hésitéieren, fir mat Dumpingspräisser a mat Agrarwuere, déi se an déi Länner exportéieren, déi lokal Agrarwirtschaft futti ze maachen a staark ze konkurrenzéieren op jiddfer Fall. Dofir erwaarde mer ons ganz

vill, datt am Kader vun der Doha-Ronn eng Léisung fonnt gétt an datt déi Abusën, déi mer elo festgestallt hunn, zu engem Enn kommen.

Am Sudan hu mer och eng Situatioun, déi mech ëmmer schockéiert, well een op där enger Säit am Sudan een Deel vum Land huet ëm Khartoum, wat eng wonnerbar Entwécklung kennt, deen en Développement kennt, dee relativ staark ass; an op där anerer Säit gesäit een awer och dat, wat am Darfur geschitt, wou ganz staark Bedenke sinn a wou ech hoffen, datt et do endlech zu Fridde ka kommen.

Nach wie vor stellt sech awer och nach fir ganz Afrika en demographesch Problem. D'Leit, déi do op d'Welt kommen, déi Zuel steigt vill méi wéi hire PIB. Do muss ee kucken, wéi ee kéint do hëllef. Ech weess selwer kee Rot dobäi. Mä et ass kloer, datt déi demographesch Situatioun ee vun de Problemer wäert duerstellen.

Dat explizéiert och, firwat déi illegal Immigratioun ëmmer méi zouhëlt: Well d'Leit an hirem Land keng Existenz méi hunn; ganz oft net wëssen, wat se solle maachen, wou se solle schaffe goen, fir hir Famill a fir sech selwer och ze ernieren.

Wann ee géint illegal Immigratioun wëllt virgoen, ass déi beschte Waff, dat bescht Argument d'Entwécklungshëllef, andeems een deene Länner hëllef, déi an Nout sinn, aus der Aarmut erauszekommen an deen Ablack de Leit och sur place déi néideg Aarbechtsgeleeënheeten unzébieden.

Dat gesot, wëll ech dem Rapporteur sengem Opruff nokommen an den Accord vun der ADR-Fraktioun zu deem Gesetzesprojet an zu deem Accord vu Cotonou bréngen.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Henckes. Ee Moment nach, Här Minister Schiltz, den Här Jaerling huet d'Wuert nach gefrot.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Merci, Här President. Wa mer hei am Zusammenhang mat sougenannten ënnerentwéckelte Länner vun Aarm a Räich schwätzen, vu wat fir enger Aarmut a vu wat fir engem Räichtum schwätze mer?

Mir schwätze vun de räichen europäesche Länner, räich un Technologie, räich u Wëssen, räich un Infrastrukturen a räich u Wirtschaft. Mir schwätze vun deenen aarmen afrikanesche Länner, wou mer elo hei schwätzen. Déi hunn awer och e gewëssene Räichtum, well déi hu jo awer dee Räichtum, deen eis feelt an deen eis am Fong elo an nach aner Länner interesséiert; dat ass dee Räichtum vun hire Rohstoffe, déi eis elo interesséieren, aus deenen Ursachen, wou mer haaptsächlech eis elo och méi fir déi Länner interesséieren, och wa mer et ënnert dem Deckmantel heiansdo vun der Entwécklungshëllef a vun den Handlungsbeziéunge maachen.

Mir schwätze vun Aarmutsbekämpfung. Mä Aarmut bekämpfen, dat mécht een net mat enger Philosophie, mä do muss een, genau wéi den Här Goerens dat hei gesot huet, pragmatesch virgoen. An ech kann em nëmme Recht ginn, wann e seet, et muss ee ganz oft esquivéieren, fir awer e Schrëtt no vir ze kommen, besonnesch wann een d'Strukturen, wann een d'Geschicht an d'Mentalitéit an deenen afrikanesche Länner kennt, déi jo och nach zu engem groussen Deel mat deem Kolonialismus verbonden ass, wou Europa jo och mat e groussen Deel Schold drun huet.

Ech mengen, do muss ee pragmatesch virgoen an do muss ee Schrëtt fir Schrëtt virgoen. An do geet et elo net fir esou ze maachen, wéi wann elo hei iergendwéi e Klassenkampf zwëschen Aarm a Räich géif stattfannen. Mä hei geet et drëm, fir eng équitabel Partnerschaft ze sichen.

An do stellen ech mer effektiv d'Fro, ob dat mat all deenen Accorden, déi begréissenswäert sinn, well se e Schrëtt no vir bréngen, mä ob all déi Équitéit do, déi hei virgegaukelt gétt, dann och effektiv awer am Endeffekt gewollt ass oder ob net aner Ursachen do sinn: Wéi zum Beispill China an Indien, déi an Afrika investéieren, mä awer wierklech aus Eegebedarf, fir haaptsächlech hir



eege Versuergung ze garantéieren a fir sech do gutt Frënn mat deene Länner ze maachen. A besonnesch awer mat deene Länner, wou de Räichtum - well mer schwätze jo vu Räichtum an Aarmut - vun deene Länner an den Hänn vun e puer Famillje läit, mat deenen se nëmme brauchen ze verhandelen, fir sech do kënnen d'Täsche voll ze stiechen.

An dofir ass d'Diskussioun vun der Aarmut, a verschidde Länner vun Afrika, eng Diskussioun iwwert d'Veerdeelung vum Räichtum intern an deene Länner selwer. Well eben de Räichtum, wéi gesot, an den Hänn vun e puer Leit läit, déi einfach och net bereet sinn dee Räichtum hierzeginn, a mat deenen et och méi einfach ze verhandelen ass, wéi mat demokratesche Strukturen, wéi mat demokratesche Staten, déi mer jo awer wëllen an deene Länner do opbauen.

An dofir - soen ech elo emol hei ganz kloer - geet et net duer, dass een, zum Beispill wéi am Kongo, en diktatorische President elo demokratesche President nennt. Dat geet net duer. Ech mengen, et muss een déi sämtlech Strukturen, et muss een d'Mentalitéit änneren an et muss een och derfir suergen, dass mer déi Rechtsstaatlechkeet, déi mer gären an deene Länner hätten, och mat deene Länner, mat deene Leit zesumme maachen. An dat ass net de Fall.

Wichtig ass trotzdeem all Accord, dee fonnt gëtt. Wichtig sinn och zum Beispill déi kleng Initiative wéi Mikrofinanzementer, déi awer um Terrain direkt de Leit eppes bréngen.

Wichtig sinn och aner kleng Projeten, déi eis weiderbréngen.

Mä dat, wat hei elo mat deem Accord versicht gëtt, déi Handlungsbeziungen, déi do sollen opgebaut a versicht gi mat deene Länner, do soen ech awer ganz kloer: Do muss awer ganz gutt opgepasst ginn, dass déi net unilateral stattfannen an dass net nëmme am Hannergedanken déi Handelsbeziungen opgebaut ginn, nëmme fir un d'EEgeversuergung ze denken an een dann net - och wéi China an Indien dat an Afrika maachen - geziilt op déi demokratesch Entwécklung vun de Strukturen higee.

Dofir soen ech: Et kann een den Accord ginn. Et kann ee säin Averstännis ginn zu deem Accord, mä awer da mat Bedenken, well ee ganz genau d'Hannergedanke kennt vun esou Accorden, wou nëmme jiddereen emol un alleréischter Stell u seng Eegeversuergung denkt an da spéider eréischt un déi Länner, déi et betrëfft. An dofir soll ee ganz virsichteg sinn an och an Zukunft dat awer am A behalen.

Fir mech geet et haaptsächlech drëm mat deene Länner zesummen ze kucken, emol éischters, et geet em d'Rechtsstaatlechkeet, et geet awer och em déi intern Verdeeelung vun de Räichtümer an ze versichen, dass déi Räichtümer iwwer demokratesch Strukturen verdeelt ginn.

Och an deem Kompromiss hei an an deenen Accorden, déi virdru waren, wat elo d'Entwécklungshëllef ugeet, ass et wichtig, dass Bedingunge gestallt ginn. Mä d'Entwécklungshëllef duerf awer net an de Mëttelpunkt gestallt ginn.

Well d'Entwécklungshëllef ass am Fong nëmme en Aspekt fir de Leit ze hëllefen sech selwer ze hëllefen. An dat ass dat, wat zielt, wat muss opgebaut ginn. An dat ass och dat, wat muss weidergedriwwen an ausgebaut ginn, fir dass déi Leit sech och kënnen an hirem eegene Land, an hirer eegener Region entwéckelen, an dann och do eng Aart Liewensqualität opbauen, fir dass se ebe bei sech doheem bliwen; dass se an hirem eegene Land dann och kënnen versichen ze iwwerliewen an trotzdeem e bësse Liewensqualität ze kréien.

An deem ganzen Accord hei gesäit een de gudden Wëllen, mä et gesäit een awer och verschidde Hannergedanken, an dat mécht mer Suergen. Ech wäert zwar deen Accord hei stëmmen, wéinst engem klengen Schrëtt no vir, mä awer trotzdeem mat grousser Bedenken.

» M. le Président - Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo d'Regierung, den Här Kooperationsminister Jean-Louis Schiltz.

» M. Jean-Louis Schiltz, *Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.*

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir erlaabt mer unzefänken, andeems ech dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport an alle Virriedner och fir déi vill a villschichteg Suggestiounen, Propositionen an Iddeen. Ech gesinn doranner d'Confirmatioun, dass d'Kooperationsdebat eppes ass, wat hei zu Lëtzebuerg op eng lieweg Manéier geféiert gëtt. Jiddereen dréit säi Bäitrag dozou bäi. Wat wichtig ass, mengen ech, ass, dass mer, wat d'Grundlinn sinn, um selwechte Strang zéien. An dat ass nach wie vor de Fall. An och dat fannen ech eng gutt Saach.

Well virgesinn ass, dass mer an deenen nächste Méint d'Kooperationsdebat als solch hu sollen - ech ginn dovun aus, dass dat am Abrëll de Fall ass -, erlaabt Dir mir dofir och vläicht, fir net grad am allerleschten Detail op all déi Froen a Suggestiounen anzegoen, déi gemaach gi sinn. Dat géif am lwwregen den Zäitkader, dee mer hei zougestane ginn ass an dee mer zousteet, l'engagement sprengen.

Zum Accord de Cotonou wëll ech vläicht soen, dass et wichtig ass emol an Erënnerung ze ruffen, dass d'Haaptobjektiv vun deem revidierten Accord dat nämlech ass wéi vun deem Basisaccord, nämlech d'Éradicatioun vun der Aarmut. Wat nei ass, dat ass, dass d'Objectifs du Millénaire als solch an den Accord verankert ginn. Dat ass och normal, well d'Objectifs du Millénaire hunn als solch deemools, wou deen éischten Accord ënnerschriwwen ginn ass, kaum respektiv guer net bestanen. Dat Ganzt ass am nämlechte Joer, nämlech am Joer 2000, geschitt.

Ech wëll och derbäifügen, dass d'Joer 2000 a mengen Aen e Broch an der Entwécklungspolitik duergestallt huet. A wann ech soen e Broch, da wëll ech ausdrécklech drop hiweisen, dass et vun engem Broch am positive Sënn schwätzen. Well et ass dat Joer, wou d'international Communautéit sech ënner dem Impuls vum Kofi Annan zesummegegräpft huet, fir déi Objectifs du Millénaire ze definéieren, wou ech just wëll an Erënnerung ruffen, dass et bei deen éischten Drëmm geet, fir d'Aarmut bis 2015 em d'Halbschent ze reduzéieren.

Den Här Goerens huet mat Recht gesot, dass eng ganz Rei afrikanesch Länner dat net wäerte fäerdeg bréngen. Op där anerer Säit kann een och soen, dass dat Objektiv, wat deemools gestallt war, wou mer haut gesinn, dass et schwéier ze errechen ass, vläicht och net ambitiéis genuch war. Dat richtegt an ultiméit Objektiv misst d'Éradicatioun vun der Aarmut sinn a bleiwen.

Et ass mer awer och wichtig drop hinzuweisen, dass bei deenen Objectifs du Millénaire dat aacht Objektiv, nämlech dat vum Partenariat tëschent dem Norden an dem Süden, oft a Vergiessenheet geréit. An ech mengen, et ass op dat, wou mer kënnen opbauen, an et ass och do, wou den Accord de Cotonou de Wee weist.

Den Accord de Cotonou operéiert elo net d'Revolutioun, andeem en déi Revisioun do vollziit, mä en erlaabt awer d'Qualitéit an d'Effektivitéit vum Partenariat ze verfestegen. Et gëtt eng Rei politesch Komponenten am Accord. Et gëtt eng Rei finanziell Komponenten am Accord. An dat Ganzt steet ënner dem Motto vum Partenariat tëschent dem Süden an dem Norden.

Ech wëll an Erënnerung ruffen, dass et eng schwéier Diskussioun deemools war. Schwéier Diskussioun an deem Sënn, dass mer d'Diskussioun hu missen zu Enn bréngen an engem Kontext, wou d'Perspectives financières vun der Europäescher Unioun net geregelt waren, esou dass mer net à même waren, den ACP-Staten eng Zuel ze proposéieren.

Mir hunn - an dat war d'Lëtzebuurger Présidence, an ech wëll do ausdrécklech déi Mérité vun deenen Diplomaten, déi dat deemools gemaach hunn, hei eng Kéier ervirhiewen - et fäerdeg bruecht mat der Kommissioun zesummen, mat mir selwer zesummen, eng Formel auszeschaffen, wat zwar keng Zuel ass, well mer dat net konnte wéinst de Perspectives financières, mä awer e Langage chiffré, dee jiddereen et erlaabt huet, dee liesen, rechnen a schreiwe kann, op d'Zuel ze kommen, nämlech de Montant vun 22,7 Milliarden, deen elo dobäi erauskomm ass. Dat ass dee Montant vun néngte FED, plus d'Inflatioun, plus d'Croissance, plus den Élargissement um Niveau vun der Europäescher Unioun.

Mir hunn et also fäerdeg bruecht am Februar, dee Montant, deen den ACP-Staten zousteet an där neier Period, op eng gewësse Mooss ze sanctuariséieren, obwuel mer eis Hausaufgaben, eis Cuisine interne an der Europäescher Unioun net gemaach haten.

Déi ganz Négociatiounen, wëll ech och vläicht soen, an de Fait, dass mer och séier

ënnerschriwwen hunn, hunn d'Klima tëschent den ACP-Länner an der Europäescher Unioun an deem Joer drop och nach geprägt an hunn och dozou gefouert, dass mer dat Klima verbessert kritt hunn. Ech weess net, ob mer haut kënnen soen, dass alles, wat säitdeem geschitt ass, och an déi nämlech Richtung gaangen ass. Ech loosse dat emol esou als Observatioun, wann Der erlaabt, Här President, am Raum stoen.

Dat Zweet, dass sinn déi politesch Komponenten. Do wësst Der, dass déi politesch Mechanisme verfeinert gi sinn; an den Här Henckes huet vun der Côte d'Ivoire geschwat. Ech kann lech en anert Beispill ginn, dass ass dat vun der Guinée-Conakry, déi jorelaang an där Prozedur waren, wou, wann d'Parametere vun der Gouvernance net méi stëmmen, mer a politesch Consultatiounen ginn, wou och kënnen d'Entwécklungsgelder suspendéiert respektiv gestoppt ginn, wat am Fall vun der Guinée-Conakry och geschitt ass. An dee Moment wou um Schluss vum leschte Joer oder am Ufank vun deem Joer d'Saache sech zum Besseren gewannt hunn, ass déi Kooperatioun erëm ënner dem Impuls vun der Kommissioun opgeholl ginn. Wou mer haut sinn, dat wësst Der alleguer, nämlech dass säitdeem d'Saache sech erëm verschlechtert hunn, an dann net méi spéit wéi gëschter oder virgëschter de President e ganzen Deel vun de Pouvoiren an d'Hänn vun der Arméi geluecht huet, wat sécherlech keng positiv Entwécklung ass. Mä ech denken, dass d'Situatioun an deem Land hëlenglech hei bekannt ass, well et och e Land ass, wat zwar keen Ziland ass, mä e Land, mat deem mer emol a fréiere Jore kooperéiert hunn. D'Evolutioun do ass net positiv a muss sech zum Besseren wenen. Ech hunn dat Beispill hei gebraucht, fir déi Mechanismus um Accord de Cotonou eng Kéier ze illustrieren.

De Kampf géint d'Massevernichtungswaffen, Armes de destruction massive, ass och en zentraalt Element vum Accord, well wann déi Dispositiounen net respektéiert ginn, kann dee Mechanismus déclenchéiert gi vun de Consultatiounen um politesch Niveau a vun der Suspensioun vun der Hëllef.

Een anert Element, wat, mengen ech, den Här Angel ervirgehewen huet, dat ass d'Aschreiwe vun der Cour pénale internationale an deen Accord, am Sënn, dass et keng Impunitéit ka ginn, wat d'Crimes contre l'humanité ubelaangt. Selbstverständlech war dat eng komplizéiert Fro. Duerfir ass déi Formel, déi do gebraucht ginn ass, vläicht och e bësse méi schwaach, wéi deen een oder anere sech dat gewünscht hätt. Mä wat mir wichtig ass, dass ass, dass mer eng kloer Ausso an deem Accord maachen, dass et keng Impunitéit ka ginn, wat d'Crimes contre l'humanité ubelaangt.

Drëtt politesch Element nieft dem Kampf géint d'Massevernichtungswaffen, dem Tribunal pénal international: De Kampf géint den Terrorismus gëtt och e gemeinsaamt Objektiv vun den ACP-Staten an der Europäescher Unioun. Ech wëll och ausdrécklech drop hiweisen, dass den Akzent gesat gëtt op d'demokratesch Prinzipien an op de politesch Dialog. Et ass also en Accord wat en Entwécklungsaccord ass. Mä et ass och en Accord wat en Accord ass, deen de politesch Dialog an all déi Komponenten, déi der Europäescher Unioun zu Recht um Härz leien, beinhalt, a wou mer probéiert hunn, plutôt als wéi ongesond Konditionalitéiten ze kreéieren, op intelligent Manéieren dozou ze kommen, dass durabel Amélioratiounen géife stattfannen an deene verschidde Länner, wat d'Gouvernance ubelaangt.

Den Här Goerens huet déi Tranche incitative gouvernance zitéiert, wou een Deel vun deene Gelder, déi am zéngte FED sinn, reservéiert si fir Länner, déi prezis a spezifesch Progrès maachen, wat d'Gouvernance ubelaangt.

Alles an allem wollt ech soen, dass et der lwwerzeegung sinn, dass et e gudden Accord ass. Lëtzebuerg ass dat siwent Land, wat den Accord ratifizéiert; wat och eng gutt Saach ass.

Zu deene Punkten, déi am Rapport soulevéiert gi sinn, wollt ech soen, dass et selbstverständlech ass, dass all déi Froen, déi mam Environnement ze dinn hunn, och hei mat an d'Gewiicht falen, dass ech awer wëll drop hiweisen, dass, genau wéi déi wirtschaftlech Komponent sech am Doha-Accord ermëffent, zu engem groussen Deel mer och hei déi Environnementskomponent am Kyoto-Accord ermëffent an et net drëm gaangen ass, fir hei nach eng Kéier dat nei ze maachen, wat am Kader vu Kyoto gemaach ginn ass. Mä et ass drëm gaangen deene spezifesch Problemer vun Inseln, déi spezifesch engem Risque écologique exposéiert sinn, Rechnung ze droen.

Mä et ass evident a selbstverständlech, dass dat eent an dat anert zesummegeen. An et sinn och eng Rei europäesch Länner, déi massiv Efforté maachen, och wat den Environnement ubelaangt. Ech denken do ënner anerem un Holland. An ech mengen, dass ass och e gudden Wee, wéi mer an der Zukunft méi effikass kënnen schaffen.

Et ass net gutt, dass all Land alles mécht an allen Domänen. Mir, mengen ech, sinn net allze schlecht an Domän vun der Educatioun an der Formation professionnelle, am Domän vum Waasser a vun dem Assainissement, wat jo och direkt eppes mat Environnement ze dinn huet, am Domän vun der Santé. An ech mengen, mir sollen eis dorober konzentréieren an eis staarkmaachen, dass mer op méi eng grouss Division du travail mat deenen anere kommen, dass mer méi effikass kënnen ginn.

Ech sinn och frou, dass eng ganz Rei vun lech hei Doha évoquéiert hunn. Fir mech ass et kloer, dass den Développement an d'Kooperatioun am classesche Sënn vun Wuert eleng zwar eppes sinn, wat mer brauchen, fir dass mer d'Entwécklung kënnen zum Positiven hiwenden, mä dass dat eleng net duergeet. Mir brauchen eng Rei aner Saachen.

An dem Här Huss wëll ech soen, dass ech selbstverständlech weess, dass déi Zuel vun 0,7 fir d'éischt an de 70er Joren ofgemaach ginn ass, mä no deem Broch vum Joer 2000, deen d'Entwécklungspolitik a mengen Aen entscheidend zum Gudden gewannt huet, ass et dach awer esou, dass mer entre-temps fënnf Länner: Dänemark, Schweden, Holland, Lëtzebuerg an Norwegen hunn, déi iwwer 0,7 sinn. An ech wëll awer och vläicht ëmmer erëm drop verweisen, dass ënner Lëtzebuurger Présidence déi aner sech och all engagéiert hu mat engem Datum endlech emol verbindlech op 0,7 ze goen. Duerfir soll een och an deem Sënn heiansdo dat Positivt gesinn.

#### (Interruption)

Datt et esou laang gedauert huet, Här Huss, bedauern ech selbstverständlech och. Et weist och, dass dee Broch am Joer 2000 néideg war. Ech kann lech op jidde Fall versécheren, dass soulaang wéi ech wäert do sinn, ech millimetergenau wäert kucken, dass deen Accord do agehale gëtt. Ech mengen, dass ass hëlenglech dobausse bekannt; net nëmme hei zu Lëtzebuerg, mä och an Europa.

Ech hunn et gesot, d'Entwécklungspolitik ass eng Condition nécessaire. Si geet eleng net duer. Et mussen och Progrès gemaach ginn, wat den internationale Commerce ubelaangt. Ech wëll lech vläicht soen, dass Hongkong eis jo keng Satisfaktioun ginn huet. Ech ka mech erënneren, den Här Adam war och do, an ech weess net, ob hien dat nämlech dueno gesot huet wéi Dir, Här Huss, mä ech denken, dass mer eis awer deemools eens waren, dass mer net ganz zefridde erëmkomm sinn.

Wat een awer trotz allem muss soen, dass ass, dass am Hongkong-Pak eng Rei Saachen dra waren. Am Hongkong-Pak war nämlech dran, dass d'Subventions à l'exportation sollten 2012-2015 géint null geféiert ginn. Am Hongkong-Pak war dran, dass d'Subventionen, wat de Kotteng ubelaangt, bis Schluss 2007 géint null géife geféiert ginn; wat e wichtige Punkt ass fir eng Rei vun eise Partnerlänner: Beispill Burkina Faso, Beispill Mali. Am Hongkong-Pak war och dran, dass déi Länner aus dem Norden hir Mäert géife quasi ganz opmaachen, an déi Länner aus dem Süden dat géife progressiv maache mat engem speziellen an differenziéierte Regime fir déi Länner, déi déi gréisste Schwieeregkeeten hätten.

Nun ass et awer esou, dass dat, wat mer deemools als en hallwen Échec considéréiert hunn, a wou mer eigentlech net zefridde waren, entre-temps awer erëm en plus a Fro gestallt ass. Dat heescht, dass bësse, wat deemools erreicht ginn ass, ass elo net méi do. Ech denken, dass net ënner Beweis ze stellen ass, dass Lëtzebuerg sech staark mécht, dass dat Doha awer soll eng richteg Entwécklungsronn ginn. Dat hunn déi gemaach, déi deemools zu Doha waren. Dat hu mer säitdeem och ëmmer gemaach.

Da vläicht ee Wuert zu den Accords de partenariat économique, well ech bei de wirtschaftlechen Aspekter sinn. D'Basisdispositiounen, wat d'Accords de partenariat économique ubelaangt, déi fannt Der an der Originalversioun vum Accord de Cotonou schon erëm. Dat heescht, an deem Sënn ass an där Revisioun näischt grundleeënd Neies dran. Ech wëll dat soe par rapport zu der Begrënnung vun der Abstentioun hei mat den Accords de partenariat économique, déi ech net konnt novollzéien.

#### (Interruption)



Duerfir wollt ech dat vläicht eng Kéier soen.

Et ass erweisen, dass mer, wa mer wëlle vun där Assistanat-Schinn erofkommen, a wa mer wëllen alles maachen - an dat wëlle mer jo -, fir dass deen Assistanat sech net pérenniséiert, mer Entwécklungspolitik brauchen, Entwécklungshëllef brauchen an och Regeln am Kader vum Commerce. Mä Regeln am Kader vum Commerce, déi esou sinn, dass d'Entwécklungslänner net de Kopplabunz schloen, mä dass se kënne vun deenen Ouverture profitéieren. Duerfir hunn ech och an enger ganzer Rei Gespréicher mat afrikanesche Statschefen, Ministeren, Ambassadeuren an anere Vertrieber déi Froen all duerchdiskutiert, wat d'Accords de partenariat économique ubelaangt.

Ech denken och, dass de Fait, dass Lëtzebuerg sech deemools staarkgemaach huet fir d'Revisioun vum Cotonou-Accord, an och also als ee vun deenen direkte Pappé vun deene reviséierten Accords ka considérieren ginn, dozou bägedroen huet, dass mer och konnten hei e Wuert matschwätzen. An et ass bekannt, dass ech mech de 5. Januar 2007 och an engem Bréif un de Louis Michel gewannt hunn, fir drop opmierksam ze maachen, dass déi Entwécklungskomponent endlech am Kader vun deenen Diskussiounen misst zum Droe kommen.

Well et ass evident, dass déi Ouverture, déi d'Abettung an den internationale Commerce verlaangt, asymmetresch muss sinn. Dat heescht, asymmetresch, wat d'Produiten ubelaangt: méi eng grouss Ouverture am Norde wéi am Süden; wäit méi eng grouss am Norde wéi am Süden, eng quasi ganz Ouverture am Norden. Mä se mussen awer och asymmetresch sinn, wat d'Durée ubelaangt. Dat heescht, den Norde mécht op éiert de Süden opmécht. A wa mer eis iwwert déi Prinzipien eens wäeren, an iwwer aner Prinzipien, wéi zum Beispill deen, dass Domänen wéi d'Agrikultur mussen speziell gekuckt ginn, well do d'Risiken am gréissten sinn, dass déi Länner an déi Secteuren d'Rad schloen, ech mengen, da wäere mer schonn en Deel weider.

Ech hunn iwwereng nach keen afrikanesche Statschef, Ambassadeur oder Minister gesinn, deen de Prinzip vum Accord de partenariat économique a Fro gestallt huet. Dat wëll ech eng Kéier hei soen.

Et geet, mengen ech, och drëm, dass d'Europäesch Unioun hei wéi op anere Punkte weist, dass mer et eescht mengen. A wéi kënne mer weisen, dass mer et eescht mengen? Andeem mer déi Saachen, déi ech elo beschriwwen hunn, déi asymmetresch Ouverture, wat d'Produiten ubelaangt, wat d'Dauer ubelaangt, all déi spezifesche Regelen fir d'Agrikultur an aner Secteuren, dass mer do och eng Rei Garantië ginn.

Do kommen ech dann zréck op dat, wat mer ënner Lëtzeburger Présidence gemaach hunn. D'Länner hu sech jo all engagéiert, fir op 0,56 ze goe bis 2010, an op 0,7 bis 2015. Da läit et jo awer op der Hand, dass et och misst méiglech sinn, dass am Kader vun deem Pak - fir dee sech jo prinzipiell engagéiert ginn ass, an net nëmme prinzipiell, well et ass e fäerme Engagement - och Fongen derbäi wäeren, déi spezifesche kéinten agesat gi fir dee Punkt, deen ech bis elo nach net erwähnt hunn, nämlech dee vun den Adaptatiounen, wat d'Capacités am Süden ubelaangt. Wann eng Ouverture gemaach gëtt, ass et evident, dass d'Capacités och mussen eropgefuer ginn. Et mussen Administratiounen do sinn, déi funktionnéieren, éier déi Ouverture kënnt, soss funktionéiert et net.

Här President, ech hätt nach vill ze soen zur Gouvernance; ech hätt nach vill ze soen zu de Migratiounen, an ech hätt och nach eng Rei Saachen zu China ze soen, wann Der erlaabt, maachen ech dat am Telegrammstil hei. An ech si sécher, dass mer am Abrëll, oder wéini och ëmmer déi Debatt iwwert d'Kooperatioun ass, op déi Froe wäerten zréckkommen.

**» M. le Président.** - Voilà, well d'Zäit, déi ech bleift, erlaabt net méi vill Telegrammer.

(Hilarité)

**» M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.** - Da gëtt et e ganz kuerzen Telegramm, Här President.

**» M. le Président.** - Voilà!

**» M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.** - Elo hunn ech och nach meng Ried verluer, gesitt Der.

**» M. le Président.** - Dir fannt se erëm.

**» M. Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.**

Ech wollt soen, dass déi Phenomeener net esou nei sinn, wéi se vläicht duergestallt ginn. Well China ass scho länger Zäit an Afrika present. Et ass elo dee Sommet um Schluss vum leschte Joer, deen dat an d'Aktualitéit bruecht huet. Ech wëll drop hiweisen, dass mer eis mat där Fro mussen auseesetzen, an dass et net duergeet, fir ze soen: Mir sinn déi Gutt a si sinn déi Netgutt. Esou einfach ass dat net.

Ech wëll och vläicht als eenzege Commentaire haut hei soen: Mir soen, dass d'Gouvernance e wichtige Facteur ass, dass uerdentlech muss regéiert ginn. Ech ka mer net virstellen, Här President - an dat ass dann déi lescht Remarque, déi ech maachen, wann Der erlaabt -, dass e Land, wat e Partenariat mat der Europäescher Unioun huet an e Partenariat zur gläicher Zäit mat China, dass dat Land géif zur Europäescher Unioun soen: Jo, d'Gouvernance ass wichtig, an zu de Chineese géif soen: Et ass mer egal.

Ech sinn also der Meenung, dass do, wou souwuel d'Europäesch Unioun wéi China aktiv sinn, mer eng Rei Saache kënne regelen. Dat ass net iwwerall de Fall. De Skandal vum Sudan ass hei zur Genüge ugeschwat ginn. Eigentlech ass dat dat falscht Wuert, well e gëtt ni zur Genüge ugeschwat. De Skandal dauert scho vill ze laang.

Ech denken och do - an dat ass da meng allerlescht Remarque -, dass mer dat, wat d'Afrikanesch Unioun seet, a wat de President Konaré mer am November ënner anere gesot huet, sollen extrem seriö huelen, a mat hinnen zesummen eng Léisung sichen, an net och do mengen, mir wäere méi intelligent wéi déi aner, a mir hätten d'Science infuse, a mir wësst wéi et géif goen. Mat hinnen zesummen, mat hinnen an der Responsabilitéit komme mer virun, anescht net.

Ech soen lech Merci.

**» Une voix.** - Très bien!

**» M. le Président.** - Merci, Här Minister. Domat si mer um Enn vun der Debatt ukomm. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi. De Vote fänkt un.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5609 ass ugeholl mat 53 Jo-Stëmme, bei 7 Abstentiounen a kenger Nee-Stëmm.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Giesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par M. Marcel Oberweis), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Fernand Diederich), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);*

*M. Xavier Bettel (par M. Henri Grethen), Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

*Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi iwwert d'Formation professionnelle. Et si bis elo ageschriwwen: d'Madame Brasseur an d'Madame Loschetter an den Här Sunnen, den Här Castegnaro, den Här Gibéryen, den Här Jaerling an den Här Scheuer. Mir fänken u mat der Debatt. Fir d'éischt huet d'Wuert de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här John Castegnaro.

## 2. 5593 - Projet de loi portant

**1) organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue;**

**2) création d'une aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation**

**Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle**

**» M. John Castegnaro (LSAP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou wéi Dir et ënnerstrach hutt, geet et hei ëm de Projet de loi 5593 an dobäi ëm d'Organisatioun vun de Coursen, Cours de formation professionnelle am CNFPC, an zweetens d'Kreatioun vun enger Aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation - dat, wat den Intitulé ubelaangt.

Et geet also ëm d'Neiuerdnung vun der berufflecher Bildung an den nationale Fortbildungszentren vun Esch a vun Ettelbréck an domat, iwwert d'Reorganisatioun an iwwert d'Kompetenzen an d'Reorganisatioun eraus, iwwer nei Perspektive fir déi sougenannten Aussteiger.

De 5593 reit sech awer och an an d'Gesetz oder an dee fréiere Projet de loi 5611 respektiv de 5501, dee mer d'lescht Joer am Juli ofgestëmmt hunn, wou et ëm déi eeler Arbeitnehmer an och Chômeure gaangen ass, a reit sech awer och an an déi sougenannte PAN-Gesetz zënter 1999, an och an d'Basisgesetz vum 30. Juni 1976 iwwert d'Schafe vun engem - deemools - Fonds de chômage, deen da spéider a Fonds pour l'Emploi ëmgedeft ginn ass.

Aneschtens gesot: Mir stëmme haut iwwer e Gesetz of, wat och, awer net nëmme der Bekämpfung vun der Aarbechtslosigkeit soll dengen, mä wat sech och areit an de Kader vum liewenslaange Léieren, also dem „lifelong learning“, an domat och muss gesi ginn am Kontext vun der sougenannter Lissabon-Strategie.

De Projet de loi ass den 29. Juni 2006 déposiert ginn. All Berufschamberen an natierlech och de Statsrot hunn hiren Avis ofginn, an déi zoustänneg Kommissioun, déi vun der Éducation nationale et de la Formation professionnelle, huet de 16. November d'lescht Joer mat hiren Aarbechten ugefaangen.

Et läit mer um Häerz ervirzesträichen, dass och d'Commission du Travail et de l'Emploi sech iwwert dee Projet de loi do informéiert wollt. An dat ass och den 21. November geschitt, andeem d'Éducation nationale mat hire Mataarbechter an der Commission du Travail et de l'Emploi present waren an d'Kommissioun informéiert hunn.

Deen Interessi ass dohier komm, well an deem Projet de loi den Artikel 26 en direkte Bezuch op de Fonds pour l'Emploi an op d'Responsabilitéit vum Aarbechtsminister huet. Mä et kann ee festhalen, an ech wëll dat ënnersträichen, dass d'Commission du Travail et de l'Emploi sech deemools domat averstanen erkläert huet, dass de 5593, iwwert dee mer haut ofstëmme, ausschliesslech an der Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle sollt behandelt ginn.

Ech wëll elo direkt scho Merci soen all deenen, déi an iergendenger Form an deenen Aarbechten hei bedeelegt waren, an dorënner natierlech de Kolleginnen a Kollegen aus der Kommissioun. Mir hu schnell geschafft, mir hu korrekt geschafft a mir haten e ganz konstruktiven Dialog.

Ech wëll dem Sekretariat Merci soen, mä ech wëll och déi Verantwortlech aus dem Ministère vun der Éducation net vergiesen a besonnesch den Här Aly Schroeder, e fréiere Kolleg hei vun eis, Directeur de la Formation professionnelle, deen domat eng vu senge leschten Amtshandlung virgeholl huet, ier hien an déi wuelverdengte Pensioun gaangen ass.

Ech mengen, et kënnt een dat roueg hei ënnersträichen: Den Här Aly Schroeder huet immens vill a grouss Verdéngschter am Beräich vun der Berufsausbildung, an duerfir vun deser Plaz, an ech mengen am Numm vun eis alleguer, dem Aly Schroeder en häerzleche Merci! Hien ass scho bal e Monument, mä ganz verluer ass hien nach net, well hien och nach bei aneren Dossiere jiddefalls als eng Aart Consultant wäert derbäi sinn.

Här President, Kolleginnen a Kollegen, de 5593 huet a sech näischt direkt Spekta-

kuläres u sech, mä en ass noutwendeg, well hien eng ganz Rei vu Saache klärt an och innovéiert.

Éischtens emol ginn d'Kompetenze vun de betraffene Ministère nei definéiert a geregelt.

Zweetens, d'Finanzéierung, a mat deem Problem gëtt och eng Simplification administrative erméiglecht, well an Zukunft d'Dossiere vill méi effikass behandelt kënne ginn an net méi zwëschen zwee betraffene Ministère fir Ënnerschrëften hin an hier muss geschéckt ginn. Mir maachen also hei eng Simplification administrative. An dovunner huet ee scho bal net méi gegleef, dass et och kënnt an der Praxis geschéien, mä gemengt, dass mer nëmme ëmmer driwwer géife schwätzen, ouni et ze realiséieren. Et wier gutt, wann dat och flächendeckend kéint passéieren.

Drëttens, iwwert dee Projet de loi hei gëtt de System vun de finanziellen Hëllef a Bähëllef ergänzt respektiv gëtt e weidergefouert a gekläert.

Ech wëll zum Inhalt vun deem Projet de loi nach folgend Bemierkunge maachen:

Éischtens, d'Reorganisatioun vun deene Coursen, déi de CNFPC ubitt, steet elo ënner der Verantwortung vum Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle. Mä den Aarbechtsminister dierf d'Organisatioun vu spezifesche Coursen beim CNFPC beantragen, mä dierf se dann och iwwert de Fonds pour l'Emploi finanzéieren.

Doraus ergëtt sech eng wesentlech Neierung, nämlech déi, dass et net méi ausschliesslech ëm Moosnamen zur Bekämpfung vun der Aarbechtslosigkeit geet, wat och an der Praxis schonn de Fall war, mä dass elo och de legale Rahme geschafe gëtt, fir dass déi am CNFPC ugebuede Coursen dozou bäidroen, de Wee zréck an den Ausbildungssystem ze fannen, besonnesch fir Jugendlecher, déi d'Schoul fréizäitig verlooss hunn oder déi déi schoulesch Bedingunge wéi d'Punkten net erfëllen oder net errechen an duerfir och net an eng Formation professionnelle initiale konnte goen, fir deenen also eng nei Méiglechkeet ze schafen.

Da geet et och drëm, deenen Erwuessenen d'Méiglechkeet ze ginn, duerch déi Coursen, déi ugebuede ginn, hir Beschäftigungsfähigkeit duerch Fort- a Weiterbildung der technescher respektiv technologescher Entwécklung unzupassen.

An an Zukunft dierf et och esou sinn, dass et net nëmme Chômeure respektiv och net nëmme Demandeure sinn, déi onbedéngt bei der ADEM schonn ageschriwwen sinn, mä et dierfe sech der och elo mellen, ouni déi Viraussetzung ze erfëllen.

Dir erënnert lech un eng Kontrovers, déi mer eng Kéier am Zesummenhang mat Zarabina och hei haten. Dat ass also elo duerchaus méiglech. Mir sinn also hei am Beräich vum liewenslaange Léieren.

**(M. Henri Grethen prend la Présidence)**

D'Coursen am CNFPC, déi elo ugebuede ginn, si kompetenzorientéiert an no Modulen organiséiert. Dat erméiglecht, dass déi sougenannte Quereinsteiger oder Leit, déi sech berufflech weiderbilde wëllen a schonn iwwer eng gewësse Berufserfahrung oder Qualifikatioun verfügen, och net méi onbedéngt all Modulë maache mussen, fir en Diplom ze kréien.

Nei ass dann, ech hunn dat scho gesot, dass nieft den Entscheedungen un déi Betreffen am Rahme vun de Beschäftigungsmoosnamen iwwert de Ministère du Travail et de l'Emploi an den Unterrechtsministère an engem neie System finanziell Bähëllef an Ureizer ubidde kann. Dat ass an der Virbereedung iwwert de Wee vun engem Règlement grand-ducal.

Déi Kurssteilnehmer, déi déi finanziell Hëllef kréien, sinn der an der Regel, déi bescheide Revenuen hunn, bescheide Léin hunn. D'Begrënnung ass kloer: Et dierf net un der finanzieller Situatioun scheitern, dass een net géif a Coursen goen, well hie seet, da verléieren ech Suen. Dat dierf also keen Hindernis bei der Weiterbildung sinn, an dat gëllt dann och net nëmme fir Erwuessener, mä och fir Jugendlecher.



Elo soll een awer ennersträchen, dass déi finanziell Bähillefen un e puer Konditioune gekoppelt sinn. Et geet vum Beispill net duer, dass ee sech an déi Coursen aschreift, fir esou Suen ze encaisséieren. Et muss ee schon eng gewësse Presenz opweisen hunn. An do gëtt en Taux de fréquentation vun 80% gefuerdert. Derniewent soll et da Primè gi fir fläisseg Jugendlecher. Dat sinn dann déi, déi net nëmme fläisseg an de Coursé sinn, mä déi sech och aktiv an erfollegräich em eng nei Aarbechtsplaz respektiv eng Léierplaz beméit hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Avisé vum Conseil d'État an de Berufschamber sinn zu dësem Projet ganz ennerschiddlech, Verschiddener och widder-sprécklech, besonnesch wat d'Patronat ubelaangt, also d'Berufschamber vum Patronat. Am Prinzip gëtt et e Jo vun alle Säiten. Ech kommen dorop zrëck.

De Conseil d'État ass positiv. Hien huet zwar drop higewisen, dass et am Artikel 26 e materielle Feeler gouf, dee mer behuewen hunn. Et gouf och ee Moment eng Diskussioun iwwer en Amendement, fir den Artikel 26 déif gräifend ze veränneren. Dovun hu mer ofgesinn, well dat och hifälleg ginn ass mam Vote vum Projet de loi 5611. Deemools hu mer jo eng laang Diskussioun iwwert d'Karenzäite gehat, déi do verschwonne sinn. Duerfir konnt och den Artikel 26 an där ursprénglecher Form bäibehale ginn.

Begréisst gëtt eigentlech insgesamt, fir dat och emol ze soen, dass och d'privat Ubieder iwwer Konventiounen mam Stat finanziell Ennerstützung kréien, dat am Sënn fir e méi grousst Weiderbildungugebiet am Interesse ebe vun enger méiglechst breeder Bevölkerung kënnen unzbedden, am Sënn vun der Bekämpfung vun der Aarbechtslosigkeit, am Sënn vu Weiderbildung, esou wéi ech et scho gesot hunn.

Zwou méi kritesch, awer konstruktiv Bemierkung vum Conseil d'État waren, dass d'Kompetenzen nach méi prezisiéiert misste ginn, wat de Ministère de l'Éducation a senger Missioun bei der Organisatioun an den Inhalter vun de Coursen ubelaangt. Dat soll iwwert de Règlement grand-ducal prezisiéiert ginn. Den Educatiousministère bleift, fir dat ervirzesträchen, souwuel fir d'Be-wäertung vum Inhalt wéi och fir d'Certificatioun vun all deene Coursen, déi am CNFPC organiséiert ginn, zoustänneg.

Zweetens: gewësse Bedenken am Zesummenhang mat der globaler Kohärenz an der gesamter Bildungs- an Ausbildungspolitik. Do huet iwwerengs d'Privatbeamtechamber déiselwecht Bedenken a Kritik geäussert wéi de Statsrot et sengersäits gemaach huet.

Et muss hei drop higewise ginn, dass déi elo zënter enger Zäit, zënter e puer Wochen ugefaangen Debatt an eiser Commission éducation nationale/formation professionnelle iwwert d'Reform vun der beruflecher Bildung, also de Projet de loi 5622, weist, dass mer eng nei, eng eigentlech Basis schafe mussen. An dat wäert och gellen an den Debatten, déi hoffentlech geschwé kënnen ufänken, iwwert d'Reform vum Schoulgesetz vun 1912. Béid si vu gréisster Bedeitung, wann een dat alles an de richtege Kontext mat erasetzt.

Fir den Avis vun der Privatbeamtechamber, dat Wesentlech: Do ass also déi grondsätzlech Bemierkung a Suerg iwwert d'Kohärenz an der gesamter Bildungspolitik, mä och d'Suerg net onberechtigt, dass d'CNFPCe riskéieren iwwerbelaascht ze ginn an domat hirer eigentlecher, ursprénglecher Aufgab vun der Fortbildung net méi kéinten nokommen.

Den Avis vun der Arbeiterkammer ass och ganz kritesch, mä positiv. D'Arbeiterkammer hannerfreet eigentlech kritesch d'Chancen, déi sollen oder géife bestoe fir d'Reintegratioun vun de COIP-Absolventen an de Cycle inférieur vum Enseignement technique, ob dat iwwerhaupt méiglech ass, an äussert awer déiselwecht Bedenke wéi d'Privatbeamtechamber an d'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics wat de Mangel u genügenden Infrastrukturen ubelaangt, an dat eben opgrond vun engem gréisseren Weiderbildungs- an Ausbildungsgebiet.

Dann d'Patronatschamberen, d'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce,

déi éischer negativ sinn, obwuel d'Chambre de Commerce an deem alles, wat se schreift, sech op d'mannst eng kleng Unerkennung zoomutt, am Sënn dass se fénn, dass d'Gesetz dann awer méi Transparenz a besonnesch eng Simplification administrative géif bedeiten, mä dann awer seet, dass se dergéint ass. Dat ass eigentlech och eng kontrovers Attitud, mä ëmmerhin.

Mä d'Chambre des Métiers wéi d'Chambre de Commerce sinn der Meinung, dass déi berufflech Fortbildung, an dat betrëfft dann d'COIP an d'CITP, net an de Fortbildungszentren dierf stattfannen, mä an de Berufsschoule selwer. Am Endeffekt, a wann een dat genee liest, och déi zwee Avisen do, dann ass et en Neen-Jo vun deenen zwou Berufschamberen.

Eppes Interessantes hunn ech dann awer zrëckbehalen. Dat ass, dass d'Chambre des Métiers iwwert d'Aféierung vun engem Code de la formation schwätzt, awer an de Virbereedungsarbeiten, laang ier en Avant-projet oder Projet de loi komm ass, eigentlech ni doriwwer geschwat huet. Dat ass awer keng onberechtigt Iwwerleung, op déi zrëckzekommen ass.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ofschléissend nach eng Kéier déi wichtigste Bemierkung wat den Inhalt ubelaangt:

Dëse Projet de loi féiert dozou, eng kohärent Organisatioun vun de Coursen am CNFPC ze erméiglechen. Hien dréit dozou bäi, dass d'Responsabilitéteit vun de betraffene Minister méi kloer ginn. Et kënn eng Präzisioun an Transparenz an d'Budgetisatioun vun de Crédits financiers, déi noutwendeg si fir d'Organisatioun vun de Coursen. Et gëtt eng Simplification administrative an der Gestiou. Et gëtt eng Konsolidatioun, mä och eng Erweiderung vun de finanziellen Hëllef - ech hunn dat alles scho gesot -, déi da soll dozou bäidroen, dass also Leit, déi Hëllef brauchen, finanziell Hëllef brauchen, se och kréien.

Voilà déi wesentlechste Bemierkungen. De Rescht konnt am Rapport gelies ginn oder kann ëmmer nach nogelies ginn.

Nach eng Kéier en hærzleche Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur. Eischen ageschriwwene Riedner ass den Här Fred Sunnen. Här Sunnen, Dir hutt d'Wuert.

**Discussion générale**

» **M. Fred Sunnen (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'alleréisch wéll ech dem Rapporteur, dem honorabelen Här John Castegnaro, villmools Merci soe fir säi gudden an detailléierte schrëftleche wéi mëndleche Rapport.

Esou wéi de Rapporteur et schon am Detail erkläert huet, geet et bei dësem Gesetzestext doréms, d'Responsabilitéten um Niveau vun der Organisatioun an och um Finanzement vun de Coursé vum Centre national de formation professionnelle continue, kuerz CNFPC, ze regelen an ze klären, souwéi och Ausbildungsprimen an -entschiedungen an dësem Kontext ze schafen.

Mat dësem Gesetz gëtt eng kohärent Gestaltung vun den ugebuedene Bildungslinien ugestriift.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. Fred Sunnen (CSV).** - Et geet och dréms, déi an der Vergaangenheet oft net ganz kloer definéiert Verantwortung vun de betraffene Ministère ze klären, eng budgetär Genaugkeet an Transparenz grad wéi eng administrativ Vereinfachung ze schafen.

En anere wichtige Punkt ass deen, dass d'Leit, déi un dëse Coursen deelhuefen, Primen an Entschiedungen zegutt hunn, déi mat dësem Gesetz kloer festgeluecht a konsolidéiert ginn, woubäi de Montant no Alter an eegener Finanzlag variéiere kann.

Kolleeginnen a Kolleegen, och wann et bei dësem Gesetz prioritär em eng Clarification vun de jeeweilige Responsabilitéten tëschent Educatious- an Aarbechtsminister geet, esou muss een awer och besonnesch déi wichtige sozial Komponent ervirhiewen, déi hei fest verankert gëtt. Wann een de Gesetzesprojet genee ënnert d'Lupp hält, mierkt ee ganz séier, dass et den Auteuren drëm gaangen ass, een zousätzlech Sécherheetsnetz ze schafen, dat dem Stat erlaube soll, virun allem déi jonk Leit opzefänken, déi am aktuelle System duerch d'Netz gaange sinn.

Dëse Gesetzesprojet riicht sech nämlech besonnesch u Jugendlecher ouni Diplom oder Qualifikatioun, entweder well se deen néidege schouleschen Niveau net erreicht hunn oder well se aus iergendengem Grund

d'Schoul fréizäiteg verlooss hunn. Et muss een onbedéngt positiv ervirhiewen, dass mat dësem Gesetzestext e Moyen geschafft gëtt, deen et erlaabt, och deene manner privilegierte jonke Leit zousätzlech Chancen ze ginn, sech esou gutt wéi méiglech ze forméieren, fir am Liewen net ouni Qualifikatioun dozostoen. Leider ass et jo hautdësdays esou, dass een et schwéier huet ouni iergendeng Qualifikatioun. Et ass quasi onméiglech als Ongebilten an eiser Gesellschaft Fouss ze faassen.

Hei ginn also noutwendeg Moosname geschafft, déi et méiglech maachen, dass jiddfer Eenzelne seng Plaz um Aarbechtsmaart fanne kann. Et ass eis verdammte Pflicht a Schëllegkeet anzegräifen, fir d'No-deeler an d'Problemer, déi aus der Globalisierung entstinn, besonnesch déi um soziale Plang, enger Léisung zouzeféieren, fir op déi Manéier ze versichen d'Aarbechtslosequot esou niddreg wéi méiglech ze halen.

Ech hunn et schon am Ufank gesot a betount, dass en anere wichtige a positiven Aspekt vum Projet deen ass, eng finanziell Hëllef an eng Formatiounsprime fir Mannerjäreger gradesou wéi eng Indemnitéit fir Erwuessener vum manner wéi 25 Joer ze schafen. Den Artikel 20, dee vun der Formatiounsprime schwätzt, riicht sech un d'Apprenants inscrits. E bedeit eng zousätzlech Motivatioun fir déi jonk Leit, déi e schwierige schoulesche Parcours hanner sech hunn, fir sech entweder nees am Formatiounssystem oder um Aarbechtsmaart ze reintegréieren. D'Formatiounsindemnitéit, déi fir Erwuessener geduecht ass, soll deene Betraffenen de Wee an de Bildungssystem an domat och an d'Aarbechtswelt méi einfach maachen, well se hinnen erlaabt, während der zousätzlecher Formatioun finanziell ze iwwerliewen.

Här President, nodeem ech op déi wichtigste Aspekter vun dësem Gesetzestext agaange sinn, wollt ech awer och nach kuerz op déi e bësse méi problematesch Punkten ze schwätze kommen, déi sech am virleienden Text stellen.

Obwuel e vum Statsrot wéi och vun der Majoritéit vun de Berufskummere guttgeheescht gouf, ass et awer wichtig, op d'Suerge vun deenen zwou anere Chamberen, der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce, anzegoen, déi eis hir Zoustëmmung zum virleiende Gesetzestext net konnte ginn.

Obscho sech d'Finalitéit einfach résuméiere léisst, bemierkt d'Chambre des Métiers, dass mat dëser Législatioun versicht gëtt, op ganz ville Punkten an enger Kéier anzegräifen, fir esou - wéi een dat esou schéi seet - eng ganz Partie Mécken op ee Schlag ze geroden.

Hei geet et em professionell Insertioun, Formatioun an Orientatioun; et geet em sëllech sozial Aspekter; et geet em d'Gestiou vun den Infrastrukturen; an et geet em d'Definitioun vun de Kompetenzen a Responsabilitéten um Niveau vun de Ministère. Duerfir ass d'Chambre des Métiers der Meinung, dass wuel versicht gëtt, géint eenzel Dysfunctionementer virzegoen, ouni dass een et awer fäerdeg bréngt, fir de Problemer eng richtig Léisung zouzeféieren. Problemer, déi sech an dësem Beräich stellen, gëtt et der sécher genuch.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Erausforderungen, déi sech am Beräich vun der Erzéiung a vun der beruflecher Ausbildung stellen, si grous a komplex a muss geléist ginn. Et ass wichtig, dass an dësem Kontext vun där faméiser Lissabon-Strategie geschwat gëtt. Dës Strategie souwéi och d'Imperativ vun enger leeschungsfäeiger Wëssensgesellschaft verlaange vun de Leit méi a besser professionell Qualifikatiounen a Kompetenzen.

Am Moment di mir eis hei zu Lëtzebuerg nach ëmmer schwéier, fir dësen Objektiv gerecht ze ginn. Een zentraalt Element stellt hei eise Schoul- a Formatiounssystem duer, deen - zu Recht oder Onrecht - vill kritiséiert gëtt. Sou seet zum Beispill déi rezent wirtschaftlech Etüd vun der OECD iwwer eist Land, dass eng besser Valorisation vum mënschleche Kapital de Wuesstum vun der Produktivitéit stärke géif an d'Perspektive fir d'Beschäftegung vu wéineg qualifizierten Awunner vergréissere géif.

Duerfir gehéiert et zu eisen drénglechsten Aufgaben, déi néideg Moosnamen ze schafen, déi et eis erlaube wäerten, d'Schoulresultater an den Niveau vun der Bildung ze verbesseren, déi momentan ënnert dem Duerchschnëtt vun der OECD leien. Dëst stëmmt besonnesch fir Immigrantekanner a fir déijéineg, déi aus défavorisierte Milieue kommen.

Kolleeginnen a Kolleegen, et kann een net behaupten, et wier näischt geschitt bis elo, fir besonnesch dëse Kanner a Jugendle-

chen entgéintzekommen a si an eise Schoulsystem ze integréieren. D'Realitéit weist awer, dass den Handlungsbedarf nach ëmmer grous ass. Mir mussen duerfir den aktuelle Schoul- a Formatiounssystem reforméieren, fir der Lissabon-Strategie Rechnung kënnen ze droen an déi Erausforderungen unzehuelen, déi sech an eiser Gesellschaft an der Welt vun haut stellen.

E Schoulgesetz, dat 1912 - also bal virun 100 Joer - geschafe gouf, ka mat Sécherheet d'Problemer, déi sech am 21. Jorhonnert stellen, net méi léisen. An dësem Sënn ass d'Schafung vun enzele sozioprofessionellen Insertiounsmoosname fir jonk Leit mat Schoulschwierigkeete just nëmme eng kleng Plooschter. Si ginn op laang Weil net duer a kënnen keng pertinent Léisung mat sech bréngen.

Mir mussen et onbedéngt ronkréien, fir och déi Jugendlecher aus méi schwierige soziale Verhältnissen erëm an d'Schoul anzubannen, amplaz se auszuschléissen, fir da spéider mat zesummegebastelten an deiere Moosnamen ze versiche si op den Aarbechtsmaart ze bréngen. Ech mengen, dass dës Opfänkmoosnamen enner Emstänn de Schüler d'Motivatioun, fir vun Ufank un déi néideg Ustrengungen ze maachen, fir eng berufflech Qualifikatioun ze errechen, éischer ewechhuelen, well si sech denken, dass si herno souwisou iergendwéi an iergendwou opgefaang ginn.

Här President, dee Projet hei kënn zu engem Moment, wou sech eng déif gräifend Reform, souwuel an der Primärschoul wéi an der berufflecher Ausbildung, ukënnegt. D'Virbereedungen heizou lafe momentan op Héichtouren. Mir musse bei der Schoulreform versichen, vun eisem dach staark elitäre Schoulsystem ewechzekommen. E Schoulsystem, dee vill Potenzialitéiten ongenotzt léisst an deen eiser Wirtschaft an hirer noutwendeger Progressioun zu méi Wuesstum net méi gerecht ka ginn.

Mir mussen op de Wee vun engem méi demokratesche Schoulsystem goen, mat méi Chancéglichheet, wou versicht gëtt, d'Potential vun all eenzelnem Kand maximal ze valoriséieren. Et muss versicht ginn, sech besser op déi méi schwaach Kanner ze konzentréieren, fir dass och si berufflech Chancé kréien an hir Plaz um Aarbechtsmaart fannen. Wa mer dësen Défi unhuefen, da misste mer et op laang Weil kënnen fäerdeg bréngen, manner op Moosnamen zrëckzegräifen, déi d'sozial Gestiou vum Chômage vun deene Jonken a vun der sozioprofessioneller Insertioun regelen.

Här President, wann Der erlaabt, géif ech, fir ofzeschléissen, nach just gäre kuerz op eng aner Kritik zrëckkommen, déi souwuel vun der Chambre des Métiers wéi och vun der Chambre de Commerce artikuléiert gouf. Si bemängelen, dass de virleiende Gesetzesprojet just ee klengt Glidd duerstellt an enger ganzer Kette vu Gesetzestexten am Beräich vun der Formatioun an der Bildung. Si soen och, dass dës Texter net onbedéngt ennereneen harmoniséieren.

Et ass fir mech kloer, Här President, dass een dat Gesetz, dat eis haut beschäftegt, an eng Rei aner Gesetzesprojeten afüge muss, mat deene sech - an de Rapporteur huet et scho gesot - déi zoustänneg Kommissioun am Moment intensiv beschäftegt: d'Reform vun der beruflecher Ausbildung, der Primärschoul oder de Gesetzesprojet iwwert d'Schoufflicht. Mir mussen an der Educatiouskommissioun versichen, dee sougenannte rouge Fue dem, dee sech duerch déi verschide Gesetzestexte spénnt, zu enger kohärenter Politik ze knëppen, déi eng modern Gesellschaft batter néideg huet.

Fir ofzeschléissen, Här President, wollt ech am Numm vu menger Fraktioun den Accord vun der CSV zum virleiende Gesetzesprojet ginn.

Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Sunnen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass d'Madame Brasseur. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och ech wéll mech de Mercien uschléissen à l'adresse vum Rapporteur, deen hei eng ganz gutt Aarbecht gemaach huet an deen och den designierte Rapporteur ass fir de Gesetzesprojet iwwert d'Formation professionnelle, well dat ass e Ganz. An ech wënschen him dobäi vill Courage, well dee Projet ass e Projet vun enger ganz anerer Envergere.

Mir als DP-Fraktioun hätten et léiwer gehat, wann dat och als Ganz traitéiert gi wier a wa mer net elo e Stéck hei erausgegraff hätt



ten iwwert de CNFPC. Ech gleewen och, dass dat d'Madame Minister arrangéiert hätt. Si wénkt Jo!

Mä hei hu mer e Projet de loi virleien, vun deem den Haaptbut am Fong ass, Kompetenzschwierigkeiten tëschent dem Educatiousministère an dem Aarbechtsministère ze regelen.

Ech muss lech soen, dass ech paff doriwwer sinn. Well ëmmerhin huet dat Ganzt 30 Joer laang gutt fonctionnéiert, an op eemol ass dat net méi gaangen. An ech froe mech, ob dee Projet hei awer all Kompetenzproblemer léist!

An, Här President, gëschter huet den Här Biltgen hei gemengt, bei zwou Questions parlementaires, e wier net kompetent. Hei ass en awer kompetent an hien huet sech jo itérativement och bei dësem Projet zu Wuert gemellt. An duerfir bedauern ech, dass den Här Biltgen haut net bei dësem Débat dobäi ass.

Ech muss lech soen, dat hei ass keng Reform aus engem Goss. De Conseil d'État schreift och a sengem Avis: «...la cohérence laisse à désirer». An dat ass eng Kritik, déi mir och deelen.

Mä hei ass Urgence, well wann een dat hei net geregelt hätt, da wéisst een net wéi déi Moosname géife finanzéiert ginn. Moosnamen, déi awer enorm wichteg sinn.

Et sinn och z'joert am Januar, wéi op eemol Schwierigkeiten do ware fir Mesuren ze finanzéieren, dräi Questions parlementaires gestallt ginn, an do ass gesot ginn, et géif légiféiert ginn. D'Madame Delvaux huet jo och dunn e Projet de loi am Juni 2006 hei déposiert.

Ech muss soen, ech si paff wéi an dëser Regierung geschafft gëtt! Well dee Projet hu mer diskutéiert, mir haten en an der Kommissioun, an dunn op eemol, den 13. November 2006, huet den Här Biltgen der Madame Delvaux e Bréif geschriwwen, dee mer dann och an der Kommissioun kruten. Ech liesen lech den Ufank vun deem Bréif vir. Do schreift den Här Biltgen: «Je viens de prendre connaissance des dispositions finales et transitoires du projet de loi N°5593 portant organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue.» Dat heescht, e Member vun der Regierung schreift den 13. November 2006 senger Kollegen, Member vun därselwechter Regierung, qu'il a pris connaissance des dispositions finales et transitoires du projet de loi.

Mä e Projet de loi gëtt dach vun der ganzer Regierung awer approvéiert an da geet en op den Instanzewe! Hei weess ech net, wéi op eemol den Här Biltgen dozou kënnt, fir ganz paff ze sinn.

#### (Interruptions diverses)

»»» **M. le Président.** - Loosst wann ech gelift d'Madame Brasseur schwätzen!

#### (Interruption)

Här Bettel, loosst wann ech gelift d'Madame Brasseur schwätzen!

#### (Interruptions)

»»» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Ech muss soen, ech si ganz paff iwwert déi Virgehensweis. An ech sinn och net deen Eenzen, dee paff ass, well de President vun der Kommissioun, den Här Scheuer, war wierklech net frou, wéi deen Amendement kum, well op där anerer Säit...

»»» **M. Xavier Bettel (DP).** - Et gëtt ëmmer besser!

#### (Interruptions)

»»» **Mme Anne Brasseur (DP).** - ...mer och vun der Regierung gesot kruten, et géif Urgence bestoen. Am Fong hätt dese Projet nach missen am Dezember verofscheet ginn. Mir hätten dat och gemaach. De Rapporteur huet alles drugesat an och de President, wann net deen Amendement do vum Här Biltgen komm wier.

Ech géif lech froen, Här President, der Regierung matzedeelen, der Madame Modert, déi chargéiert ass mat de Relatiounen tëschent der Regierung an dem Parlament, dass d'Regierung an Zukunft Projete soll déposéieren, iwwert déi se unanime därselwechter Meenung ass, net dass mir duerno d'Projete mussen änneren an dass ee Minister paff ass iwwert Dispositiounen, déi an engem Gesetz stinn. Ech froe mech wierklech, wéi dës Regierung fonctionnéiert!

»»» **Une voix.** - Abee merci!

#### (Interruptions)

»»» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Mir hunn d'Aarbechten an der Kommissioun opgeholl. Meng Virriedner, souwuel de Rapporteur wéi och de Spriecher vun der CSV-Fraktioun, sinn am Detail op déi dräi Voleten vum Projet agaangen, esou dass ech dat elo net wäert widderhuelen.

Wann een awer vum Centre national de formation professionnelle continue schwätzt, sinn awer nach eng ganz Rei Froen, déi opbleiwen. Eischtens muss ee soen, dass déi Centres nationaux de formation professionnelle continue gemaach gi si fir d'Weiderbildung.

Or, wat stellt een haut fest? Et gëtt haaptsächlech Formation initiale gemaach fir jonk Leit oder och Erwuessener, déi emol keng Formation initiale au départ haten. Gott sei Dank hu mer dat Instrument elo vun de CNFPCen, fir hinnen dann eng Ausbildung matzeginn.

Mä duerfir froen ech mech, ob deen Numm vum Centre de formation professionnelle continue deem But am Fong nach gerecht gëtt, well et ass ganz oft oder haaptsächlech och d'Formation initiale, déi jonke Leit do bäibruecht gëtt. Gott sei Dank hu mer awer dat Instrument, wat enorm wichteg ass.

D'Besoinen hunn och zougeholl, wann ee kuckt, dass 2005 3.991 Leit an deene Mesuren ageschriwwen waren, déi 83.000 Heures de formation kruten. Dat ass eng ganz héich Zuel.

Wann een d'Zuel vun den Demandeurs d'emploi kuckt, déi ageschriwwen waren, esou waren dat 1995 der ronn 750, an 2005 - also zéng Joer drop - waren et der 1.328. Do gesäit een d'Progressioun an et gesäit een och, wou d'Besoiné sinn.

Déi Centren, deen zu Esch an deen zu Ettelbréck, maache wierklech eng excellent Aarbecht. Ech wëll hei un engem Beispill illustréieren, wéi wichteg et ass, dass een an deem System awer eng gewësse Souplesse huet: De Centre vun Ettelbréck hat an huet och elo nach e ganz gudd Kontakt - well dat och méiglech ass wéinst der Gréisst - zu de Betriber, a sicht mat de Betriber ze definéieren, wellech Zort vu Leit se sollten ausbilden. Do war eng Demande vun de Supermarché Match, déi Caissière gebraucht hunn, an dunn huet de CNFPC vun Ettelbréck Leit ausgebildet, fir ebe just do ze placéieren. Wéi déi Chaîne vum Match zu Lëtzebuerg net méi esou aktiv war, war dee Créneau eriwuer.

Du kum eng Demande fir Leit auszubilden fir professionell Wäschereien a Botzereien,

an et huet séier missen eng Léisung fonnt ginn, fir Kreditter lasszeisen, fir professionell Wäschmaschinen a Botzmaschinen ze fannen, fir Leit dorop ze preparéieren. An dat ass och gelongen, obwuel au départ keng Crédits budgétaires virgesi waren. Mä et konnt een awer dat do équipéieren a finanzéieren.

Ech mengen, déi Souplesse muss garantiert bleiwen, wa mer kuerzfristeg - dat si jo och kuerz Formatiounen - wëlle Leit ausbilden. An dat sinn déi Genres vun Ausbildung, wou ee keng Préformatioun brauch, a wou mer frou sinn, dass mer Leit kënnen esou op den Aarbechtsmaart bréngen.

Et ass also excellent Aarbecht geleescht ginn. Mä mir hunn e Problem mat der Infrastruktur. Zu Esch ass d'Infrastruktur excellent an do si se och ganz innovativ. Déi bréngen et jo fäerdeg, duerch nei, méi adaptéiert Equipementer och den Aarbechtsprozess besser ze explizéieren. Si hunn héich sophistiquéiert Instrumenter do, wat wichteg ass.

Mä zu Ettelbréck bascht de Centre national de formation professionnelle continue aus allen Néit, an dat ass wierklech ze bedauren. An dat muss een an der Diskussioun awer gesinn am Zesammenhang mat der Diskussioun, déi mer am Moment mam Nordstadlycée hunn.

Ech muss soen, ech hunn de Moie mat Freed gelies, dass d'Gemeng Ettelbréck elo eventuell bereit wier, op der Haard déi Terrainen zur Verfügung ze stellen. Ech hätt mech gefreut, wann déi Responsabel vun der Gemeng Ettelbréck scho viru Joren déi do Attitud gehat hätten. Da wiere mer nämlech vill méi wäit am Développement vun de Schoulinfrastrukturen zu Ettelbréck.

Ech wëll lech rappeléieren, dass fir de Lycée technique vun Ettelbréck, fir de Préparatoire e Gebai sollt opgericht ginn zu Ettelbréck. Et war bestellt, et war fäerdeg, d'Aarbechte sollten ufänken. Dunn huet d'Gemeng Ettelbréck d'Baugenehmigung refuséiert.

»»» **Une voix.** - Oh neen!

»»» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Wat ass mat där Schoul geschitt?

#### (Interruptions diverses)

Déi Schoul, déi ass dunn op Dikrech gesat ginn. A Gott sei Dank war d'Gemeng Dikrech domat d'accord.

Dofir, wa mer elo esou e Retard hunn an der Schoulinfrastruktur am Norden, dann ass et och, well d'Gemeng Ettelbréck leider déi Ouverture d'esprit, déi se awer elo Gott sei Dank schéngt ze weisen, à l'époque net hat. Soss wäre mer souwuel an der Ackerbauschoul wéi an der Fro vum Lycée technique vun Ettelbréck wéi och an der Fro vum CNFPC e Stéck weiderkomm. De CNFPC vun Ettelbréck muss onbedéngt ausgebaut ginn, fir Infrastrukturen ze kréien, déi em et erméiglechen, senge Missiounen gerecht ze ginn.

An dann ass an onser Infrastruktur ee Problem: Mir hunn hei am Zentrum keng Infrastruktur, fir e Centre de formation professionnelle continue ze maachen. De Besoin ass awer ganz grouss. Dofir misst een och do eng Léisung fannen.

An, Här President, ech wollt, fir déi zwee Punkten ze ënnersträchen, eng Motioun déposéieren, déi freet, dass d'Infrastruktur vum Centre national de formation continue zu Ettelbréck ausgebaut gëtt an dass och eng Léisung fonnt gëtt, fir esou e Centre am Zentrum vum Land opzerichten.

#### Motion 1

*La Chambre des Députés,*

- *considérant le nombre croissant de jeunes et d'adultes bénéficiant d'une mesure de formation professionnelle initiale ou continue;*

- *considérant que le nombre de demandeurs d'emploi ou de chômeurs voulant bénéficier d'une mesure de formation professionnelle est passé de 750 en 1995 à 1.328 en 2005;*

- *considérant que les infrastructures existantes ne suffisent pas à héberger tous les demandeurs et que l'infrastructure du Centre de formation professionnelle continue d'Ettelbruck n'est plus adéquate;*

- *considérant qu'un établissement de formation professionnelle continue au centre du pays fait défaut;*

*invite le Gouvernement*

- *à élaborer dans les meilleurs délais un projet visant à moderniser et à agrandir les infrastructures du Centre de formation professionnelle continue d'Ettelbruck;*

- *à élaborer un projet visant la réalisation d'un centre de formation professionnelle continue dans la région Centre du pays.*

(s.) *Anne Brasseur, Xavier Bettel, Charles Goerens, Henri Grethen, Alexandre Krieps.*

Ech wollt nach ganz zum Schluss eng Remarque maache wat d'Ausbildung ubelaangt an d'Berufschancen. Et gëtt ganz vill geschwat iwwert d'Berufsorientéierung, wéi wichteg déi ass. An do ass och den Aarbechtsminister, dee seet, hie wär dann zoustänneg fir d'Berufsorientéierung, an d'Schoul soll d'Schoulorientéierung maachen. An do kënnt et zu engem Kompetenzgerangel.

Gëschter war ech mat e puer aner Kollegen derbäi, wéi d'Madame Minister jonke Leit d'Geselleprüfung iwwerrecht huet. A mir ass dunn opgefällt, do sinn eng Rei Beruffer, do war bal kee Lauréat derbäi: Maurer, Leeëndecker... Et waren zwee Maurer, et waren dräi Leeëndecker, mengen ech. Dat sinn awer Handwerker, déi hei zu Lëtzebuerg gebraucht ginn. An dat gëtt ni de-lokaliséiert. Mir wäerten déi Leit ëmmer hei brauchen. Beim Elektresche ginn d'Schlitzzen ëmmer hei gehaen. Et ginn ëmmer Zillen hei openeegesat, an d'Leeën, déi ginn ëmmer nach hei op den Daach geluecht. Dofir, dat si Métieren, wou mer missten Efforté maachen, fir méi jonk Leit an esou Métieren ze kréien.

Well et kann ee Berufsorientéierung maachen, mä ganz oft gëtt déi Orientéierung awer dann net ugeholl, weder vun de jonke Leit nach vun hiren Elteren, well se fannen, hir Kanner sollen eppes aneschters maachen. Mir mussen awer hinne bäibréngen, dass et eng ganz Partie vun Aarbechte gëtt, déi immens flott sinn, immens positiv sinn, a wou ee wierklech Berufschancen hei zu Lëtzebuerg huet.

No deene méi allgemengen Iwwerleeungen zum Centre national de formation professionnelle continue wollt ech lech soen, dass d'DP-Fraktioun sech beim Vote vun dësem Projet wäert enthalten. Mir sinn ons bewosst, dass et hei eng Urgence ass. An dofir ënnerstëtze mer de Volet, dass awer elo déi Kompetenzen eenegermoossen opgedeelt sinn, fir dass de Finanzement soll garantiert sinn, net dass mer op eemol mussen déi Aktivitéiten astellen, well se wichteg sinn.

#### (M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Mir kënnen awer net fir dese Projet stëmmen, well dat hei ass e Saucissonnage. Mir hätte léiwer gehat, et wär e Projet aus engem Goss gemaach ginn. Dann hätte mer der Formation professionnelle initiale et continue wierklech besser gehollef.

Ech soen lech Merci.

»»» **Plusieurs voix.** - Très bien!

»»» **M. le Président.** - Merci, Madame Brasseur. Nächste Riedner ass nees den honorabelen Här Castegnaro, dës Kéier net méi als Rapporteur, mä als Spriecher vun der sozialistescher Fraktioun.

»»» **Une voix.** - Elo gëtt et spannend!

#### (Hilarité)

»»» **M. John Castegnaro (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wollt ech der honorabelen Madame Brasseur Merci soe fir de Courage, dee se mer als...

#### (Interruption)

»»» **M. Charles Goerens (DP).** - Mir hunn dem Rapporteur nach net félicitéiert.

#### (Hilarité)

»»» **Une voix.** - Schhhhhh!

»»» **M. John Castegnaro (LSAP).** - Et gëtt vill Formatiounen op der Welt, bestëmmt och eng fir riedefreedeg Leit, déi ëmmer da rieden, wa se eigentlech net gefrot gi sinn.

#### (Interruptions et hilarité)

Ech wollt awer Merci soe fir de Courage, dee se mer gewünscht huet. Ech géif mer wënschen, dass mer op d'mannst an der Kommissioun am gläiche gudd konstruktive Geescht diskutéieren, wéi mer dat bei deem Projet de loi hei gemaach hunn.

Ech mengen, dass d'Berufsausbildungs-gesetz eng kollektiv Aufgab ass, déi mer ze er-

## «Chamber aktuell»

*Chamber TV vous propose  
tous les vendredis à 19.00 heures  
un résumé de l'activité  
parlementaire de la semaine.*

*L'émission est rediffusée  
le même soir à 20.00, 21.00, 22.00  
et 23.00 heures*



leedegen hunn. Et geet do ëm d'Zukunft vun eiser Jugend a vläicht souguer vum Land. A mir missten do eigentlech e gutt Beispill dann ofginn, net nëmmen an der Kommissioun, mä och hei, fir déi Aufgab, déi mer do virun eis hunn, mat bestemtem Wëssen a Gewëssen ze erleedegen.

Ech wëll hei elo net méi an d'Detailer agoen, wat den eigentleche Projet 5593 ubelaangt, mä versichen e puer prinzipiell Iwwerleeungen unzestellen iwwert d'Erausforderungen, déi sech eis alleguer stellen am Zesammenhang mam Liewenslaenge Léieren.

Dat Gesetz, wat mer haut stëmmen - an d'LSAP ass derfir -, soll, wéi dat elo e puermol ënnerstrach ginn ass, d'Kompetenze klären, an dat an deene Beräicher vun all deem, wat virdu gesot gouf. Mä et geet - an dat sollt nach eng Kéier ënnerstrach ginn - jo och gläichzäiteg ëm d'Bekämpfung vum Chômage an ëm d'Fort- a Weiterbildung. An et geet dann natierlech och ëm d'Villfalt u staatléchen, parastaatléchen, privaten Initiativen, déi solle koordinéiert ginn, fir eben eng Kohärenz an eng Gläichstellung kënnen ze garantéieren.

Et geet drëm, an dat kann een ëmmer nëmmen ënnersträchen, dass Mënschen an d'Aarbecht gefouert ginn oder hir Aarbecht behalen duerch Ausbildung, Fortbildung a Weiterbildung. An dobäi spillt jo net nëmmen dee Projet de loi hei eng dach bedeiendend Roll an dat alles, wat nach virun eis steet, mä och esou Gesetzer wéi de Projet de loi 5144 iwwert de Chômage social zum Beispill, wou ech hoffen, dass en dëst Joer verabschit gëtt.

An dann en Avant-projet, op deen ech waarden a mir waarden, deen iwwert d'Économie solidaire, dee jo bei der Familljeministerin ugesiedelt ass, well ech der Meinung sinn, dass souwuel deen ee wéi deen aneren och e wesentleche Bäitrag duerstellen, fir de Chômage ze bekämpfe respektiv Leit iwwert den zweete Bildungswee eng nei Chance ze ginn.

De Projet de loi vun haut ass e Riedchen an engem grouse Riederwierk, ouni Zweifel, a duerfir huet e seng Bedeitung, well e Riederwierk all Rieder brauch, fir ze dréinen. A wa mer dann un d'Berufsausbildungsgesetz kommen - a mir waarde jo elo oder mir fänken elo esou lues un, ongedëlleg ze waarden op d'Avisé vum Conseil d'État a vun de Berufschamberen -, da wäerte mer déi Diskussiounen an d'Déift era féieren.

Grondsätzlech hunn awer all déi Recht, déi an hirer Kritik d'Meenung äusseren, dass déi absolut noutwendeg Reformen, déi an d'Haus stinn an eisem Lëtzeburger Bildungswiesen, systematesch a kohärent mussen durchgeführt ginn. An dat gëtt dann domat erkläert, dass een eigentlech hätt misse mam Préscolaire ufänken, mam Schoulgesetz vun 1912 weiderfuere, da bei d'Berufsausbildung kommen an esou virun an esou weider. Mä wann een déi Pist, déi logesch ass a schéngt, wíelt, da gëtt et Stéllstand an eng geféierlech Verspéidung, déi net am Sënn an am Déngscht vun de jonke Mënschen ass an och der Erwuesse nebildung net weiderhëllef, mä héchstens schuet.

Et wísst een och, an duerfir muss een eben Etapp fir Etapp esou maachen, wéi een dat kann. Et weess een, dass mer eis an de Bildungsreformen an deem Land ganz schwéierdinn, an dass besonnesch déif gräifend Verännerungen ëmmer erëm op e Koup vun Hindernisser stoussen. Ee vu mengem Virriedner huet wum sougenannte roude Fuedem geschwat. Et ass eben dee Problem, dee mer hunn, dass et un deem roude Fuedem feelt an där Diskussioun tëschent alle Bedeelegten. En ass kaum sichtbar, well eben d'Kritiken, d'Iwwerleeungen, déi all déi äusseren, oft ze wäit féieren.

Et kënn derbäi, dass een an där gesamter Bildungsdiskussioun heiansdo déi déif gräifend Verännerung an eiser Gesellschaft ënnerschätzt an domat d'Diskussioun iwwert d'Responsabilitéit am gesamte Bildungswiesen. Wem sollen da Reformen an der Schoul, an der Berufsausbildung an esou virun déngen? Der Schoul? Oder solle se de jonke Mënschen déngen? Oder der Ekonomie? Oder dem Léierpersonal? Dat sinn all déi Froen, déi jiddferee vu sengem Standpunkt aus natierlech méi prezis kuckt an och kommentéiert.

An ech kommen do - wat ech ganz am Ufank gesot hunn - op déi gemeinsam Responsabilitéit vun allen Acteuren zréck, op déi prinzipiell Froen, déi gestallt ginn, wou et awer besonnesch wichteg ass, wat fir eng Äntwerte mer op déi Froen ginn, an ob mer bereet sinn, Furf ze bekennen. Déi Geleeënheet kréie mer bei der Diskussioun iwwert d'Gesetz vun der Berufsausbildung respektiv vun der Schoulreform.

Et wier en dauernde Schued, wa mer Fléckwierk géifen hannerloossen duerch eng Anhäufung vu Kompromisser, statt zukunftsorientéiert am Interessi vun de Mënschen, vum Land a besonnesch am Interessi vun eise Kanner ze handelen, well et jo net duergeet, dass mer ëmmer erëm op déi grouse Erausforderungen hiweisen, a besonnesch déi, mat deene mer konfrontéiert sinn am Kontext vun enger brutaler, globaliséierter Wirtschaftswelt. Do geet et net duer mat lamentéieren. Do muss een deem offensiv entgéintrieden.

Et gëtt jo och vill Leit - an ech mengen, ech gehéieren och zu deenen -, déi awer der Meenung sinn, d'Globaliséierung géif och Chancë beinhalten. Ech gleewen drun, dass ënner anerem d'Education, d'Berufsausbildung an de Wirtschaftswesstum souwéi d'Standuertvirdeeler fir Industrie- a Wirtschaftspolitik ganz enk zesammenhängen. An engem Land, wat keng Rohstoffe méi huet, mä Matière grise huet a se kann zillen, do brauche mer méi wéi jee héich qualifizéiert an héichwäerteg Aarbechtskräfte mat villfältege Kompetenzen. Dat setzt duerfir och eng héichwäerteg Aus- a Weiterbildung, also Systemer, déi deem gerecht ginn, viraus.

D'Globaliséierung an de Chômage ze bekämpfen duerch eng offensiv Politik, duerch déi besch Schoul-, Berufs- a Weiterbildung, dat ass dat, wat mer ze erleedegen hunn. Haut maache mer en Deel dovun. De Gros kënn no. Et geet derbäi drëm, der Mass vun de Mënschen an deem Land déi Bildung an all hire Formen zougängelech ze maachen. Dat ass dann net nëmmen am Interessi vun deene Mënschen, mä am Endeffekt och am Interessi vun deem Land a sengen Iwwerliewenschancen an där Welt, déi nun eemol esou ass wéi se ass.

An deem Kontext soen ech eben nach eng Kéier: De Projet vun haut huet seng Bedeitung als kuerzfristeg Reaktioun op e Chômage, dee wísst. Ech sollt vläicht just drop hiweisen: Mir hunn iwwer 2.000 offe Plazen an deem Land, bei engem Chômage, deen tëschent 10 a 14.000 läit, deemno wéi een e liest oder rechent. An da soen ech: Mat besserer Weiterbildungssystemer misst een dach kënnen déi 2.000 Plazen do besat kréien.

Duerfir ass et néideg, dass et haut emol mat eisem Projet de loi eng Reaktioun an eng Äntwert op dee Chômage, dee wísst, gëtt, op deen Échec an der Schoul, deen net méi kleng gëtt, an dass een eben deene Betreffenen eng nei Chance kann erméiglechen.

An deem Kontext ass et och vun enger fundamentaler Wichtigkeet, d'Berufsausbildung erëm méi attraktiv fir déi jonk Leit ze gestalten. Et ass leider esou, dass CNFPCe bei villen Eltere guer net gutt ugesi sinn. D'Eltere schécken hir Kanner nëmmen dohinner, wa soss guer näischt méi geet. An deem Kontext ass duerfir d'Ukopplung vu verschiddene Coursen, déi am Kader vum CNFPC organiséiert ginn, un de formale Schoul- an Ausbildungssystem eng gutt Saach - dat soll een ënnersträchen.

Sief et CITP-Coursen am CNFPC oder COIPen an de Lycée-techniquen, si erméiglechen et jonke Leit, déi bis elo, aus wéi engem Grund och ëmmer, net mat eisem Schoulssystem eens gi sinn, erëm etappeweis an de Schoulssystem eranzekommen an domat net a priori als Versoer ofgestempelt ze ginn. Et ass jo eis Verantwortung, jiddferengem, och deem, deen emol eng Kéier versot huet, aus wat fir enge Grënn och ëmmer, eng zweet Chance ze bidden. Déi huet jiddferee verdéngt.

Zu Recht muss een natierlech drop hiweisen, dass de Statsrot a verschidde Berufschamberen Recht hunn, wa se soen, et ass e gréissere Platzmangel, an duerfir ass et kaum méiglech, d'COIPen an de Lycée-techniquen ze organiséieren. Dat erëm ass e Grund méi, fir eng méi aktiv Baupolitik am Schoulwiesen ze entwéckelen, fir och deene Strukturmängel do entgéintzekommen.

Et ass also noutwendeg, dass mer d'Saachen upaken - mir maachen dat haut -, dass mer dat weiderféiere mat dem Schoul- a Berufsausbildungsgesetz, an dass mer virun allem dat, wat mer haut maachen, a Saachen, déi mer scho gemaach hunn, mat deene Gesetzer och verfeinere a prezisere kënnen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, d'Bildung an d'Berufsausbildung fir Erwuessener oder Jugendlecher, déi am normale System op der Streck bliwwen sinn, muss duerfir eppes Selbstverständleches sinn. An et ass - ech hunn dat scho gesot an ech ënnersträchen et nach eng Kéier - ni ze spéit, fir erëm ze léieren a sech weiderzebildnen.

Ech ginn esou wäit, fir ze ënnersträchen: D'Bildung an all hire Formen ass och e Mënscherecht. An d'Flicht, dëst ze erméiglechen, dat ass eng Flicht, déi mer alleguer hunn, besonnesch de Stat, mä och d'Patronat oder d'Berufschamberen. Do gëtt et jo positiv Beispiller; wéi bei der Privatbeamtenchamber, wéi bei Patronatschamberen. Mä et gëtt och privat Initiativen, wéi d'OLAP, Zarabina, den Objectif Plein Emploi oder de Forum pour l'Emploi a wéi se alleguer heeschen, déi alleguer op hir Manéier dozou bäidroen, fir dat Angebot an d'Chance duerfir et méiglechst grouse ze maachen, fir méiglechst eng Mass vu Mënschen dach iergendwéi forméiert ze kréien.

D'Lissabon-Strategie leet zënter 2001 an hiren Objektiv ebe just e ganz grouse Wäert op dat Liewelaangt Léieren, awer dat besonnesch a mat Schwéierpunkt op den ekonomesche Grënn, déi domat zesammenhängen. Ech wëll just drop hiweisen, dass 2010 eng éischt Bilanz soll gezu ginn. Entsprechend sti mer dann och als Lëtzeburger an der Flicht, Neel mat Käpp ze maachen, fir dass mer bei där Bilanz am éischten Dréttel an Erscheinung trieden, an net érischt zum Schluss.

D'Europäesch Kommissioun huet an engem Bericht vum Oktober 2006 festgestallt, dass insgesamt an der Europäescher Unioun net genuch a virun allem net schnell genuch géif gehandelt ginn. Si hunn dat ganz fei formuléiert andeem se gesot hunn, et géif eng Dichotomie bestoen - eng Doppeltzunggeek - zwëschent de politesche Rieden an der Realitéit. Dat maach souguer stëmmen, well mer jo gesinn, wéi schwéier mer eis dinn an deenen Debatten an an der Realiséierung vu Gesetzer.

Natierlech geet et och der Kommissioun virangeg ëm déi wirtschaftlech Suergen a virangeg ëm d'Fro vun der gréisstméiglecher Kompetitivitéit. D'Kommissioun weist an deem Dokument drop hin, dass et an der gesamter Europäescher Unioun - do ass awer nëmme vun deene 25 Länner geschwat ginn - 72 Millioune Mënsche gëtt - 2004 war dat -, een Dréttel vun der aktiver Bevölkerung, déi net qualifizéiert oder onqualifizéiert sinn, an dass do eben eng Diskrepanz besteet tëschent deem, wat een als Europäesch Unioun an där ganzer Wettbewerbsfäegkeet weltwäit wéllt réaliséieren, an der Realitéit um Terrain.

Et gëtt ënnerstrach, dass een Dréttel vun der aktiver Bevölkerung - dat sinn déi 72 Millioune - kaum Chancen hunn op nei Aarbechtsplazen à la longue. Et gëtt carrément gesot, déi Onqualifizéiert ënnert deenen doten - dat wäerten da ronn 15% sinn -, déi kënnen mat Ach und Krach esou eng Plaz fannen, an déi wierklech nei Aarbechtsplaze setzen an Diplôme de l'Enseignement supérieur viraus.

Dat sinn natierlech Aufgaben, déi geschriewe gi vun de Kommissiounsdelegierten, déi awer ëmmerhin ze denke ginn an déi ee sollten dozou forcéieren, sech domat ausereenzesetzen an ze iwwerpräiwen, wéi wäit dat doten dann am Land hei mat der Realitéit iwwereneestëmmt.

Mä ëmmerhin - an dat wësse mer ouni Zuelen - wësse mer, dass Handlungsbedarf besteet an dass et eben noutwendeg ass, dass d'Methoden an d'Qualitéit vun der Erwuesse nebildung ëmmer optimal, onbürokratesch a fir jiddfereen zougängelech mussen sinn. An dat bedeit, dass d'Methoden, déi ugewannt ginn, de Mënschen unzepasse sinn, dass finanziell Hëllef mussen kommen - méi kommen -, fir deen Ausbildungswee do nach méi attraktiv ze maachen. Ech hunn dat virdu scho gesot: D'Finanzsituation dierf keen Hindernis sinn an deem Beräich.

Bedeitend bleiwen d'Orientéierung an d'Informatioun, déi einfach optimal mussen si fir jonk Leit a fir déi, déi sech nei orientéieren mussen. An do hu mer jo de Moien an der Kommissioun am Kontext vum Berufsausbildungsgesetz driwwer geschwat, dass d'Betriber kaum an der Lag sinn, engem op dräi, véier Joer am Virus ze soen, wat hir Besoinen dann u Qualifikatiounen sinn.

Viru ville Jore si mer mat Beruffer prezis buede gaangen, well mer fir DuPont de Nemours an anerer op eng Kéier ausgebildt hunn, a wéi mer ausgebildt haten, haten déi keng Plaze méi fir déi Leit. An elo soen d'Patrone vu grouse Betriber: Méi wéi 18 Méint viraus gesi mer net. Dat verlaangt da vun der Politik a vun der Schoul, flexibel ze

sinn a sech op all Situatiounen anzustellen, am Interessi net nëmme vun de Betriber, mä vun eise Mënschen, déi do hir Aarbecht fannen.

Ech hunn also gesot, mir mussen Flexibilitéit hunn, mir mussen am Ugebuert prezis sinn a mir mussen derfir suergen, dass d'Mënschen eng Chance kréien. Mir mussen awer och derfir suergen, dass d'Astellungspolitik an de Betriber esou organiséiert, esou gestalt gëtt - an dat ass net esou einfach, et ass méi liicht gesot -, dass eben d'Mënschen, déi Aarbecht sichen, och eng Chance kréien; an do si mer echt schlecht drun, an ech wëll mech dozou erklären.

Mir hunn zu Lëtzebuerg - a mir soen dat ëmmer erëm, wa mer iwwer Chômage, iwwer Beschäftigungspolitik schwätzen - en atypeschen Aarbechtsmaart och doduerch, well mer en héijen Undeel un Netlëtzeburger hunn an nach méi en héijen Undeel u Grenzgänger, an eist Land mat anere Problemer duerfir konfrontéiert ass, wéi dat fir vill oder déi meescht aner EU-Länner de Fall ass.

An ech wëll dat esou soen: Den Aarbechtsmaart zu Lëtzebuerg ass geprägt vun deem vun der Groussregioun. Dëst risegt Potenzial a Réservoir un Aarbechtskräfte vu jiddfer Aart, vun alle Qualifikatiounen ass fir eist Land e Segen an e Fluch zugläich. Duerfir ass d'Fuerderung vum Patronat no besseeren an aneren Ausbildungsméiglechkeeten heiansdo eppes, wat net iwwereneeklappt mat deem, wat ech hir Astellungspolitik oder hiert Ugebuert u Léierplazen nennen, souwuel am Beräich vum CATP, wou dausend Léierplazen d'lescht Joer gemollt gi sinn oder versprach gi sinn, awer laang net erreecht gi sinn, oder och vun de Plazen an der Erwuesse nebildung, sief dat am CCM, am Contrat de Capacité Manuelle, oder sief et am CITP, dem Contrat d'Initiation Technique et Professionnelle.

Hei muss ee kloer soen, mir schwätzen elo iwwert de CITP, d'Patrone lehnen deen eigentlech of. D'Patrone ächten eigentlech de CITP. Datselwecht Patronat, vun deem mer erwaarden, dass et genügend Plazen ubitt fir Contrats de Capacité Manuelle. Och do stelle mer fest, dass zum Beispill 2004 979 Demanden do waren, awer nëmme 426 Kontrakter konnte gemaach ginn; 2005 1.013 Demanden do waren, awer nëmme 468 Kontrakter, also kaum 46% zefridde gestallt konnte ginn. An do, stellen ech fest, spillt d'Patronat leider net mat an engem Beräich, deen awer liewenswichtig ass fir déi, déi betraff sinn, mä och fir d'Zukunft vum Land.

An ech wëll do soen - duerfir brauch een net ganz couragéiert ze sinn -, dass deen einfache Wee fir d'Patronen oft dee vun der Astellung vum Grenzgänger ass, nom Motto: Ouni vill Komplikatiounen an Diskussiounen fannen ech déi do, déi ech fir mä Betrib brauch. Awer dat klappt dat net iwwereneek mat der, wéi d'Preise soen, „Bringschuld“ vun de Betriber. Déi Bringschuld huet vill Facetten, a sief et nëmmen déi, dass et eng Fro och vu Solidaritéit am ganze Land ass, also och eng Fro vu Solidaritéit vun de Patrone vis-à-vis vun de Résidenten, fir deenen eng zweet Chance ze ginn an deenen ze hëllefelen aus dem Chômage erauszekommen, ze verhënnere, dass se an de Chômage kommen, ze verhënnere, dass se un der ënneschter Lounskala mangels enger gudder Ausbildung sech erëmfannen.

Dat si Schwierigkeeten, déi muss een ervirsträichen. A wann ee weess, dass kaum 30% vun deene 468 CCM-Absolvente reuséieren, dann ass dat e weidere Problem, deen eis ze denke muss ginn.

Ech wëll duerfir och drop hiweisen, dass d'Restrukturatioun vum CNFPC net an Zukunft dierf heeschen, dass d'Betriber sech aus hirer sozialer Responsabilitéit erauszéien. Wie qualifizéiert Aarbechter fuerdert, muss och gewéilt sinn, sengersäits de Jonke genuch Stagen a Léierplazen unzebidden, an derfir suergen, se och uerdentlech am Stage an an der Léier ze encadréieren.

A mir brauchen eng nei Apprentissage-Kultur an deem Land an de Betriber, mir brauchen einfach, dass d'Patrone matpillen an net de CNFPCen déi Laascht do iwwerloossen, well da bleift et eng Dréps um waarme Steen, an da brénge mer et kaum fäerdeg, deenen Objektiv, déi mer eis dach setzen an där Matière, gerecht ze ginn.

Ech wollt awer nach eng Kéier op d'Groussregioun zréckkommen. Ech hu gesot, d'Groussregioun ass a Saachen Aarbechtsmaart e Fluch an e Segen zugläich, well se ebe fir d'Lëtzeburger Betriber dee Réservoir duerstellt, fir all déi gewënschte Qualifikatiounen an nach besserer wéi gewënscht ze fannen, dat ouni Komplikatiounen, ouni dass besonnesch Uspréich gestallt ginn, weder vun de Betriber nach vun de Betreffene selwer. An dat kann net esou sinn!



D'Hauptargument, dass all dat, wat mir hei diskutéieren, décidéieren, nei bürokratesch Problemer bedeit an dass ee sech muss an deem Dschungel do erëmfanne vun Hëllef, direkten an indirekten, also léiwer iwwert d'Grenz geet, fir säi Problem ze léisen, dat kann net esou sinn.

Ech erënnere mech wéi mer viru ville Joren an der Tripartite ugefaangen hunn iwwert d'PAN-Gesetzter ze diskutéieren, dass do een héichrangege Patronatsvertrieder no deeg-, wochelaangen Diskussiounen gemengt huet, dat wier jo alles schéin a gutt, wat mer do geschwat hätten, och un Hëllef, mä hien huet wuertwiertlech gesot: Mir stelle keen Onkraut an, wa mer anerer kënnen kréien. Dat huet mech schockéiert an ech hunn dee Saz e Liewe laang net vergiess. An dat kann net d'Richtschnouer sinn, wéi hei gehandelt gëtt.

An ech bleiwen dobäi: Et ass eng gesellschaftlech Responsabilitéit, et ass eng Solidaritéit, déi och vun de Betriber, net nëmme vun der Politik, net nëmme vun den Deputéierte ka verlaangt ginn, mä et ass eng Responsabilitéit, déi mer alleguer ze droen hunn. Net nëmme de Stat ass gefuerdert. Natierlech ass hien dat: Hie muss d'Rahmbedingunge schafen a garantéieren. Mä d'Betriber mussen matspillen, d'Eltere mussen matspillen, a mir mussen d'Méiglechkeet ginn, dass d'Léiere vun engem Beruff och iwwert den zweete Bildungswee net en noutwendegt lwwel duerstellt, mä dass et eng echt Chance fir d'Zukunft kann a muss duerstellen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, mir wäerten och hei am Land net derlaanscht kommen, dann awer eng Kéier an hoffentlech méiglechst kuerzfristeg d'Debatt iwwert d'Realisatioun vun der Schoul vun der zweeter Chance unzefänken.

D'Problemer um Aarbechtsmaart, d'Échec-scolairen, d'Réactivatioun vun de COIPen, de CITPen, d'Erwuessenenausbildung an esou viru verlaangen ëmmer erëm no globale Konzepter. Ech mengen, d'École de la deuxième chance kéint dozou eppes bäidroen. D'Viraussetzung wieren déi, dass déi Schoul en eegent Gebai huet, dass se eege Programmer an Ausbilder huet, dass geziilt virgaange gëtt, pedagogesch, sozial an esou weider, fir dass mer eng méiglechst héich Erfolgsquot am Interessi vun de betroffenen Mënschen, mä och de wirtschaftlechen Erausforderunge kréien. An och dozou gehéiert nach eng Kéier d'finanziell Begleitung, déi organiséiert muss ginn.

Da kommen ech op de leschte Punkt, wou ech am Ufank de Code de la formation ugeschwat hat um Beispill vum Code du travail. Ech sinn och der Meenung, wa mer bis d'Berufsausbildungsgesetz verabschit hunn, dass et dann noutwendeg gëtt, e Code de la formation auszeschaffen, fir eben Transparenz dranzekréien an et ze erméiglechen, op ee Bléck Duerchsicht ze kréien iwwer all dat, wat op deem Plang do ugebuede gëtt.

Ofschléissend: Mir stënnen haut dëst Gesetz, eben an Erwaardung vun där grousser Berufsausbildungsreform. Ech soen nach eng Kéier: Ech hoffen, dass dat an dëser Regierungsperiod wierklech ass. Ech hoffen, dass dat an engem breeden, kriteschen an oppenen Dialog vun all deenen, déi bedeelegt sinn, méiglech ass. An ech wënsche mer immens vill Partnerschaft. Déi ass do ubrecht; net Rechthaberei, mä Partnerschaft.

Dann nach eng Kéier: Mir stënnen dat Gesetz haut, well et eben nei Perspektive fir Aussteiger opmécht, hinnen eng Chance bitt, eben net ausgegrenzt ze ginn, mä eng Chance gëtt, hir Kompetenz an hiert perséinlecht Potenzial fir sech a fir d'Land mobiliséieren ze kënnen.

Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Castegnaro. Nächst Riednerin ass déi honorabel Madame Viviane Loschetter.

» **Mme Viviane Loschetter (DÉI GRÉNG).** - Voilà! Merci, Här President. Merci, Här Castegnaro fir Äre schrëftlechen a méndleche Rapport.

Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech widderhuelen elo verschidde Saachen, déi da scho véiermol hei gesot gi sinn. Ech maachen dat awer och kuerz. Ech wäert mech da méi op e puer Remarquë fokusséieren, déi ech am Numm vun der grénger Fraktioun wëll maachen zum Projet de loi, dee mer haut stënnen.

Et ass och scho gesot ginn: Mir gesinn dat och esou, datt dat eigentlech ee Stéck vun engem Puzzle ass, vun engem Ganzen, an datt schonn eng etlech Stécker wéi de 5501 an och de 5611 hei duerchgefloss sinn, an datt nach anerer an der Maach sinn. Dat

déckste Stéck ass sécherlech de Projet de loi iwwert d'Reform vun der Berufsausbildung.

Mä ronderëm gëtt et nach eng etlech aner Satelliten: wéi Auditen, Etüden, Règlement-grand-ducalen, déi awer och wäerte Wesentlech determinéieren hei an deem Gesetz; d'Arbeitsamt a säi Service des jeunes; de CEPS a seng zousätzlech Etüden iwwert d'Mesuren; de Projet de loi iwwert de Chômage social; de Rôle vun den A.s.b.l.en an der Berufsausbildung; de Rôle an de Fonctionnement vun der ALJ, Action Locale pour Jeunes; d'Définitioun vun den Tuteurs op de Stageplazen; d'Internater, nieft der Schoul; d'Kannergeld; d'Alttersgrenz vu 25 Joer beim RMG.

Dat alles si Satelliten, déi awer, méi wéi een dat denkt, wann een dat esou gesäit au premier abord, mat deem Projet de loi hei ze dinn hunn. Well dee Projet de loi, esou gëtt en am Fong geholl och e bësse beschriwwen, versteet sech oder sollt sech ausschliesslech verstoen als e Projet de loi, deem da Clarificatioun bréngt an deen och d'Verantwortungsoopdeeling mécht vun der Organisatioun a vum Finanzement tëschent deenen zwee Ministère, dem Ministère du Travail et de l'Emploi op där enger Säit vun der Neier Bréck an dem Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle op där anerer Säit vun der Neier Bréck.

Et besteet och eng gewëssen Urgence - dat fanne mer och am Exposé des motifs bei deem Projet de loi erëm -, well säit eben dem Juli 2006, wann ech dat gutt an Erënnung hunn, de Finanzement vu verschidde Coursen net méi garantéiert ass, well eben net clarifiéiert ass. Sou wéi mir et zum Beispill och konnte feststelle bei där traureger Episod am Ettelbrécker CNFPC, wou dann op eemol kee vun deenen zwee concernéierte Ministère sech wollt concernéiert fillen a se dunn och e bësse ennerge-daucht waren. De Misär war an eisen Aen op eng Mësskommunikatioun respektiv op eng Netkommunikatioun zréckzeféieren.

An do weess ech awer net, Madame Brasseur, ob dat elo eréischt säit kuerzem soll esou sinn. Mir hunn éischer d'Gefill, datt déi Mësskommunikatioun tëschent där enger Säit an där anerer Säit vun der Péitrus scho laang stattfënn, well soss hätte verschidde Saachen awer scho längst missen evakuéiert sinn.

Fir datt dëst dann net méi virkënt an datt et och kloer gëtt, wat aus wéi engem Déppen an aus wem sengem Déppen organiséiert a bezuelt gëtt, fënn dann haut dee Vote iwwert dese Projet de loi statt. Dat ass och eng gutt Saach, déi mir och begrëissen, datt d'Regierung sech elo d'Moyenë gëtt, fir Kloerheet ze schafen a fir de Fonctionnement vum CNFPC ze garantéieren.

Elo zu menge Remarquen. Engersäits reduzéiert sech de Projet de loi net ausschliesslech op eng Kompetenzopdeeling tëschent deenen zwee Ministère, déi dann an de CNFPCe cohabitieren. Eng ganz Rei vun net onwesentlechen Elementer fanne mer virsiichteg ugeschwat an deenen einzelnen Artikelen vum Projet de loi, wéi notament d'Méiglechkeet erëm zréck an de Système scolaire ze kommen, wéi d'Méiglechkeet vun den Internater a wéi de Rôle vun der ALJ. Et si wichteg, noutwendeg an och sënnvoll Elementer, déi eigentlech eng grouss Répercussiou op d'Gesamtorganisatioun, souguer op d'Philosophie vun der Berufsausbildung hunn.

Et steet och ausdrécklech am Gesetz dran, datt d'COIPen, also d'Cours d'Orientation et d'Initiation Professionnelles, net méi ausschliesslech Mesure-antichômagen duerstellen, mä si si Partie intégrante vun der Schoul an der Berufsausbildung. Och sollen d'CNFPCen an hire praktesche Coursen als Stageplaz fungéieren, haaptsächlech an deene Beruffer an Handwierker, wou et eben net genuch Léierplazen am Privateseur gëtt. An heibäi handelt et sech - an dat ass och schonn hei gesot ginn; dat sinn déi Zuelen, déi de Ministère eis och an der Kommissioun matginn huet - ëm schätzungsweise 300 bis 400 concernéiert Jugendlecher pro Joer, déi keng Léierplaz fannen; eben den Zuele vum Ministère no.

Et concernéiert awer och méi oder manner direkt eng ronn 600 Schüler a Schülerinne pro Joer, déi mer ënnert dem besonneschen Titel „Early Leavers“ verstinn. Et concernéiert och méi oder manner direkt d'Organisatioun vum Régime préparatoire an de Besoin no enger kloer Definitioun vu sengen interdisziplinäre Kompetenzen, seng Zesummenaarbecht mat deenen aneren noutwendeg Gremië wéi d'ALJ, d'ADEM an eben d'CNFPCen. Et concernéiert schlussendlech och d'Berufschamberen, well mer an de CNFPCe CITPen ausbilden - et si vill Ofkierzungen -, well et elo

de CNFPCen duerch d'Gesetz erlaabt ass, eng Léierplaz ze sinn.

Och stelle mer eis Froen: Wat a wéi geschitt an Zukunft mat deem Punkt «L'insertion professionnelle des jeunes à la fin de la formation se fait en collaboration avec les services compétents» de l'ADEM, dat heescht «de l'Administration de l'Emploi»? An ech erënnere un zimlech kontrovers Diskussiounen am Kader vum Projet de loi 5611, wou mer eis net esou richtig eens ware mam Aarbechtsminister, ob déi zousätzlech Leit, déi elo um Arbeitsamt agestellt sinn, fir déi Jugendleche sollen do sinn, oder ob déi elo sollen am Fong geholl dat alles opraumen, wat bis elo de Moment nach am Arbeitsamt staut.

vläicht, Madame Ministesch, hutt Dir en Abléck dodran.

Wat hunn déi zwee concernéiert Ministère ausgeschafft, fir genau eng kompetent a fachgerecht Exekutioun vun eben deem Punkt ze garantéieren? A wéi genau organiséiert sech de Passage vun deem beschriwwene Punkt am Gesetz: «Les cours d'orientation et d'initiation professionnelles peuvent s'adresser également aux jeunes ayant quitté prématurément l'école, afin qu'ils réintègrent le système d'éducation et de formation»?

Wéi e Rôle huet an deem Kontext de Projet vun de Classe-mosaïquen? Wéi ginn déi eventuell do mat agebonnen? Dat heescht, Schüler, déi fortginn, déi opgefaange ginn, fir vläicht eng Kéier erëm zréckzekommen.

Här President, dese Projet de loi schneit effektiv wesentlech Punkten un, déi souwuel mat der Schoulformatioun, mat der Orientéierung, mat der Berufsausbildung, mam Aarbechtsmaart an net zulescht och mat der Cohésion sociale ze dinn hunn. Zum allergréissten Deel sinn et Situatiounen - dat huet d'Ministesch eis och schonn an de Kommissiounssitzungen erkläert -, déi et scho längst gëtt, déi Alldag sinn, souwuel an der Berufsausbildung wéi an der Noutgérance - wann ech dat esou ka soen - vun de Jugendlechen, déi echt gefährdet sinn, ouni Certificat, ouni Diplom, ouni Aarbechtsplaz, ouni Revenu, schlussendlech och ouni Halt a Stabilitéit ofzerutschen.

De Mérite vun deem Projet de loi, ausser datt en, wéi gesot, Kloerheet schafft um pragmatischen Terrain vun der Organisatioun an dem Finanzement, ass sécherlech deen, datt e gesetzlech emol festhält, wat um Terrain lass ass. Situatiounen, déi soss séier wéineg thematiséiert ginn, well se och keng grouss Lobby hunn.

Mä mir fannen et awer als Gréng déck onglécklech, datt d'Léisungsméiglechkeete stéckerchersweis hei kommen. Grad déi Punkten, déi an deem Projet de loi mat agefloss sinn, fir eemol iwwerhaapt eng Base légale ze hunn, an déi elo duerch Réglemets grand-ducaux organiséiert ginn, wäeren an Haaptbestanddeel vun enger couragéisier Reformpolitik a Saache Berufsausbildung, Berufsausbildung a Weiderbildung.

An obwuel dee grouse Brudder - oder och eben déi grouss Schwëster - just hannendrun ass, de Projet de loi 5622 iwwert d'Reform vun der Berufsausbildung, wou mir all wëssen, datt mer do och nach net esou séier iwwert de Bierg kommen, ass et awer schwéier verdaulech, datt mir haut iwwer Brochdeeler vun enger Reform praktesch e Chèque en blanc mussen stënnen an net wëssen, a wéi eng Richtung verschidde Elementer histeiere wäerten. Elementer wéi d'Action Locale pour Jeunes, Internater, Kollaboratioun tëschent Schoul an Aarbechtswelt, déi mir als Gréng a priori begrëissen, mä wou mer haut net wëssen, ob d'Regierung hir Evolutioun esou gesäit wéi mir se gesinn.

De Parallellissem mam Projet de loi 5622 fanne mir ongesond. Et ass e bësse wéi wann een zum Schluss ufänke géif. An de Statsrot ëmschreift et - ech mengen, d'Madame Brasseur war et, déi dat och schonn zitéiert huet; et war mir och opgefällt, et ass gutt beschriwwen - als «la cohérence laisse encore à désirer». Ech denken, dat ass effektiv den désagrèabelen Arrière-goût, deen dese Projet de loi eis hei hannerléisst.

Mir wäerten als gréng Fraktioun awer fir dee Projet de loi stënnen, well mer all Versuch, d'Kloerheet an d'Transparenz an der Gestiou vun de CNFPCen ze verbesseren, ënnerstëtzen. A mir ënnerstëtzen nach méi de Versuch, Kloerheet tëschent deenen zwee Ministère ze schafen, à défaut fir eng méi intensiv a konstruktiv Kollaboratioun tëschent deenen zwee Ministère kënnen hei ze ënnerstëtzen. Mä wat nach net ass, kann nach ëmmer kommen.

Merci.

» **Une voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** Merci, Madame Loschetter. Dann ass et um honorabelen Här Gibéryen. Här Gibéryen!

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll fir d'éischt och dem Kollege John Castegnaro Merci soen, mengen ech, fir säi wierklech gudd schrëftlechen an och virun allem gudd méndleche Rapport, deen hien de Mëtteg hei zu deem Projet de loi gemaach huet. Hien huet versicht - an ech mengen, dat ass him och gelongen -, dese Projet an dee richtige Kontext ze stellen.

Dat Wesentlech zu deem Projet ass gesot ginn. Ech mengen, et geet virun allem ëm d'Kompetenzschwieregkeeten tëschent zwee Ministère, déi mer an der leschter Zäit festgestallt hunn, déi heimadder behuewe ginn. Et kann een natierlech elo soen, et wär nëmme en Detail, an et hätt ee léiwer gesinn, datt een dat a méi engem globale Kontext hätt kënnen léisen. Mä ech mengen, wa mer realistesch sinn, da wësse mer awer, datt et e Problem ass, dee mer kënnen kuerzfristeg léisen. An duerfir, mengen ech, soll een och domat averstane sinn, datt dee Punkt elo hei punktuell geléist gëtt.

Well eng gewëssen Urgence hei besteet, datt dese Punkt geléist gëtt, kréie mer jo duerno och d'Geleeënheet - d'Kommissioun ass amgaangen, iwwert d'Reform vun der Formation professionnelle ze diskutéieren -, eng global Diskussioun, souwuel an der Kommissioun wéi herno och hei an der Chamber, ze féieren, fir grondsätzlech lwwerleunge kënnen feststellen.

De Projet u sech, Här President, ass, wéi gesot, e klenge Projet. Dat huet een och de Mëtteg hei un der Diskussioun gemierkt, well de Gros vun der Debatt am Fong net iwwert den Inhalt vum Projet gaangen ass, mä e méi an en allgemenge Kontext gestallt huet. Dat ass awer normal an esou enger Debatt. Et ass och gutt, datt eenzel Deputéierte vun esou Geleeënheeten dann ebe profitéieren, fir déi eng oder déi aner lwwerleung mat an d'Diskussioun eranzebraugen.

De Problem, dee sech stellt, ass natierlech, wann een, Här President, als Sechsten an esou enger Debatt un d'Rei kënn, wou schonn am Projet net vill ze soen ass, a wann een dann nach viles soll soen.

(**Interruption**)

Dat huet natierlech deen Nodeel: Egal wat ee seet, leeft een de Risiko, datt schonn een et zumindest eng Kéier oder zweemol oder dräimol oder véiermol oder fënnemol virdrun hei gesot huet. Dat géif natierlech d'Zäit vu jidderengem Einzelne staark an Usproch huelen, wann een dat alles géif widderhuelen. De Virdeel awer, deen dat huet, wann een als Fënnften oder Sechsten hei drükënt, dat ass, datt ee sech ka kuerzfaassen an net alles brauch ze widderhuelen.

Ech hunn also de Choix, vum Nodeel ze profitéieren oder vum Virdeel. Ech hu mech fir de Virdeel entscheet, nämlech fir mech kuerzfaassen, well ech mengen, datt alles gesot ass, op d'mannst eng Kéier, wann net e puermol, wat zu deem Projet ze soen ass. Ech géif duerfir d'Zoustëmmung vun eise Grupp zu deem Gesetz bréngen.

» **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. Dat war kuerz, mä dätlech. Dann den honorabelen Här Jaerling.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Merci, Här President. Bei esou engem sozial wichtige Projet wéi deem heiten ass et ëmmer eng Freed dem Rapporteur kënnen fir säi Rapport ze félicitéieren - haut huet hien der scho praktesch zwee ervirbruecht, déi awer allen zwee exzellent waren -, mä awer och all deenen aneren ze félicitéieren, déi un der Ausaarbechtung vun deem Projet bedeelegt waren.

Ech hunn och elo d'Méiglechkeet, fir nach eng Kéier all dat ze widderhuelen, wat hei gesot ginn ass. Mä dat erënnert mech awer un en Zitat vum Konfuzius, dee gesot huet: Et brauch een zwee Joer, fir ze léieren ze schwätzen, mä heiansdo brauch een zwee Liewen, fir ze léieren de Mond ze halen.

(**Hilarité**)



Ech versiche mech dann awer elo hei kuerz zefaassen a mech op dat Wesentlecht ze beschranken.

Den Ursprung vun dësem Projet war effektiv de Problem vun de Responsabilitéiten ze klären, an zwar déi vum Aarbechts- an Educatiounsministère am Kontext vun der Organisatioun an dem Finanzement vun de Coursen am CNFPC. Besonnesch all déi kleng Kompetenzreiwereien an déi juristesche Onkloerheeten - bon, et sinn net grad klenger gewiescht - hunn derzou gefouert, datt déi Indemnitéiten zum Beispill, iwwert déi nach net geschwat ginn ass hei, déi déi Jonk fir eng Formatioun am CNFPC ausbezuelt, gestoppt gi sinn; wat weder dem Educatiouns- nach dem Aarbechtsministère an hire Kompetenze wéigedoen huet, mä awer besonnesch deene Jonken an och deenen Elteren, fir déi déi Indemnitéiten awer eng wëllkommen Ënnerstëtzung waren.

Dës Ënnerstëtzung war awer och besonnesch wichteg, grad fir déi groussjäreg Jonk am Alter vun 18 bis 25 Joer, déi eleng dostoungen a vu kenger Säit finanziell ënnerstëtzt goufen, well een eréischt am Alter vu 25 Joer Urecht op den RMG huet an déi betrafte Jonk och ganz oft keen Urecht op Chômage haten.

Och d'Kannergeld, wat jo bis zum Alter vu 25 Joer weiderbezuelt ka ginn, wann een an enger schoulescher Formatioun ass, gouf deene Jonken, déi elengstinn, dann och net méi zougestanen, ebe well den CNFPC bis elo net als Schoul unerkannt war an d'Kannergeldkeess dofir d'Ausbezuete vu Kannergeld bis elo refuséiert huet. Dëst soll jo awer, wann ech elo den Artikel 2.1.1. vun dësem Projet richteg interpretéieren, mat dësem Gesetz geännert ginn, an zwar eben doduerch, datt verschidde Mesuren, zum Beispill de COIP, dee jo och mat dësem Gesetz an de CNFPC integréiert gëtt, net méi nëmmen eleng als eng Antichômage-Mesure ugesi gëtt, mä integral an den Educatiouns- an an de Formatiounssystem agegliddert gëtt.

Dofir, Här President, wär awer trotz allem - well ech sécher sinn, datt et esou ass - meng Fro kloer un d'Madame Ministesch: Leien ech do richteg, wann ech soen, datt deene Jonken tëschent 18 a 25 Joer, déi ab dësem Gesetz elo eng Formatioun maachen, d'Kannergeld op Presentatioun vun engem Schoulzertifikat vum CNFPC zougestane gëtt?

Här President, dëst Gesetz schaaft elo Kloerheet iwwert d'Responsabilitéit vun de Ministèren an iwwert d'Finanzéierung vum CNFPC. Et schaaft awer och eng Indemnitéit fir déi Jonk, déi keng Chance an normalen Ausbildungszyklus hunn. Dës Indemni-

téit schaaft op jidde Fall méi Chancëgläicheet, fir dass jiddferen eng Chance huet eben och an den zweete Bildungswee eranzekommen, a well och jiddferen do ouni finanziell Contrainte eben zu enger net grad ganzer, mä awer trotzdeem Deelformatioun ka komme respektiv sech wierklech och, esou wéi et erwünscht ass, op eng weider Formatioun virzubereeden.

Duerfir ass awer elo och erëm eng weider Fro am Kontext vun der Indemnitéit: D'Bezuete vun där Indemnitéit ass fir 2006-2007 gestoppt ginn aus deenen Ursachen, déi ech virdu gesot hunn, a gëtt elo erëm agefouert, wéi ass et awer elo mat deene Leit, déi säit der Sessioun 2006-2007 an enger Formatioun sinn? Kréien déi réckwierkend hir Indemnitéit ausbezuelt, wat jo u sech richteg wier?

Et misst eigentlech esou sinn, well dee leschten Alinea vum Artikel 2 vum Rapport iwwert den Objet vun dësem Gesetz seet, datt déi ehemoleg Formatiounsindemnitéit, déi vum Aarbechtsminister bezuelt gëtt, duerch d'Dispositiounen vun dësem Gesetz erëm agefouert gëtt. Dat heescht also, se huet bestanen. Se war net ofgeschaf ginn, se kann also net erëm ugeschaf ginn. Se huet bestanen, a se gëtt mat dësem Gesetz am Fong erëm reaktivéiert.

Well et ass jo och net deene Betreffenen hir Schold, géif ech awer mengen, datt d'Responsabilitéiten tëschent de Ministèren net kloer definéiert waren. Ech wär och frou, wann ech vun der Madame Minister do eng kloer Äntwert géif kréien.

Här President, dës Gesetzesinitiativ reit sech och an déi am Tripartitesgesetz e bësse festgeschriwwen Philosophie an, méiglechst jiddferengem eng Qualifikatioun mat op de Wee ze ginn a wann et och nëmmen eng deelweis gëtt, fir him eng Chance ze ginn erëm an den initialen Aarbechtsmaart eranzekommen. Wichteg ass och, datt, wann dee Jonken no den ofgeschlossene Coursen am CNFPC keng Aarbecht fënnt, hien dann awer och Urecht op Chômage kritt. Dëst dierf awer net d'Iwwerleeung sinn - an dat ass dat, wat geféierlech ass -, fir sech an déi Coursen anzuschreien.

Duerfir stellt sech och d'Fro, ob een déi verschidde Formatiounen, déi um zweete Bildungswee jo meeschtens op ee Joer beschränkt sinn, net soll versichen ze verlänger, fir weider Chancen opzebauen a fir e bessert Formatiounsresultat ze kréien. Dat zwar natierlech am enke Kontakt mat de Betriber iwwert de Wee vu Schnupperléieren oder aneren Integratiounsméiglecheeten a Betriber, well den initiale But muss jo awer d'Integratioun an den Aarbechtsmaart sinn.

Mä ech maache mer och scho länger Gedanken iwwert deen éischte Bildungswee, wou mer am Fong an der Formation professionnelle engersäits den duale Wee hunn, wou Patron a Schoul zesumme sinn, wou eng Lehrlingsentschiedegung bezuelt gëtt, an op där anerer Säit awer och aner Leit

Formatioun, Berufsausbildung maachen, déi se dann awer iwwert d'Schoul maachen, an do keng Ënnerstëtzung kréien.

Et wär awer gutt, fir do och eng Chancëgläicheet ze schafen an och vläicht erëm méi Leit op dee Wee ze kréien, dat heescht an eng Lehrlingsausbildung eranzekréien, fir deenen och eng Ënnerstëtzung ze ginn, fir se domadder och méi ze incitéieren, fir eben eng Léier unzefänken, egal ënner wat fir enger Form datt et ass. Dat géif awer och eng Rei Elteren ënnerstëtzen, well mer wësse jo awer ganz genau, datt och mat deene Paien, déi d'Elteren haut hunn, se sech net ganz vill kënnen erlaben, fir hir Kanner länger an d'Schoul ze schécken, well d'Ënnerstëtzung sinn do och net esou grouss.

Wat fir mech awer wichteg ass - an dat schéngt och ëmmer erëm e bëssen an der Diskussioun vergiess ze ginn -, dat ass, datt d'Aarbecht ëmmer nach muss méi Wäert behale wéi doheem ze bleiwen. Ech mengen, dat muss an alle Beräicher en Objektiv sinn. Dat muss och en Objektiv sinn, wa mer iwwer aner sozial Moossnamen diskutéieren. D'Aarbecht muss ebe méi Wäert behale wéi doheem ze bleiwen, fir datt d'Leit net a Versuchung kommen, léiwer doheem ze bleiwe wéi schaffen ze goen.

Här President, ofschléissend wëll ech nach bemierken: Et dierf awer an Zukunft net méi esou sinn, datt nëmmen an d'Wirtschaft investéiert gëtt. Et muss endlech et emol erëm méi an de Mënsch investéiert ginn. A besonnesch, wa mer wëllen an de Mënsch investéieren, dann a seng Educatioun. Ech mengen, dat ass jo kloer, de Wëllen ass do, mä da méi intensiv. Wann och elo deen een oder deen aneren hei wäert behaupten, ouni floréierend Wirtschaft géif et keng Aarbecht, Här Grethen, dann halen ech deem dergéint: Ouni de Mënsch gëtt et och keng Wirtschaft.

Ech soen lech Merci.

» M. le Président. - Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo ofschléissend déi zoustänneg Ministesch, d'Madame Mady Delvaux-Stehres.

» Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*. - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och ech wëll fir d'éischt menge Virriedner Merci soe fir dee räichen Débat, a besonnesch dem Rapporteur, dem Här Castegnaro, fir säi schrëftlechen a säi mëndleche Rapport.

Ech mengen, ech kommen als Allerlescht.

(*Hilarité*)

Alles ass vu jiddferengem gesot, an et kann een dee Projet, deen elo e Gesetz gëtt, dohinnerstellen als klenge Projet oder als e grouse Projet, als e wichtegen oder en onwichtegen. En huet zwou Finalitéiten. Och do kann een e Choix maachen: Engersäits eng Réforme administrative, méi Transparenz schafen, an anerersäits e klenge Schrëtt an der Verbesserung vun der Quali-

fikatioun vun deene Leit, déi zu Lëtzebuerg liewen an an d'Schoul ginn.

Ech ka mat deenen zwee Objektivier liewen. Ech fannen se allen zwee justifiéiert. Ech verstinn och net, firwat een doriwwer ironiséiert. Ech gesinn nämlech net, wat de Prétexte dovunner ka sinn. Et geet net - dat wëll ech och hei ganz kloer preziséieren - einfach ëm e primitiiv Gerangel zwëschen zwee Ministeren oder zwee Ministèren. Et geet ëm eng Clarificatioun, eng Klärung vu verschidde Notiouen. Dat gëtt also eng fundamental Diskussioun iwwert: Wat ass d'Zil vun deene Coursen am CNFPC oder an A.s.b.l.en, déi ähnlech Coursen ubidden? Wat ass d'Zil dovunner?

Déi Diskussioun hu mer zesummen am Summer gefouert, a mir hunn doraus zesummen e Projet de loi gemaach. Wann d'Leit am November e bëssen nervös gi sinn iwwer aner Diskussiounen, well do och eng falsch Interpretatioun vum Conseil d'État, eng Erreur matérielle, war, da gesinn ech nach ëmmer net wat dorunner esou witzeg ass. Bei eis geet et elo drëm, fir ze soen: Déi Coursen, déi mer am CNFPC ubidden, dat si verschiddener.

Ech wëll och kloerstellen, dass dat vun Ufank un, säit et CNFPCe gëtt - an am Gesetz vun 1979 si se geschafe ginn -, schon am Artikel 22 vun deem Gesetz stoung. Ech liesen lech dat vir, well hei gesot ginn ass, d'CNFPCe wäeren nëmme gegrennt ginn, fir Formation continue ze maachen. Dat ass falsch. Si haten dräi Objektivier:

Éischtens: «aider les personnes titulaires d'une qualification professionnelle à adapter leur formation de base à l'évolution du progrès technique». Dat ass also d'Formation continue.

Si haten awer och schon deemools: «donner aux personnes qui ont satisfait à l'obligation scolaire sans avoir obtenu de qualification professionnelle la possibilité d'acquérir une formation professionnelle élémentaire dans un système de formation accélérée». Dat ass also déi Missioun, déi elo ëmmer als COIP, also Cours d'Orientation et d'Initiation Professionnelles, bezeechent gëtt. Dat war schon am Urgesetz vum CNFPC dran. D'CNFPCen haten also ëmmer déi duebel Finalitéit. An dat huet och derzou bäigedroen, dass eigentlech och ëmmer zwee Ministeren zoustänneg derfir waren.

Fir mech ass et elo wichteg - ech hale vill vun deem Prinzip -, dass deen, deen eppes organiséiert, et och finanzéiert. Et ass esou gewiescht, dass am CNFPC de Ministère vun der Éducation nationale an der Formation professionnelle Coursen organiséiert, dann ass d'Rechnung an de Ministère du Travail gaangen, an dann ass zum Fonds pour l'Emploi gesot ginn: Da bezuelt Dir elo.

Dat ass jorelaang esou gaangen. Dat ass heiansdo besser gaangen an heiansdo méi schwierig. Mä ech fannen dat kee gesonde Prinzip. Deen, deen eppes organiséiert, mengen ech, soll och d'Budgetsmoyenen hunn, fir et kënnen ze finanzéieren, fir eben



Chambre  
des Députés  
L U X E M B O U R G

d'Chamber live

**Chamber TV**

och an der Rediffusioun  
all Sëtzungsdag  
vun 19:00 Auer un

d'Chamber online op

**www.chd.lu**

mat de Rubriken

- Composition & Organisation
- Séances publiques & Commissions
- Hôtel de la Chambre
- Portail documentaire
- Web TV live



ze verhënnere, dass do éiweg Diskussiounen sinn. Duerfir fannen ech dat Objektiv vum Gesetz hei, wat mer domadder erfëllt hunn - dee Ministère, deen eppes organiséiert, dee bezitt et -, nëmme richteg. An ech denken, dass dat am Sënn vun enger Réforme administrative ass, iwwer all aner Diskussiounen eraus.

Deen zweete Volet vun deem Gesetz, dat ass dann d'Cours d'orientation et d'initiation professionnelle ze preziséieren. Wat ass dat? Och do ass eigentlech laang diskutéiert ginn. Sinn dat Schüler oder sinn dat eigentlech Leit, déi am Chômage ageschriwwe sinn, an déi als jonk Chômeurë behandelt ginn? Dat sinn eigentlech zwou verschidde Philosophien. Dat huet och mat sech bruecht, dass jiddferen, dee sollt an e Cours goen am CNFPC oder an ähnlech Coursen, eigentlech obligéiert ginn ass sech beim Arbeitsamt als Demandeur d'emploi anzeschreiwen.

Do waren awer Leit - Jonker a manner Jonker - derbäi, déi eigentlech net onbedéngt Demandeurs d'emploi waren, mä déi wollten eng Formatioun maachen, fir sech besser auszubilden, fir sech weiterzubilden oder fir eng Formatioun ze kréien. Do ass mat Recht gesot ginn: Firwat mussen déi sech als Demandeur d'emploi aschreiwen, wa se net onbedéngt Demandeurs d'emploi sinn? Duerfir hu mer déi Saache getrennt a gesot: Déi Cours d'orientation et d'initiation professionnelle, déi hunn net direkt den Accès zu engem Emploi als Finalitéit. Wann dat doraus erauskënnt, ass et gutt.

Also - an dat ass och eng wichteg Clarificatioun, fir op dem Här Jaerling seng Fro ze äntweren - sinn dat Coursen, déi ënnert der Responsabilitéit vun der Éducation nationale organiséiert ginn. Déi gehéieren also zum formale Schoulsystem. Also sinn dat Schüler. Also ass och déi Fro gekläert, dass déi Kannergeld kréien, wa se an deenen dote Coursen ageschriwwe sinn; esou laang an ënnert de Konditiounen wéi ee Kannergeld kritt selbstverständlech.

Well dat war ëmmer eng Diskussioun, wou gesot ginn ass: Majo, déi kréie jo keen Zertifikat vum formale Schoulsystem. Also si se keng Schüler. Also kréien se kee Kannergeld. Mat deem Gesetz ass also kloer, dass se Kannergeld kréien. An ech mengen, dat ass och eng wichteg Clarificatioun fir déi Leit.

Vu dass dann déi Leit net méi onbedéngt als Demandeurs d'emploi ugesi ginn, kann et jo virkommen, dass se keng Indemnisation kréien iwwert de Fonds pour l'Emploi. Ech sinn awer der Meinung, dass jiddferen zu Lëtzebuerg misst d'Recht hunn, fir sech kënne weiterzubilden oder sech kënnen auszubilden, Jonker a manner Jonker, an dass mer also an deem Fall e System vun Aidé missten ausschaffen, fir deenen ënnert den Aarm ze gräifen.

Dat heescht also elo, dass een net automatesch, well een an engem Cours ageschriwwe ass, einfach eng Indemnitéit kritt. Mä Jonker ënner 18 Joer, déi also an enger Famill opwuessen, déi net op Rouse gebett ass, déi kënnen eng Demande maachen, fir eng Ënnerstützung ze kréien. Sou wéi e Schüler aus enger Famill nécessiteuse kann eng Demande maache beim CPOS, fir eng Aide ze kréien, esou kënnen déi hei eng Demande maachen, an da kënnen se eng Hëllef kréien.

Dat ass bei de Mineure 25 Euro de Mount. Dat heescht, dat ginn 167 Euro. Dat ass elo net eng Hëllef fir ze liewen. Also et ass net en Ersatz oder genuch, fir ze liewen, mä et ass eng Ënnerstützung fir verschidden Dépenses. Dann hu mer d'Kategorie vun de Majeuren, mä ënner 25 Joer. Vu 25 Joer un, kann ee jo den RMG kréien; bis 25 net. D'Kategorie also vun de Majeuren tëschent 18 a 25, déi kënnen ënnert de Konditiounen vum RMG eng Indemnitéit kréien, déi ka bis zu 882 Euro de Mount sinn. An dann hu mer déi iwwer 25 Joer, déi géifen ënnert d'Konditiounen vum RMG falen.

Wat mer och agefouert hunn - dat ass nei an deem System -, dat ass eppes am Fall, wou e Jonken oder jiddferen, deen an engem Cours vun Orientation et initiation professionnelle war, an deen duerno eng Léierplaz fonnt huet. D'Zil vun deene Coursen ass et jo fir d'Leit entweder an de Lycée Technique zréckzibréngen, deemno op wéi engem Niveau se sinn - Huitième, Neuvième -, oder, nach besser, en an eng Léier eranzebréngen. Also, wann déi d'Zil erreecht hunn, fir e Léiervertrag ze kréien, a si si sechs Méint dran, da kënnen se eng Prime kréien. Sou wéi d'Studenten eng Prime kréien, wa se den Exame packen, esou kréien déi hei eng Prime, wa se no sechs Méint nach an engem Contrat d'apprentissage sinn. Dat sinn d'Neierungen am Gesetz.

Da wéilt ech nach eppes soen: Dat ass kee grouse Worf, gëtt hei gesot. Och domad-

der sinn ech d'accord. Mir sinn amgaangen u grouse Projeten ze schaffen. Deen ee grouse Projet ass d'Reform vun der Formation professionnelle, wou d'Gesetz déposiert gëtt. En anere grouse Projet, wou mer amgaange sinn drun ze schaffen, ass d'Reform vum Gesetz vun 1912, wou ech hoffen, dass et an zwee Méint hei an d'Chamber wäert kommen.

Mä ech perséinlech gleewe jo net, dass e Gesetzestext ee Problem léist. E Gesetzestext soll e Kader schafen, fir dass déi Leit, déi um Terrain sinn, d'Konditiounen hunn ënnert deenen se kënne schaffen. An d'Reform, mat där mer amgaange sinn, an déi mer allequerte mussen droen, dat ass jo fir et jiddferengem hei zu Lëtzebuerg méiglech ze maachen zu där héchstméiglecher Qualifikatioun ze kommen, déi en erreche kann.

An do geet et selbstverständlech scho bei deene ganz Klengen un, well wat mer méi Kanner duerch d'Primärschoul kréien, mat deene Kompetenzen, déi ee brauch, fir weiterzestudéieren, wat mer manner Léisunge mussen siche goen, fir hei eng zweet Chance anzubauen. Well déi Cours d'orientation et d'initiation professionnelle, dat ass eng zweet Chance fir Leit, déi um éischte Wee net réusséiert hunn an der Schoul, eng Chance ze ginn, fir um zweete Wee awer zu enger Qualifikatioun ze kommen. A mäin Zil - an eist Zil alleguer, denken ech - ass et méiglechst mann Leit mussen an des Strukturen ze ginn, a méiglechst vill Leit an deem éischten Usaz duerch eise Schoulsystem ze bréngen.

An dofir, Dir Dammen an Dir Hären, Här President, brauch ee ganz, ganz vill Riedercher, déi zesummen an déiselwecht Richtung dréinen. Dat hei ass e klengt Riedchen. Ech si stolz, an ech soen lech villmools Merci, dass dee Projet hei de Mëtteg ka gestëmmt ginn.

Da wollt ech nach ee Wuert soen zu der Motioun vun der Madame Brasseur, oder vun der DP, déi vun der Madame Brasseur déposiert ginn ass. Déi invitëiert d'Regierung, mir sollen an de meilleurs délais e Projet maachen, fir Infrastrukturen zu Ettelbréck fir de CNFPC, an Infrastrukturen fir e CNFPC am Zentrum vum Land. Dat si jo Objektiv, wou ech denken, dass heibanne keng dergéint ass. Mir järezen no Infrastrukturen. An d'Madame Brasseur, wann ech net wéisst, dass se awer fënneg Joer laang Educatiounsministesch gewiescht wär, da géif ech mengen, si wär naiv,...

#### (Interruption)

...well ech kann elo e Projet de loi maachen a soen: Hei, elo baue mir e Centre de formation professionnelle continue; mä ech hu keen Terrain, fir drop ze bauen.

Éischtens bauen ech net, mä ech schwätzen hei am Numm vun der Regierung. Mir sinn amgaang zu Ettelbréck Pourparlere fir en Terrain ze kréien. Dat gesäit och gutt aus. Mir sinn och amgaang e Programm auszuschaffe fir e Centre de formation professionnelle hei am Zentrum. Ech kann awer net soen, dass ech dat an de meilleurs délais maachen, well an de meilleurs délais kënne mir nëmme e Projet heihinner bréngen, wa mer e fäerdegen Terrain hunn, wou mer Propriétaire sinn.

#### (Interruption)

Dofir géif ech mengen, mir wäere realistesch genuch fir déi Motioun hei ënnert där Form do net unzehuelen.

Ech soe Merci.

#### ))) Une voix.- Très bien!

))) **M. le Président.** - Merci, Madame Ministre. Domat si mer um Enn vun der Debatt ukomm. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert dese Projet de loi. D'Ofstëmme fänkt un.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5593 ass ugeholl mat 50 Joestëmme, bei 10 Abstentionen a kenger Géigestëmm natierlech.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par Mme Martine Stein-Mergen), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M.

Fernand Diederich (par M. Ben Fayot), Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Roland Schreiner), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. John Castegnaro);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Félix Braz), Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Henri Grethen), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Alexandre Krieps) et Carlo Wagner.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

#### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

#### Motion 1

Mir hunn dann nach d'Motioun, déi déi honorabel Madame Brasseur déposiert huet. Ass de Vote électronique verlaangt, Madame Brasseur?

))) **Mme Anne Brasseur (DP).** - Här President, wann ech d'Madame Minister richteg verstanen hunn, wier se d'accord mam Text, wann ee géif «dans les meilleurs délais» strächen.

#### (Interruption)

Vu dass ech jo awer wëll, dass d'Chamber sech soll expriméieren, dass mer wierklech d'Regierung sollen invitéieren, d'Gebai vum CNFPC vun Ettelbréck ze ameliéieren, auszubauen, well dat wierklech néideg ass, a vu dass mer och der Meinung sinn, dass mer mussen esou eng Infrastruktur am Zentrum vum Land kréien, ass mer wierklech dru geleeën, dass d'Chamber déi Motioun hei stëmmt. An d'Madame Minister huet jo gesot, wann een «dans les meilleurs délais» géif strächen, da kéint si se am Numm vun der Regierung unhuelen. Duerfir wier ech d'accord déi Termen ze strächen, allerdéngs an der Hoffnung, dass awer déi Projeten elaboréiert ginn, well se si wichteg!

#### ))) Une voix.- Très bien.

))) **M. le Président.** - Wat ass d'Haltung zu där modifizierter Motioun?

))) **Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.** - Ech hat net gesot, dass, wann «dans les meilleurs délais» gestrach wär, ech da géif d'Chamber opfuerderen, fir déi Motioun ze stëmme, Här President.

))) **Mme Anne Brasseur (DP).** - An deem Fall froen ech de Vote électronique a selbstverständlech bleift «dans les meilleurs délais» stoen, well mer awer fannen, dass et eng Urgence ass. Ech géif da bidden, dass mer elektronesch sollen driwwer ofstëmme, iwwert déi Versioun wéi d'DP-Fraktioun se eraginn huet.

))) **M. le Président.** - De Vote fänkt un iwwert d'Motioun an hirer originaler Fassung.

#### Vote

D'Motioun vun der Madame Brasseur ass ofgelehnt: 38 Membere vun der Chamber hu sech dergéint ausgeschwat, 15 mat Jo a 7 Abstentionen.

Ont voté oui: M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Martine Stein-Mergen), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par M. Lucien Thiel), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydie Err (par M. Marc Angel), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roland Schreiner), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Roger Negri), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Alex Bodry).

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour, dat sinn Ännerungsvirschléi vum Chamberreglement. Den honorabelen Här Gibéryen ass Rapporteur vun den Ännerungsvirschléi an hien huet elo d'Wuert.

### 3. 5671 - Propositions de modification du Règlement de la Chambre des Députés

#### Rapport de la Commission du Règlement

))) **M. Gast Gibéryen (ADR), rapporteur.** - Merci, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, a fënneg Sitzungen huet d'Commission du Règlement zéng Ännerunge respektiv Ergänzunge vun eise Reglement diskutéiert an eestëmmeg ugeholl.

Déi éischt Ännerung betrëfft den Artikel 15. Den aktuellen Artikel 15 huet virgesinn, dass de Büro vun der Chamber de Groupes politiques et techniques déi néideg Büroen an Installatiounen zur Verfügung stellt, esou wéi op d'Proportionalitéit berechent Fonctionnementskreditter. Des Weidere kruten d'Groupes politiques et techniques Kreditter, fir Personal ze beschäftegen.

Den neien Artikel 15 gesäit elo vir:

1. dass de Büro vun der Chamber de Groupes politiques et techniques an der Sensibilitéit politique, esou wéi et an der Praxis schonns ass, déi néideg Büroen an Installatiounen zur Verfügung stellt, esou wéi Fonctionnementskreditter, berechent op der Proportionalitéit;
2. dass d'Groupes politiques et techniques e Recht op Remboursement fir Personalkreditter hunn; an
3. dass de Büro ënner Konditiounen de Sensibilités politiques och e Remboursement fir Personalkreditter accordéiere kann.

Déi zweet Ännerung betrëfft en Zousaz am Artikel 25-1. D'Gesetz vum 15. Juni 2004 iwwert d'Organisatioun vum Service de Renseignement huet am Chapitre 5 de Contrôle parlementaire vum Service de Renseignement agefouert. Am Artikel 14 gouf festgehale, dass dese Contrôle duerch eng Commission de contrôle parlementaire, déi sech aus de Presidente vun de Groupes politiques zesummesetzt, duerchgefouert géif ginn an dass d'Regelen, wéi des Kommissioun géif funktionéieren, am Chamberreglement géifen definéiert ginn.

D'Kontrollkommissioun iwwert de Service de Renseignement huet eng dem Gesetz entsprechend Proposition iwwert d'Regelen, wéi des Kommissioun fonctionnéiere soll, ausgeschafft. D'Reglementskommissioun huet sech dese Propositionen ugeschloss a proposéiert am Artikel 25-1, des Bestëmmungen als Annex 1 vun eise Reglement festzehalen.

Déi drëtt Ännerung betrëfft en Zousaz am Artikel 35 (7). Hei handelt et sech ëm den Temps de parole bei Resolutionen a Motiounen. Dir wësst, dat mer oft heibanne kontrovers diskutéiert hunn, ob een d'Riedezäit vu Motiounen a Resolutiounen kéint mat der normaler Riedezäit vun engem Rapporteur, Interpellant, Auteur vun engem Débat oder engem soss ageschriwvenen Auteur oder Regierungsmember kéint verbannen.

D'Reglementskommissioun proposéiert den Artikel 35 (7) duerch en zweeten Alinea ze ergänzen, dee preziséiert, dass d'Riedezäit vu Motiounen a Resolutiounen net mat der Riedezäit vum Rapporteur, Interpellant, Auteur vun engem Débat oder soss engem



ageschriwwene Spriecher oder Regierungsmember cumuléiert ka ginn.

Déi véiert Ännerung betrëfft en Zousaz am Artikel 62-1. Hei handelt et sech ëm d'Konditiounen ënnert deenen eng Proposition de loi, déi vun engem oder méi Deputéierten deponéiert ginn ass, kann zréckgezu ginn.

Bis elo huet eist Reglement keng esou Prozedur virgesinn, wat oft zu Diskussiounen an onléisbare Problemer gefouert huet, dat besonnesch wann et sech ëm Propositionen gehandelt huet vun Deputéierten, déi net méi Member vun dësem Haus sinn. Wann Der de Relevé vun de Propositions de loi kuckt, stellt Der fest, dass do nach Propositionen drop stinn, déi net nëmme vu fréieren Deputéierten, mä souguer vun Deputéierten hierstamen, déi leider net méi liewen.

Den neien Artikel 62-1 hält elo fënnf Bestëmmunge fest, ënnert deenen eng Proposition de loi kann zréckgezu ginn:

1. Den Auteur vun enger Proposition de loi kann ëmmer seng Proposition de loi zréckzéien. D'Chamber gëtt heiriwwer informéiert.

2. E Groupe politique, technique oder eng Sensibilité politique huet d'Recht eng Proposition de loi vun engem Deputéierten zréckzezéien, deen net méi Member vun der Chamber ass, ënnert der Konditioun, dass dësen Deputéierten zum Zäitpunkt vum Dépôt vun der Proposition de loi Member vun där respektiver Grupp war. D'Chamber gëtt heiriwwer informéiert.

3. Wann den Auteur vun enger Proposition de loi net méi Member vun der Chamber ass a well seng Groupe politique, technique oder seng Sensibilité politique net méi besteet, an där hie Member war zum Zäitpunkt vum Dépôt, esou kann d'Chamber op Propositionen vun der Presidentkonferenz decidéieren, dës Proposition de loi vum Rôle ze sträichen.

4. Eng Proposition de loi kann nom éischte Vote constitutionnel net méi zréckgezu ginn.

5. En aneren Deputéierte kann eng Proposition de loi, déi zréckgezu ginn ass, a sengem Numm iwwerhuelen.

Déi fënneft Ännerung betrëfft d'Procédure budgétaire. Am Kader vun den Diskussiounen iwwer zukünfteg Investitiounsprojete beim Stat, a méi speziell iwwert d'Finanzéierung respektiv d'Anhale vun de virgesinnenen a gestëmmten Kreditte, huet de President vun der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes der Reglementscommission an engem Schreiw vum 28. März 2006 eng Prozedur proposéiert, déi an eist Reglement soll agebaut ginn.

Dës Prozedur, déi vum Service juridique vun der Chamber ausgeschafft ginn ass, gesäit vir, dass d'Regierung all Joer bis spéitstens den 30. Juni d'Chamber mat enger Lëscht saiséiert, déi Projete festhält, déi d'Regierung wëllt prioritär an deenen nächste Jore realiséieren; datt déi zoustänneg Kommissioun mat dëser Lëscht saiséiert ginn an Avisé bei anere Kommissiounen kënnen anzéien.

D'Rapporté vum den zoustännege Kommissiounen gi bis spéitstens an der zweeter Halschent vum Oktober an enger öffentlecher Chamberssitzung virgestallt. D'Chamber hält dann an enger Motioun mat engem Accord de principe déi nei Infrastrukturprojete fest, déi dann an d'Budgetgesetz sollen ageschriwwen ginn, fir dass d'Regierung esou déi néideg Kreditte zur Verfügung stellt kritt, fir kënnen Etüden ze engagéieren, déi néideg sinn, fir en Avant-projet sommaire ze erstellen.

All dës Bestëmmunge ginn an den neien Artikelen 94, 95, 96 a 97 festgehalten.

D'Fro, déi sech fir d'Kommissioun gestallt huet, war ob just d'Comexbu soll dës Rapport all Joer maachen oder ob och aner Kommissiounen esou e Rapport kéinte maachen.

Well dës Prozedur am Hierscht d'lescht Joer awer elo schonn eng Kéier duerchgezu ginn ass, a well do nieft der Comexbu och d'Transportkommissioun eng deementsprechend Motioun deponéiert hat, huet d'Reglementscommission d'Méiglechkeet zréckbehalen, dass méi Kommissiounen e Rap-

port mat enger Motioun kéinten deponéieren.

Déi sechst Ännerung betrëfft d'Kandidatëlëscht fir d'Mandat am Statsrot. De President vun der Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle huet an engem Schreiw vum 8. März 2006 der Reglementscommission eng aktualiséiert Prozedur proposéiert, déi muss ugewannt ginn, wann d'Chamber eng Lëscht vun dräi Kandidate fir e vakante Posten am Statsrot proposéiere muss. D'Kommissioun huet dës Propositionen iwwerholl a se an den Artikelen 117, 118, 119, 120 an 121 an eist Reglement agebonn. Um Prinzip selwer vun der Proposition vun dräi Kandidate gëtt nëischt geännert.

Eng siwent Ännerung ass am Artikel 131-2 iwwert de Médiateur, wou just d'Wierder „communiqué de presse“ duerch „avis officiel“ ersat ginn.

Déi aacht Ännerung betrëfft déi Artikelen, déi sech mat der Demande d'arrestation vun engem Member vun der Chamber befaassen. Opgrund vun der Revisioun vum Artikel 69 vun der Constitution vum 1. Juni 2006, ass de Chapitre 13 vun eistem Reglement mam Intitulé «De la procédure d'examen des demandes en levée de l'immunité parlementaire» frësch geschriwwen ginn, vu dass an Zukunft d'Chamber nëmme méi iwwer Demandes d'arrestation vun engem Deputéierte befaasst ka ginn.

D'Reglementscommission huet sech den Textpropositionen vun der Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle ralliéiert an déi am neie Chapitre 13 mam Intitulé «De la procédure d'examen des demandes d'arrestation d'un membre de la Chambre» festgehalten.

Déi néngt Ännerung betrëfft d'Prozedur, am Fall wou ee Véirel vun den Deputéierten eng Demande fir e Referendum mécht.

Den 12. Januar 2003 ass eng Revisioun vum Artikel 114 vun eiser Constitution virgeholl ginn. Laut dem neien Artikel 114, Alinéa 3 vun der Constitution iwwert d'Ännerung vun der Verfassung, ass d'Méiglechkeet geschaf ginn, dass bannent zwee Méint nom éischte Vote vun enger Verfassungsännerung hei an der Chamber e Referendum iwwert dës Verfassungsännerung vun engem oder méi Deputéierte ka beantraagt ginn.

Am Fall wou dës Demande vu mindestens engem Véirel vun den Deputéierte matgedroe gëtt, fënnt dann e Referendum statt, deen den zweete Vote constitutionnel ersetzt.

An engem neie Chapitre 15, ënnert den Artikelen 180 bis 186, ginn d'Modalitéiten iwwert d'Demande, d'Recevabilitéit an d'Prozedur festgehalten, déi d'Chamber hei muss anhalen.

Déi zéngt a lescht Ännerung, Här President, betrëfft d'Publicatioun vum Chamberreglement am Mémorial.

Den Artikel 70 vun der Constitution hält fest, dass «la Chambre détermine par son règlement le mode suivant lequel elle exerce ses attributions».

Dësen Artikel ass am Artikel 76 vun der Constitution, déi dem Grand-Duc d'Recht gëtt «de régler l'organisation de son Gouvernement». Laut der Jurisprudenz steet dran: «Les arrêtés y relatifs, basés sur ledit article 76 de la Constitution, sont des actes équipollents aux lois.» D'Reglementscommission ass der Iwwerzeegung, dass dës Gläichbehandlung och misst fir d'Chamberreglement de Fall sinn. Si proposéiert d'fir eist Reglement am Mémorial ze veröffentlechen.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kollegen, dat sinn déi Propositionen, déi d'Reglementscommission eestëmmege festgehalten huet, an d'Chamber invitéiert deenen zoustëmme. Ech wëll ofschléissend de Membere vun der Kommissioun Merci soen, souwéi deenen zwee Sekretäre vun der Kommissioun, dem Här Claude Frieseisen an dem Här Benoît Reiter, a gläichzäiteg d'Zoustëmmung vun eistem Grupp bréngen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur. Här Wolter!

#### Discussion générale

» **M. Michel Wolter (CSV).** - Här President, ech géif am Numm vun eistem Grupp och no deene ganz detailléierten Explikatiounen vun eistem Rapporteur a President vun der Kommissioun, dem Här Gast Gibéryen, d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun ginn. Ech wollt derbäifügen, datt ech den Här Gibéryen haut - wat jo net Usus ass - an enger ganz anerer Form kennegeleiert

## Chambre des Députés

**Compte rendu officiel**

**Supplément commun aux quotidiens:**  
d'Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,  
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

**Contenu rédactionnel:**  
Service du compte rendu de la Chambre des Députés  
Service des relations publiques de la Chambre des Députés  
Tél. 466 966-1

**Conception, saisie de texte et mise en page:**  
Polygraphic Communication SA, Differdange

**Concept et coordination générale:**  
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

hunn, wéi ech en als Deputéierte bis elo net kann hunn, mat engem agréabelen Timber am Toun, wann hien e Rapport vun enger Kommissioun virbereet.

#### (Hilarité)

Ech soen lech Merci.

» **M. le Président.** - Merci, Här Wolter. D'Madame Flesch.

» **Mme Colette Flesch (DP).** - Här President, léif Kolleegen, et ass spéit an ech maachen et kuerz. Ech ginn och net weider op dat an, wat den Här Gibéryen elo hei exzellent virgedroen huet. Mir wäerten dee Projet stëmmen. Ech wollt awer déi eng oder déi aner Bemierkung maachen.

Sécher geet et hei ëm eng Proposition de modification, net ëm e Projet. A sécher geet et ëm d'Reglement vun der Chamber. Ech fannen et awer kuriéis, dass d'Regierung hei net vertrauden ass, well et sinn an deem Reglement eng Partie Saachen, déi d'Regierung interesséieren dierften, esou zum Beispill de Reglement iwwert d'Commission spéciale «Contrôle parlementaire du Service de Renseignement de l'État». Ech hat alt gemengt do hätt d'Regierung vläicht en Intérêt drun ze wëssen, wéi dat soll viru sech goen.

Zweetens, Här President, wann ech mech richtig erënneren, war an der Commission du Règlement, wéi mer déi Procédure de retrait vun de Propositions de loi diskutéiert hunn, och gesot ginn, am Sënn vum Équilibre des formes wär et nëtzlech, wa mer eng Prozedur hätten iwwert de Retrait des projets de loi. Well dat, wat fir d'Propositions de loi géllt, géllt och fir d'Projets de loi. Mir hunn der nach um Rôle, déi ouni Weideres kéinten zréckgezu ginn, an déi et net ginn aus verschiddearten Ursachen.

Et ass och un d'Regierung geschriwwen ginn. A mir hu vun der Regierung keng Äntwert kritt. Ech géing also drëm bidden, dass een d'Regierung drun erënnert, dass déi Fro u si gestallt ginn ass, an dass se soll dozou Stellung huelen.

Da wëll ech eng drétt a lescht Bemierkung maachen. Ech fannen et ganz gutt am Sënn vun der Transparenz, dass onse Reglement intérieur elo soll publizéiert ginn, an dass dann och dee Reglement intérieur vun der Commission spéciale «Contrôle parlementaire du Service de Renseignement de l'État» publizéiert gëtt. Bis elo woren dat Texter, déi der Öffentlechkeet net zougängeg woren. Ech fannen et eng gutt Saach, wa mer dat elo maachen. Mir wäerten also selbstverständlech déi Proposition stëmmen.

» **M. le Président.** - Merci, Madame Flesch. Den Här Fayot huet nach d'Wuert gefrot.

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, mir maachen hei eng elementar parlamentaresch Aktivitéit, wou mer am Fong geholl d'Regierung net onbedéngt derfir brauchen. Dat heescht, mir organiséieren ons eegen Aarbechten, a verbesseren déi Organisation vun onsen Aarbechten. Besonnesch och wat d'Kommissioun vum Contrôle vum Service de Renseignement ugeet, ass eng Kompetenz, déi d'Chamber kritt huet duerch en zoustänneg Gesetz. Dat hu mer iwwerens scho virun enger längerer Zäit applizéiert, an ech mengen, d'Regierung weess scho laang doriwwer Bescheid.

Ech wëll just soen, dass ech dem Här Gibéryen wëll Merci soen, als President an als Rapporteur vun där Kommissioun, fir déi Aarbecht, déi hien hei gemaach huet. Ech

wëll awer och d'Kolleegen alleguerten opfuerderen, déi net an där Kommissioun sinn, fir sech dat Reglement gutt unzékucken, well e Reglement ass do, fir observéiert ze ginn. Ech hoffen, dass mer dat Reglement, wat eigentlech ëmmer méi komplizéiert a méi voluminéis gëtt, dann och alleguerten dominéieren.

Ech war selwer fënnf Joer an der Kommissioun vum Reglement an engem méi grouse Parlament, wéi deem heiten. Ech weess, dass an engem Reglement och Froe vu Répartition des pouvoirs an engem Parlament dra sinn. An ech hoffen, dass mer mat dësem Reglement an Zukunft och nach gutt Aarbecht kënnen leeschten. E Reglement ass net eppes, wou ee kann driwwer ewechkucken; et muss een dat observéieren. An dat ass mäi Wonsch fir d'Zukunft.

Merci, Här President.

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Fayot. Dann nach den Här Jaerling.

» **M. Aly Jaerling (Indépendant).** - Bon. Merci, Här President. Och dem Rapporteur Félicitatiounen fir säi Rapport. Ech mengen, wou hie Luef zegutt huet, do soll hien es och kréien.

#### (Hilarité)

Ech mengen, d'Diskussioun iwwert d'politisch Sensibilitéiten, déi huet sech elo net eréischt an dëser Legislaturperiod gestallt. Déi war scho virun an der Diskussioun. Wann Der lech kennt erënneren, hunn ech vun Ufank un drop agewierkt, dass do am Fong och all eenzelen Deputéierte soll Initiativrecht kréie fir en Dépôt vu Motiounen a soss aner Initiativen, déi elo net direkt eng gréisser Envergure hunn. Dat heescht, et ass mer ëmmer drëm gaangen, dass all eenzelen Deputéierte kann eng Motioun oder all Saachen deponéieren. D'Diskussioun fënnt jo souwisou ëmmer statt, ouni dass se fënnf Ënnerschräfte brauch.

Ech sinn der Meenung, dass dat am Fong elo nach eng kleng demokratesch Finesse ass, déi an der Reglementscommission muss geregelt ginn. Da sinn ech och zefriden. An ech mengen, ech wäert dann och versprechen, mech dann awer och ganz strikt un dat Reglement ze halen.

» **Une voix.** - Oh là là!

» **M. le Président.** - Merci, Här Gibéryen. Oh, Pardon! Här Jaerling!

#### (Hilarité)

Wat d'Suerg vun der Madame Flesch ubelaangt, datt d'Regierung och Kenntnis huet vun deem, wéi eist Reglement heibannen ausgesäit, dat kann ech verstoen. Mä ech denken, datt d'Suerg awer net berechtigt ass, well mir publizéiere jo elo eist Reglement am Mémorial. A vu datt ech dovun ausginn, datt d'Regierung och periodesch de Mémorial consultéiert, wäert se net nëmme d'Neierunge matkréien, déi mer hei agefouert hunn, mä och vläicht déi aner Dispositionen nach eng Kéier duerchliesen, wann déi eng oder déi aner sollten a Vergeess gerode sinn.

» **Une voix.** - Et hätt scho bal drastoe kënnen?

» **M. Ben Fayot (LSAP).** - Mir hu jo e Secrétaire d'État aux relations avec le Parlement. Dee kann dat jo maachen.

» **M. le Président.** - Dat ass scho geschitt.



### » Une voix.- Ah!

» **M. le Président.**- Voilà! Da komme mer zur Ofstëmmung iwwert déi Propositionen, déi deen honorabelen Här Gibéryen eis virgedroen huet. De Vote fänkt un.

### Vote sur l'ensemble des propositions de modification du règlement de la Chambre des Députés et dispense du second vote constitutionnel

D'Modifikatioun si mat 60 Jo-Stëmme uegohll.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrigh-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt (par Mme Martine Stein-Mergen), Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrigh-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Alex Bodry), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. Henri Grethen) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Félix Braz) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepf et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

D'Wuert huet elo den honorabelen Här Laurent Mosar.

## 4. Dépôt d'une motion par M. Laurent Mosar

» **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här Präsident, Dir Dammen an Dir Hären, ech si ganz kuerz, well et ass Opbrochstëmmung an deem Haus; déi wëll ech net ophalen. Ech wollt just hei ganz kuerz eng Motioun depnéieren, déi vun alle Fraktiounen an och vum Groupe technique vun der ADR ënnerschriwwen ginn ass, iwwer e weltwäite Moratoire fir d'Doudesstrof. Et ass eng Initiativ, déi vum Europaparlament geholl ginn ass, an ech fanne mir sollen eis där Initiativ als Chamber uschléissen.

### Motion

La Chambre des Députés,

considérant:

- que la peine de mort constitue un châtiment cruel et inhumain ainsi qu'une violation inadmissible du droit à la vie;

- que le respect de la vie humaine est une valeur fondamentale de l'Union européenne et de notre démocratie comme en témoigne l'article 18 de notre Constitution qui interdit formellement tout rétablissement de cette peine au Luxembourg;

- que l'Union européenne s'est investie aux côtés de ses États membres dans la promotion de l'abolition de la sanction capitale partout dans le monde;

- qu'à cet effet, le Conseil de l'Union européenne a adopté en juin 1998 une série d'orientations politiques à l'égard des pays tiers en ce qui concerne la peine de mort;

- que c'est dans le cadre de ces orientations que l'Union européenne entreprend régulièrement, en collaboration étroite avec la société civile ou encore les instances internationales telles que les Nations Unies, des démarches auprès des États qui continuent à appliquer la peine de mort afin de les encourager à l'abolir ou, à défaut, à observer un moratoire;

- qu'à cet égard, il échet de citer sa récente déclaration sur la peine de mort faite à l'Assemblée générale des Nations Unies en date du 19 décembre 2006 signée par 85 pays appartenant à tous les groupes géographiques;

- que l'Union européenne vient de rappeler son opposition active à la peine capitale à l'occasion du troisième congrès mondial contre la peine de mort qui s'est tenu à Paris du 1<sup>er</sup> au 3 février 2007, congrès au cours duquel notre Ministre des Affaires étrangères, Monsieur Jean Asselborn, a rappelé combien il était important d'œuvrer à tous les niveaux et dans toutes les enceintes pour l'abolition de la peine de mort;

- que lors de ce congrès, le Parlement européen, fervent défenseur des droits de l'Homme, vient d'adopter une résolution sur l'initiative en faveur d'un moratoire universel sur la peine de mort dans lequel il demande aux États membres entre autres de tout mettre en œuvre, politiquement et diplomatiquement, pour assurer le succès de ladite résolution au sein de l'Assemblée générale des Nations Unies;

- que dans ce contexte, il échet encore de noter que le Gouvernement italien soutenu par le Conseil de l'Union, la Commission et le Conseil de l'Europe et profitant de son mandat auprès du Conseil de Sécurité de l'ONU en tant que membre non permanent, œuvre pour que la question du moratoire sur la peine de mort soit inscrite à l'ordre du jour de l'Assemblée générale des Nations Unies;

- que si ces dernières années, notamment grâce aux efforts déployés tant par les associations de défense des droits de l'Homme que par les organisations et organismes internationaux, voire par les nombreuses autorités étatiques, de plus en plus de pays ont renoncé à la peine de mort ou sont en voie d'abolir cette sanction dégradante, le combat contre la peine de mort est loin d'être gagné;

- qu'en effet, les condamnations à mort et leur exécution sont encore bien trop fréquentes et nombreuses, la condamnation à mort par la Libye de cinq infirmières bulgares et d'un médecin palestinien est un exemple parmi tant d'autres;

- que par ailleurs, dans plusieurs États abolitionnistes le débat sur un éventuel rétablissement de la peine de mort resurgit;

- qu'il est dès lors urgent d'intervenir par tous les moyens et à tous les niveaux pour enrayer cette culture de la mort;

invite le Gouvernement

- à tout entreprendre tant au niveau politique que diplomatique pour que la résolution du Parlement européen sur l'initiative en faveur d'un moratoire universel sur la peine de mort du 1<sup>er</sup> février 2007 soit un succès au sein de l'Assemblée générale des Nations Unies;

- à aborder avec les pays qui continuent à appliquer la peine de mort ou qui entendent la réintroduire la question de l'abolition de celle-ci ou, à défaut, d'un éventuel moratoire dans le cadre de relations bilatérales d'ordre diplomatique, politique, économique, culturel ou autre;

- à promouvoir en tout état de cause dans tous les forums nationaux, régionaux et internationaux la suppression de l'exécution capitale ou de sa suspension, et à veiller à ce que les questions y afférentes soient portées à l'attention du public le plus large possible.

(s.) Laurent Mosar, Ben Fayot, Gast Gibéryen, Charles Goerens, Viviane Loschetter.

Merci.

### » Plusieurs voix.- Très bien!

» **M. le Président.**- Mir huelen d'Motioun mat an d'Conférence des Présidents a kucken, wéini datt mer se op den Ordre du jour setzen.

### (Interruption)

Mer kënnen se direkt ofstëmme?

### » Une voix.- Par main levée!

» **M. le Président.**- Par main levée kënnen mer se ofstëmme.

### Vote

Voilà! Ech gesinn, datt d'Motioun unanime uegohll ass.

Voilà! Mir sinn um Enn vun der Sitzung ukomm. Fir déi nächst Sitzung gitt Der schrëftlech convoquéiert.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.22 heures)

## Sommaire des séances publiques

Communications	pages 264-265
5672 - Proposition de révision de l'article 9, alinéa 1 <sup>er</sup> de la Constitution	
5673 - Proposition de révision portant création d'un article 32bis nouveau de la Constitution	page 265
Rôle des affaires	page 265
Ordre du jour	page 265
Dépôt d'une proposition de loi	page 265
Dépôt d'une motion par M. Robert Mehlen	pages 265-266
5616 - Projet de loi relative aux fonds d'investissement spécialisés et portant	
- modification de la loi modifiée du 20 décembre 2002 relative aux organismes de placement collectif	
- modification de la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée	pages 266-268
Heure de questions au Gouvernement	
- Question N°153 du 13 février 2007 de Madame Nancy Arendt relative à la lutte antitabac, adressée à Monsieur le Ministre de la Santé	page 268
- Question N°154 du 24 octobre 2006 de Madame Colette Flesch relative à l'accouchement anonyme, adressée à la Ministre de la Famille et de l'Intégration	pages 268-269
- Question N°155 du 12 février 2007 de Monsieur Roger Negri relative à la sécurité des tunnels des autoroutes en général et plus particulièrement à l'aménagement d'une plate-forme d'atterrissage pour hélicoptères au «Markusberg», adressée à Monsieur le Ministre des Travaux publics	page 269
- Question N°157 du 12 février 2007 de Monsieur Ben Fayot relative aux Conseils «Énergie» et «Environnement» du 15 respectivement 20 février 2007 et plus particulièrement sur les divergences qui existent entre les États membres sur les objectifs à atteindre jusqu'en 2020, adressée à Monsieur le Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur	page 269
- Question N°159 du 13 février 2007 de Monsieur Henri Kox relative à la position du Luxembourg lors du prochain Conseil des Ministres de l'Énergie, adressée à Monsieur le Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur	pages 269-270
- Question N°156 du 12 février 2007 de Monsieur Claude Adam relative à l'arrêt prononcé par la Cour administrative sur la relation de travail qui existe entre un chargé d'éducation et l'État, adressée à la Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle	page 270
- Question N°158 du 12 février 2007 de Monsieur Xavier Bettel relative aux cotisations sociales des coopérants, adressée à Monsieur le Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire et à Monsieur le Ministre du Travail et de l'Emploi	pages 270-271
- Question N°160 du 12 février 2007 de Madame Anne Brasseur relative à l'ouverture de nouveaux bâtiments abritant les Archives nationales, adressée à Monsieur le Ministre de la Culture, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche et à Monsieur le Ministre des Travaux publics	page 271
- Question N°161 du 13 février de Monsieur Claude Meisch relative au Pacte «Logement», adressée à Monsieur le Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement	page 271
5522 - Projet de loi portant réglementation de la fouille de véhicules	pages 271-274
Question avec débat N°13 de M. Charles Goerens relative au siège du Parlement européen à Strasbourg	pages 274-275
5609 - Projet de loi portant approbation	
- de l'Accord modifiant l'Accord de partenariat entre les membres du groupe des États d'Afrique, des Caraïbes et du Pacifique, d'une part, et la Communauté européenne et ses États membres, d'autre part, signé à Cotonou, le 23 juin 2000;	
- de l'Acte final, signé à Luxembourg, le 25 juin 2005;	
- de l'Accord interne entre les représentants des gouvernements des États membres, réunis au sein du Conseil, modifiant l'Accord interne du 18 septembre 2000 relatif aux mesures à prendre et aux procédures à suivre pour la mise en œuvre de l'Accord de partenariat ACP-CE, signé à Luxembourg, le 10 avril 2006;	
- de l'Accord interne entre les représentants des gouvernements des États membres, réunis au sein du Conseil, relatif au financement des aides de la Communauté au titre du cadre financier pluriannuel pour la période 2008-2013 conformément à l'Accord de partenariat ACP-CE et à l'affectation des aides financières destinées aux pays et territoires d'outre-mer auxquels s'appliquent les dispositions de la quatrième partie du traité CE, signé à Bruxelles, le 17 juillet 2006	pages 275-281
5593 - Projet de loi portant	
1) organisation des cours de formation professionnelle au Centre national de formation professionnelle continue;	
2) création d'une aide à la formation, d'une prime de formation et d'une indemnité de formation	pages 281-287
5671 - Propositions de modification du Règlement de la Chambre des Députés	pages 287-289
Dépôt d'une motion	page 289



### Sommaire des questions parlementaires

Question N°	Auteur	Objet
1220	MM. Gast Gibéryen et Robert Mehlen	Transactions entre domaine de l'État et domaine de la Cour grand-ducale - Grūnewald
1402	M. Félix Braz	Naturalisation et double nationalité
1421	MM. Félix Braz et Jean Huss	Incendie dans un dépôt de carcasses de voitures situé à Aubange (Belgique)
1448	M. Alexandre Krieps	Assurance dépendance - tâches domestiques
1462	Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Marcel Oberweis et Marco Schank	Nourriture servie dans les cantines scolaires
1479	Mme Claudia Dall'Agnol	Placement de produits dans des œuvres cinématographiques, films et séries destinés à la télévision ainsi que dans des émissions sportives
1488	M. Ben Fayot	Autorisations grande surface
1495	M. Marc Spautz	Congé pour raisons familiales
1497	M. Lucien Clement	Service médical de remplacement dans l'Est du Grand-Duché
1498	M. Gast Gibéryen	Pornographie infantile sur Internet
1499	M. Marcel Oberweis	Création de la société de fret ferroviaire Sidéros
1501	M. Aly Jaerling	Disponibilité des nouveaux horaires de la CFL
1504	M. Félix Braz	Politique d'accueil et d'intégration des étrangers
1507	M. Ben Fayot	Initiative politique en matière de services publics au plan européen
1509	Mme Martine Stein-Mergen et M. Marcel Oberweis	Infections par le virus de l'hépatite
1510	M. Emile Calmes	Subvention de l'installation de filtres à particules sur les poids lourds et autobus plus anciens
1512	M. Laurent Mosar	Conférence de Paris pour une gouvernance écologique mondiale
1514	M. Fred Sunnen	Titres de transport pour personnes âgées
1517	M. Patrick Santer	Infections nosocomiales
1518	M. Jean Huss	Exposition des salariés à des substances chimiques cancérigènes, mutagènes ou reprotoxiques (CMR)
1519	M. Robert Mehlen	Intimidation d'un fonctionnaire
1520	M. Camille Gira	Signalisation des chasses en battue
1523	M. Carlo Wagner	Gestion de la réserve de compensation par le «Fonds de compensation» commun au régime général de pension
1525	Mme Christine Doerner	Situation des conjoints aidants
1528	M. Camille Gira	Règlement grand-ducal relatif aux commissions des loyers
1533	M. Roger Negri	Reclassement des salariés de l'entreprise Textilcord S.A.
1541	M. Jean-Pierre Koepf	Couverture de la garde pharmaceutique dans le Nord du pays
1546	M. Paul Helminger	Cahier spécial des charges «Identifiant unique - Analyse fonctionnelle détaillée et conception»
1563	M. Félix Braz	Vignette fiscale

**Question 1220** (4.8.2006) de **MM. Gast Gibéryen et Robert Mehlen** (ADR) concernant les transactions entre domaine de l'État et domaine de la Cour grand-ducale - Grūnewald:

La nouvelle que la Cour grand-ducale entend vendre quelque 850 hectares de sa propriété du Grūnewald vient de déclencher pas mal de discussions dans la population luxembourgeoise, y inclus toutes sortes de rumeurs et spéculations, puisant partiellement dans des rumeurs du passé.

Parmi ces rumeurs celle que la partie du Grūnewald en question aurait été offerte en cadeau par l'État grand-ducal à la Maison souveraine.

Étant d'avis qu'il serait dans l'intérêt public qu'une fois pour toutes la lumière soit faite dans l'histoire des transactions entre domaine de l'État et domaine de la Cour grand-

ducale, nous vous demandons de bien vouloir nous fournir les explications suffisamment détaillées pour permettre une discussion basée sur des informations claires et précises.

**Réponse** (16.2.2007) de **M. Jean-Claude Juncker**, Premier Ministre, Ministre d'État:

En réponse à la question parlementaire des honorables Députés, je voudrais tout d'abord souligner que le Gouvernement est pleinement conscient de l'importance que le peuple luxembourgeois attache à la forêt du Grūnewald. Cette attache remonte loin dans l'histoire du Grand-Duché de Luxembourg et trouve ses racines dans les événements mouvementés qui ont secoué le pays dans les années 1840, qui ont constitué une décennie particulièrement difficile à plus d'un titre.

À cette époque l'industrie, l'agriculture et le négoce sont désespérément sous-développés à cause notamment du manque cruel d'infrastructures routières. La population est victime d'une famine affreuse

par suite de mauvaises récoltes successives.

Pour sortir le pays de son isolement et pour préparer le terrain au décollage économique le Gouvernement élabore en 1845 un ambitieux programme d'investissements. Hélas, en présence des maigres ressources à la disposition du Trésor, le Gouvernement doit se rendre à l'évidence que la réalisation du programme prendra 15 à 20 ans au minimum. C'est devant cette nécessité de disposer rapidement de moyens budgétaires suffisants que naît en 1846 pour la première fois l'idée de vendre les 669 ha restants du Grūnewald, le dernier reliquat des domaines de l'État.

Le Baron Ziegesar acquiert finalement le lot des 669 ha pour le compte du Roi Grand-Duc Guillaume II. Le produit de la vente - 530.000 florins - permet de poser les tout premiers fondements de l'essor économique. L'aliénation du Grūnewald et l'affectation de la recette qu'elle a générée à l'organisation de travaux publics a permis à une très large partie de la popu-

lation de se procurer un gain pendant cette période particulièrement difficile. En fait, l'argent a servi au financement des grands chantiers routiers pendant quatre à cinq années successives.

Par un certain nombre d'autres transactions, l'Administration des Biens du Grand-Duc a ensuite agrandi les possessions de la Couronne au Grūnewald. Il faut notamment mettre en évidence, au vu de son importance, l'acquisition en 1891 par le Grand-Duc Adolphe de 2.443,2810 ha, y compris le Grūnewald, appartenant aux domaines privés de Feu Sa Majesté le Roi Grand-Duc Guillaume III au prix de 2.788.798 francs. S'y ajoutent les acquisitions suivantes en provenance de propriétés privées:

- Un lot de 270,9220 ha et un lot de 11,2030 ha pour un montant total de 275.000 francs le 7 septembre 1908.
- Un lot de 284,66 ha, un lot de 7,1750 ha et un lot de 2,2470 ha pour un montant total de 1.700.000 francs le 23 avril 1921.
- Un lot de 8,5 ha pour un montant de 25.000 francs le 25 février 1926.
- Un lot de 45,8310 ha pour 205.000 francs le 10 juillet 1926.

Parallèlement, certaines ventes se sont effectuées au profit de l'État entre 1900 et 1924:

134.961.760 m <sup>3</sup> de bois à 143 LUF par m <sup>3</sup>	19.299.531,70 francs
6.815.502 m <sup>3</sup> de pins sylvestres à 50 LUF par m <sup>3</sup>	340.775,10 francs
776,1206 ha de terrain à 5.000 LUF par ha	3.880.603,00 francs
143,9300 ha de perchis (sans le terrain) à 10.000 LUF par ha	1.439.300,00 francs
Valeur totale:	24.960.209,80 francs

L'État acquiert cet ensemble pour le prix global de 20 millions de francs, de sorte qu'il restait au fidéicommissaire de la Couronne une surface arrondie de 1.000 ha au Grūnewald.

L'acquisition du Château de Berg englobe:

- le Château et une partie des alentours d'une superficie de 8 ha avec grandes remises, écuries, serres chaudes;
- les dépendances, à savoir deux garages, buanderie avec salle à repasser, orangerie (serres froides), central électrique à moteurs Diesel);
- 14 maisons d'habitation du personnel;
- une partie des meubles meublants du Château de Berg (environ un tiers).

- En 1900 une vente de 1,2598 ha pour un montant de 2.206 francs.

- En 1909 une cession de 0,5982 ha.

- En 1922 une vente de 0,3 ha pour 75 francs.

- En 1924 une vente de 17,16 ha pour un montant de 110.000 francs.

C'est en 1934 qu'on assiste au transfert le plus important à ce jour du patrimoine du Grand-Duc vers celui de l'État. En effet, l'Administration des Biens de la Couronne se fait autoriser à vendre un certain nombre d'éléments du patrimoine de la Maison grand-ducale. Il en est ainsi d'une partie de la forêt du Grūnewald et du Château de Berg. C'est la loi du 14 avril 1934 qui autorise le Gouvernement à s'en porter acquéreur pour la somme globale de 40 millions de francs.

La partie cédée de la forêt dite Grūnewald concerne les triages forestiers de «Kiem» et de «Waldhof» pour une superficie totale de 776 ha et comprend encore trois corps de maison appelés «Waldhof», «Brennerei» et «Waldbarrière». L'expertise dressée au sujet de la valeur de la forêt par le Directeur des Eaux et Forêts s'élève sur l'ensemble, c'est-à-dire pour la partie cédée de la forêt et les bâtiments y relatifs, à un montant de 24.960.209,80 francs qui se décompose comme suit:

L'État acquiert ces objets pour un chiffre global de 20 millions, alors que l'évaluation dressée par les experts atteint 22 millions de francs rien que pour la partie immobilière.

Le produit de la vente a servi à subvenir aux frais de fonctionnement de la Maison grand-ducale et ne concernait en aucune manière un membre de la Famille grand-ducale. Ainsi, les rumeurs qui associent Son Altesse Royale le Prince Félix à la vente du Grūnewald sont fausses.

Après 1934, et notamment au cours de la deuxième moitié du 20<sup>e</sup> siècle, les transactions de nature immobilière réalisées par l'Administration des Biens au profit de l'État se multiplient. La liste en est fournie ci-après:

Date	Lieu	Objet	Valeur
01.07.1937	Findel	34,55 ares	13.129 francs
02.06.1949	Fischbach	maison pour Gendarmerie	40.000 francs
25.07.1950	Findel	maison	175.000 francs
07.11.1960	Schieren	labour pour construction de rue	26.700 francs
10 au 25.01.1967	Niederanven	parcelles de bois pour route d'Echternach	360.844 francs
30.10.1968	Berg	bois et terrains agricoles 37 ha 70 ares 20 ca (en partie piste Good Year)	10.125.500 francs
07.07.1970	Schieren	terrains pour redressement de la route	63.655 francs
10.07.1970	Luxembourg	maison rue du St-Esprit	8.000.000 francs



Date	Lieu	Objet	Valeur
20.08.1972	Berg	place	1.000 francs
04.01.1974	Berg	terrain pour redressement route	55.360 francs
07.11.1974	Berg	terrain pour construction d'un canal collecteur	3.500 francs
07.03.1975	Berg	terrain pour redressement de la rue à Roost	156.400 francs
19.11.1976	Mersch	bois 20,20 ares	60.600 francs
26.05.1977	Vianden	château + 251,40 ares	22.000.000 francs
10.11.1977	Fischbach	maison pour Gendarmerie	1.350.000 francs
11.12.1978	Mersch	«Pettenerbesch» 6.780,65 ares	16.750.000 francs
21.12.1978	Luxembourg	route d'Arlon «Marstall»	115.000.000 francs
15.09.1981	Berg	maison «incorporation dans Domaine du Château»	950.000 francs
07.02.1992	Luxembourg	rue du Rost - maison, arrondissement du Palais grand-ducal	35.000.000 francs
21.09.1994	Colmar-Berg	terrains pour Autoroute du Nord et Centre de Formation pour Conducteurs (2.879,79 ares)	20.158.830 francs
29.01.2002	Berg	parc à Colmar-Berg: dans l'intérêt de l'arrondissement de la propriété de l'État au Château de Berg	1.000.000 EUR
16.01.2003	Steinsel	forêt pour Autoroute du Nord au Grünwald, 6 ha 96 ares 70 ca)	138.949,68 EUR
10.12.2003	Niederanven	forêt du Grünwald (168 ha 88 ares 70 ca)	3.126.322,47 EUR
13.05.2005	Berg	arrondissement de la forêt domaniale 26 ha 02 ares 90 ca	450.477,79 EUR

Après les transactions précitées la propriété privée (fidéicommiss) de la Couronne au Grünwald s'élève à 850 ha.

#### Question 1402 (15.11.2006) de M. Félix Braz (DÉI GRÉNG) concernant la naturalisation et double nationalité:

En réponse à ma question parlementaire N°1310 (cf. *compte rendu N°2/2004-2005*) sur les modalités en vigueur dans les États membres de l'Union européenne, au Cap-Vert et dans les pays issus de l'ex-Yougoslavie quant à la naturalisation et la double nationalité, vous m'indiquez un certain nombre de références bibliographiques. Or, la première source que vous me proposez, un lien sur le site du Conseil de l'Europe ([www.coe.int/t/f/affaires](http://www.coe.int/t/f/affaires)) aboutit sur une page périmée. De plus, la page qui est censée renseigner sur la législation des États membres du Conseil de l'Europe en matière de naturalisation donne des informations surannées pour le Luxembourg puisqu'il y est question des préparatifs pour changer la législation datant de 1986.

Je me permets dès lors de réitérer mes questions, à savoir:

Quelles dispositions sont en vigueur dans les États membres de l'Union européenne, au Cap-Vert et dans les pays issus de l'ex-Yougoslavie quant à

- la durée de séjour pour acquérir la nationalité?
- l'acceptation de la double nationalité?
- la durée de séjour pour acquérir la double nationalité?

- la durée de séjour requise pour acquérir la nationalité par le mariage d'un national?

- la durée de séjour requise pour acquérir la nationalité après la reconnaissance du statut de réfugié?

#### Réponse (16.2.2007) de M. Luc Frieden, Ministre de la Justice:

Il est impossible pour le Gouvernement, tant pour des raisons pratiques que juridiques, dans le cadre d'une question parlementaire de renseigner sur la législation d'une trentaine de pays. Outre le fait qu'une telle documentation comporterait une dizaine de pages, le Gouvernement estime difficile de communiquer de façon précise et correcte sur la législation souvent complexe et nuancée d'autres pays. Le Gouvernement remettra à la Commission juridique une documentation qui l'aidera à se retrouver dans les législations étrangères.

Vu la complexité de la matière, et surtout les nombreuses situations particulières qui se trouvent dans beaucoup de législations étrangères en matière de naturalisation, il est fortement recommandé aux ressortissants étrangers résidant au Luxembourg de s'adresser à leurs ambassades respectives pour des questions précises relatives à leur législation nationale en matière de double nationalité.

#### Question 1421 (22.11.2006) de MM. Félix Braz et Jean Huss (DÉI GRÉNG) concernant l'incendie dans un dépôt de carcasses de voitures situé à Aubange (Belgique):

Le 27 octobre 2006 a eu lieu un incendie dans un dépôt de carcasses de voitures situé à Aubange en Belgique. L'incendie a provoqué d'épaisses fumées dégageant une odeur pénétrante, qui a pu être sentie jusqu'aux environs de Luxembourg-ville. D'après des informations parues dans la presse, les autorités belges nationales et locales ont déclaré que les fumées étaient sans risque pour la santé de la population. S'agissant de quelques milliers d'épaves de voitures touchées par les flammes, il est cependant probable que des substances toxiques aient pu se former.

